



Chambre des Députés L U X E M B O U R G

COMpte Rendu Des Séances Publiques N°13
Session Ordinaire 2007-2008

38^e séance, mercredi 30 avril 2008
39^e séance, jeudi 22 mai 2008
40^e séance, mardi 27 mai 2008

➤ Sozial Kohesioun vun essenzieller Zukunftsbedeutung

Auszich aus dem Premier senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun

Allgemeng gëllt: Mir hu wéineg Ur-
saach fir ze kloen a kee Grond zur
kollektiver Larmoyanz. Wa mir eis
bekloen, da bekloe mir eis am Re-
gelfall op héijem Niveau. Jiddferree
vun eis hätt gare méi, absolut méi,
komparativ méi, mä jiddferfalls méi.
Kee vun eis huet genuch a bal jidd-
ferree seet, en hätt gare méi. Mir
mussen oppassen, dass mir net lues
a lues zu enger ëmmer méi onze-
friddener Ech-Gesellschaft verkom-
men. Et géif eis alleguer guttdinn,
eis méi dacks ze froen, wie mir
wëlle sinn, anstatt eis permanent
domat ofzeginn, wat a wéi vill mer
gare méi hätten.

Et kann een och vill sinn, wann ee
manner huet. Déi, déi manner
hunn, sinn duerfir net manner wéi
mir. An doduerch, dass mir méi
hunn, si mir net méi wéi si. Dat ass
wouer heiheim, dat ass och wouer
queesch duerch d'Welt.

D'Wirtschaft ass kee Selbstzweck,
mä si ass zweckorientéiert. Si muss
hëllefen, déi kollektiv Besoinen ze
kofinanzieren. Duerfir si mir géint
deen internationale fiskalen Dump-
ping bei der Betriebsbesteuerung,
deen am Endeffekt zu soss näischt
féiert, wéi dass d'Wirtschaft sech
lues a lues aus der Steuerlichfraus-
schlächicht an dass déi ganz Steuer-
laascht op de Facteur Aarbecht ze
leie kënn. Dat wier net gutt, esou
ee Wiessel, fir den Equiliber an eiser
Gesellschaft.

Mä wat muss, dat muss: D'Steier-
landschaft muss fir eis Betriber, déi
hei sinn, a fir déi Betriber, vun
deene mer gären hätten, dass se gé-
ifen heihinner kommen, kompetitiv,
wettbewerbsfäeg bleiwen.

Mä esou wéi mer dat scho fir d'Joer
2008 gemaach hunn, menge mer, et
wier och gutt am Joer 2009
d'Leeschungsbereitschaft vun de-
nen, déi schaffen, duerch eng wei-
der Inflationsuppassung vum Steuer-
tarif unzeerkennen.

D'Inflationsberengung wäert
och am Joer 2009 6% bedroen. Dat
heescht, wann déi Steueruppassung
bis gemaach ass, bezilt jiddferree
nëmmen esou vill Steieren, wéi
wann e 6% manner verdénge géif.
Dat mécht een Nettogewënn fir
jiddferree, dee Steiere bezilt. Et
ginn och eenzel Steuerabatemente
gehéicht, jiddefalls emol deen, deen
d'Ofsetzbarkeit vun den Assu-
rancékäschte betrëfft.

Här President, Dir Dammen an Dir
Hären, offensiven Émgang mat der
Globaliséierung, kompetitiv Steuer-
landschaft, séier Stroossen, schéi
Brécken, optimal Eisebunnsverbin-
dungen, dat alles ass net vill wäert,
wa mir eis Gesellschaft net beienee
behalten.

De gesellschaftlechen Zesammen-
halt, déi sozial Kohesioun si vun es-
senzieller Zukunftsbedeutung. Wa
mer se verléieren, da verléiere mer
eis mat. Wa mer se behalen, an do,
wou se bréche ginn ass, flécken an
op nei Bunne schéissen, da kënen
mer méi roueg ootmen.



Kohesioun ass méi wéi nëmme
Koexistenz. Et geet net drëm, ein-
fach a reiwungslos niefteneen ze
liewen, jiddferree esou, dass en deen
aneren net stéiert. Et geet drëm,
gutt zesammenzeliwen. Et geet drëm,
openeen zouzogen, an zwar esou
laang, bis ee mateneen deen zen-
trale Punkt erreicht huet, wou
d'Differenzen esou kleng sinn, dass
een et zesammen an der Métt gutt
aushält.

Eréischt wann d'Gesellschaft dee
Punkt fonnt huet, wou hir Diffe-
renze matenee kompatibel ginn,
wou si sech ausgläicht, eréischt da
kënn d'Gesellschaft an d'Géigend
vun der kollektiver Maturitéit. Esou
verstan heescht Gesellschaftspolitik
net Politik mat der Gesellschaft
maachen; Gesellschaftspolitik
heescht, Politik fir d'Gesellschaft
ze maachen. A genau esou eng Politik
wëlle mir och maachen.

D'sozial Kohesioun, déi verdréit
keng ze grouss Akommesenner-
scheeder an der Gesellschaft. D'so-
zial Kohesioun verdréit keen héije
Prozentsaz vu Leit, déi an Aarmut
liewen oder déi musse fäerten an
Aarmut ze geroden.

Den Aarmutsrisiko ass fir Famillje
mat Kanner méi grouss, wéi fir Fa-
milljen ouni Kanner, en ass méi aus-
geprägt fir Elengerzéier wéi fir Kop-
pele mat Kanner. Duerfir solle mer
den Aarmutsrisiko évitieren do,
wou e sech stellt, d'Aarmut
bekämpfen do, wou se ass, a virun
allem eis mat der Kannerarmut
auserneesetzen.

Aarmut ass keng Fatalitéit. Et kann
een eppes géint se maachen. A mir
wëllen eppes géint se maachen.

Sozial Kohesioun, dat reimt sech
mat Integratioun. Ee Land, dat esou
een héijen Ausländerndeel huet
wéi Lëtzebuerg, kënn net der-
laanscht, d'Integratioun vun den
Netlëtzebuerg, dat heescht dat ge-
wollte Matenee vu Lëtzebuerg an
Netlëtzebuerg, geziilt unzestrie-
wen. Duerfir ass et vun eminenter
Bedeutung, d'Gesetzesprojeten iw-

wer Immigratioun an Integratioun
séier an de Memorial ze kréien.(...)

Ech hu mech, Här President, an der
Vergaangenheet an zënter Joren em-
mer nees fir déi duebel Nationalitéit
agesat. Och wann elo sech ëmmer
méi Stëmme Gehéier verschafen,
déi géint de Prinzip vun der duebel
Nationalitéit sinn, géint de Prin-
zip vum duebele Pass optrieden,
bleiwen ech bei menger Meenung a
bleift d'Regierung bei hirer Meen-
ung, dass déi duebel Nationalitéit
eng Integratiounsschubwierkung an
ee Méi un Integratioun a sozialer
Kohesioun bedeit. Dat Gesetz muss
kommen. Et muss den 1. Januar vum
nächste Joer kënnen a Kraaft tri-
eden.

Ech wëll de Géigner vun der duebel
Nationalitéit - an Dir wäert ge-
sinn, dass déi sech an den nächste
Méint nach massiv wäerten äusse-
ren - soen, dass déi duebel Nationa-
litéit keng Optioun géint Lëtzebuerg
ass, mä eng Optioun fir Lëtzebuerg.

Duerch d'duebel Nationalitéit
kréien d'Ausländer, wa si aus Län-
ner kommen, déi och d'duebel Na-
tionalitéit kennen, net méi Rechter
wéi d'Lëtzebuerg, mä si kréien
hire Wëllen, fir mat eis gläichbe-
rechtet zesammenzeliwen, doku-
mentéiert.

Mir ginn eis Nationalitéit net op, mä
mir maache se op. A fir se kënnen
opzemaachen, ass et absolut nout-
wendig, dass déi Leit, fir déi se op-
geet, sech a lëtzebuergesche Sa-
chen auskennen an an der lëtze-
buergescher Sprooch kënnen aus-
drécken.

An anere Wieder an nach ëmmer
ouni Zuelen: D'Weltwirtschaft
wiisst méi lues, d'amerikanesch
Wirtschaft leeft Gefor rezessiv ze
ginn, d'Eurowirtschaft wiisst ënnert
hirem Wuesstumspotenzial, d'Lët-
zebuerg Wirtschaft leet manner
zou wéi an deene leschte Joren.
D'Konklusioun aus all deem: Am
Joer 2009 geet et de Statsfinanzen,
virun allem dem Budget vum Zen-
tralstat, eiser Ekonomie an eis sel-
wer manner gutt, wéi an de Joren
2006, 2007 an héchstwahrschein-
lech och nach 2008.

Deem ass bei der Opstellung vum
Budget fir d'Joer 2009 Rechnung ze
droen. (...)

Déi bishereg Exekutioun vum Bud-
get fir d'Joer 2008, déi Der am De-
tail kënn noliesen an enger Note,
déi um Büro vum President vun Ärer
Chamber scho läit, iwwert d'Exeku-
tioun vum Budget 2008, ergëtt bis
elo folgend Bild: Par rapport zum
Joer 2007 klëmmt d'Lounsteuer
staark - dat ass virun allem op déi
expansiv Entwécklung op eise
Aarbechtsmaart zréckzeféieren -,
d'Accisé stagnéieren, d'Quellesteier
entwéckelt sech normal, d'Taxe
d'abonnement fällt par rapport zum
selwachten Zäitraum vum leschte
Joer em 10,5%, d'Kierperschafts-
steuer fällt staark. Ergo ass Virsicht
ugesot, ergo muss de Budget fir
d'Joer 2009 strikt opgestallt ginn an
de Budget vum Joer 2008 streng
ausgefouert ginn, ergo wäert am
Budget vum Joer 2009 keng Plaz fir
all méiglech Wahlgewenker sinn.
Déi selektiv steuerlech, akommes-
a familljepolitesch Moosnamen - déi
jo och allerguer eppes wäerte
kaschten, an net wéineg - loos-
sen dat net zou.

An anere Wieder: Déi, déi nach
manner Steieren an nach méi Dé-
pensé froen, droen der Realitéit
vum nächste Joer keng Rechnung.
D'Regierung muss där Realitéit
awer Rechnung droen.

Dir gesitt also, Här President, dass
dës Regierung an dass mir nach
villes virhunn. Ech liesen heiansdo
an héieren dacks, der Regierung géif
lues a lues d'Puste ausgoen, si géif
an Otemnout geroden, si wësst ei-
gentlech net méi richteg, woufir se
nach do wier.

Déi programmatesch Erklärung vun
haut an den Hiwäis op eis legislativ
Prioritéit vun deenen nächste
Méint hunn lech gewisen: Dës Re-
gierung geet net d'Puste aus, des Re-
gierung ass am Géigendeel voll ge-
lueden.

D'Regierung geet dat lescht Joer
vun der Legislaturperiod mat vollem
Asaz un. Kee soll sech Hoffnunge
maachen, dass d'Wahle virgezu
ginn.

Nodeems mer dës Joer d'Steiermo-
deratioun fir d'Kanner an e Kanner-
bonus emgewandelt hunn, transfor-
méiere mer d'nächst Joer den Ar-
beitnehmerfreibetrag, de Rentner-
freibetrag, den Abatement monopa-
rental an den Abatement fir
Scholdzënsen an en Nettosteierkre-
dit, ersetze mer den Heizkostenzu-
schuss duerch eng Deierechtzoulag
an duebeler Héicht, erhéije mer
d'Mindestléin, d'Renten an d'Pen-
sionnen, féiere mer „Chèques ser-
vices“ an, berengege mer de Steuer-
tarif an hiewen eenzel steuerlech
Abattementer.

Fir d'éischt gëtt dat gemaach. An
dann eréischt maache mer Wahl-
kamp.

**(D'Deklaratioun kënn Dir integral
op de Säite 499 bis 504 noliesen.
Den Optakt vun den Debatte fann
Dir ab Säit 506.)**

D'Reaktiounen vun de Fraktiounen

Dës Ried war beschreiwend a
perspektivesch zugläich. Aus der
Realitéit vun haut huet de Regie-
rungschef d'Aktiounen vu muer of-
geleet. D'politesch Aktiounen,
mat deenen dee gesellschaftle-
chen Zesammenhang verstärkt,
déi wirtschaftlech Leeschtungs-
fäegkeet vu Lëtzebuerg ofge-
séchert, déi sozial Dynamik ver-
deift soll ginn.

**Michel Wolter,
CSV-Fraktionschef**

Ënnert dem Stréch muss ee soen,
datt duerch déi Mesuren, déi pro-
poséiert gi sinn, d'Situatioun vun
der Mëttschicht - also vun de-
nen, déi méi e groussen Aarmut-
risiko awer déi lescht Zäit erfue-
ren - eigentlech net däitlech ver-
bessert ginn ass. An et ass jo grad
d'Mëttschicht, déi de Motor vun
eiser Gesellschaft ass. Et sinn déi
Leit, déi Verantwortung droen. Et
sinn déi Leit, déi all Dag schaffe
ginn. Et sinn déi Leit, déi fir sech
suerger, déi fir hir Kanner suer-
gen, fir hir Famillj suerger, déi
zum Deel och zum Financement
vum Allgemengwiese bäidroen.

**Claude Meisch,
DP-Deputierten a -President**

Dës CSV/LSAP-Regierung ass eng
Regierung vun de Reformen. Si
huet sech virgeholl, a wichtege
Aspekter vun onsem Land Neies
ze schafen (...). Et geet drëm ze
rassurieren, de Mënschen ze
soen, dass de Stat hir Suerge ver-
steet an dass e wëllt eppes ma-
chen, fir dass se iwwert d'Ronne
kommen. D'LSAP ass bereet mat
aller Kraaft dozou bäizedroen, all
déi Mesuren a Gesetzter esou
schnell wéi méiglech ze be-
schléissen an emzesetzen.

**Ben Fayot,
LSAP-Fraktionschef**

De wirtschaftlechen a gesell-
schaftleche Strukturwandel, dee
virun der Dier steet, dee spieren
d'Mënschen an deem Land och.
Si hunn en och längst erkannt. Si
hunn eng Rei Suerger an si er-
waarde sech duerfir méi wéi jee,
datt d'Politik an de kommende
Jore fäeg ass, positiv Äntwerten ze
ginn, fir dese Strukturwandel ze
packen. Déi Gréng soen: „Jo, en
ass ze packen“, ënnert der Kondi-
tioun, datt mer de Kapp net an de
Sand stiechen an de Leit kloer
soen, wou d'Chancen, d'Risiken
an deem Strukturwandel leien, a
wéi mer virun allem d'Chancé
kënnen notzen.

**François Bausch,
Fraktionschef Déi Gréng**

Dës Regierung geet an d'Ge-
sellschaft an als déi, déi de gréisste
Sozialofbau zënterhier hei zu Lët-
zebuerg realiséiert huet. Si geet
an d'Geschicht an als déi Regie-
rung, déi um Enn vun hirer Period
déi meeschte Leit hei am Land
zielt, déi net méi zefridde sinn.
Mir haten nach ni hei am Land
esou vill Leit, déi net méi zefridde
sinn, déi Angscht virun der Zu-
kunft hunn, déi un der Aarmut-
grenz leien, wéi um Enn vun der
dës CSV/LSAP-Regierung.

Gast Gibéryen, ADR

➤ Plenarsitzung des IPR in Luxemburg

IPR unterstützt die Forderung nach Koordination des öffentlichen Transportes

In einer kurzfristig eingereichten Empfehlung des Ausschusses „Transport und Kommunikation“ hat sich der Interregionale Parlamentarier-Rat in seiner Plenarsitzung am 6. Juni in der Abgeordnetenkammer Luxemburgs den Vorschlägen des Wirtschafts- und Sozialrates der Großregion zur Verkehrsentwicklung angeschlossen. Der IPR unterstützt damit die bei der zweiten Verkehrskonferenz am 19. Mai vorgestellten Projekte eines gemeinsamen Fahrplan- und Preisinformationssystems und die Durchführung einer Machbarkeitsstudie eines Verkehrsverbundes.

Die Delegation des Conseil Régional de Lorraine hat sich bei der Abstimmung zu dieser Empfehlung enthalten. Bei über 20 allein in Lothringen an der Organisation des öffentlichen Transportes beteiligten Gremien müsse erst eine interne Koordination stattfinden, so das IPR-Mitglied Michael Weber (Conseil Régional de Lorraine).

Auch die vom Ausschuss „Schulwesen, Ausbildung, Forschung und Kultur“ eingereichte Empfeh-



Innenminister Jean-Marie Halsdorf stellte die wichtigsten Themen der Präsidentschaft der Großregion vor. Den Vorsitz der Plenarsitzung hatte der Abgeordnete Marcel Oberweis, umgeben von Generalsekretär Claude Frieseisen und Sekretärin Rita Brors.

lung zur Schaffung eines Kulturfonds der Großregion stieß auf Kritik seitens der lothringischen Delegation. Die Vizepräsidentin des Conseil Régional de Lorraine, Dominique Ronga, erklärte, sie wolle nicht etwas fordern, was im Ge-

gensatz zu dem stehe, was gerade durch die Exekutive eingerichtet wurde. Die kulturelle Zusammenarbeit soll, laut Beschluss der Regierungen, von einer Gesellschaft ohne Gewinnzweck koordiniert werden. Die Finanzierung soll

über ein am 14. März 2008 eingereichtes INTERREG-Projekt abgesichert werden.

Der Landtagsabgeordnete und Präsident des Ausschusses „Schulwesen, Ausbildung, Forschung und Kultur“ Dieter Burgard (Rheinland-Pfalz) unterstrich jedoch, dass sich der Gipfel der Großregion bisher nicht auf die Einrichtung eines gemeinsamen Kulturfonds einigen konnte und regte an, diese Forderung zu unterstützen. Diese Empfehlung wurde mehrheitlich, mit der Enthaltung der Delegierten des Conseil Régional de Lorraine und der Enthaltung des luxemburgischen Abgeordneten Xavier Bettel, angenommen.

Einstimmig sprach sich der IPR zur Weiterentwicklung der Bilingualität Deutsch-Französisch in der Großregion und zur Einrichtung grenzüberschreitender Schulen nach dem Modell des Deutsch-Luxemburgischen Schengen-Lyzeums aus. Ebenfalls einstimmig wurde eine Empfehlung angenommen, in der sich der IPR für eine zügige Unterzeichnung und das

Inkraftsetzen des Quatrolateralen Vertrags zwischen Frankreich, Belgien, Luxemburg und Deutschland zur polizeilichen Zusammenarbeit ausspricht.

Neben der Diskussion und Abstimmung über die Empfehlungen, die den jeweiligen Regierungen der Großregion zugestellt werden, standen vor allem die Reden des luxemburgischen Innenministers Jean-Marie Halsdorf und des Präsidenten des Wirtschafts- und Sozialrats der Großregion, Norbert Geisen, im Mittelpunkt. Eine kurze Analyse der Orientierungsdebatte über die Großregion, die am 19. März 2008 in der Abgeordnetenkammer stattgefunden hatte, wurde vom luxemburgischen Abgeordneten Marcel Oberweis vorgestellt, der als Vertreter des verhinderten Präsidenten Lucien Weiler die Plenarsitzung leitete.

Die auf der Plenarsitzung angenommenen Empfehlungen des IPR können auf der Internet-Seite www.cpi-ipr.com eingesehen werden.

➤ Jungbauern fördern



Eine Delegation der „Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.“...

Der Landwirtschaftsausschuss des Parlaments, unter dem Vorsitz von Marcel Oberweis, sucht und pflegt den Dialog mit den Interessenvertretern des ländlichen Raums.

Nachdem im März dieses Jahres die Abgeordnetenkammer das


neue Agrargesetz verabschieden konnte, traf sich der Ausschuss mit Vertretern der Jungbauern, um diverse Aspekte der Umsetzung des neuen gesetzlichen Rahmens zu erörtern. In der Tat legt das neue Agrargesetz einen wesentlichen

Akzent auf die Förderung der Jungbauern.

So fand im April ein Meinungsaustausch mit einer Delegation der „Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.“ statt. Im Mai folgte eine Unterredung mit der „Lëtzebuenger Bauerejugend“.

Diskussionspunkte bei beiden Treffen waren unter anderem die Einführung einer Mindestberufsausbildung für Landwirte, die Regelung der Erstinstallationsbeihilfe, die geforderte Erstellung eines „Businessplans“ bei Betriebsübernahme, Möglichkeiten administrativer Vereinfachung, alternative Produktionsmöglichkeiten (Bioenergie) und ein kürzlich erlassenes Reglement über Viehtransporte.

Die Agrarkommission unterstrich, dass die Unterstützung der Jungbauern im Interesse des Erhalts einer produktiven, modernen Landwirtschaft in Luxemburg sei. Einer Landwirtschaft, die nicht nur der reinen Nahrungsmittelproduktion dient, sondern einen vielfältigen Beitrag leistet - sowohl was den Erhalt und Unterhalt unserer Landschaften als auch die allgemeine Belebung des ländlichen Raumes betrifft.



...sowie der „Lëtzebuenger Bauerejugend“ wurde von Mitgliedern des parlamentarischen Landwirtschaftsausschusses zu Gesprächen empfangen.

➤ Hoher Besuch aus Coimbra

Am 29. Mai empfing Kammerpräsident Lucien Weiler den Präsidenten des Stadtparlaments von Coimbra, Carlos Encarnaçao. Dieser befand sich auf einer dreitägigen Visite in der Stadt Esch, Partnergemeinde von Coimbra in Portugal seit 2006.

In dem Gespräch ging es um eine mögliche Zusammenarbeit zwischen der renommierten Universität von Coimbra, eine der äl-

sten Universitäten Portugals, und der luxemburgischen Universität. Des Weiteren wurde über den neuen Verfassungsvertrag sowie über die Integration der portugiesischen Mitbürger in Luxemburg diskutiert.

Anschließend wohnte Carlos Encarnaçao der öffentlichen Sitzung bei, wo über den Lissabon-Vertrag diskutiert wurde.



Die Abgeordnete Lydia Mutsch, der Präsident des Stadtparlaments von Coimbra, Carlos Encarnaçao, und Parlamentspräsident Lucien Weiler.

► Besuch zu Bukarest



Eng lëtzebuergesch parlamentaresch Delegation op Aarbechtsvisite am rumänesche Senat.

Op Aluedung vun der Chancëgläichheetskommisssioun vum rumänesche Senat war eng Delegation vun der Familljen-, Jugend- a Chancëgläichheetskommisssioun vun der Chamber vum 6. bis den 8. Mee op Besuch zu Bukarest. Um Programm stungen Entrevuen an der Nationaler Agence fir de Schutz vun der Famill an an der Nationaler Agence fir d'Chancëgläichheet vu Fraen a Männer. Nieft der Virstellung vun den Agencen an hirer Aarbecht waren d'Zentralthemen d'Bekämpfung vun der haislecher Gewalt an d'Integratioun vun de Fraen um Aarbechtsmaart, Themen, déi och an der Aarbecht vun der Chamberskommisssioun hir fest Plaz hunn.

D'Delegation ass duerno am Palais vum Parlament vun der Mme

Cornelia Cazacu, Presidentin, an dem Här Nicolae Iorga, Vizepräsident vun der Chancëgläichheetskommisssioun, souwéi dräi Senatorinnen aus där Kommissioun empfaange ginn a krut d'Entwécklung vun den Aarbechten a Rumänien um Gebitt vun der Chancëgläichheet virgestallt.

Déi frëndschaflech Bezéiungen tëscht deenen zwee Länner si besonnesch zur Sprooch komm beim informellen Austausch mam Här Iorga, deen och Member vun der Frëndschaftsgrupp Rumänien-Lëtzebuerg ass. Doriwwer eraus huet d'Delegation sech iwwert d'Wierk vun der Lëtzebuergescher Schwëster Marie-Renée Colling vun der Chrëschtlecher Doktrin informéiert, e Wierk fir Stroossekaner zu Bukarest, dat elo vun der

Schwëster Marie-Anne Mathieu virugefouert gëtt. Bei dëser Geleeënheet huet d'Schwëster Merci gesot fir déi vill finanziell Hëllef vu Lëtzebuerg. Och een Treffe mam Honorarkonsul vum Groussherzogtum zu Bukarest, dem Här Mihai Ferariu, huet d'Wichtigkeet vun der Zesummenaarbecht vun deenen zwee Länner a ville Beräicher ennerstrach.

Als Ofschloss ass an der Stad Brasov eng Spezialschoul fir behënnert Kanner besicht ginn.

D'Delegation huet sech esou zesummegeat: Marie-Josée Frank (CSV), Presidentin, Claudia Dall'Agnol (LSAP), Vizepräsidentin, Xavier Bettel (DP), Vizepräsident, Jean-Paul Schaaf (CSV) an Aly Jaerling (Onofhängeg).

► Petitioun fir d'Lëtzebuergesche Sprooch



Nadine Geisler, Lucien Weiler an Aly Jaerling

D'Initiativ „Fir eis Sprooch“, representéiert duerch den Här Aly Jaerling, huet de 27. Mee dem President vum Lëtzebuergesche Parlament, Lucien Weiler, eng Petitioun iwwerrecht, fir d'Lëtzebuergesche Sprooch an d'Verfassung anzuschreiwelen.

Nieft der Opfuerderung un d'Parlament, d'Lëtzebuergesch als Sprooch vun de Lëtzebuerg an eiser Verfassung ze verankeren, gëtt och d'Regierung ugeregelt, Démarché bei den zoustännegen EU-Instanzen anzeleeden, fir datt d'Lëtzebuergesch als europäesch Sprooch unerkannt soll ginn.

► Zesummenaarbecht mat Zentralasien

D'Fréijerssessioun vun der Parlamentarescher Versammlung vun der NATO gouf organiséiert vum 23. bis de 27. Mee 2008 zu Berlin. D'Chamber war representéiert duerch den Här Marc Spautz, President vun der Delegation, begleet vum Här Marc Angel, vun der Madame Colette Flesch, béid effektiv Memberen, a vum Här Fred Sunnen, vun der Madame Lydia Mutsch a vum Här Claude Adam, bäigeeuend Memberen. Den Här Marcel Glesener huet sengersäits d'Parlamentarescher Versammlung vun der WEU (West-Europäesch Unioin) vertrueden, vun där hie Vizepräsident ass.

Den Här Angel huet a senger Qualitéit als Rapporteur vun der Sous-commission sur la gouvernance démocratique vun der Commission de la Dimension civile de la Sécurité e Bericht virgestallt iwwert «Démocratie et sécurité en Asie centrale: Quelles politiques pour l'OTAN et l'UE?». Dëse Rapport konzentréiert sech op d'Situatioun a Kasachstan, a Kirgisien, an Usbekistan, an Tadschikistan an an Turkmenistan. „D'NATO an d'Europäesch Unioin hu vill gemeinsam Interessien an Erausfuerderungen, wat hir Relatiounen mat de besote Länner aus Zentralasien ugeet“, huet hien erkläert. Eng coordonnéiert Approche kann dozou bäidroen, fir sech Virdeeler ze verschafen a fir den Afloss op dës Partner auszedeihen. „Béid hunn ee kloeren Interessi fir datt an Zentralasien stabil, räich an demokratesch Länner entstinn.“ Trotz dëse gemeinsamen Interessien hätten d'NATO an d'EU awer an der Ver-

gaangenheet zum Deel grondleeënd verschidden Approché verfollegt an hire Relatiounen mat deene fënnef Länner, wat de Risiko mat sech bréngt, datt déi zwou Organisatiounen géinteneen ausgespillt ginn.

Fir d'Promotioun vun der Demokratie a vun de Mënscherechter ass et virun allem wichteg, fir kloer an transparent Ziler ze hunn, fir net op Onverständnis a Mësstrauen ze stoussen, well westlech Aktiounen an der Regioun oft ugesi ginn als aggressiv Politik fir de Regime ze änneren. „EU an NATO missten évitieren, fir net négociabel Exigenzen ze stellen a missten éischer den Akzent leeën op eng graduéiert a flexibel Approche, déi och den Dialog mat den Autoritéiten an der Zivilgesellschaft sicht.“

D'Aarbechte vun der Parlamentarescher Versammlung vun der NATO hu sech enner anerem och nach konzentréiert op d'Situatioun am Kosovo, d'Energiesicherheit an d'Missioun an Afghanistan.

Zu dësem leschte Punkt huet de NATO-Generalsekretär, den Här Jaap de Hoop Scheffer, a senger Ried ennerstrach, datt d'Missioun an Afghanistan ee vun den Hauptpunkten op der NATO-Agenda bleift. „Mäin Appel un lech ass fir virunzufueren, net nëmme d'NATO-geféiert ISAF-Missioun ze ënnerstëtzen, mä och déi graduell Émgewichtung vun der Implikatioun vun der internationaler Gemeinschaft, an der Opinion publique dat ze erklären an Ënnerstëtzung duerfir ze kréien.“



Membere vun der lëtzebuergescher Delegation: Marc Angel, Marc Spautz, Colette Flesch (1. Rei), Lydia Mutsch, Claude Adam, Fred Sunnen (2. Rei)

► Interparlamentarisches Treffen zum Westbalkan

Die Frage der europäischen Perspektive für die Staaten des Westbalkans stand im Mittelpunkt eines Treffens europäischer und nationaler Abgeordneter aus den 27 Mitgliedstaaten der EU sowie der Nachfolgestaaten des früheren Jugoslawiens und Albanien. Eine europäische Perspektive für den Westbalkan wird als einzige Möglichkeit angesehen, in der Region für dauerhafte Stabilität und wirtschaftlichen Aufschwung zu sorgen.

Die Teilnehmer des Treffens wiesen auf die besondere Rolle des Westbalkans in der europäischen Geschichte hin und unterstrichen, dass die Stabilität in der Region auch für ganz Europa von Bedeutung sei. Die EU sieht daher die Förderung von Frieden, Stabilität, Wohlstand und Freiheit in Südosteuropa (d.h. Kroatien, Serbien, Montenegro, Bosnien-Herzegowina, Ehemalige jugoslawische

Republik Mazedonien (FYROM) und Albanien) als eine Priorität an.

„Südosteuropa hat seine Vergangenheit hinter sich gelassen und nähert sich unaufhörlich der europäischen Familie“, erklärte der Präsident des Europäischen Parlaments, Hans-Gert Pöttering, und betonte, dass die Zukunft dieser Region eindeutig innerhalb der EU liege. Diese Bewertung Pötterings erfreute sich eines breiten Konsenses unter den Teilnehmern. Sie wurde auch geteilt von Kommissionspräsident José Manuel Barroso, der in der Region des Westbalkans einen integralen Bestandteil Europas sieht. Aus diesem Grund hat die Kommission ihre Erweiterungsagenda konsolidiert und die Heranführungshilfen für die Beitrittskandidaten (derzeit: Kroatien, Türkei, Ehemalige jugoslawische Republik Mazedonien) erhöht. Neben den Hilfen für die Kandidatenstaaten fördert die



Félix Braz vertrat das Luxemburger Parlament beim interparlamentarischen Treffen zum Westbalkan

Kommission die längerfristige Annäherung der Staaten des Westbalkans an die EU durch die systematische Ausdehnung der Stabilisierungs- und Assoziierungsab-

kommen auf alle Staaten der Region, die mit denjenigen Ländern unterzeichnet werden, die bestimmte politische und wirtschaftliche Voraussetzungen erfüllen.

Trotz der politischen und wirtschaftlichen Fortschritte der letzten Jahre gibt es noch dringenden Handlungsbedarf in einigen Bereichen, wie dem Ausbau der regionalen Zusammenarbeit, dem Kampf gegen Korruption, der Zusammenarbeit mit dem Internationalen Strafgerichtshof für Kriegsverbrechen, dem Minderheitenschutz, dem Ausbau des Rechtsstaats, dem Kampf gegen organisierte Kriminalität und dem Ausbau des Verkehrsnetzes.

Viele Teilnehmer forderten von der Kommission die Liberalisierung des aktuellen Visasystems für die Länder des Westbalkans: Die junge Generation dürfe nicht isoliert werden und es müsse verhin-

dert werden, dass ihre Generation schlechtere Reisebedingungen vorfände, als die Generation ihrer Eltern, die unter dem Kommunismus aufwuchs.

Dissens herrschte in Bezug auf die Statusfrage des Kosovo. Der Präsident des kosovarischen Parlaments, Jakup Krasniqi, meinte, dass die kürzlich erfolgte Unabhängigkeitserklärung „dem Frieden und der Stabilität in der Region helfen würde“. Der serbische Parlamentspräsident, Oliver Dulić, hat seiner Hoffnung Ausdruck verliehen, dass „Serbien demnächst eine prowestliche Regierung“ bilden könne, warnte hingegen davor, die auf „illegitime Weise“ erlangte Unabhängigkeit des Kosovo anzuerkennen. „Kosovo ist kein neues Land“, erklärte er, und rief die EU auf, dieser Tatsache Rechnung zu tragen, bis eine „endgültige Lösung der Statusfrage“ gefunden worden sei.

Jugendgesetz

5685 - Projet de loi sur la jeunesse

Le projet de loi 5685 entend substituer à la loi du 27 février 1984 portant création de l'administration du Service National de la Jeunesse un cadre légal élargi et actualisé en phase avec le nouveau contexte dans lequel se situe la politique de la jeunesse et les besoins et attentes des jeunes concernés. Afin de tenir compte du caractère transversal et global de la politique de la jeunesse, le projet de loi sous rubrique prévoit la mise en place d'un comité interministériel et l'élaboration d'un rapport national quinquennal. Ce faisant, il tient compte des recommandations du Conseil de l'Europe qui avait invité le Luxembourg en 2002 à développer une approche plus globale pour mieux tenir compte du «nouveau visage des transitions et des attentes des jeunes».

En outre, le présent texte prévoit la création d'un Observatoire de la jeunesse qui sera appelé à fournir les éléments à la base du rapport national et à contribuer aux travaux européens.

Le projet de loi entend par ailleurs donner une base légale au dialogue structuré avec les jeunes. Le Conseil supérieur de la jeunesse devient ainsi un organe de dialogue

avec la société civile du secteur jeunesse. L'assemblée nationale des jeunes, instituée par le projet de loi sous rubrique, permettra aux jeunes de s'exprimer directement sur toutes les questions les concernant. Les commissions consultatives communales sont l'enceinte qui permet aux jeunes de s'impliquer davantage dans l'organisation de leur environnement local et les mécanismes démocratiques.

Les acteurs du secteur jeunesse sont précisés et les aides financières de l'État sont accordées en conséquence. L'importance du bénévolat et des organisations de jeunesse est valorisée par une reconnaissance formelle.

Finalement, le projet de loi sous rubrique révises les missions et les structures administratives du Service National de la Jeunesse (SNJ) afin de les adapter aux défis actuels.

La loi en projet se fonde essentiellement sur les conclusions des deuxièmes Lignes directrices pour la politique jeunesse élaborées en dialogue avec les jeunes et leurs organisations en 2004 ainsi que sur les résolutions adoptées par le Conseil des ministres de la jeunesse de l'Union européenne dans le cadre de la méthode ouverte de coordination.

Dépôt par Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 16.02.2007

Rapporteuse: Mme Marie-Josée Frank

Travaux de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse (Présidente: Mme Marie-Josée Frank):

27.03.2007 Présentation du projet de loi
 Désignation d'un rapporteur
 29.01.2008 Examen de l'avis du Conseil d'État
 19.03.2008 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
 23.04.2008 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 28.05.2008

Élections européennes

5803 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

La législation relative à l'élection directe des représentants luxembourgeois au Parlement européen prévoit que «le nombre des candidats figurant sur une liste ne peut pas dépasser le double du nombre des représentants luxembourgeois siégeant au Parlement européen».

Le Luxembourg disposant de six sièges au Parlement européen, le nombre des candidats par liste ne peut donc pas dépasser le nombre de douze.

Le nombre élevé de candidats permet aux partis politiques de composer leurs listes électorales en y inscrivant surtout des candidats attirant un maximum de voix.

Toutefois, les candidats élus n'ont souvent pas accepté le mandat qui leur était confié par l'électeur, mais ils ont préféré assumer d'autres fonctions politiques au niveau national ou européen.

Cette façon de procéder a créé un malaise grandissant auprès des électeurs qui, à juste titre, ont critiqué ce comportement des élus.

La proposition de loi a pour objet de modifier les textes de la loi électorale «de façon à ce que les effets pervers des dernières élections, consistant surtout dans le désistement des premiers élus, soient écartés».

Pour atteindre cet objectif, deux modifications sont apportées à la législation en vigueur:

- la réduction du nombre de candidats par liste de douze à six;
- l'attribution à l'électeur de deux suffrages préférentiels par candidat.

Une troisième modification écartant la double candidature en cas d'élections conjointes pour la Chambre des Députés et pour le Parlement européen n'a pas été retenue.

Toutefois, rien n'empêche les partis politiques de mettre cette proposition en application, même sans un texte législatif formel.

Dans sa prise de position, le Gouvernement donne son aval au système envisagé par la proposition de loi, compte tenu du fait que la solution proposée repose sur un accord politique entre les groupes politiques représentés à la Chambre des Députés.

Pour le Conseil d'État, la solution proposée, qui n'est pas parfaite, a toutefois le double avantage «d'avoir été jugée acceptable par les groupes parlementaires au sein de la Chambre des Députés et d'exercer une pression suffisante sur les partis politiques pour les obliger à inscrire sur leur liste de candidats un maximum de candidats dont il est sûr qu'ils accepteront le mandat qui leur sera confié en cas d'élection».

Le Conseil d'État souligne encore qu'il faut que «les candidats et les partis politiques acceptent de „jouer le jeu“».

Dépôt par M. Paul-Henri Meyers, Député, le 14.11.2007

Rapporteur: M. Paul-Henri Meyers

Travaux de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle (Président: M. Paul-Henri Meyers):

16.04.2008 Désignation d'un rapporteur
 Examen de la proposition de loi et de l'avis du Conseil d'État
 06.05.2008 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 28.05.2008

Traité de Lisbonne

5833 - Projet de loi portant approbation du Traité de Lisbonne modifiant le Traité sur l'Union européenne et le Traité instituant la Communauté européenne, des Protocoles, de l'Annexe et de l'Acte final de la Conférence intergouvernementale, signés à Lisbonne, le 13 décembre 2007

La Chambre des Députés vient de ratifier le Traité de Lisbonne, presque trois ans après avoir mis le point final sous la ratification du Traité constitutionnel le 25 octobre 2005. Le Grand-Duché de Luxembourg avait clairement confirmé à trois reprises - par un premier vote à la Chambre le 28 juin 2005, par un référendum de nature consultative le 10 juillet 2005 et enfin par un deuxième vote parlementaire le 25 octobre 2005 - son très large soutien à ce texte élaboré par la Convention sur l'avenir de l'Europe. La Chambre des Députés y avait participé activement, de même que le Gouvernement luxembourgeois. Elle s'était ensuite largement impliquée dans la campagne du référendum par des réunions publiques, des auditions et d'autres moyens de publicité pour expliquer la Constitution européenne.

Avec le Traité de Lisbonne, l'Union européenne espère en arriver enfin à une période empreinte de plus de sérénité, après la poussée de fièvre des référendums négatifs en France et aux Pays-Bas en 2005. La Chambre a décidé, par une résolution du 23 octobre 2007 votée à une très large majorité, de procéder à une ratification parlementaire du nouveau Traité. Cette décision est le fruit d'un certain nombre de considérations. D'abord, le référendum est au Luxembourg un instrument de démocratie directe utilisé dans des circonstances exceptionnelles. C'est parce que le Traité constitutionnel devait être un texte fondateur d'une Europe à 27 qu'il avait paru nécessaire de faire appel directement au peuple. Ce n'est plus le cas avec le Traité de Lisbonne qui modifie deux traités existants, modifications dont par ailleurs l'essentiel a été approuvé lors du référendum sur le Traité constitutionnel.

Le Traité de Lisbonne favorise la participation active des citoyens à la vie politique communautaire. En confirmant et en étendant le pouvoir du Parlement européen, le Traité de Lisbonne contribue de manière substantielle à l'approfondissement démocratique de l'Union. Le Traité de Lisbonne renforce encore le rôle des parlements nationaux et introduit pour la première fois un article spécifique consacré au rôle des parlements nationaux, lesquels «contribuent activement au bon fonctionnement de l'Union» (art. 12 TUE). Plusieurs dispositions, toutes déjà contenues dans le Traité constitutionnel, visent d'abord à mieux informer les parlements nationaux et ensuite à leur donner plus de poids dans les rouages institutionnels.

Un des principaux défis que devait relever le nouveau Traité était celui d'adapter les institutions de l'Union de manière à leur permettre de faire face à la nouvelle situation issue de l'élargissement. D'abord, le terme unique employé dans les deux traités est celui d'Union: nous parlerons désormais du Traité de l'Union européenne (TUE) et de celui sur le fonctionnement de l'Union euro-

péenne (TFUE). On relèvera ensuite que le Conseil européen devient une institution à part entière, à côté du Conseil, ce dernier étant composé des formations sectorielles (comme p.ex. le Conseil Écofin, le Conseil Transports, etc.) et que la Banque centrale européenne est inscrite dans l'article 13 TUE avec les six autres institutions. La montée en puissance du Conseil est soulignée par l'élection d'un président pour une période de deux ans et demi, renouvelable une fois. Quant à la Commission, elle sera réduite aux deux tiers du nombre d'États membres à partir du 1^{er} novembre 2014 «selon un système de rotation strictement égale» de sorte que notre pays y sera représenté dans deux commissions sur trois (art. 17 § 5 TUE). On retiendra encore que le Conseil européen nommera, à la majorité qualifiée, le Haut représentant pour les affaires étrangères et la politique de sécurité (art. 18 §1 TUE) qui est le mandataire du Conseil, préside le Conseil des affaires étrangères et est vice-président de la Commission.

Le Traité apporte une clarification indispensable pour permettre aux citoyens de bien cerner les responsabilités politiques au niveau européen. Les compétences de l'Union sont distribuées en trois catégories:

- les compétences exclusives de l'Union; cette catégorie englobe les domaines dans lesquels les États membres ont entièrement transféré leur compétence à l'échelon européen. L'exemple le plus emblématique est celui de la politique monétaire pour les pays membres de la zone euro.

- les compétences partagées avec les États membres: il s'agit là de compétences communes à l'Union et aux États membres pour lesquelles l'Union doit respecter les principes de subsidiarité et de proportionnalité si elle décide de légiférer.

- les actions d'appui ou complémentaires de l'action des États membres: il s'agit des domaines dans lesquels l'Union ne peut intervenir que pour appuyer, coordonner ou compléter l'action des États membres. Ceci exclut toute mesure d'harmonisation des législations au niveau européen.

Le Traité de Lisbonne réaffirme avec vigueur le principe de l'égalité entre les femmes et les hommes.

L'ambition du Conseil européen de mars 2007 qui s'est fixé l'objectif de diminuer de 20% les émissions de CO₂ d'ici à 2020 est reflétée dans une série de dispositions du Traité de Lisbonne, qui fait de la lutte contre le changement climatique une priorité de l'action de l'Union.

Le Traité de Lisbonne retient les avancées du Traité constitutionnel en matière sociale.

Malgré les avancées évidentes énumérées ci-dessus, certains aspects du Traité de Lisbonne constituent des sujets de regret ou de préoccupation. Ainsi, contrairement à la Constitution européenne, le Traité de Lisbonne n'intègre pas le texte de la Charte des droits fondamentaux, mais se réfère à cette dernière à l'article 6 TUE. La Charte qui a été l'œuvre de la première Convention de 1999 - 2000 ne se retrouve, après la proclamation solennelle par le Parlement européen, le Conseil et la Commission, que dans le Journal officiel de l'Union européenne.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 25.01.2008

Rapporteur: M. Ben Fayot

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration (Président: M. Ben Fayot):

11.02.2008 Désignation d'un rapporteur
 19.05.2008 Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
 21.05.2008 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 29.05.2008

Chamber TV
 live *an integral*

**Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président**

Sommaire

1. Communication
2. Question avec débat N°30 de M. Jacques-Yves Henckes - Création d'un Laboratoire National de Médecine Légale et de Police Scientifique
 - M. Jacques-Yves Henckes - M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale - M. Jacques-Yves Henckes - M. le Ministre Mars Di Bartolomeo
3. 5595 - Proposition de révision de l'article 10 de la Constitution
 - 5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1^{er} de la Constitution
 - *Rapports de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Paul-Henri Meyers*
 - *Discussion générale: Mme Colette Flesch (interrompue par M. Michel Wolter et Mme Anne Brasseur), M. Alex Bodry, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, M. Michel Wolter (à qui M. Norbert Hauptert pose une question), M. Xavier Bettel, Mme Colette Flesch, M. Félix Braz, M. Ben Fayot, M. Luc Frieden, Ministre de la Justice (interrompu par M. Aly Jaerling), M. Ben Fayot*
 - *Vote sur les propositions de révision de la Constitution (majorité qualifiée)*
4. 5731 - Projet de loi relatif à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement
 - 5735 - Projet de loi portant approbation du Protocole à la Convention sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, relatif à l'évaluation stratégique environnementale, fait à Kiev (Ukraine), le 21 mai 2003
 - *Rapports de la Commission de l'Environnement: M. Roger Negri*
 - *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Eugène Berger, M. Camille Gira, M. Robert Mehlen, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement*
 - *Vote sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*
5. 5826 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux de renouvellement des infrastructures d'élimination des déchets ménagers et assimilés du SIDOR
 - *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Roger Negri*
 - *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Eugène Berger, M. Camille Gira, M. Gast Gibéryen, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement*
 - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Mme Anne Brasseur*
6. 5822 - Projet de loi relative au financement du système de perception tarifaire électronique dans les transports publics
 - *Rapport de la Commission des Transports: M. Roger Negri*
 - *Discussion générale: M. Marc Spautz, M. Eugène Berger (interrompu par M. Ali Kaes et M. Robert Mehlen), M. Félix Braz, M. Robert Mehlen, M. Aly Jaerling, M. Lucien Lux, Ministre des Transports*
 - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

» M. le Président. - D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber iergendwelch wichteg Matdeelungen ze maachen?

» M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Neen, Här President.

1. Communication

» M. le Président. - Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

Du 14 au 18 avril 2008 s'est tenue à Strasbourg la 2^e partie de la session ordinaire de 2008 de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe. Y ont assisté les six membres de la délégation luxembourgeoise, à savoir la présidente Madame Lydie Err et les Membres effectifs MM. Marcel Glesener et Charles Goerens et les suppléants MM. Jean Huss, Norbert Hauptert et Mme Anne Brasseur.

Parmi une vingtaine de points à l'ordre du jour, il y a lieu de relever le point sur l'accès à un avortement sans risque et légal en Europe, pour lequel Madame Err a aussi pré-

senté une contribution, et le point sur l'immigration en provenance d'Afrique subsaharienne, lors duquel est intervenu Monsieur Goerens.

Trois orateurs de marque ont pris la parole lors de la susdite session, à savoir la chancelière fédérale d'Allemagne, Madame Angela Merkel; le Premier Ministre de l'Ukraine, Madame Ioulia Timochenko; et le Ministre des Affaires étrangères et européennes de la France, Monsieur Bernard Kouchner.

L'Assemblée parlementaire a adopté sept résolutions et cinq recommandations.

La troisième partie de session de 2008 de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe se tiendra à Strasbourg du 23 au 27 juin 2008.

Als éischte Punkt vun eiser Dagesuerdung vun haut de Mëtteg hu mer d'Question avec débat vum honorabelen Här Henckes iwwert d'Schafung vun engem Laboratoire national de médecine légale et de police scientifique. Den Här Henckes huet heifir fënnf Minutten Zäit an d'Regierung zéng Minutten, fir ze äntweren. Elo huet den Här Henckes d'Wuert.

2. Question avec débat N°30 de M. Jacques-Yves Henckes - Création d'un Laboratoire National de Médecine Légale et de Police Scientifique

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir brauchen zu Lëtzebuerg e Laboratoire national de police scientifique et de médecine légale. Dat ass Sënn an Zweck vu menger Question avec débat.

Wat d'ADN-Analysen ugeet, esou sinn d'Zuelen net ganz prezis, mä no deenen, déi ech konnt zesummerechnen, komme mer am Land op ongeféier 6.000 Analyse pro Joer, dat an de Strofprozesser, an den zivile Prozesser, wéinst der Paternitéit, op privat Demanden, am Test am Kader vun der Immigration fir de Regroupement familial, fir d'Identité génétique, an am CRP-Santé gëtt och nach recherchéiert iwwert d'Puces à ADN. Dat heescht, mir hunn also schonn eng ganz grouss Aktivitéit op deem Gebitt.

Dat Zweet ass, bei der Médecine légale, der Geriichtsmedezin gëtt et zwou Sorten: d'Thanatologie, dat heescht, wou een op d'Plaz kucke geet, wou eng Persoun gestuerwen ass, wou Autopsie gemaach ginn, Prélèvementter op Doudegen.

Déi Aarbecht gëtt bis elo, well mer kee Médecin légiste, kee Geriichtsmedeziner méi zu Lëtzebuerg hunn, zu Homburg gemaach - wann ech richteg informéiert sinn.

Da gëtt et déi klinesch Geriichtsmedezin. Do ass et esou, dass dat vun dësem oder deem Dokter gemaach gëtt, ouni dass dat e spezifeschen Team ass, ouni dass do mat spezifeschen Doktere geschafft gëtt.

Dat huet munch Nodeeler, well déi Leit jo haaptsächlech derfir do sinn, fir Constats médicaux ze maachen a Gewalt- a Sexualverbrechen an esou weider.

Da muss ee festhalen, dass hei am Land, wa meng Informatiounen och richteg sinn, pro Joer eng 4.500 Dépistagë vu verschiddenen Droge gemaach ginn. Ouni vun deenen Analyses balistiques an aneren ze schwätzen, déi elo vun onser Police gemaach ginn.

Wat ee muss feststellen, dat ass, dass d'ADN-Analysen elo vun enger kompletter Anarchie regéiert ginn. Si gi queesch uechter Europa ordonnéiert, jee nodeem wou de Procureur, de Substitut, den Untersuchungsrichter oder d'Police oder soss ee mengt, dass et misst geschéien.

Dat huet dozou gefouert, dass de Procureur général elo iwwer Joren an dem Rapport vum Ministère de la Justice Folgendes schreift: «...le Luxembourg (...) continue à vivre d'expédients et du recours, au cas par cas, à des institutions et experts étrangers avec tous les inconvénients que cela comporte.» An hien huet wéi oft och nach am Detail op déi Problematiken do higewisen an dorobber, dass et, esou wéi et elo fonctionnéiert, op jiddfer Fall net gutt ass.

D'Chamber huet d'lescht Joer, 2007, och fir d'Kreatioun vun engem Institut médico-légal geschwat, an dass d'Regierung dat sollt envisagéieren. A wann ech kucken, wat um Niveau vun der Regierung gesot ginn ass, dann ass anscheinend virgesinn, fir déi ADN-Analyse vum Laboratoire national de la Santé maachen ze loossen. Ob dat elo de Fall ass, weess ech net.

Mä wat mer op jiddfer Fall kloer ass: Mir brauche méi Professionalismus, méi Iwwersicht, méi Kontroll a méi Rapiditéit. Et kann net sinn, dass een zwee Méint muss op eng Autopsie waarden, well op eng Kéier iergendwou verschidden Analyses net kënnen gemaach ginn.

Dat war de Fall bei dem Tsunami. Et kann net sinn, wéi et an engem Fall geschitt ass, dass mer sechs Wochen op e Resultat vun enger ADN-Analyse mussen waarden, wou an der Tëschenzäit déi Persoun inhaftéiert gi war an hir Plaz verluer huet, an och nach en Divorce amgaange war. Et kann net sinn, dass dat sechs Wochen dauert, well einfach dee Laboratoire keng Zäit oder keng Loscht huet, fir eppes ze maachen.

Duerfir mengen ech, dass ee misst, éischstens, all national Entitéiten aus dem Laboratoire national de la Santé, déi sech ëm d'ADN-Analysen an d'Toxikologie këmme-

ren, an och déi vun der Police regroupéieren, entweder an engem Établissement public oder soss ënner iergendenger Form, en attendant wéi dat Gantz soll organiséiert ginn, mä et muss méi strukturéiert ginn.

Zweetens muss eng Kollaboratioun mat engem Institut am Ausland ofgeschloss ginn. Déi muss regelméisseg sinn an all deene Gebidder, vun deenen ech elo geschwat hunn.

Mir mussen och déi Leit dozou féieren, fir dass se an Equipen zesammeschaffen. Am Ablack ass et esou, dass, wann iergendee Crime festgestallt gëtt, d'Police scientifique dohinner geet, mä de Geriichtsmedeziner, deen, deen d'Médecine légale kritt, net op d'Plaz geet. Et ass keen op der Plaz! Dee kritt dat dann e puer Deeg méi spéit oder eng Woch méi spéit ze gesinn. Dat ass net professionell, dass gëtt a kengem Land esou gemaach.

Duerfir mengen ech, dass et gutt wier, dass een, wann een och elo nach kee Médecin légiste hei zu Lëtzebuerg huet, wéinstens sécherstellt, dass e puer Medeziner der Police kënnen soen: Hei ass ongeféier den Zäitpunkt, wéini déi Persoun gestuerwen ass. A si kann och eventuell soen: Kuckt, déi oder déi Analysen oder Prélèvementter ze maachen.

Ech mengen, dass och wichteg an den Tatbestänn, déi sech op der Plaz erginn.

Dann - an dat ass dat, vun deem ech géif soen, dass et essenziell ass - muss een et ënner iergendenger Form fäerdeg bréngen, fir all déi Komponenten, déi elo e bësse jiddfree fir sech schaffen, zesammenzebréngen.

Ech hunn dat a menger Question écrite e bësse méi detailléiert. Duerfir wëll ech elo just nëmmen déi puer Froen, déi ech gestallt hunn, nach eng Kéier virbréngen.

Éischstens, wëllt d'Regierung esou e Laboratoire national oder en Institut national de police scientifique et de médecine légale schaffen, sief et formell oder informell?

Wa Jo, wéini? Wann net, woufir?

Deen zweete Punkt, deen ech wollt opwerfen, ass: Mir brauchen eng Chambre des scellés, déi internationale Kritären entsprécht. Ass esou eng am neie Palais de justice virgesinn?

Woufir ass eng Chambre des scellés wichteg? Ma, da weess ee wéinstens, wat fir eng Preuve do sinn, wou déi sinn a wéini se erakomm sinn. Déi Preuve sinn enregistriert. Da kann et net esou sinn, wéi et an e puer Fäll virkomm ass, dass ADN-Analysen an iergendengem Büro sinn, an dass se herno net méi ze gebrauche sinn. Einfach, well se net répertoriéiert goufen. Dat ass elo an zwee Fäll, wéi mer gesot ginn ass, bekannt ginn. Dat war vläicht iertümlecherweis passéiert. Do war een an der Vakanz oder esou, a schonn ass de Problem do.

Deen anere Punkt, deen ech och wollt mat an dësem Kontext ervirsträchen, ass, dass oft Familljen an déi Morgue, wou elo déi Geriichtsmedezin operéiert, ginn, fir de Kadaver ze identifzéieren. Ech dierf lech net soen, wéi et do ausgesäit. Et wier gutt, wann d'Regierung do géif eng Renovatioun virhuelen, well et ass scho bei deem Trauma, deen d'Famill muss matmaachen, op jiddfer Fall net déi richteg Plaz, an och op jiddfer Fall net eng digne Plaz, fir esou eppes virzehuelen.

» M. le Président. - Merci, Här Henckes. De Justizminister Luc Frieden gëtt eng Äntwert respektiv hält Stellung zu dëser Question avec débat.

» M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech deelen a wäite Stécker d'Analys, déi den Här Henckes mécht iwwert d'Wichtigkeet vun engem Institut fir médico-légal Analysen ze maachen, déi am Kader vu Strofprozesser musse gemaach ginn.

Ech géif just wëllen dem Här Henckes an der Chamber soen, dass opgrond vun där Meinung, déi mer deelen, dass esou en Institut noutwendeg ass, mer scho virun zwee Joer d'Décisioun geholl hunn, esou en Institut ze schaffen. Mir hunn déi Décisioun geholl, mengen ech, am Dezember 2005.

D'Regierung huet déi geholl besonnesch op Virschlag vum Gesondheitsminister a vu mir selwer.

Mir hunn decidéiert, datt, fir spuersam virzegoen an awer effikass ze sinn, mir all méiglech Synergië solle maachen, an duerfir gëtt deen Institut als e separate Pilië innerhalb vum Laboratoire national de Santé, dee gebaut gëtt zu Diddeleng, an der zweeter Phas integréiert.

Deen Institut, deen da wéi gesot zu Diddeleng an dem Laboratoire national de Santé fonctionnéiert, huet dräi Komponenten: eng, fir d'Médecine légale ze maachen, dat heescht am Fong d'Autopsien ze maachen; eng, fir chemesch, biologesch an toxikologesch Analysen ze maachen, déi ee brauch bei Gerichtsprozeduren, an eng drëtt, fir ADN-Analysen ze maachen.

Do muss et also dann eng Konventioun ginn engersäits téschent de Justiz- a Policeautoritéiten an anerersäits dem Laboratoire de Santé. Duerfir mengen ech, datt dat an deenen Délaien, déi ee brauch, fir dee Projet ze realiséieren, wäert gemaach ginn.

Ech géif awer just wëllen drop hiweisen, datt contrairement zu deem, wat den Här Henckes hei gesot huet, net 6.000 ADN-Analyse pro Joer fir d'Justiz gemaach ginn, mä 600, dat ass also ee wesentlechen Énnerscheid,...

(Interruption)

...et ass also eng Null manner.

Mir maachen och haut schonn ADN-Analysen, déi ginn och zum Deel, zënter datt mir den Traité vu Prüm hunn, deen och an dëser Chamber approvüiert ginn ass, iwwerpréift, wa mir ADN-Spuren hunn, ob déi net an enger auslännescher Datebank vun auslännescher Justiz- oder Policeautoritéit sinn.

Mir konnten eleng am Joer 2007 - deen Traité ass am Mee a Kraaft getrueden - zéng esou Fäll mat Däitschland klären, a mir hatten zwee ADN-Ofgläicher, déi korrespondéiert hunn zu Donnéeën aus Éisträich. Dat heescht, dee System funktionnéiert. An och um nationalen Niveau hu mir mat den ADN-Prouwe scho fënnf Affäre bis elo kënne matenee connectéieren, wou mir virdrun net woussten, datt si géifen zesummenhänken.

D'ADN-Analysen, déi daueren och net esou laang, wéi hei gesot ginn ass. Dat hängt ganz dovunner of, ëm wéi eng Zort Affären et sech handelt. Wann et schlëmm Saache sinn - Mordfäll oder esou -, da ginn déi ADN-Analysen innerhalb vun e puer Deeg gemaach. Bei aneren Affären, déi manner urgent sinn, dauert dat heiansdo e bësse méi laang. Selbstverständlech wär ech och frou, wann dat géif nach méi séier goen. Dat ass awer net ëmmer alles esou méiglech.

Wat d'Autopsie-civilen ubelaangt, deelt de Laboratoire national de Santé mir mat, datt 19 Autopsies civiles gemaach gi sinn, also keng 800, wéi an der Question parlementaire uginn.

(Interruption)

Also, 80 sinn an der Question écrite uginn. Et sinn der 19 no den Donnéeën vum Laboratoire.

A schliesslech, wat déi zwou aner Froen ubelaangt vum Här Henckes, géif ech wëlle soen, datt mir haut schonn eng Chambre des scellés hunn. Déi ass haut a Lokaler vun der WSA a wäert och an Zukunft fir verschidde Saachen do bestoe bleiwen. Derneiwent wäert besonnesch fir ADN-Analysen en ähnleche Lokal geschafte ginn am Kader vum nationale Laboratoire de Santé.

Schliesslech deele mir och d'Meenung, datt een eng uerdentlech Morgue an deem Institut médico-légal soll schafen, fir d'Famillje vun deene betraffene Persounen och op eng würdeg Aart a Weis kënne ze empfänken.

Wann Dir erlaabt, Här President, géif de Gesondheitsminister, an deem seng Kompetenz jo de Laboratoire de Santé fält, nach e puer ergänzend Erklärunge ginn.

» M. le Président.- Selbstverständlech. Merci, Här Minister Frieden. Den Här Minister Di Bartolomeo huet d'Wuert.

Siwe Minutten a 26 Sekonnen.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu dass de Kollege Justizminister, de Luc Frieden, ech selwer an eis Servicer zënter 2005 an enkem Kontakt matenee waren, fir eis zukünfteg Médecine légale vun Ufank u gemeinsam ze plangen, kann ech ganz kuerz sinn.

Just e puer Informatiounen zu Feelinterpretatiounen, déi vläicht aus de Froe vum Jacques-Yves Henckes kéinten erausgoen.

Et ass net esou, dass mir am Moment virum Naischt stinn. Zum Beispill d'Toxicologie légale fonctionnéiert exzellent ënnert der Responsabilitéit vum Laboratoire national de Santé. Do hu mir eng laang Erfahrung a schaffe ganz exzellent mat anere Referenzlaboen zesummen. Dat heescht, deen éischte Pilië vun deenen dräi Piliere vun enger Médecine légale fonctionnéiert ganz gutt.

Deen zweete Pilië, dee vun den ADN-Analysen, si mir amgaangen opzebauen. Mat Ennerstëtzung vum Bauteminister, dem Clause Wiseler, ass et eis méiglech, an deenen nächste Méint e moduläre Bau niewent dem Laboratoire national de Santé opzebauen an an enker Zesummenaarbecht mat engem spezialiséierten Institut vu Stroossbuerg déi doten Aktivitéit opzebauen.

Wat elo d'Autopsien ugeet, do muss mir e bësse méi laang waarden. Mir sinn eis iwwert de Konzept eeneg, mä, wann déi zweet Phas vum LNS fäerdeg ass, déi a Planung ass, da kënne mir en eegestännege Service opbauen, deen och fir d'Autopsien zoustännege ass.

Ech ënnersträchen allerdéngs, dass mat där Zuel vun Autopsien, déi mir zu Letzebuerg hu souwuel an deem Beräich, deen Dir erwähnt hutt, wéi am zivile Beräich, mir net genug Autopsien hunn, fir op Dauer kënne mat där beschtméiglecher Konsequenz ze schaffen, sou dass mir Intérêt hunn, eis an auslännesch Réseauen ze integréieren. Dat wäerte mir och maachen, fir weiderhin Austausch kënne ze maachen, vun deene spezialiséierten Instituter a Richtung Lëtzebuerg a vun eis a Richtung spezialiséiert Instituter am Ausland.

D'Konklusioun ass also déi heiten: Déi Froen, déi den Här Henckes opgeworf huet, stoussen eigentlech bei der Regierung open Dieren op, well mir zënter 2005 amgaange sinn, dat doten ze préparéiere Stéck fir Stéck. Deen éischten Drëttel steet, deen zweeten ass a Planifikatioun an dee leschten Drëttel wäert mat der Fäerdegstellung vum Laboratoire national de Santé zu Diddeleng ofgeschloss sinn.

Villmols Merci.

» M. le Président.- Den Här Henckes huet nach eng Zousazfro, obscho seng Zäit eriwwe ass. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech soen de Membre vum der Regierung Merci fir déi Äntwerten, déi si mir ginn hunn. Ech mengen, mäin Zweck war, fir den Dossier ze aktualiséieren a fir de Point ze maachen.

Wat déi eenzel Donnéeën ugeet vun den ADN-Analysen, ass et esou, datt effektiv nëmme eng 600 gemaach ginn am gerichtleche Kader. Mä da kommen nach all déi zivilrechtlech, déi genetesch, medezinesch, etc. derbäi. Dat heescht, et ass vill méi. Ech hat e bëssen iwwerall doruechter gefrot, fir déi Donnéeën zesummenzekeréieren. Mä vu datt naischt nirdendwou schwaarz op wäiss steet, sinn ech awer frou, datt mir weinstens fix Donnéeën hunn, wat alleguerten déi ADN-Analysen ugeet, déi mat de Gerichter ze dinn hunn. Ech si frou, datt mer doriwwer weinstens Kloerheet hunn.

Déi zweet Saach, déi ech och feststellen, dat ass, datt d'Regierung seet, datt munches amgaangen ass. Dat ass positiv.

Déi eenzeg Fro, meng Zousazfro, déi geet just nëmme drëm, ob et net méiglech ass, datt alleguerten déi Capacitéiten, déi mir hunn an déi do sinn an déi sech nach solle verbessern, datt déi och en équipe zesummeschaffen, anstatt datt - op Basis vun den Informatiounen, déi ech elo kritt hunn - jiddereen eleng schafft. Zum Beispill geet d'Police eleng op eng Scène de crime, net mat engem Médecin légiste oder mat engem Dokter zesummen, bei Sexualverbrechen geet iergendeen Dokter, e Generalist do Constaté maachen, oni datt en awer onbedéngt...

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Här Henckes, Dir musst zum Schluss kommen!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Sou datt meng Iddi war, fir eng besser Kollaboratioun ënnert deenen eenzelne Komponenten ze errechen.

(Interruption)

» M. le Président.- Wëllt d'Regierung nach eng Kéier dozou Stellung huelen?

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.* - Mir si ganz frou, dass den Här Henckes honnertprozenteg op där Linn ass, déi d'Regierung souwisou ageleet huet. Selbstverständlech soll dat regruppéiert ginn a selbstverständlech gëtt dat koordinéiert, soss hätt dat Ganzt jo kee Sënn.

» M. le Président.- Merci, Här Minister.

(Interruptions diverses)

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat sinn d'Ännerungsvirschléi iwwert d'Artikelen 10 an 9, éischten Alinea, vun der Verfassung. Béid Propositione ginn an enger Diskussioun behandelt.

Bei der Ofstëmmung ass laut dem Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert, an de Vote par procuration ass net erlaabt. Duerfir géif ech lech bieten, lech dorobber anzustellen.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, déi Häre Bodry, Braz an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vu béide Propositionen, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.



3. 5595 - Proposition de révision de l'article 10 de la Constitution

5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1^{er} de la Constitution

Rapports de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

» M. Paul-Henri Meyers (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi wichtig Ännerungen an der Gesetzgebung iwwert d'Lëtzebuenger Nationalitéit, déi nach an dësem Joer vun der Chamber gestëmmt solle ginn, fänken haut u mat der éischter Ofstëmmung iwwert d'Artikelen 9 an 10 vun eiser Verfassung.

Déi zwee Artikelen, déi bal onverännert bliwwen sinn zënter 1848, kann een eigentlech an dräi Sätz zesummeffaassen, esou wéi se elo an der Verfassung verankert sinn:

1) Lëtzebuenger ginn duerch Naturalisatioun ass nëmme méiglech duerch e Gesetz.

2) All Bestëmmungen am Zesummenhang mat der Lëtzebuenger Nationalitéit ginn duerch Gesetz geregelt.

3) D'Prozesser am Zesummenhang mat der Lëtzebuenger Nationalitéit gehéieren an de Kompetenzberäich vun den Zivilgerichter.

Vun deenen dräi Bestëmmungen aus eiser Verfassung soll eng bestoe bleiwen, eng soll ofgeschafft ginn, an eng drëtt gëtt ofgeännert.

De Prinzip, dass all Bestëmmungen am Zesummenhang mat der Lëtzebuenger Nationalitéit duerch Gesetz geregelt ginn, bleift och an Zukunft bestoen.

D'Aart a Weis an d'Bedéngungen, wéi een d'Lëtzebuenger Nationalitéit ka kréien, wéi ee se behält a wéi ee se ka verléieren, mussen weiderhin ausschliesslech duerch d'Gesetz geregelt ginn.

D'Bestëmmungen iwwert déi Lëtzebuenger Nationalitéit bleiwen also och an deem neien Artikel 9 vun der Verfassung eng Matière, déi ganz dem Gesetz virbehalen ass.

Ofgeschafft gëtt d'Bestëmmung vun der Verfassung, déi virgesäit, dass d'Naturalisatiounen eng Prerogativ vum Pouvoir législatif sinn. Well d'Naturalisatioun nom Artikel 10 vun der Verfassung nëmme méiglech war duerch e Gesetz, oder nëmme méiglech ass duerch e Gesetz, muss och d'Prozedur agehale ginn, wéi se beim Gesetz virgesinn ass. Dat heescht: d'Noutwendegkeet vum Avis vum Statsrot; no dem Vote vun der Chamber d'Sanktioun an d'Promulgatioun duerch de Grand-Duc, an d'Publikatioun am Mémorial.

D'Naturalisatiounen hunn och d'Effetë vun engem Gesetz, dat heescht, d'Naturalisatiounen, d'Entscheidung, fir eng Lëtzebuenger Nationalitéit ze ginn oder fir se ze refu-

séieren, ass e souveränen Akt vun dem Gesetzgeber.

Obschon d'Naturalisatioun en individuell Akt ass, kann awer doduerch, dass deen Akt duerch e Gesetz realiséiert gëtt, déi Persoun, wann hir Demande ofgewise gëtt, net bei e Geriicht kloer goen.

Si kann net virun engem onparteiischen an onofhängege Geriicht hir Demande, fir Lëtzebuenger ze ginn, virdroen an ënnersiche loosse, ob déi gesetzlech virgesinne Bedéngungen agehale goufen.

No den international geltende Rechtsregele kann een dat als e Manktum ugesinn. Et entsprécht och net den heitegen Opfaassungen vun engem Rechtsstat, dass ee bei esou enger wichtiger Fro wéi där vun der Nationalitéit, wat eng individuell Décisioun ass fir deen Einzelnen, keng Méiglechkeet hätt, fir seng Cause virun engem onofhängege Geriicht virdroen.

Duerfir war d'Verfassungskommissioun zesumme mat der juristescher Kommissioun der Meenung, et sollt een d'Entscheidung vun der Lëtzebuenger Nationalitéit deem zoustännege Minister aus der Regierung iwwerloossen. Domat ginn all d'Entscheidung am Zesummenhang mat der Lëtzebuenger Nationalitéit individuell, administrativ Entscheidungen, déi bei enger Oflehnung virum zoustännege Geriicht contestéiert kënne ginn.

Dat bedeit fir deen Einzelnen, deem seng Demande ofgelehnt ginn ass, eng zousätzlech juristesche Garantie. Fir de Bierger, deen duerch Naturalisatioun Lëtzebuenger wëllt ginn, ass dat e wesentleche Fortschritt.

Et gëtt en zweet Argument, fir aus der Naturalisatioun eng administrativ, individuell Entscheidung ze maachen: Déi gesetzlech Prozedur ass duerch déi verfassungsméisseg operluechte Constraints net ganz rapid. Eng administrativ Entscheidung ka méi séier goen. Duerfir ass an deem neien Text iwwert d'Lëtzebuenger Nationalitéit, deen nach an dësem Joer misst gestëmmt ginn, en Délai vun aacht Méint virgesinn, bannescht deem de Minister seng Entscheidung muss huelen. Och dat ass e Virdeel fir deen, dee Lëtzebuenger wëllt ginn.

Aus all deene Grënn war d'Verfassungskommissioun der Meenung, dass een déi Prerogativ vum Gesetzgeber, fir d'Naturalisatioun virzehuelen, sollt opginn. Dat Zil kann awer nëmme errecht ginn duerch d'Abrogatioun vum Artikel 10 vun der Verfassung.

Ech maachen och hei drop opmierksam, dass an den europäesche Länner, ausser der Belsch, keen anert Land déi do Prerogativ dem Gesetzgeber virbehalen hat.

D'Décisioun, fir den Artikel 10 ofzeschaffen, ass an der Kommissioun mat enger ganz grousser Majoritéit geholl ginn. Duerfir kann ech der Chamber och virschloen, den Text iwwert d'Ofschafte vum Artikel 10 vun der Verfassung esou unzehuelen, wéi d'Kommissioun dat proposéiert huet.

Den Artikel 9 vun der Verfassung gëtt nëmme liicht ofgeännert. Et ass deen Artikel, dee virgesäit, viru wéi ee Geriicht ee ka kloer goen, wann et sech ëm Problemer vun der Lëtzebuenger Nationalitéit handelt.

Am éischte Saz steet nämlech dran, dass alles, wat am Zesummenhang steet mat der Acquisitioun a mat dem Verléiere vun der Lëtzebuenger Nationalitéit, vun der Loi civile geregelt gëtt. Duerfir proposéiert d'Verfassungskommissioun och, am éischte Saz dat lescht Wuert „civile“ ze strächen.

Déi Ofännerung erlaabt et, dass mam neien Nationalitéitsgesetz all d'Prozesser am Zesummenhang mat der Uwendung vun deem neie Gesetz an den Zoustännegekeetsberäich vun den administrative Gerichter ka verwise ginn. D'Prozedur, déi am Zesummenhang mat der Zouerkenntnis oder der Oferkenntnis vun der Lëtzebuenger Nationalitéit geregelt gëtt, kann domat als eng administrativ Prozedur ugesi ginn.

De Statsrot, dee mat de Revisiounen vum Artikel 9 an 10 d'accord war, huet a sengem Avis déi Argumentatioun, fir déi ganz Prozesser virun d'administrativ Gerichter ze bréngen, unerkannt. En huet allerdéngs drop higewisen, dass ee genee misst ënnerscheiden, ob déi Prozesser am direkten Zesummenhang si mam Nationalitéitsgesetz, oder awer aner Prozesser, déi am Zesummenhang sti mam État civil. Do huet en also en Distinguo gemaach, an ech mengen, deen Distinguo ass och richteg.

De Conseil d'État, fir seng Argumenter a Richtung vun der Kommissioun ze ënnerstëtzen, huet dann awer och drop higewisen, dass d'Naturalisatioun als déi lescht Etapp vun engem anere Statut, deem vun Ausländer, kann ugesi ginn. A well all Décisiounen, déi am Zesummenhang mat dem

Ausländerstatut stinn, an d'Kompetenz vun den administrative Juridiktione falen, huet de Conseil d'État gemengt, et kéint een dann och déi Proposition, déi d'Commission juridique an d'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle gemaach hunn, esou unhuelen.

Ech wëll dann ofschléissend nach drop hiweisen, dass bei den Aarbechten iwwert d'Revisioun vun den Artikelen 9 an 10 vun der Verfassung och e Bléck geworf ginn ass op d'Proposition de révision N°4811, déi am Joer 2001 vun der Madame Renée Wagener deponéiert ginn ass. Duerch de Vote, dee mir haut virhuelen, gëtt déi Proposition natierlech hifälleg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Revisioun vun den Artikelen 9 an 10 vun eiser Verfassung huet an der zoustänneger Verfassungskommission eng grouss Zustimmung fonnt. Duerfir froen ech och d'Chambre, déi zwee Artikelen esou ze stëmmen, wéi d'Kommission dat virgeschloen huet.

Ech mengen, ech kéint och hei den Accord vun menger Partei zu deenen doten Ofännerunge bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. D'Madame Flesch huet d'Wuert fir DP-Fraktion.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, léif Kollegeen, et geet also hei em zwou Propositionen, fir ons Verfassung ze änneren. Zwou Propositionen, déi, wéi de Rapporteur et gesot huet, direkt verbonne si mam Projet de loi iwwert d'Letzbuurger Nationalitéit, deen de Moment an der Aarbecht ass an der Commission juridique.

Déi éischt Proposition, déi am Dokument 5595 steet, geet drop eraus, den Artikel 10 vun onser Constitution ofzeschaffen, deen Artikel, dee virgesäit, esou wéi dat och an der belscher Constitution virgesinn ass, dass d'Naturalisatioun duerch de Pouvoir législatif accordéiert gëtt.

Wéi de Rapporteur et gesot huet, sinn d'Belsch a mir déi eenzeg Länner an Europa, déi esou eng Dispositioun hunn. Et kéint ee sech och éischer schlecht virstellen, wéi an engem Land wéi Däitschland oder Frankräich all Naturalisatioun misst zu engem Gesetzestext ginn.

Also, mir ginn elo doduerch, dass mir op d'Procédure administrative ginn, ee Wee an, deen an anere Länner säit ganz laanger Zäit besteet.

D'Dokument 5672, wat amendéiert ginn ass en fonction vum Avis vum Conseil d'État, gesäit vir, dass d'Contestatiounen bei den Décisionen iwwert d'Nationalitéit an de Beräich vum Gesetz falen, mä net an de Beräich vun der Loi civile. Dat Wuert „civile“ gëtt also am Artikel 9, Alinea 1 vun onser Verfassung gestrich, an da muss natierlech och d'Kompetenz an d'Jurisdiction administrative ginn. De Conseil d'État war der Meenung, dass den Artikel 85 vun onser Verfassung duergeset, fir dat sécherzestellen.

Wann een elo en termes de technique législative iwwert déi zwou Verfassungsännerungen nodenkt, da seet ee sech, et ass am Fong einfach, et geet drëm, een Artikel ze strächen an an engem Alinea vun engem aneren Artikel ee Wuert ze strächen.

Mä nach muss ee wëssen, woufir, an nach muss ee wëssen, wat dann d'Konsequenze sinn. A wéi gewéinlech huet onse Rapporteur mat exzellente Wieder, souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mëndleche Rapport elo hei, drop higewisen, wat gewollt ass a wat d'Konsequenze si vun deenen u sech einfache Modifikatiounen, déi mir an onser Constitution haut sollen an éischer Liesung virhuelen.

Ech wëll och gläich dobäi soen, dass ons Fraktioun wäert déi zwou Propositionen, esou wéi se vun der Kommission virgeluecht si ginn, stëmmen.

An deem Mooss, wou elo d'Acquisitioun vun der Letzbuurger Nationalitéit eng Prerogativ vum Pouvoir législatif war an ass, war et esou, wéi de Rapporteur et gesot huet: Wann d'Décision emol bis gefall war, war kee Recours méi méiglech.

Wann dat am 19. Jorhonnert vläicht nach virstellbar war, dann ass et evident, dass mir haut net méi kënne mat esou enger Situatioun liewen, wéi de Rapporteur et ganz gutt a sengem schrëftleche Rapport geschriwwen huet: «...dans une société respectueuse des droits fondamentaux chacun doit avoir le droit de porter, en toutes circonstances, sa cause devant une juridiction indépendante et impartiale.»

Et ass also dofir, dass proposéiert ass am Projet de loi 5620 iwwert d'Letzbuurger Nationalitéit, dass bei der Naturalisatioun eng Procédure administrative an Zukunft soll virgesi ginn, déi dann natierlech engersäits ënnert d'Kompetenz vum Ministère de la Justice fällt, mä bei där bei den administrativen Juridiktioneen eng Possibilitéit vu Recours soll bestoen. Dofir, am Zusammenhang also mam Nationalitéitsgesetz, wéi et am Projet elo virun ons läit, gëtt elo hei proposéiert, an éischer Liesung den Artikel 10 vun onser Verfassung ofzeschaffen.

Wéi scho gesot, wann d'Naturalisatioun elo enger administrativer Prozedur ënnertläit, ass et kloer, dass d'Recoursen effektiv müssen de Juridictions administratives uvertraut ginn, an an engem Souci vun - géif ech soen - Kohärenz, ass dann och proposéiert, dass an Zukunft den Ensembl vun de Contestatiounen, déi mat der Nationalitéit ze dinn hunn, mä net mat aneren Akte vum État civil, wéi de Rapporteur et zu Recht ervirgehuewen huet, bei der Jurisdiction administrative läit.

An deem Zusammenhang ass also hei elo proposéiert, einfach an der Verfassung virzugesinn: «...que les règles sont fixées par la loi.» Full stop. Dann erméiglecht, wéi scho gesot, den Artikel 85 vun der Verfassung, dass d'administrativ Juridiktione befaasst ginn, wann e Recours introduzéiert gëtt.

De Rapporteur huet op deenen enken Zusammenhang tëschent deenen zwou Verfassungsrevisionen, déi mir haut virhuelen, an dem Nationalitéitsgesetz higewisen. An e schreift: «...la législation sur la nationalité s'inscrit dans la continuité d'une politique volontaire d'intégration politique et sociale d'une partie croissante de résidents non luxembourgeois, permettant ainsi de garantir une meilleure cohésion sociale de la population.» Enn vum Zitat.

Ech si ganz d'accord mat him, mä ech froe mech, ob déi Volonté d'ouverture, déi hei annoncéiert gëtt, effektiv vun de Parteien vun der Majoritéit gedeelt a gedroe gëtt.

De Projet de loi iwwert d'Nationalitéit ass um gudden Wee. Bei der leschter Réunion vun onser Commission juridique leschte Mëtwoch hu mir e leschten Train vun Amendementen an point gesat mat enger ganz grousser Majoritéit. Mir hunn en Accord do fonnt, an déi Amendementé sinn un de Conseil d'État geschéckt ginn.

Zwee Punkten, awer Punkte vu fundamentaler Wichtigkeit trennen awer elo nach ëmmer d'Spriecher vun der Majoritéit vun de Spriecher vun den zwou Fraktiounen vun der Opposition. Déi zwee Punkte betreffen d'Residenzdauer an d'Sproochkenntnisser, déi vun deene verlaangt ginn, déi wëlle Letzbuurger ginn.

Déi zwou Ofstëmmungen, déi haut stattfannen, si wéi scho gesot ganz enk mat der Ofstëmmung iwwert dat Gesetz iwwert d'Nationalitéit verbonnen. An am Virfeld vun deem Vote, deen am Hierscht wäert stattfannen, wéilt ech en dréngenden Appel un d'Parlamentarier vun der Majoritéit riichten, de Courage vun hiren Ambitiounen ze hunn.

2001 hu mir d'Gesetz iwwert d'Nationalitéit geännert an hunn d'Residenzdauer vun zéng op fënnf Joer erofgesat. D'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei duerch de Mond vum honorabelen Här Mosar, Rapporteur deemools, a vum Här Minister Frieden hu gemengt, dass déi Reduktioun eng verständneg Proposition war. De Minister huet souguer drop higewisen, dass déi Dauer vu fënnf Joer déi ass, déi an der Majoritéit vun de Länner vun der Europäescher Unioun gëllt. Dat ass haut och net vill anescht.

Ënnert deene Virzeeche schéngt et ons total onverständlech, wiso d'Regierung elo proposéiert, dass een d'Durée de résidence soll op siwe Joer eropsetzen.

De 24. Abrëll no der leschter Réunion vun der juristescher Kommission vun der Chambre huet d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei sech félicitéiert, dass si et fäerdeg bruecht hunn, sech ze imposéieren an där Fro, an dass de Vote, deen an der Commission juridique geholl ginn ass, majoritär en faveur vu siwe Joer gaangen ass.

D'CSV ass vläicht ze friden, mä si brauch sech net ze mengen, well si ass derbäi, d'Rad vun der Geschicht zrëckzedréien!

» **Une voix.** - Non!

» **Une autre voix.** - Si!

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Très bien!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Wann d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei wierklech eng oppe Législatioun wëllt hu bei den Naturalisatiounen, wa si wëllt eng Politique

volontaire d'intégration politique et sociale hunn, da kann ech nëmme soen: Wat ass dat eng mickreg Attitüd...

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - ...a wat ass dat en aarmséilige Symbol, wann een an deemselwechten Otemzuch higeet an d'Residenzdauer vu fënnf op siwe Joer eropsetzt!

(**Interruptions diverses**)

Duerch hir Proposition sinn d'Regierung an d'Majoritéit en porte-à-faux mat hiren eegenen Déklaratiounen, wéi de Conseil d'État et répétitif a sengem Avis iwwert d'Nationalitéitsgesetz ervirgehuewen huet.

» **Une voix.** - Non, Madame Flesch.

» **M. le Président.** - Loosst d'Madame Flesch elo hir Ausféierung maachen!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ech hunn elo vill vun der CSV geschwat, ech wëll awer och e puer Wuert iwwert d'LSAP soen.

» **Plusieurs voix.** - Aaahhh!

(**Hilarité**)

» **Une voix.** - Déi sinn nach méi schlëmm!

» **Une autre voix.** - Mir kommen op d'DP, Madame Flesch.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - D'Attitüd vun der LSAP ass nach manner verständlech. 2001 huet den honorabelen Här Fayot an der Debat hei an der Chambre gemengt, wann ee géif d'Residenzdauer vu siwen op fënnf Joer erofsetzen, da wär dat net gutt genuch. Hien hat an der Commission derfir plädéiert, dass ee soll op eng Residenzdauer vu véier Joer iwwergoen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - D'Attitüd vun der LSAP mat där doter Attitüd 2001 elo esou virun der CSV kapituléiert hunn, déi sech jo elo mengt - d'CSV -, dass si et fäerdeg bruecht hunn, sech ze imposéieren! Ech weess, dass den Här Bodry, deen no mir d'Wuert kritt, mer elo wäert soen: Dat doten ass alles ee Package. An deem Mooss, wou mer elo op siwe Joer ginn...

(**Interruption**)

» **Une voix.** - Et ass wéi iwwerall: Et ass e Kompromiss.

(**Hilarité**)

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ech schwätze vun deem Nationalitéitsgesetz, well de Rapporteur selwer drop higewisen huet, wat fir een enke Lien tëschent deenen zwou Verfassungsrevisionen an dem Nationalitéitsgesetz besteet. Wa mir d'Nationalitéitsgesetz net virun ons leien hätten, da bräichte mer d'Vefassungsännerung net ze maachen.

Dofir wëll ech also drop hiweisen, dass den Här Bodry mer sécherlech seet: Siwe Joer, dat ass e Package...

(**Interruption et hilarité**)

...domadder, dass mer den Délai, dee mer dem Minister an der administrativer Prozedur elo zouerkennen, op aacht Méint reduzéiert hunn. De Minister muss an aacht Méint seng Décisionen huelen.

Här President, dat ass ee spécieux Argument. D'Impositioun vun engem kuerzen Délai huet näscht mat der Residenzdauer ze dinn. Mir sinn der Meenung, dass den Délai vun aacht Méint och soll gëllen, wann d'Residenzdauer fënnf Joer ass.

Woufir ass deen Délai verkierzt ginn? Well mer vun enger Procédure législative eriwir ginn an eng Procédure administrative, wou eng Partie Consultatiounen ewechfallen. Et brauch keen Avis méi vum Conseil communal gemaach ze ginn. Et gëtt keng Transmissioun vum Commissaire de district méi erfuerdert; a mir wësse wat fir Retarden dat heiansdo mat sech bruecht huet. An et gëtt och keen Avis vum Conseil d'État méi gefrot.

Doduerjer, dass déi Prozedur méi kuerz gëtt, kann ee jo natierlech dem Minister soen: Dir hutt elo een Délai, an deem Der muss kënne Är Décisionen huelen. Dat huet mat der Residenzdauer, déi den Interesséierte muss opweisen, fir kënne seng Demande anzerechen, rigoureusement näscht ze dinn.

Fir ofzeschléissen op deem Punkt, Här President - awer nëmme op deem Punkt, ech schléissen nach net ganz of -, géif ech awer wëllen en Appel un d'Parteien vun der Majo-

ritéit riichten, dass si sollen hir Positioun bis zum Hierscht zu deem Punkt iwwerdenken, fir dass, wa mer dann hei zrëckkommen op den zweete Vote vun deenen zwee Artikelen aus der Constitution, an op deen éische Vote vum Nationalitéitsgesetz, se dann eng aner Positioun hunn.

Den Haut Commissariat aux Réfugiés vun der UNO ass besuergt iwwert d'Augmentatioun vun deem Délai vu fënnf op siwe Joer. De Conseil d'État, d'Chambre de Commerce, all d'Gewerkschaften - ouni vun den ONGen, déi an deem Secteur tätég sinn, ze schwätzen - froen, bidden drëm, dass mer bei der Residenzdauer vu fënnf Joer bleiwen. Et wär bedauerlech, wa parteipolitesch, konservativ Considératiounen géifen dozou féieren,...

» **Plusieurs voix.** - Oohhhh!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - ...dass mer beim Vote vun deem Gesetz géifen e falscht Signal ginn.

» **Une voix.** - Jo, dat ass schued.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Très bien, Madame Flesch!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Wat nun d'Sproochkenntnisser betrëft, déi jo och am Gesetz vun 2001 stinn, mä déi nach preziséiert ginn an deem Projet de loi, deen elo virun ons läit, do proposéiert d'Regierung, dass ee beim Verständnis vum Letzbuurgergeschehen den Niveau B1 a bei der Expressioun vum Letzbuurgergeschehen den Niveau A2 vum Cadre européen commun de référence pour les langues soll errechen.

Em wat geet et hei? D'Regierung seet et ganz kloer am Commentaire vun hirem Projet de règlement grand-ducal, dee se nogereecht huet am Zusammenhang mam Projet de loi iwwert d'Nationalitéit.

Am Commentaire des articles schreift d'Regierung, den Niveau A2 op Däitsch an op Franséisch entsprechen dem Niveau, deen d'Schüler müssen erreche wa se sollen a kënne am Enseignement post-primaire opgeholl ginn. Et geet also em eng Kenntnis vun der Letzbuurger Sprooch, wat deem entsprécht, wat e Schüler muss maîtriséieren, dee sechs Joer Enseignement hanneru sech huet.

Den Niveau B1 fir d'Verständnis entsprécht am Franséischen - esou schreift et d'Regierung - dem Niveau, dee muss errecht gi vun den Élèves, vun de Schüler, déi wëllen an de Cycle moyen et supérieur vum Enseignement secondaire kommen. Dat heescht also a kloerer Sprooch: sechs Joer Primärschoul an dräi Joer Lycée.

Déi Connaissancé mussen vun de Leit, déi d'Naturalisatioun beantragen, errecht ginn. Déi Leit, déi an där Situatioun sinn, dat si meeschtens a bal ëmmer Leit, déi och berufflech tätég sinn. Wann déi Schwellwäerter, déi ech elo erwähnt hu fir d'Kenntnis vun der Letzbuurger Sprooch, wahrscheinlech kënne errecht gi vun deene Leit, déi eng zolidd schoulesch Virbildung hunn an déi de préférence och nach zwou oder dräi Sproochen ausser hirer eegener schwätzen, dann ass dat awer sécher net de Fall fir all déi, déi wëllen d'Letzbuurger Nationalitéit beantragen. Do sinn anerer, déi déi Avantage net hunn.

Här President, mir wëllen als Demokratesch Partei sécherlech net d'Wichtigkeet vun der Letzbuurger Sprooch minimiséieren. Et ass e wichtige Facteur d'intégration,...

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Dir hutt virun enger Véirelstonn just de Contraire gesot.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - ...mä Här President, an domadder äntweren ech dem honorabelen Här Wolter, mir wëllen awer net, dass déi Konditioun vun de Sproochkenntnisser zu engem inavouéierten an inavouabelen Obstacel gëtt, fir zur Letzbuurger Nationalitéit kënne ze kommen. Mir wëllen net, dass d'Sproochkenntnisser sollen e Facteur d'exclusion et de discrimination sociale ginn.

Dofir, Här President, plädéiere mir ganz kloer fir en Niveau A1, souwuel fir d'Verständnis wéi och fir d'Expressioun an der Letzbuurger Sprooch.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Mir wäerten eis an den nächste Méint mat de Leit do-riwwer ënnerhalen.

» **M. le Président.** - Här Wolter...

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, et ass schéin a richtig, mä wann esou Saache wéi déi dote gesot ginn, da soll een och notéieren, dass se esou gesot ginn am Numm vun der Demokratescher Partei.

» **Une voix.** - Hutt Dir eng Fro, Här Wolter?

» **M. le Président.** - Et gëtt jo e Procès-verbal gemaach. Ech géif elo bieden, d'Madame Flesch hir Ausféierunge maachen ze loosson.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Et ass net wéi den Här Mosar gemengt huet, fir ze soen, mir wëllten net, dass ee misst Lëtzebuergesch kennen, fir Lëtzebuurger ze ginn. Dat ass net wouer! Et misst een den Niveau A1 hunn. An et ass dat, wat preziesiert ginn ass, fir dass och Leit, déi net déi héich Bildung hunn, och dierfen ons Nationalitéit kréien.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Laurent Mosar (CSV).** - D'Madame Brasseur huet d'Madame Flesch jo elo nach eng Kéier confirméiert.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Jo lauschtert, mir hunn awer hei keng Pöterstonn, wou jiddferree ka soe wat hie wëllt! D'Wuert huet d'Madame Flesch a soss keen. Madame Flesch, fuert virun, wann ech gelift!

(Interruption et hilarité)

Här Jaerling, et ka jiddferree sech hei zu Wuert mellen, mä et geet elo duer. Madame Flesch, wann ech gelift.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ech deelen dem Här Wolter seng Meenung! Ech wënschen, dass dat, wat ech elo hei gesot hunn, textuell festgehale gëtt, well mir stinn zu deem, wat mer soen. An ech weess, Här President, dass dat effektiv de Fall ass, well ech hu Confiance an d'Secrétariat général vun der Chamber, dass an dëser Geleeënheet wéi bei allen anere fidèlement e Bericht vun deem gemaach gëtt, wat haut an dëser Sitzung gesot ginn ass.

Här President, mäin Appel un d'Kollege vun der CSV a vun der LSAP - zwou Parteien, déi dat Wuert „sozial“ an hirem Firmeschëld droen - am Virfeld vun der Diskussioun am Hierscht ass, se ze froen, si sollen dach hirem Häerz an hirem soziale Gewëssen an deenen zwou Froen nogoen.

Här President, fir ofzeschleissen nach eng Remarque, déi awer guer nëischt mat deem ze dinn huet, wat ech bis elo gesot hunn. De Rapporteur huet drop higewisen, dass déi Décisiounen, déi mer haut huelen, ganz enk mam Gesetz iwwert d'Nationalitéit zesummenhänken.

Mir stëmmen haut déi Verfassungsännerungen an éischer Liesung. Duerno, wann dat geschitt ass, muss vun der Säit vun der Chamber a vum Conseil d'État an engem gewësse Sënn eng Auerméchersaarbecht gemaach ginn, fir derfir ze suergen, dass déi Texter zäitlech an der richteger Concordanz iwwert d'Bühn ginn, fir dass se och kennen normal an uerdentlech applizéiert ginn.

Ech sinn iwwerzeegt, dass de Conseil d'État sech däärs bewosst ass. Ech weess, dass d'Chamber an d'Commission juridique sech däärs bewosst sinn. Mir hu schon driwwer geschwat a mir hunn d'Modalitéiten definiéiert, wéi dat soll viru sech goen. Nach ass dat eppes, wou mer musse Suerg derfir droen, dass dat zäitlech och richtig iwwert d'Bühn geet.

Här President, ech wëll ofschleissend nach eng Kéier ënnersträichen oder bestätegen, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäert deenen zwou Propositions de révision vun onser Constitutioun, déi haut ustinn, hiren Accord ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Alex Bodry.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Wann den Här Wolter draschwätzt, geschitt guer nëischt.

» **M. le Président.** - Här Jaerling, schreift lech an, wann Der wëllt d'Wuert ergräifen.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Dat hunn ech gemaach, Här President.

» **M. le Président.** - Dann ass et gutt. Da packt lech elo ee Moment. Et ass geschwënn esou wäit.

(Hilarité)

Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Merci, Här President. D'Madame Flesch huet sech schon e bësse waarm gelaf fir déi Diskussiounen, déi mer héchstwahrscheinlech wäerten am Oktober dëst Joer hei am Parlament hunn, wann iwwert de Projet de loi iwwert d'Nationalitéit wäert diskutéiert ginn.

Effektiv besti Lienen tëschent där Revisioun hei an deem neie Gesetz. Nach wëll ech awer drop hiweisen, och wa mer deen heiten Text änneren esou wéi proposéiert, dass dann awer eis bestehend Gesetzgebung voll kéint a Kraaft bleiwen. Dat heescht, wa mir deen heiten Akt setzen - éischt Lecture, zweet Lecture - an d'Verfassung esou ëmännere wéi et hei proposéiert ass, muss mer eis Gesetzgebung iwwert d'Nationalitéit net änneren. Dat ka parfaitement weider esou fonctionnéiere wéi bis elo.

Nach si mer eis alleguerten eens, dass mer eng Reform wëlle maachen, wou an eisen Aen - dat soen ech ganz kloer - den essenzielle Punkt net d'Fro ass vu fénnef oder siwe Joer, oder och net onbedéngt deen ass vun der Sprooch, mä den essenzielle Punkt, dee groussen Duerchbroch an där Reform ass, dass et méiglech gëtt, Lëtzebuurger ze ginn oder Lëtzebuurger ze sinn an derniewent nach eng aner oder méi Nationalitéiten ze hunn.

Dat ass eigentlech dee groussen Duerchbroch, dee mat deem Gesetz do geschitt. Dat huet eis Partei scho laang gefrot. Ech sinn e bësse paff, dass d'Verriederin vun der liberaler Partei hei esou hardi Lektiounen ausdeelt. Grad hir Partei huet laang gezéckt, fir deen dote Wee ze goen. An hirem Wahlprogramm vun '99 wäert Der keng Spur dovunner fannen. Si hu sech och eréischt am Laf vun der leschter Legislaturperiod duerchgerongen, fir op deen dote Wee kënne matzegoen.

Mä loosse mer haut iwwert dat diskutéieren, wat op der Dagesuerdung ass.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat ass eis Verfassung op engem wesentleche Punkt: der Fro vun der Nationalitéit. Mir hunn eng Particularitéit hei zu Lëtzebuerg an eiser Verfassung. Et sinn nëmmen déi Belsch an Europa, déi datselwech hunn. Déi zwou Bestëmmungen hunn och deeselwechten Ursprung, nämlech déi belsch Verfassung vun 1831.

Dat ass, dass zu Lëtzebuerg net nëmmen an der Verfassung steet, wat praktesch an allen anere Verfassungen an Europa steet - dass d'Fro vun der Nationalitéit en Domaine réservé vum Gesetz ass, dass also d'Gesetz d'Konditiounen fixéiert, wien d'Nationalitéit vun engem Stat kritt -, mä mir sinn hei zu Lëtzebuerg wéi d'Belsch méi wäit gaangen a mir hunn och Regele vum Fong an de Verfassungstext erageschriwwen.

Et gëtt gesot, dass d'Naturalisatioun en Akt muss si vum Pouvoir législatif. Also, d'Parlament leet net nëmmen iwwer ee Gesetz d'Konditiounen fest, mä d'Parlament hält selwer Décisiounen am Kader vun Accès zur Lëtzebuurger Nationalitéit. Dat ass schon eppes relativ Aussergewéinlech an eise System, well dat och nach iwwer e Gesetz geschitt.

Dat heescht, déi Décisioun vun der Chamber - wat jo awer eng individuell Décisioun ass fir jiddferree, deen déi Nationalitéit zougessprach kritt -, deen Akt huet déi materiell Form vun engem Gesetz. E Gesetz ass normalerweis nëmmen do, fir allgemeng Bestëmmunge festzelleen. Et ass also eng relativ cocasse Vermëschrung vu Konzepter, déi am Lëtzebuurger an am belsche Rechtswiese bestinn.

Hei maache mer e Schratt zur Normalitéit, wa mer déi dote Bestëmmungen ofänneren an an Zukunft just nach soen, dass d'Fro vun der Nationalitéit iwwert d'Gesetz gere-

gelt ginn. Dir gesitt, dass dat also e Punkt ass, wou d'Gesetz muss Konditiounen festleeën.

Dat heescht also an engem Rasonnement a contrario, dass d'Exekutiv - d'Regierung oder de Grand-Duc - keng direkt originaire Kompetenzen en matière vun den Nationalitéiten huet. Si huet à la rigueur eng Compétence d'attribution, wann d'Gesetz hir déi zousprécht. Dat ass also eng ganz grouss Nuance, op déi ee muss oppassen.

Wat opfällt, dat ass, dass eisen Text, deen aus de Joren 1848 an 1856 staamt zu engem ganz groussen Deel, eng Referenz mécht op den Droit civil. Geduecht domadder ass de Code civil. D'Erklärung ass, dass fréier am Code civil déi wesentlech Bestëmmungen iwwert d'Nationalitéite verankert waren. Dat ass awer zënter engem Gesetz vun 1934 net méi de Fall. Zënterdeem besteet e Spezialgesetz. Eenzel Artikelen aus dem Code civil sinn einfach abrogéiert ginn.

Et besteet awer nach een Artikel. Dee misste mer och mat ofänneren, vläicht am selwechte Siess, wa mer elo un d'Nationalitéitsgesetz kommen; an zwar den Artikel 7, deen nach ausdrécklech eng Referenz op d'Loi constitutionnelle mécht.

An deem Sënn, wou awer an der Loi constitutionnelle keng Règle de fond méi drasteet, ergëtt déi Referenz vun Code civil op d'Constitutioun och kee Sënn méi. Ech géif also hei proposéieren - et ass mer opgefäll wéi ech meng Interventioun preparéiert hunn -, dass mer am Zesammenhang vum Nationalitéitsgesetz och vläicht géife profitéieren, fir eng punktuell Modifikatioun vum Artikel 7 aus dem Code civil virzehuelen, well eng Referenz op d'Loi constitutionnelle an deem Zesammenhang elo mat deem neien Text kee richtege Sënn méi ergëtt. Mä dat ass jo eng Fro, déi mer nach kënne weider an den zoustännege Kommissiounen diskutéieren.

D'Fro stellt sech, firwat a ville Länner vun der Nationalitéit gesot ginn ass: Dat ass eng Fro, déi muss iwwer Gesetz geregelt ginn. Sécherlech, well et e wichtige Domän ass, well et d'Relatiounen definéiert tëschent dem Bierger an dem Stat, a well nach eng ganz Rëtsch vu Rechter a Flichten hänken un där Qualität vu Lëtzebuurger oder vun nationalem Bierger.

Ech wëll awer hei och vläicht zitéieren, well dat ganz interessant ass, wat am 19. Jorhonnert d'Beweggrënn waren, fir esou eng Bestëmmung an d'Verfassung ze schreiwen. Ech wëll hei kuerz de Professor Thonissen zitéieren. E belsche Professor, deen a sengem Wierk iwwert déi belsch Constitutioun aus dem Joer 1879 zwee Grënn uginn huet, firwat d'Verfassung an der Belsch - a mir hunn déiselwech Bestëmmung - virgesäit, dass dat doten eng Fro ass, déi muss iwwer e Gesetz geregelt ginn, wou also de Pouvoir législatif zoustännegeketen huet.

Den éische Grond ass - ech zitéieren -: «Il ne fallait pas permettre que les étrangers vinssent, sans l'agrément des représentants de la nation, prendre une part des avantages que celle-ci s'est acquis au prix de travaux, de luttes et de sacrifices séculaires»; an zweetens - an dat ass den Haaptgrond -: «Il ne fallait pas surtout mettre à la disposition du pouvoir exécutif un moyen sûr et commode d'élever à des emplois lucratifs des étrangers qui s'attireraient ses faveurs par des complaisances peu honorables.»

D'Suerg war sengerzäit do fir ze verhënnern, dass iwwer Regierungsdécisiounen Leit géifen d'Nationalitéit kréien, déi eigentlech keng richtig Mériten hätten an dann och op bestëmmte Plazen am Stat géife gesat ginn. Dat war de Rasonnement, deen am Ufank vum 19. Jorhonnert derzou gefouert huet, firwat iwwerhaupt déi Dispositioun do an déi belsch respektiv dann duerno an déi Lëtzebuurger Verfassung iwwerhol ginn ass.

Interessant ass - och dorop sinn ech gestouss bei menger Recherche -, dass et sengerzäit an deem éische Nationalitéitsgesetz an an der Belsch speziell Bestëmmunge gi si fir d'Awunner vu Lëtzebuerg a vu Limburg. Also déi, déi eng Zäit um Territoire vun der Belsch gewunnt hunn, hu Facilitéite gemaach kritt, fir kënne déi belsch Nationalitéit bäizebehalen. Och dat ass interessant ze gesinn, wann een e bëssen historesch op dat Ganz ze schwätze kënnt.

Ech wëll also soen, dass mir als sozialistesche Fraktioun frou sinn, dass mer déi heite Modifikatiounen virhuelen, well dat elo dach awer Dieren opmécht, fir eng Rei vu Reformen am Nationalitéitsgesetz ze maachen, déi mir och als Partei scho laang gefuerdert hunn.

Mir hunn eis ëmmer an deene leschte Joren ausgeschwat fir eng Vereinfachung a fir eng Beschleunegung vun de Prozeduren, fir Lët-

zebuurger ze ginn, well mer der Meenung waren, dass et kaum ze rechtfertegen ass, dass esou Prozeduren oder Naturalisatiounen haut hei zu Lëtzebuerg - dat wësse mer alleguerten - alt dräi Joer an nach méi daueren. Dat ass mat engem normale Fonctionnement vun enger Verwaltung net ze rechtfertegen.

Mir hunn eis och ëmmer ausgeschwat fir d'Aféierung vun engem Rekursrecht géint d'Décisiounen, déi den Erwerb oder d'Oflehnung vum Erwerb vun der Nationalitéit betreffen. Et ass haut an engem moderne Rechtsstat net ze erklären, dass et Akte gëtt, déi déi direkt individuell Rechter a Fräiheete vum eenzelne Bierger betreffen, déi guer kenger Kontroll vun onofhängeger Gerichter géifen ënnerleien, déi also och kéinten Arbitrairé sinn.

Dat ass net méi hinzehuelen. Duerfir ass et nëmmen normal, dass een haut seet: Neen, loosse mer op de Wee goe vun normalen administrativen Décisiounen, mat alle Garantien, déi dat fir den eenzelne Bierger mat sech bréngt. Mä loosse mer awer och parallel derfir suergen, als Législateur, well dat bleift jo eis grondleeënd Kompetenz, dass mer déi Konditiounen, déi Prozeduren esou prezis definéieren an eise Gesetz, fir dass et och kloer ass, wéi d'Administratioun, wéi den zoustännege Minister a wéi herno d'Gerichter déi gesetzlech Bestëmmungen ze interpretéieren hunn.

Eis geet et och als LSAP drëm, dass mer méi Rechtssécherheet a Rechtsgarantien an dee ganze System vun der Acquisitioun...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...vun der Lëtzebuurger Nationalitéit era-kréien.

Dës Revisioun ass geduecht als Virstuf zu enger méi grondleeënder Reform vun eise Nationalitéitsgesetz. Mir als Sozialiste gesinn dat als eng Weiterentwécklung vun eise Recht op deem dote Punkt a virun allem zu engem ganz wichtige - géif ech soen - qualitative Sprong, andeem mer hei zu Lëtzebuerg endlech vun engem Recht vun der Lëtzebuurger Nationalitéit eriwerginn an e Recht op eng Lëtzebuurger Nationalitéit no prezise Bedéngungen, déi d'Verwaltung ze respektéieren huet an déi herno ënnert der Kontroll vun onofhängeger Gerichter stinn. Mir mengen, dass dat soll déi Verwaltungsgerichtsbarkeit sinn, déi d'Kompetenz an deem dote Beräich kritt.

Mir sinn och der Meenung, dass dat, wat elo um Dësch läit, zu méi Rechtssécherheet an zu méi Rechtsgarantié féiert. Mir begrëssen och Ouverturen, déi gemaach sinn. Dat ass fir eis de wesentlechen Duerchbroch am Beräich vun Duebel- a vu Plurinationalitéiten.

Mir kommen do vu wäit hier. Et ass nach net esou laang hier: Virun 20, 30 Joer war et. Et si jo Konventiounen sengerzäit gemaach ginn, fir ze verhënnern, dass ee kéint méi wéi eng Nationalitéit hunn. No an no hu mer do éischt Upassung gemaach. Mir sinn elo och do beim vollen Duerchbroch, wou mer eigentlech e bëssen eng aner Konzeptioun vun der Nationalitéit amgang sinn an eis Legislatioun anzeféieren.

Et ass och duerch e Virstouss, deen an der Kommissioun gemaach ginn ass, eng kleng Ouverture zousätzlech hei an deen Text erakomm, wat „ius soli“ ubelaangt, wou eigentlech elo Leit aus der drëtter Generatioun automatesch déi Lëtzebuurger Nationalitéit kréien. Och dat ass awer ee Punkt, deen een dierf positiv an där Diskussioun hei ervirsträichen.

Mä eppes ass selbstverständlech, wann een op d'Entwécklung vun deene leschten 100 Joer hei zu Lëtzebuerg an och an anere Länner zrëckkuckt: Dat hei ass e Prozess. D'Fro, wien d'Nationalitéit vun engem Land huet, ass eng Fro, déi ni definitiv geregelt gouf an déi onofhängeg ass vu gesellschaftlechen Entwécklungen a vun historeschen Evénementen.

Et ass evident:

- dass, wann een eng Analys mécht vun deene ville Gesetzgebungen, ee mierkt, dass a Krisen-, a Krichs- an an Nokrichssituatiounen - duerfir ass d'Reform jo och 1948 hei zu Lëtzebuerg komm - et ëmmer erëm nei Iwwerleeunge gi par rapport zu enger Nationalitéit;

- dass d'Fro vun der demographescher Entwécklung hei matspillt. Iwwerleeunge wéi ee seng Gesetzgebung an deem dote Punkt orientéiert, an

- dass et och d'Fro si vum Wonsch no Integratioun, déi matspillt, fir vläicht op nei Weeër ze goen an deem dote Beräich.

Esou dass ee Fluktuatioun feststellt iwwert déi lescht 80, 100 Joer; och hei zu Lëtzebuerg. Bal ass et méi opgaangen, bal ass et méi zougaangen, jee nodeem wéi eben déi gesellschaftlech Stëmmung war. Nach mengen ech, dass mer amgaang sinn hei awer e Schratt ze preparéieren, deen insgesamt an déi richteg Richtung geet, och wann ee selbstverständlech Divergenz behält an der Appréciatioun vun eenzelne Punkte vun där Reform, déi momentan diskutéiert gëtt. Dat gëllt selbstverständlech och fir meng Partei.

Wichtig bleibt et, dass mer dee Schratt do maachen an dass mer elo mat deem heite Punkt eng Rei vu Reformen an der Gesetzgebung méiglech maachen, déi ouni déi Ofännerung vun der Verfassung net méiglech géife ginn. Et ass an deem Sënn, wou eis Partei och wäert deen heiten Text stëmmen.

Merci.

►► **M. le Président.** - Merci, Hâr Bodry. Den nächste Riedner ass den honorablen Hâr Félix Braz.

►► **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Hâr President. Ech wëll direkt aganks d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun bréngen zu deem Vote, dee mer herno wäerte virhuelen, an och dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen an och fir säi mündleche Bericht.

Ech mengen och, dass déi Ännerungen, déi haut an der Verfassung virgeholl ginn, wichtiger sinn, dass dat net nëmmen technesch Upassung sinn. Et ass wuel de Fall, dass dës Modifikatioun muss virgeholl ginn en vue vum Nationalitéitsgesetz, wéinst deem, wat mer virhu beim Nationalitéitsgesetz. An awer ass et wesentlech méi wéi nëmmen eng technesch Upassung.

Et ass eiser Meenung no eng Saach, déi eis Relatioun zu Lëtzebuerg zur Nationalitéit frësch definéiert. Bis elo hu mer eng Tradition - den Alex Bodry huet drop higewisen -, déi mat klengen Schrëtt evoluéiert huet an eigentlech parallel zur Belsch evoluéiert huet an engem bestëmmte Rhythmus a mat bestëmmte Considératiounen.

Hien huet drop higewisen, dass et haut just zwee Länner gëtt, déi nach déi aktuell politesch Prozedur, wéi mir se praktikéieren, hunn. Dat huet awer eiser Meenung no och eng praktesch Ursaach. Bei méi grouse Länner géif déi Prozedur, déi mir hei adoptéiert hunn, ganz einfach um Praktesche scheitern, wa se déi wëllte bäibehalen.

Dee Luxus, dee mir eis hei leeschten, fir all einzelnen Dossier am Parlament duerchzehuelen, geet soulaang een ongeféier bis 150 Leit de Mount an der Moyenne huet. Da gëtt ee sech mat deene Points vidés favorables of, déi an den Dossiere leien an dann huet ee seng Solutiounen.

Wann een an engem Land vun der Dimensioun vun Däitschland oder Frankräich oder England op esou eng Prozedur misst zréckgräifen, da wär ee séier vun de Prinzipien erof. An et wier ee ganz séier - wat jo och de Fall ass - bei enger administrativer Prozedur, wou d'Laascht op ganz vill Beamte verdeelt gëtt, well do einfach dann d'Prinzipien un der Realitéit scheitern. Da gëtt ee vernünfteg an da sinn déi Prinzipien op eemol net méi esou vill wäert wéi dat, wat ee virdrun dovunner gehalen huet. Dat spillt och hei mat, firwat dass mir an d'Belsch déi heite Prozedur hunn.

Mä wat awer och interessant war un deem, wat den Hâr Bodry gesot huet, dat ass, dass een och e Fil rouge erkennt an deenen Evolutiounen, déi d'Nationalitéitsgesetzgebung kann huet, dass ganz oft an deene Gesetzter den Hauptsouci war, sech géint eppes ze wieren, méi nach bal, wéi dass ee wëllt eppes domat errechen.

Et ass ganz oft eng defensiv Argumentatioun an deene Modifikatiounen. Et goufen vu jiddfer Zäit Dämonen, déi een huet misse mam Nationalitéitsgesetz an de Grëff kréien. Dee Fil rouge zitt sech bis haut derduerch, wa mer méi spéit dann d'Debatt wäerte féieren iwwert d'Nationalitéitsgesetz. Bis haut gesäit een, dass et ëmmer nees drëm geet, och an deem Gesetz bestëmmte Saache wëllen ze évitéieren; supposéiert oder affirméiert Geforen, déi op d'Land géife laueren, déi sech awer nach net erausgestallt hunn an och net agestallt hunn.

Mir mengen och, dass mer haut, am Joer 2008, méi offen a fräi misse kënnen iwwert dat Thema do schwätzen an engem Land, deem d'Immigratioun nach ëmmer nëmme Guddes bruecht huet; sief dat déi Zäit, wou d'Lëtzebuerg hie misse vun der Immigratioun profitéieren, fir hei fortzekommen, fir ze essen ze hunn, an awer och an deenen Zäiten

zënter dem Krich an och virdu schonn, wou ganz vill Leit bei eis op Lëtzebuerg koumen, fir hei ze iwwerliewen.

D'Immigratioun huet hei nach ni dem Land geschuet. Déi Dämonen, déi ëmmer nees am Nationalitéitsgesetz solle bekämpft ginn, si méi Phantasmen, wéi dass se mat enger Realitéit eppes ze dinn hätten.

Trotzdem menge mir, dass mer haut mat dëser Ännerung vun der Verfassung wierklech ee Schratt méi wäit ginn an en zolitte Schratt no vir ginn, well mer eis Relatioun zur Nationalitéit hei zu Lëtzebuerg wierklech op eng nei Aart a Weis definéieren. Mir maachen dat op zwou Manéieren.

Éischtens emol duerch d'Aféierung vum Prinzip selwer vun der duebeler Nationalitéit, déi jo den Hannergrond duerstellt vun där Modifikatioun vun der Verfassung, déi mer haut maachen; woubäi d'Vefassung net misst geännert ginn. Ech wëll dat och preziséieren. Wéinst der duebeler Nationalitéit misst een d'Vefassung net änneren. Dat kann een och maachen ouni Verfassungsännerung. Et ass wéinst aneren Aspekter - Deelaspekter - vun där Debatt, wou mer se mussen änneren.

Mä wat mer maache mat der Aféierung vun der duebeler Nationalitéit ass och e Stéck Abandon vun enger Exklusivitéit, déi mer bis elo deene Leit ofverlaangt hunn, wa se da wollten de Lëtzebuerg Pass unhuelen. Domadder akzeptéieren mer och elo e Stéck aner Realitéiten, wéi nëmmen déi Lëtzebuerg Realitéit.

Méi nach: Mir akzeptéieren haut aner Realitéiten, wa mer d'duebel Nationalitéit bis stëmmen, net nëmmen als aner Realitéiten, mä och an Zukunft als e Stéck vun eiser egener Realitéit. Dat ass e grouse Sprong no vir.

Mir verlaangen net méi, dass déi Leit wéi mir sinn, mä dass se mat eis sinn a mat eis ginn. Dat ass eppes anescht, wat mer elo an der Nationalitéitsgesetzgebung proposéieren. Mir considéieren och domadder d'Veffalt, déi Lëtzebuerg duerstellt, als e Rächtum a manner, wéi an der Vergaangenheet, als en Handicap, mä als eppes Positives.

Dat ass net näischt. Wann een d'Nationalitéitsgesetzgebung aus engem anere Bléckwénkel considéiert, wéi dat bis elo de Fall war, da si mer amgaang e grouse Schratt hei zu Lëtzebuerg ze maachen, an net just e klenge mat enger technesch Upassung.

Et muss een och derbäi soen, dass mer ce faisant net no hanne kucken, wa mer op de Wee gi vun der duebeler Nationalitéit, dass mer also net d'Vergaangenheet vun deene Leit kucke ginn oder eis eege Vergaangenheet kucke ginn. Et ass kee Bléck no hannen, mä et ass ee Schratt, deen no vir geet an den och no vir kuckt, fir dat Stéck Wee ze belichten, wat mer zesumme wëlle maache mat all deene Leit, a wou mer eis net méi esou vill drëms këmmeren, wat dat Stéck Wee war, wat mer eventuell getrennt gaange sinn. Et ass also net näischt, wat mer hei maachen; och doduerch, dass mer d'Vefassung dorobber preparéieren.

Déi zweet Aart a Weis, wéi mer eis Relatioun zur Nationalitéit frësch definéieren, ass dee Wiessel op déi administrativ Prozedur an ewech vun der politescher Prozedur. Och dat ass net näischt. Mir ginn eriwier - de Statsrot huet et och scho soulignéiert - vun engem Droit sur la nationalité op en Droit à la nationalité.

Et ass also keng politesch Opportunitéit méi, déi spillt, ob ee Lëtzebuerg gëtt oder net; et ass kee Cadeau du souverain méi, ob een déi Nationalitéit attribuéiert kritt, mä et huet mat Rechtsstaatlechkeet ze dinn, et huet mat Transparenz ze dinn an et huet mat Gläichbehandlung vun all de Leit ze dinn, déi hei am Land liewen.

Wat mer behalen, ass awer en Droit d'exception fir d'Chamber. Et gëtt also net komplett doduerch fir d'Chamber ofgeschafft, wa mer dës Verfassungsännerung virhuelen. Et bleift, dass a bestëmmten Ausnahmefäll d'Chamber kann iwwert de Wee vun engem Gesetz d'Lëtzebuerg Nationalitéit attribuieren. Et gëtt also net ganz ofgeschafft. Dat bleift e Pouvoir d'exception.

Déi zweet Remarque: Mir mussen eis awer och an der Commission juridique nach eng kéier mat der Fro vum Numm vun de Leit beschäftegen. Mir hu bis elo iwwert déi legal Prozedur net nëmmen de Leit kënnen d'Lëtzebuerg Nationalitéit attribuieren, mä si hunn och domadder kënnen de Wonsch ausdrécken, hiren Numm geännert ze kréien.

Doduerch, dass mer eriwier ginn op déi administrativ Prozedur solle mer och drun denken, an deem Gesetz wéinstens een Artikel virzegesinn, deen - elo wou mer jo d'Optiounen ofschafen - och am Fall vun den Naturalisatiounen der Verwaltung d'Recht gëtt, sech mat enger Demande ze befaassen, fir den Numm ze änneren. Dat hu mer bis elo am Gesetz net virgesinn.

Dat wär awer eiser Meenung no eng utile Preziséierung, fir dass mer net mat der Prozedur vun der Chamber, déi mer ofschafen, déi dote Possibilitét vun der méi liichter Verännerung vum Numm géife mat ofschafen an ersatzlos géife strächen. Do misste mer nach vläicht am Gesetz iwwert d'Nationalitéit iwwer en Amendement der Verwaltung och déi Kompetenz ginn, déi se elo jo schonn huet am Beräich vun den Optiounen.

D'Konsequenz dovunner ass och, wa mer op de Wee gi vun der administrativer Prozedur, dass mer dann natierlech och folgerichtig solle probéieren, de Contentieux vun där doter Matière ewechzehuele vun den zivil Gerichter eriwier bei den Tribunal a bei d'Cour administrative. Et ass e Konsens an der Kommissioun, dass mer op deen dote Wee wëlle goen.

Fir eis ass d'ëst en Iwwergank eriwier zum Recht op d'Nationalitéit. Et gëtt elo e Recht, Lëtzebuerg ze ginn, an net just méi eng Méiglechkeet, dat unzufroen. Dass et elo e Recht gëtt, dat ze ginn, dat ass fir eis eng ganz wichteg Notion. Mir hunn eis och als Gréng ganz vill dofir agesat. Mir haten eis och schonn a fréiere Gespréicher mam Justizminister - ier den Dépôt vum Projet de loi stattfonnt huet, hat de Minister eng Ronn vu Concertatiounen gemaach - doriwier ënnerhalen.

Dat war net d'initial Absicht vun der Regierung, mä mir hu gemengt, et géif eng ganz Rei valabel Grënn ginn, fir op deen dote Wee ze goen. Mir hunn och probéiert an der Institutionskommissioun déi doten Iddi virunzedriewen. Mir sinn och frou, dass déi Iddi kann hire Wee maachen, well mer dat wierklech als vläicht dee gréisste Fortschritt am Kader vum Nationalitéitsgesetz halen, nieft der Aféierung vum Prinzip vun der duebeler Nationalitéit, well dat wierklech an der Relatioun, déi mir hunn zur Nationalitéit, e richtige Schratt no vir ass a méi modern Zäiten.

Dat gesot, beäntwert dat natierlech net all d'Froen, déi an eiser Gesellschaft gestallt ginn, wann et ëm Theme geet wéi Intégratioun oder wann et ëm Theme geet wéi demokrateschen Defizit, dee mer jo hunn doduerch, dass ëmmer manner Leit, déi de Rächtum vum Land erwirtschaften, um politesch Prozess bedeelegt sinn.

Haut ass just nach ee Créateur d'entreprise vu véier e Lëtzebuerg. Dräi vu véier, déi Aarbecht schafen, si keng Lëtzebuerg méi. Um politesch Prozess bedeelegt si se awer dofir net. Dat ass e Problem. Dat gëtt net besser, wann een net wierklech probéiert do erëm eng kéier och iwwert den Émwee vun der Nationalitéit fir d'Cohésion sociale ze suergen, déi am Moment net vum selwe stattfënt.

Mir hu méi e friddelecht a produktiv Nieftenaner wéi e produktiv Matenaner. Dat gëtt vum selwen net besser. Dat heiten ass en Instrument, wat kann op deen dote Wee goen, wou mir awer mengen, dass mer net op all de Punkten deem Zil - deem autoproklaméierten Zil - vun der Regierung wäerte kënnen gerecht ginn.

Et sinn also och aner gefuerdert - net nëmmen an dësem Kontext -: D'Schoul ass gefuerdert; d'Aarbechtswelt ass gefuerdert; d'Gewerkschaften si gefuerdert; d'Veräinslieden ass gefuerdert. Dozou gehéiert méi wéi nëmmen d'Gesetz iwwert d'Nationalitéit.

Zum Gesetz selwer wäert nach selbstverständlech viles ze soe sinn. Dat wäerte mer dann och maachen, wa mer hei an der Plénière iwwert d'Gesetz selwer wäerten diskutéieren. Leider sinn och e puer méi negativ Saachen dozou ze soen; notamment - an d'Madame Flesch huet et scho gemaach - zur Sproochregelung, déi virgesinn ass.

Mir biede wierklech nach eng kéier och d'Kolleege vun der Majoritéit, sech am Detail mat deenen Niveauen auserneezenetzen, déi am Moment proposéiert sinn. Dat, wat mer zënter 2001 am Gesetz stoen hunn als Connaissance de base, ass mat Sécherheet besser erëmginn, wann ee wierklech dann och den Niveau de base hält, deen et an deenen Tabellé gëtt. Dat ass den Niveau A1.

Et gëtt och fir eis kee Grond, firwat dass een am passiv Sproochberäich soll méi Ufuerderunge stellen an d'Leit wéi am aktive Sproochberäich. Contrairement vläicht zu

deem, wat een als Gefill kritt, wann een déi Tabellé gesäit, ass dat, wat do verlaangt gëtt, alles anescht wéi eng Connaissance de base. Déi Connaissancë sinn eiser Aschätzung no, opgrond vun der Lecture, déi mer gemaach hu vum Exposé des motifs vum Projet de règlement grand-ducal - dat sinn also Dokumenter vun der Regierung, déi déi Saachen do beinhalten -, wäit méi wéi Connaissances de base a si wäerten de facto zu enger sozialer Klausel an deem Gesetz féieren.

Et wäert fir eng ganz Partie Leit mat enger bestëmmter Qualifikatioun schlichtweg onméiglech sinn, deen Niveau ze errechen, deen e Kand am 6. Schouljoer huet. Dat Kand ass duerch 6.000 Stonne Primärschoul gaangen, bis et am Aktiven déi Connaissancen am Däitschen a Franséischen hat. Wann een dat niewebäi wëllt maachen, an dee géif och nach aacht Stonnen d'Woch Coursen huelen, an dat 52 Wochen am Joer, da wier e 15 Joer domat amgaangen. An dat ass net en immersion totale an ouni deeslechwechten Hannergrond.

Just fir eng kéier virun Aen ze féieren, dass déi Connaissancen, déi do verlaangt sinn, wierklech keng Connaissances de base sinn. Mir hoffen, dass mer no deem neie Retour vum Statsrot nach eng kéier kënnen och sachlech iwwert déi doten Aspekter diskutéieren. Well mir hunn d'Gefill, dass net jiddferee sech bewusst ass, wéi héich déi Niveau sinn, déi mer am Moment do verlaangen.

Wat mech awer stéiert, an déi Remarque wëll ech awer och hei maachen: Ech hunn der Madame Flesch ganz opmierksam nogelauschert. Den Hâr Wolter schénigt dat jo och gemaach ze hunn, wéi d'Madame Flesch geschwat huet. An et huet mech eppes gestéiert: Wann den Hâr Wolter fir d'CSV virdrun heibanne gesot huet, déi Position, déi d'DP hei ageholl hätt, doriwier wär an den nächste Wochen a Méint nach ganz vill mat de Leit ze schwätzen an de Leit och nozehrängen an ze erklären, wat d'DP do géif soen: Ech stelle mer d'Fro, wat Der domadder de Leit wëllt soen.

Wat wëllt Der de Leit da soen iwwert d'Position vun der DP? Dass si schlecht Patriote sinn? Well se net den héijen Niveau vu Connaissancë verlaangen, deen Dir verlaangt? Wat ass de Virwurf, deen Der do u si riicht? Ass et eng normal Divergenz, déi ee kann hunn am Parlament? Firwat sot Der eis dat mat engem drohenden Énnertoun?

Et ass dat wat d'DP do als Position huet, fir ganz normal ze soen, mir mengen, déi Connaissancë sinn ze héich.

(Interruption)

Firwat schwätzt Dir mat engem drohenden Énnertoun, dass Der de Leit dat elo géift soen? Wat wëllt Der de Leit soen? Et wiere schlecht Patrioten? Et wiere schlecht Lëtzebuerg?

(Interruption)

Ech stellen lech déi Fro. Ech ënnerstellen iwwerhaapt guer näischt. Ech stellen lech déi Fro, Hâr Wolter.

Wat wëllt Der de Leit da soen iwwert d'Position vun der DP? Wat ass dorunner esou verwerflech, dass Der lech drop freet, an den nächste Wochen a Méint de Leit se kënnen ze erklären? Dass si op dëser wesentlecher Fro schlechter wieren? Dass déi elo géifen iergendeppes verrodnen?

Ech mengen dat net. Ech soen lech just de Contraire. Dir sidd amgaang de Contraire dovunner ze maachen, well dat, wat Dir do verlaangt, féiert net nëmme komplett laanscht d'Saach; an ech ginn lech och eng Zuel: Mir hunn hei am Land eppes iwwer 450.000 Leit. 40% dovun sinn Ausländer, also potenziell Demandeure fir dës Prozedur. Potenziell. Mir hunn am Moment Naturalisatiounen an d'Optiounen - déi jo ewechfallen -, do komme mer emol net op 2.000 Leit pro Joer; 1.700, 1.800 Leit. Dat ass also ee Prozent vun de Leit.

Dir sidd amgaang dem Land ze probéieren ze erklären, dass, wa mer hei Sproochfuerderunge stellen, an och nach héich Sproochfuerderunge stellen, géife mer iergendeppes Wesentlech verbesseren an der Situation vun de Sproochen hei am Land. Dir

sidd amgaang lech mat engem Prozent vun de Leit ze beschäftege vun den Auslänner. Ee Prozent!

Alles dat, wat Dir do sot, am Kader vun dem Gesetz, ass fir 99% vun den Auslänner hei vu Lëtzebuerg keen Thema. Tendenz steigend. Well wann 1.800 Leit pro Joer Lëtzebuerger wëlle ginn, an et kommen der 3.000 bis 4.000 netto an d'Land nei eran, dann hutt Der domadder net nëmme ee Prozent kontaktéiert, mä d'Tendenz ass fallend. Et bleift emol net ee Prozent.

Dat heescht, wouriwwer diskutéiere mer? Wëlle mer wierklech eppes maachen dofir, dass och d'Sprooch - d'Lëtzebuerger Sprooch, déi vill Leit heibanne geléiert hunn, jiddferen op seng Aart a Weis - eent vun den Elementer ka gi vu Cohésion sociale hei am Land? Da muss mer wierklech eppes dofir maachen. An dat fënnt net am Kader vum Nationalitéitsgesetz statt, wou mer ee Prozent vun de Leit just uschwätzen.

Haalt op d'Leit gleewen ze dinn, dass, wann een hei net Ärer Meinung wier, da wier engem dat egal. Da musst Dir konsequent sinn am Kader vum Immigrationsgesetz an derfir surgen, dass all d'Leit, déi an d'Land kommen, an d'Konditioun gesat ginn, fir wierklech Lëtzebuergesch ze léieren, an da brauche mer eis am Nationalitéitsgesetz emol net méi doriwuer ze ënnerhalen.

Dir maacht also iwwerhaupt guer näischt fir d'Lëtzebuerger Sprooch mat deem Gesetz. Dir schwätzt vun engem Prozent vun de Leit, Tendenz fallend.

Dann haalt op d'Leit aner Saache gleewen ze dinn an deenen, déi mat lech op där do Fro net enger Meinung sinn, wëlle bäizebréngen, si wiere schlecht Patrioten. Et geet elo duer mat deem Unfug!

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Merci, Här Braz. Mir kommen zum nächste Riedner, dat ass den honorablen Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wannere mech e bësselchen iwwert d'Debatt. Ech hat geduecht, mir géifen iwwert eng Verfassungsreform diskutéieren, déi essentiellement technescher Natur ass a wou et nuren dorém geet, datt mer endlech dovunner ofgesinn, datt mir als Chamber d'Naturalisatioun accordéieren, esou wéi fréier an adlegen Zäiten de Grof oder de Grand-Duc d'Nationalitéit accordéiert huet als e Cadeau,...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...deen hien deem engen oder deem anere Bierger gemaach huet. Ech verstinn dofir och net dee Lien, deen hei gemaach gëtt mat der duebler Nationalitéit.

De Projet huet wuel, an den Här Rapporteur huet dat ervirgestrach, e Lien mam Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit, mä et kéint een déi bestehend Verfassungsreform och virhuelen, ouni datt een d'duebel Nationalitéit géif aféieren. Ech mengen et ass dee Prinzip, deen hei zur Diskussioun steet, an et ass och dowéinst wou ech mech wëll op dee Prinzip do konzentrieren.

Mir hu bis elo e Regime gehat, wou mer d'Naturalisatiounen hei an der Chamber diskutéiert hunn. Dat waren eng 150 d'Joer; et waren der och emol 180 oder 120, et huet do dertëscht geschwankt. An dann hate mer ongeféier, iwwert d'Optionen, sief et nom Mariage oder vun de Kanner mat 18 Joer, eng 1.500, 1.600 där Fäll.

D'Optione si bis elo schon ëmmer an de Kompetenze vun der Regierung gewiescht, wou eng administrativ Décisioun ass, wou och Méiglechkeete waren, virun den administrativen Gerichter Klo ze féieren.

Elo gi mer hin a mir soen, datt mer och fir d'Naturalisatiounen deesewechte Prinzip wëlle géille loosse. Dat ass e Prinzip mat deem mir als ADR d'accord sinn, well en näischt mat der duebler Nationalitéit ze dinn huet, mä well en domadder ze dinn huet, datt mer dem Bierger d'Recht ginn, datt e säin Dossier net nuren eng Kéier ka virbréngen an datt dann eng Décisioun ass, op déi kee Recours méi ass, mä datt en, doduerjer, datt mer et an administrativ Prozeduren eraginn, d'Méiglechkeet huet, an éischer an an

zweeter Instanz virun den administrative Gerichter e Recours anzerechen, wann en net mat der Décisioun vun dem Justizminister d'accord ass.

Dat ass e weideren Déngscht um Bierger an dat ass och e Punkt, mat deem mir d'accord sinn. En huet absolut näischt mat der duebler Nationalitéit en tant que telle ze dinn. Ech wannere mech och dofir, datt vun dëser Geleeënheet profitéiert gëtt fir elo eng Debatte ze féieren, déi souwisou elo nach am Parlament an an der zoustänneger Kommissioun an nach mat dem Statsrot muss gefouert ginn.

Ech hoffen, datt mer deen Ablack, wou mer d'Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit hunn, Kloertext kënne schwätzen an datt een dann déi eenzel Mesurë kann huelen. Mä fir ons ass dat heiten eng Verfassungsreform, déi méi technescher Natur ass, déi dem Bierger méi Rechter gëtt, an duerfir kënne mer ons domadder d'accord erklären. Et huet näischt mat der duebler Nationalitéit ze dinn.

» **Une voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Merci, Här Henckes. Den Här Jaerling huet d'Wuert, wann ech gelift.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)** - Här President, ech begréissen och déi Ännerung vun der Verfassung hei, well ech einfach der Meinung sinn, dass all Initiative fir d'Integratioun ze vereinfache muss geschéien an och ganz wichteg sinn.

Ech si just e bëssen erstaunt, well virun néng Joer, wéi mer eng Kéier d'Diskussioun huten iwwert d'Wahlgesetz, do hunn ech déi Propos an där zoustänneger Kommissioun gemaach, wéisou een net kann iwwert den administrative Wee goe fir Lëtzebuerger ze ginn. An do hu verschidde Leit gesot, ech hätt eng mat der Dänn.

(Hilarité)

Wann dat och an aneren Emstänn vläicht de Fall war, mä deemoos louch ech jo net esou falsch. Ech sinn och frou, dass dat haut elo - dat wat ech deemoos gefuerdert hunn - zur Realitéit gëtt. Ech fänken och ganz lues u mech drun ze gewinnen, dass ech am Endeffekt ëmmer Recht behalen,...

(Hilarité)

...mä ech sinn awer och traureg iwwert dës Verfassungsännerung. Éischtens, well an dëser Chamber awer wierklech jiddferen eppes genoss huet, an dat sinn der honorablen Madame Doerner hir herrlech Rapporten iwwert déi Naturalisatiounen.

(Interruptions et hilarité)

Dat mécht mech e bëssen traureg, dass mer dorobber muss verzichten.

Elo sinn ech awer erfreut, dass besonnesch bei der CSV wierklech mat Inbrunst hei iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch geschwat gëtt, dass d'Lëtzebuerger Sprooch op eemol den Nonplusultra ass vun allem, esou dass et jo dann elo net méi laang wäert daueren, bis déiselwecht CSV wäert domadder d'accord sinn, dass mer d'Lëtzebuerger Sprooch endlech an d'Verfassung aschreiwen. Well do leie jo awer zwou Propositionen de loi vir - eng vun Här Henckes an eng vu mir -, wou gefuerdert gëtt, dass d'Lëtzebuerger Sprooch soll an d'Verfassung ageschriwwen ginn. Ech froe mech, u wem et läit, well et ass jo awer wierklech de Wëllen do, dass d'Lëtzebuerger Sprooch soll hei am Land méi u Wichtigkeet gewannen.

Da wär ech och frou, wann ech erëm eng Kéier kéint hei déi Motioun deponéieren, mat där ech d'Regierung deemoos opgefuerdert hunn, dass se sech soll asetzen, dass d'Lëtzebuerger Sprooch emol endlech um europäesche Plang och als Sprooch unerkannt gëtt. Well d'Lëtzebuerger Sprooch, och nach ausgerechent als Sprooch vun engem vun de Grënnerlänner vun Europa, nämlech déi eenzeg ass, déi nach ëmmer net als europäesch Sprooch unerkannt ass.

Ech hoffen, dass déiselwecht Leit, déi sech hei esou fir d'Lëtzebuerger Sprooch agesat hunn, dann awer och endlech mat deesewechte Wëllen dorunner erugin, dass d'Lëtzebuerger Sprooch och emol endlech um europäesche Plang als Sprooch unerkannt gëtt.

Wat elo de Gesetzesprojet iwwert d'Integratioun ubelaangt, do sinn ech, wat d'Sprooch ubelaangt, och der Meinung, dass d'Lëtzebuerger Sprooch onbedéngt eng wichteg Roll muss spillen an och e bëssen d'Instruction civique, mä ech sinn awer net onbedéngt der Meinung, dass een do elo muss an deenen zwee Fächer Bac+7 hunn, fir elo kënne Lëtzebuerger ze ginn.

(Hilarité)

Ech sinn einfach der Meinung, dass een dat gutt preparéiere soll.

Mä, wat elo déi Residenzklausel ubelaangt, esou war ech nach ëmmer anerer Meinung, well ech einfach soen, d'Integratioun geschitt net duerch en Délai oder duerch iergendwelche Coursen, mä d'Integratioun geschitt haauptsächlech duerch den Integratiounswëllen. Wann ech Leit gesinn, déi den Integratiounswëllen hunn, déi hei an d'Land kommen an dës le départ ufänke Lëtzebuergesch ze léieren oder sech fir eis Institutionen ze interesséieren an och déi Coursë matmaachen, da gesinn ech net an, firwat déi Leit siwe Joer waarde mussen, fir dann endlech kënnen dat ze kréien, wat se am Fong wëllen, nämlech eng Integratioun.

Dat heescht, ech sinn einfach der Meinung, dass een déi Residenzklausel ganz soll strächen an do par contre drasetze soll, dass Leit, déi hei am Land wëlle sech integréieren an dee Wëlle beweisen, andeem se déi Coursë ginn iwwert d'Instruction civique, dee Moment, wou se dat gepackt hunn, dann och kënnen hir Demande maachen, fir Lëtzebuerger ze ginn, an net brauche siwe Joer ze waarden. Dat ass fir mech eng Forderung vun der Integratioun an dee Wee, op dee mer solle goen.

(Interruption)

Wann ech gelift?

» **Une voix** - Wou spillt dann do d'Sprooch mat?

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)** - Jo, d'Sprooch. Ma ech ginn lech e Beispill vun der Sprooch: Et ass eng Russin hei an d'Land komm, déi Lëtzebuerger ginn ass, déi ka perfekt Lëtzebuergesch. Dunn ass se an d'Coursë gaangen, fir de Führerschäin ze léieren, an huet keen Text fonnt op Lëtzebuergesch fir de Führerschäin. Zum Beispill.

Oder wa mer vun der Lëtzebuerger Sprooch schwätzen: Wéini kréie mer dann emol eis Verfassung a Lëtzebuerger Sprooch? Hu mer déi? Neen!

» **M. Xavier Bettel (DP)** - Wie schreift se?

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)** - Oh, hei kuck, wie schreift se?!

(Hilarité générale)

Majo, Här Bettel, dat kënne jo awer alleguer déi maachen, déi sech elo haut fir d'Lëtzebuerger Sprooch esou agesat hunn!

Ech kann lech just soen, den Här Roth ka se schreiwen, ech kann lech se schreiwen, an et sinn nach aner Leit hei am Land, déi sech eng Freed géife maachen, fir se kënnen ze schreiwen.

Mä ech soen lech just op jidde Fall eent: Ech si frou, dass Dir lech all esou fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Dat gëtt mer d'Hoffnung fir d'Zukunft, dass eis Sprooch net ausstierft.

A wann déi Forderungen, déi ech elo gestallt hunn, nämlech d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Verfassung anzuschreiwen an d'Lëtzebuerger Sprooch europäesch unerkennen ze loosse, erfüllt sinn, da kennt Dir emol mat rougem Gewëssen higoen a vu jiddferengem hei verlaangen, dass hien de Bac+7 muss an der Lëtzebuerger Sprooch hunn, fir Lëtzebuerger ze ginn.

Mä am anere Fall loosst d'Leit mat Rou a loosst se sech integréieren, wa se den Integratiounswëllen hunn, an emmerdéiert se net mat esou kanneresche Residenzklauselen.

Ech soen lech Merci.

(Hilarité)

» **M. le Président** - Merci, Här Jaerling. Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

(Brouhaha général)

» **M. Michel Wolter (CSV)** - Här President, Merci fir d'Wuert. Et ass jo esou, dass mer eng duebel Verfassungsännerung hei sollen ofstëmme an dass d'Debatt e bëssen duerch d'Interventioun vun der honorablen Madame Flesch op en anere Sujet, deen domat liéiert ass selbstverständlech, ofgeglétscht ass an nach eng Kéier duerch déi dach zimlech opgereegten Intervention vum Här Braz verstärkt ginn ass. Duerfir am Numm vun der CSV vläicht e puer Considératiounen zu där Fro, déi sech hei stellt.

Et gëtt - an et ass gutt, dass een dat feststellt - Ennerscheeder tëschent deenen eenzelne Parteien, wéi se verschidden Degréé gesi vun der Integratioun an eisem Land. Et gëtt de Leit dobaussen ëmmer ge-

sot, d'Partei wären alleguer ge gläich an der Aart a Weis wéi se Politik géife maachen a wéi se géife rasonnéieren. Abee, ech stelle fest, dass et e fundamentalen Dissenz gëtt tëschent der Aart a Weis vun der CSV, fir d'Integratioun vun de Leit zu Lëtzebuerg ze gesinn, an där vun deene Gréngen.

Mä, an dat ass nei, ech stelle fest, dass mer deesewechten Dissenz säit haut spéitsens, nom Gefill scho méi laang, mat der Demokratescher Partei hunn, an zwar geet et ëm déi kombinéiert Fro vun der Integratioun a vun der Nationalitéit, wat zum Deel déiselwecht an zum Deel eng verschidden Notiou ass.

Fir eis ass all Mënsch, deen op Lëtzebuerg kënnt, wëllkomm. Dat solle mer ganz kloer an daitlech gesinn an do net eng Diskussioun ervir wëlle schwiewe loosse, déi et net gëtt! Dat kann d'ailleurs net aneschtens sinn an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat 40% auslännesch Matbierger huet. Jiddferen, deen op Lëtzebuerg wëllt kommen, deen de Konditiounen entsprécht, fir op Lëtzebuerg ze kommen, an deen hei mat sech a mat senger Famill säi Liewe wëllt mat eis verbréngen, deen ass zu Lëtzebuerg wëllkomm.

Dat ass awer eppes aneschtens wéi d'Fro, ob ech d'Nationalitéit vun engem Land wëll huelen oder net. Ech ka mir ganz gutt virstellen, jorelaang an engem Land ze liewen, wat net main Heemechtsland ass, also Lëtzebuerg, ganz gutt integriéiert ze ginn, ganz gutt do ze liewen, an net nécessairement d'Nationalitéit vun deem Land wëllen ze huelen.

Ech ka mer awer ganz gutt virstellen, dass, wann ech d'Nationalitéit vun deem Land wëll huelen, ech dann d'Sprooch vun deem Land schwätzen, an deem ech mech do wëll zur Nationalitéit beginn.

(Interruptions)

An dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng fundamental Notiou an der Approche tëschent der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei an deene Gréngen, an ech menge säit haut och tëschent der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei an der Demokratescher Partei.

Fir eis ass d'Fro vum Octroi vun der Nationalitéit den Ofschluss vun enger Integratioun, an net den Ufank vun enger Integratioun.

» **Une voix** - Richtig!

» **M. Michel Wolter (CSV)** - An déi national Integratioun an déi national Identitéit spigele sech och erëm an der Maîtrise oder der Netmaîtrise vun där Sprooch, déi deem Land, vun deem ech d'Nationalitéit wëll hunn, nidderläit. An dat ass zu Lëtzebuerg - an entschëllegt, dass ech dat soen; ech muss mech bal entschëllege bei verschiddene vu meng Virriedner! - d'Lëtzebuergesch.

Et ass och net richtig, Madame Flesch, wann Dir sot, dass Dir net verstitt, dass d'Diskussioun geännert hätt. Mir sinn an enger fundamental anerer Diskussioun wéi am Joer 2001. Am Joer 2001 ware mer an der Situatioun, dass mer eng Residenzklausel vun zéng Joer op fénef Joer erfogesat hunn an engem Moment, wou deejéinegen, deen d'Lëtzebuerger Nationalitéit wollt kréien, op seng Nationalitéit huet misse verzichten. Et ass eppes ganz aneschtens, och am Degré d'intégration, ob ech op déi Nationalitéit, déi meng ass, muss verzichten, fir eng aner Nationalitéit unzehuelen, oder ob ech niewent menger Nationalitéit nach eng aner Nationalitéit kann derniewent als Surplus huelen.

Ech gesinn dat besonnesch an engem Land wéi Lëtzebuerg anescht, wou mer ganz vill Leit hunn, déi nëmme en Deel vun hirem Liewen zu Lëtzebuerg wëlle verbréngen an duerno weiderreesen a sech d'Fro musse stellen, an déi Fro hu mir fir eis beäntwert: Ass de Pass e Surplus oder ass de Pass eppes, wat d'Integratioun an déi Communautéit op dauerhaft Aart a Weis zementéiere soll?

D'Sprooch ass an deem Kontext e wesentlech Element fir ze dokumentéieren, ob ech déi Integratioun hanneru mer hunn. Mir wëllen - an dat ass ee vun de Grënn firwat dass mer der Meinung sinn, dass een op siwe Joer soll goen - kee Passtourismus. Mir wëllen net, dass Leit, déi en Deel vun hirem Liewen zu Lëtzebuerg verbréngen an dann nees op aner Deeler vun der Welt weiderreesen, bis un d'Längs eise Pass als zweeten, drëtten oder véierte Pass och nach kënne matféieren.

Mir sinn der Meinung, dass d'Objektiver, déi dem Gesetzesprojet ënnerleien, déi sinn, dass mer et mat Leit ze dinn hunn, déi definitiv op Lëtzebuerg wëlle kommen an déi sech och definitiv zu Lëtzebuerg wëllen integréieren.

(Interruptions diverses)

Ech schwätzen net fir de Koalitionspartner, esou wéi och net déi Gréng fir déi Blo an déi Blo fir déi Gréng an déi Schwaarz fir déi Mauve schwätzen; ech schwätze fir d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei.

Mir gesinn d'Angscht, jo, Madame Flesch, an dat differenziert eis. Duerfir soen ech lech, op d'Interventiooun vum Här Braz hin, dass mer dann doriwwer an engem rouege Gespréich, esou wéi mer dat probéieren elo hei ze maachen, an deenen nächste Méint mat de Lëtzebuurger mussen diskutéieren, ob déi Aart a Weis, wéi Dir et gesitt, oder ob déi Aart a Weis, wéi mir et gesinn, ob dat déi Aart a Weis ass, wéi d'Lëtzebuurger et gesinn.

An deem Kader soen ech lech, dass d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei sech net kéint mat enger Approche identifizéieren, déi doranner géif bestoen, dass d'Leit de Lëtzebuurger Pass als en Deel vun hirem Liewenswee a fern Länner mathuelen, mä dass mer der Meenung sinn, dass een am Virfeld een Integratiounseffort muss gemaach hunn an de Wëllen och muss hunn, fir, dans la mesure du possible a sauf errement vun der Carrière, och zu Lëtzebuerg ze bleiwen.

Mir gesinn de Risiko, deen doranner besteet, dass, wann ech eng fënnfjäherg Klausel ouni Sproochklausel aféieren, e Rush op Lëtzebuerg géif kommen, fir de Pass ze kréien, ouni déi definitiv Integratioun zu Lëtzebuerg ze hunn.

Zum Zweete si mer der Meenung, dass een och Zäit muss hunn - an den Här Braz huet eis mat senger Argumentatioun doranner nach eng kéier confortéiert -, fir déi Integratioun duerchzeféieren. Duerfir si mer och mam Här Jaerling net d'accord, wann hie seet, et kéint ee praktesch vum éischte Moment un d'Nationalitéit unhuelen. Neen! D'Nationalitéit ass eppes, wat sech ergëtt aus engem Prozess, wou een an e Land erageet, sech mat deem Land identifizéiert a sech dann zu deem Land bekennt. An deem Kader si mer der Meenung, dass et noutwendeg ass, minimal Délaien ze hunn, ier een de Pass vun deem Land ka kréien.

Zur Sprooch: Et ass fir eis kloer, dass an enger klenger Communautéit wéi eiser d'Sprooch vläicht nach vill méi eng grouss Wichtigkeet huet, wéi dat an anere Länner de Fall ass.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Michel Wolter (CSV).** - D'Sprooch ass zu Lëtzebuerg, wäit méi wéi an anere Länner, den Ausdrock vun der nationaler Identitéit. An ech sinn d'accord - dat ass deen eenzege Punkt, op deem ech mam Här Braz d'accord war a senger Interventiooun -, dass mer an der Vergaangenheet net genuch gemaach hunn, fir déi Sprooch ze förderen, an dass mer an Zukunft, opgrond vun deem Wëllen, dee mer hunn, fir der Lëtzebuurger Sprooch en anere Stelwäert ze ginn, mussen a wäerten d'Voraussetzunge schafen, souwuel an der Schoul wéi op der Aarbechtsplaz, fir dass d'Leit besser an enner bessere Konditiounen d'Maîtrise vun der Lëtzebuurger Sprooch kënnen kréien.

An et ass keng Fro an et däerf keng Fro gi vu soziale Ennerscheed. Déi Leit, mat deene mir diskutéieren dobaussen, dat sinn net alles lauter Universitär mat Bac+7. Mir begéinen dobausse ganz ville Leit, och Ausländer, déi op Lëtzebuerg komm sinn an déi soen: Lauschtert, et ass extrem wichtig, dass een d'Maîtrise vun der Lëtzebuurger Sprooch huet fir d'Nationalitéit ze kréien, well dat ass den Ausdrock vun der Identitéit, déi ech mat deem Land hunn.

Mir sinn also der Meenung, dass och an der Schoul a ronderëm d'Schoul eng Debatt muss stattfannen, fir sécherzestellen, dass ee vun deene ganz wéinege Punkten, déi mer hunn, fir eis national Identitéit ze markéieren, bestoe bleift.

Da kommen ech, ouni wëllen an den Detail ze goen, ee Moment op den Niveau, Madame Flesch. Well et kann net sinn, an ech schätzen lech vill ze vill duerfir, dass Dir net wësst, wat den Niveau A1 am internationale Kontext an der Maîtrise vun enger Sprooch bedeit. Ech hu mer et elo nach eng kéier komme gelooss. Well et ass jo net esou, wéi wann ee sech mat deene Froen net géif beschäftegen, an et ass net esou, wéi den Här Jaerling seet, dass déi Proposition vun der Regierung, vun der Majoritéit, déi d'ailleurs, wann ech dat richtig verstane hunn, an der Kommissioun ugeholl ginn ass vun enger Majoritéit, de Leit onméiglech Konditiounen géif operleeën.

Mä si operleeë Standardkonditiounen, no deenen ee feststelle kann, an zwar an engem double degré, ob een d'Sprooch versteet, an zwar op eng einfach Aart a Weis,

an de B1 ass eng international Norm - dat huet d'CSV net erfondt, dat huet d'DP net erfondt an net déi Gréng -, déi kloer seet, dass et en Niveau-seuil ass. Et ass deen Niveau, vun deem un een d'Sprooch versteet. Mir sinn domat d'accord a mir sinn eis an der Koalition eens ginn, dass mer den Niveau A2 huelen, wat en Ufängerniveau ass an der Kommunikatioun mat de Leit, wat d'Maîtrise vun der Sprooch ubelaangt.

Den Niveau A1 ass en Niveau introductif ou de découverte. Den Niveau A1 ass den Niveau fir sech en Taxi ze bestellen. Den Niveau A1 ass den Niveau fir en Hotel kënnen ze reservéieren am Taxi. Mä den Niveau A2 an den Niveau B1, dat sinn d'Niveaue fir mam Taxichauffer kënnen, wann en da Lëtzebuergesch am Taxi mat lech schwätzt, well Dir Lëtzebuurger wëllt sinn,...

(Brouhaha général)

Et ass den Niveau B1 international.

(Interruptions diverses)

» **M. le Président.** - Loosst den Här Wolter elo seng Ausféierungen hei fäerdeg maachen!

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Jo, mä ech verstinn, Här President, d'Nervositéit. Ech verstinn d'Nervositéit, well et eng total Dichotomie gëtt. Et gëtt en totale Widder-sproch tèschent deem wann ech soen: Ech brauch d'Sprooch an der Integratioun!, an dann der Fuerderung vum A1. Well den A1 ass, wéi wann ech keng Sproochekonditioun stellen. An duerfir, Här Braz, huet dat näischt mat rechtsextrem ze dinn; dat huet näischt mat der Aart a Weis...

(Interruptions diverses)

Ech weess, dass Dir dat net textuell gesot hutt, mä Dir hutt probéiert eis an eng gewësse Richtung ze drécken...

» **Plusieurs voix.** - Oohhhh!

(Interruptions diverses)

» **Une voix.** - ...20 Joer laang.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Wéi sot Der?

» **Une voix.** - Dir waart responsabel fir d'Schoulsystemer, an dat schonn 20 Joer laang.

(Interruptions diverses)

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Jo, jo. Ech ka mech erënnere, dach. Genau esou ass et.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Dir waart viru 50 Joer net op der Welt, schwätzt also net doriwwer!

(Hilarité et interruptions)

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Ech war awer schonn drop; ech weess, em wat et geet.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Här Hauptert, Alter schützt vor Torheit nicht.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech verstinn, Här President, dass vill Leit de Besoin hunn an där Diskussioun hei, déi Leit, déi hir Meenung hei äusseren, éierens hinzustellen. Mä déi Leit, déi dat diskutéieren, déi hätte gären, dass gewosst ass, an deem Dossier wéi an aneren Dossier, wat d'Meenung vun deenen engen an deenen anere konkret an deenen Dossier ass.

An et ass kloer an däitlech noweisbar, dass den Niveau A1 an der Sproochekenntnis, am Verstoen an am Schwätzen, ass wéi wann ee keng Sproocheklausel fret. A wann dat eis ennerscheet, da solle mer einfach festhalen, dass dat eis ennerscheet, an da wäerte mer an deenen nächste Wochen a Méint an deem Kader mat de Leit dobaussen déi Diskussioun féieren, ob den Accès zur Lëtzebuurger Nationalitéit ouni Sproochekenntnis, ouni Beherrschung an engem verstännege Kader vun der Lëtzebuurger Sprooch de Wëllen ass oder net.

Ech weess säit haut, dass zwou Parteien dat fuerderen. Mir fuerderen dat net. Mir wäerte mat de Leit dobaussen an deenen nächste Méint doriwwer diskutéieren.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

(Interruptions diverses)

Här Bettel, wëllt Dir op d'Tribün kommen?

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Ech hu just eng Fro un den Här Hauptert elo gestallt, well hie jo deemools eng Führungsposition beim COSL hat, wéi et dann deemools gewiescht wier beim Här Girardelli, ob deen och der Lëtzebuurger Sprooch esou gutt mächtig war.

Haut huet hien zwar eng aner Kap un an huet mir de Virwurf gemaach, ech wier viru 50 Joer net hei gewiescht...

» **M. le Président.** - Mir kënnen elo hei keng Zwiegesprécher féieren. Et sinn der nach esou vill, déi d'Wuert gefrot hunn. Fir d'éischt d'Madame Flesch an duerno den Här Braz.

(Brouhaha)

An all déi aner, déi sech wëllen zu Wuert mellen, déi solle sech aschreien! Da komme se hei op d'Tribün a si soen dat, wat se ze soen hunn. Den Här Bettel, den Här Hauptert an anerer.

Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ganz kuerz zu engem Fait personnel. Den Här Wolter, deem ech nogelauschtert hunn, deen ech net ennerbrach hunn, huet Recht wann hie seet, et soll ee roueg iwwert déi Saache kënnen schwätzen an et wär och normal, wa Meenungsverschiddenheete géife bestoen.

Wat awer net richtig ass, dat ass, wann den Här Wolter mir a menger Partei wëllt ennerstellen, wat hien hei gemaach huet, mir wäeren en faveur vun enger Clause vu fënnf Joer Residenz, ouni Sproocheklausel. Dat hunn ech ni gesot. Ech hunn au contraire gesot, dass onser Meenung no d'Sproocheklausel e wichteg Element wär um Wee vun der Integratioun. Mä mir kënnen awer enger anerer Meenung sinn, wat fir een Niveau muss bei där Sproocheklausel erreicht ginn. Ech verwiere mech géint déi Ennerstellung vum Här Wolter a vu senger Partei!

» **Plusieurs voix.** - Très bien! Ganz gutt!

» **M. le Président.** - Den Här Braz huet elo d'Wuert gefrot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll och just kuerz op dat reagéieren, wat den Här Wolter gesot huet. Mir kréie jo nach d'Geleeënheet - am Kader vum Nationalitéitsgesetz -, fir iwwert eng Rei vun deenen Aspekter do ze diskutéieren an, net just an den nächste Wochen, hei am Parlament eng anstänneg legislativ Aarbecht ze maachen. Ech wëll just dräi, véier Remarquë maachen, fir dat Gesamtbild, wat den Här Wolter wollt zeechnen, awer vläicht erëm a säi richtige Kader ze setzen.

Déi éischt Remarque: Et war d'CSV, déi d'Residenzzäit vun zéng op fënnf Joer erfogesat huet, net déi Gréng.

Déi zweet Remarque: Wann haut esou wéineg Leit, esou wéineg Lëtzebuurger Lëtzebuergesch kënnen schreien, an esou wéineg Ausländer Lëtzebuergesch kënnen schwätzen, dann ass dat net zum Himmel gefall. Dat ass d'Resultat vu jorzéngtelaanger Politik oder vu jorzéngtelaange Versäumnisse vun deene Leit, déi all déi Joren an der Regierung waren. Wa mer haut eng Sproochesituatioun hunn, déi iwwergens net esou negativ ass, wéi Dir se beschreift, mä déi fir eis net zefridde stellend ass, esou huet se lech jo laang Joren zefridde stellend geschéngt, soss hätt Dir lech schonn éischter drëm beméit.

Mir hu scho ganz fréi bemängelt, dass dat een Element vu Cohésion sociale kéint sinn, mä du war lech dat nach laang Zäit egal. Haut stellt Dir dat fest, an et ass net esou negativ wéi Dir et zeechent. Mä trotzdem, wann haut esou wéineg Leit et schreie kënnen an esou wéineg Ausländer et schwätze kënnen, dann drot Dir dorunner méi Verantwortung wéi déi Gréng oder wéi d'Kollegee vun der DP.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Eng drétt Remarque: Wann Dir erkläert, dass een dat elo onbedéngt muss vun deene Leit verlaangen, dann ennerstellt Dir eppes, wat net ass. Dir ennerstellt, dass déi Leit, ouni déi Dispositioun am Gesetz, de linguistische Effort net géife maachen. Dat ass net de Fall. Wa mer d'Dossier kucken an der Commission juridique, déi mer haut hunn - an d'Zuel vun den Demanden ass zënter dem Gesetz vun 2001 net zrëckgaangen, et sinn nach ëmmer esou vill Leit wéi deemools, bon an, mal an, déi wëllen iwwert dese Wee Lëtzebuurger ginn -, déi erfëllen d'Connaissances linguistiques de base zënter 2001. Et ass also net esou, dass een deene Leit do de B1 oder den A2 oder soss

en aneren Niveau misst opzwéngen. Déi hunn dat schonn alleguerte gemaach, och ier Dir et vun hinne gefrot hutt.

Déi sinn also net resistant géint d'Erwaardung vum Lëtzebuergesch, mä déi hunn, laang ier Dir hinnen dat erkläert hat, Här Wolter, fir sech erausfonnt, dass et vu grousem prakteschen Nutzen am Alldag ass, wann ee sech wëllt an der Lëtzebuurger Gesellschaft erëmfinden, dass ee Lëtzebuergesch kann. Déi maachen dat also a si hunn lech net gebraucht, fir dat ze maachen.

Véiert Remarque: An do musst Dir dann awer iergendwann och eng kéier konkret ginn. Wann ee wëllt, dass déi Leit tatsächlech an d'Position versat ginn, déi Sprooch ze léieren - wat mer alleguerten, mengen ech, heibanne wëllen, well dat wierklech e Stéck vu Cohésion sociale ass -, da muss ee se och an d'Lag dozou versetzen, an dat ass net fir jiddfereen datselwecht. Dat huet mat dem Congé linguistique ze dinn.

Ech wëll lech rappeléieren, dass elo rezent e Kollege aus Ärer Fraktioun sech mat deem Thema do beschäftegt huet. Et waren awer déi Gréng, déi sech scho laang virdrun domadder beschäftegt haten, an déi duerch d'Persoun vun der Madame Wagener d'Thema vum Congé linguistique hei an d'Chamber bruecht hunn. Dat war awer nach zu enger Zäit, wou Dir dat net wollt. Dat war zu där Zäit, wou Dir lech vläicht nach net esou vill mam Thema Sprooch als Mëttel vu sozialer Kohésion beschäftegt hutt wéi déi Gréng. Do hu mir schonn deen dote Virschlag gemaach, mä dat ass deemools bei lech op net vill Géigeléift gestouss. Dont acte.

Fënnf a lescht Remarque: Et ass fir eis, als gréng Fraktioun, näischt Neies. Bei eis gëtt et do keng Ännerung an der Position. Dat schéngt awer bei lech de Fall ze sinn. Ob et zum Gudden ass, woen ech ze bezweifelen. Fir eis war d'Sproochekonnaissance nach ëmmer en Element vu sozialer Kohésion an och vun Integratioun.

Wann dat fir lech och de Fall wär, Här Wolter, an et ass am Fong geholl dat, wat ech virdrü probéiert hu kloerzemaachen - Dir hutt probéiert d'Hand ze rechen andeems Der gesot hutt, op engem Punkt wäert Dir mat mir d'accord gewiescht -, dann huelen ech déi Hand, déi Dir do gereecht hutt an, wann dat, wat Dir do gesot hutt, wierklech Är Suerg ass, an zwar dass et wichtig ass, dass Lëtzebuergesch hei vun all de Leit, och vun deenen, déi als Ausländer heihinner kommen, beherrscht gëtt op eng akzeptabel Aart a Weis - an et gëtt der vill, déi dat fäerdeg bréngen -, da proposéieren ech lech: Kommt mir ginn eis mat deenen 99% of, déi mat der Nationalitéitfro manner ze dinn hunn a mir fokusséieren eis net op eng komplett bildverstellend Aart a Weis op deen ee Prozent, deen och nach amgang ass dat ze maachen, wat Dir vun hinnen erwaart, nämlech deen nächste Schratt ze maachen an och de Pass unzehuelen.

All déi aner, 99% vun de Leit, do ass de Match ze maachen. A wa mer wierklech wëllen, dass Lëtzebuerg eng positiv Roll ka spillen - dat ass eis Meenung zënter Laangem, a wann Dir och elo där Meenung sidd, Här Wolter -, da rechen och ech lech d'Hand a soen: Kommt mir maachen dat do Stéck Wee zesummen a beschäftegen eis mat deenen 99% wéinstens esou vill wéi mat deem enge Prozent.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, wann der elo nach vill sech wëllen aschreien an deser Debatt, da géif ech d'Chamber froen, ob se d'accord ass mat enger Modifikatioun vum Ordre du jour. Mir diskutéiere jo hei elo de Projet de loi iwwert d'double nationalité an net méi d'Proposition de loi, déi den Här Meyers hei presentéiert huet.

Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech hat bekanntlech net wëllen, de Mëtteg d'Wuert hei ze ergräifen. Ech mengen, esou wéi déi Diskussioun sech entwéckelt huet zu deenen zwee Artikelen vun der Verfassung, muss ech awer am Numm vun der LSAP och e puer Saachen hei soen.

Eischtens emol, mir maache jo déi Modifikatiounen vum der Verfassung opgrond vum engem neie Gesetz iwwert d'Nationalitéit, an ech wëllt do rappeléieren, dass déi wesentlech Errongenschaft vum deem neien Nationalitéitsgesetz déi ass, fir d'duebel Nationalitéit anzeféieren. Firwat féiere mer déi duebel Nationalitéit an? Mir féiere se an, well mer an enger gesellschaftlecher Situatioun zu Lëtzebuerg sinn, déi et de Parteie kloer gemaach huet, dass ee soll d'Méiglechkeet ginn, eng Nationalitéit ze halen an d'Lëtzebuurger Nationalitéit derbäizekréien.

Déi gesellschaftlech Realitéit ass jo déi, dass mer hei zu Lëtzebuerg niewent 250.000, 260.000 Indigènes - wann ech dat emol esou kann nennen - och nach iwwer 200.000 Leit hunn, déi hei liewen, schaffen, eng Famill hunn an höchstwahrscheinlech op laang Dauer an dësem Land wëlle liewen. An déi duebel Nationalitéit soll jo erlaben, dass méiglechst vill vun deene Leit sech zur Lëtzebuurger Gesellschaft schloen, dass se och politesch Rechter kréien, dass mer net eng gespléckte Gesellschaft kréien, mä dass mer eng Gesellschaft kréien, wou méiglechst vill Leit zesammen d'Geschécker vum Land féieren an decidéieren, an net eng Zwouklassesgesellschaft: engersäits d'Lëtzebuurger an anerersäits déi Leit, déi hei näischt matzbestimmen hunn.

Dat hu mer jo zum Deel schon iwwert d'europäesch Biergerschaft bei de Wahle fir d'Gemengen an och bei den Europawahlen erreicht. Ech mengen, dat hei ass e Schrëtt zu méi Kohesioun vun der Lëtzebuurger Gesellschaft.

Elo wësse mer, dass et verschidden Opfaassung gëtt. D'Madame Flesch huet och schonns déi Debatt vum 2001 rappéléiert. Selbstverständlech hu mir als LSAP Positionen, déi sech net 100%eg decke mat deene vun der CSV. Ech si perséinlech der Meenung, dass ee vum Integratiounsweg, fir Lëtzebuurger ze ginn, ka soen, dass dee muss ofgeschloss sinn, ier ee Lëtzebuurger gëtt. Et kann een d'Acquisitioun vun der Lëtzebuurger Nationalitéit och als e Schub ugesi fir een, deem um hallwe Wee oder um Dräiwéierelswee ass vun der Integratioun, sech nach méi ze integréieren.

Mir hunn also mat der CSV probéiert e Komproméss auszuschaffen, an dee Komproméss besteet doranner, dass mer och bei der Lëtzebuurger Sprooch gesot hunn, mir solle bei dem Verständnis méi wäit goe wéi bei deem aktiven, dagdeegleche Schwätzen. Zu deem Komproméss sti mer, a mir hu jo och gefuerdert als LSAP, dass d'Regierung soll Efforté maachen, fir dat iwwerhaupt méiglech ze maachen.

Duerfir begrëissen ech, dass d'Regierung leschte Freideg e Gesetzesprojekt op den Instanzwee ginn huet, fir de Centre de langues zu engem Institut national des langues ze développéieren, mat grouss Moyenen ze versinn, och Ressources humaines, fir Lëtzebuergesch zu Lëtzebuerg ze enseignéieren an also de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, eben och déi Konditioun vum Lëtzebuergeschen ze erfëllen. Mir stinn also zu deem Komproméss, souguer wa mer weinst deene fénnef oder siwe Joer Diskussiounen haten, dat ginn ech gären zou.

Ech wëll awer zu de Sproochen nach eppes aneschtens soen. Wann elo gesot gëtt, Lëtzebuergesch ass d'Haaptmerkmal vun der Identitéit vu Lëtzebuerg, da wëll ech soen, dass ech ganz frou mam Lëtzebuergesch sinn an dass ech fannen, dass dat effektiv e wesentlech Mierkmal vun onser Identitéit ass, mä dass mer eben duerch ons kulturell a geopolitesch Situatioun zu Lëtzebuerg eigentlech e Sproochesystem hunn, deem ons Identitéit och ausmécht. Et ass jo net fir näischt, dass an dem Projet de loi iwwert d'Nationalitéit och eng Maîtrise vun enger vun deenen anere Sprooche gefrot gëtt, niewent Lëtzebuergesch och d'Maîtrise entweder vum Franséischen oder vum Däitschen.

Loosse mer also iwwert där ganzer Begeescherung fir d'Lëtzebuergesch net vergiessen, dass mer och Franséisch an Däitsch hunn an dagdeeglech praktikéieren a brauchen, fir iwwerhaupt kënnen an där Welt vun haut ze iwwerliewen. Dat heescht also, déi Manéier, wéi mer un d'Lëtzebuergesch eruginn, dat ass net eppes Isoleiertes, mä dat ass eppes wat zesum-

menhänkt mat onser kultureller Identitéit a mat onsem Sproochesystem, esou wéi e sech säit onser Onofhängegkeet 1839 hei erausgeprägt huet.

Dat wollt ech soen an ech mengen, mir sollten déi Diskussioun hei - dat ass en Opruff un allegueren d'Parteien - roueg a besonnesch am Hibleck op d'Realiteite féieren. Net iergendee Wonschdenken, mä de Bléck op d'Realiteiten, déi et hei gëtt, an déi et dësem Land erlaben, sech esou ze entwéckelen - Lëtzebuurger an Ausländer zesammen -, wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach hunn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den Här Justizminister Luc Frieden huet d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech hu mech de Mëtteg heiansdo gefrot, u wéi enger Debatt ech géif deelhuewen, well et war mir esou, wéi wa mer géifen am Hierscht iwwert de Projet de loi vun der Regierung iwwert d'duebel Nationalitéit diskutéieren an haut iwwer eng domat zesummenhängend, mä am Fong awer och ganz onofhängeg dovun existéierend Verfassungsreform. An et ass och zu där, wou ech wollt schwätzen.

» **Une voix.** - Et war d'Generalproff!

(*Hilarité*)

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Ech géif och wëllen, am Numm vun der Regierung, dem President vun der Institutionskommission a Rapporteur vun deene Verfassungsreformen, dem Här Paul-Henri Meyers, Merci soen. Hien huet eis bewisen, wat fir eng wichteg Verfassungsreform mer haut virhuelen, well d'Chamber an deem wichtige Beräich vun der Natioun op ee vun hiren historesche Pouvoiren, nämlech d'Nationalitéit ze accordéieren, verzicht, fir deem dem Exekutiv, en l'occurrence dem Justizminister, ze ginn. An engem Gesetz, wat mer spéider am Joer definéieren, ginn d'Bedéngunge beschriwwen, innerhalb vun deenen de Justizminister d'Nationalitéit an Zukunft accordéiert.

Dat ass eng net onwesentlech Verfassungsännerung. Si betrëfft d'Natioun, si betrëfft d'Nationalitéit - duerfir och vläicht déi Opreegung de Mëtteg a verschiddenen Interventiounen -, mä déi Reform, déi besteet onofhängeg vun deem Projet de loi. Et ass och net de Projet de loi, deem dës Verfassungsreform noutwendeg gemaach huet.

Dës Verfassungsreform huet d'Chamber proposéiert. Et ass net d'Regierung, mä d'Chamber, déi se proposéiert huet, well se der Meenung war, dass dat hei zu méi Rechtsstaatlechkeet féiert, well et net méi einfach en discrétionnairet Recht ass, wat d'Chamber engem gëtt, mä well et kloer Konditiounen gëtt, innerhalb vun deenen de Justizminister d'Nationalitéit accordéiert, well hie seng Décisioun och muss motivéieren a well, wann ee mat där Décisioun net d'accord ass, een Asproch kann aleeë virun de Verwaltungsgerichter vu Lëtzebuerg. Dat ass eng wesentlech Reform, fir d'Rechtsstaatlechkeet zu Lëtzebuerg ze verdeiwelen, an dat ass eng Reform, déi d'Regierung begrëisst.

An deem Verfassungstext steet, dass nëmmen d'Gesetz kann an Zukunft fixéieren, wat fir eng Konditiounen ee muss erfëllen, fir Lëtzebuurger ze ginn. Dat ass gutt, dat ass richtig, well d'Natioun ass dat, wat eis verbënnt. D'Natioun setzt sech zesammen aus objektiven a subjektiven Elementer. Dat ass dat, wou mer gemeinsam freedeg a schwierig Momenter zesammen haten. Dat ass awer och e gemeinsame Wëllen, fir zesammen d'Zukunft vun eisem Land virzereeden.

Et ass déi gemeinsam Zukunft, déi mer deenen offréieren, déi wëllen eis Nationalitéit unhuelen. Déi eng kréie se duerch d'Gebuert, déi aner kréie se, well se bei eis wunne komm sinn a well se wëlle mat eis déi Zukunft preparéieren. Dat muss net jiddferen effektiv sinn, deenen an eist Land wunne kënn.

Duerfir huet d'Regierung jo och dräi verschidde Projets de loi déposéiert, déi awer aus darselwechter Philosophie entstinn: en Immigratiounsgesetz, wat déi legal Integratioun regelt, en Integratiounsgesetz, wat versicht, déi Leit, déi bei eis wunnen, an eis Gesellschaft ze integréieren, an en drëtt Gesetz, wat d'Gesetz ass iwwert d'Acquisitioun vun der Nationalitéit.

Domadder kréien déi Leit, déi wëllen nach eng Etapp méi wäit an der Integratioun goen, déi eng laangfristeg Perspektiv an dësem Land wëllen hunn a wëlle mat am

Entscheidungsprozess agebonne sinn, d'Méiglechkeet offréiert, enner kloer definierte Konditiounen och kënnen Lëtzebuurger ze ginn. Immigratioun, Integratioun an Nationalitéit, et gëtt Intersectionen, mä et sinn dräi verschidde Saachen.

D'Zil vun där Verfassungsreform vun haut besteet doranner, de Rechtsstat ze verdeiwelen. D'Regierung begrëisst dat ausdrécklech. D'Nationalitéitsgesetz, wat mer am Hierscht diskutéieren, huet zum Zil, sécherzestellen, dass déi, déi mat eis d'Zukunft vum Land als Lëtzebuurger wëlle gestalten, och deen Integratiounswille bewisen hunn. Et ass en Effort vun deenen, déi bei eis kommen, an et ass en Effort vun där Gesellschaft, déi déi Leit soll ophuelen.

Dat war och d'Philosophie vun deem Projet de loi, deem ech am Numm vun der Regierung déposéiert hunn, fir sécherzestellen duerch déi Konditiounen - d'Residenzdauer, d'Sprooch, d'Absence vun engem Strafregëster an d'Assistenz a Coursen iwwer verschidde Grondrechter vun eisem Land -, dass déi Integratioun och bei deenen, déi wëlle Lëtzebuurger ginn, assuréiert gëtt.

Et besteet e fundamentalen Ennerscheid zu deem, wat mer virun e puer Joer gemaach hunn. Dat ass d'Ursach, firwat ech deemools eppes aneschtens konnt soe wéi haut - well och deemools war ech Justizminister -, well deemools sollt mer net d'duebel Nationalitéit aféieren, déi mer haut aféieren. Mir hunn och deemools, an duerfir ass dëst Gesetz eng Suite vun deem, wat mer deemools gemaach hunn, éischt Elementer vun der Lëtzebuurger Sprooch ageféiert, mä ech mengen et wier gutt, wa mer an deem Gesetzesprojekt och d'Konditiounen géife preziséieren, fir dass och do keen Arbitraire besteet. Da mussen d'Konditiounen och esou sinn, dass een och déi Lëtzebuurger Sprooch wierkelech ka schwätzen, dass een also domadder och a sengem sozialen Ëmfeld déi Cohésion sociale, dat soziaalt Zesummeliewe kann assuréieren, dat an eisem Land extrem wichteg ass.

Mir sollten déi Froen onpolemesch, mä awer och net mat Naivitéit behandelen. Déi, déi se mat Naivitéit an enger Iwwermooss vun „Dat wäert scho goen“ am Ausland geregelt hunn, déi hunn öfters an op verschiddene Plazen op eng dramatesch Aart a Weis misse spieren, wat dobäi erauskom ass. Et ass de Wonsch vun der Regierung, dass mer an deene Méint, déi bleiwen, déi Diskussioun op eng sachlech Aart a Weis, mat gudden Argumenter, och wann et ennerschiddelech Meenunge ginn, féieren. Se net ze féieren, wär e Feeler, an an deem Sënn war dës Debatt vun de Mëtteg, déi zwar anescht ugefaangen huet, awer eng ganz wichteg.

De Projet de loi, deem d'Regierung déposéiert huet an deenen eng Majoritéit an der Commission juridique d'lescht Woch fonnt huet, ass e Projet, dee fousst op enger Iwwerleeung vun enger erfollegräicher Integratioun, an zu deem ech total stinn, well et ass d'Resultat vu laange Consultatiounen, vu laange Reflexiounen an och vun Observatioun vun deem, wat am Ausland geschitt.

E lescht Wuert vläicht, Här President, fir dass d'Leit dobaussen och verstinn, wat mer an dem Kalender maachen.

Haut stëmmt d'Chamber d'Verfassungsreform eng éischte Keier. Domat ass de Justizminister nach net eleng zoustänneg fir d'duebel Nationalitéit, well dee Verfassungstext muss jo eng zweete Keier gestëmmt ginn. Doduerch kann och de Projet de loi eréischt am Hierscht gestëmmt ginn a wäert viraussichtlech ronderëm den 1. Januar vum nächste Joer a Kraaft treden, well et Etappe gëtt, déi mussen an der Chambersprozedur, an der Verfassungsprozedur an an der Gesetzesprozedur respektéiert ginn. Ech soen dat, well oft d'Fro gestallt gëtt dobaussen: Ma wéini ass dann elo d'duebel Nationalitéit do?

Et ass also net méiglech weinst dës Verfassungsännerung, dass mer dat Gesetz elo scho géifen a Kraaft triede loossen oder elo scho géife stëmmen. Mir brauche fir d'éischt d'Verfassungsännerung, da kënn d'Gesetz an dat trëtt also uganks 2009 viraussichtlech a Kraaft, wann d'Chamber bis dohinner hir Aarbechten ofgeschloss huet.

Op jidde Fall, dës Verfassungsreform ass eng, déi de Rechtsstat zu Lëtzebuerg stäerkt. Si gëtt der Regierung méi Pouvoir, mä dat ass net dat, woufir mer et gefrot hunn. Ech mengen awer, dass et d'Prozedur méi schnell, besser a méi grondrechtfrëndlech mécht, well d'Leit, déi e Grondrecht hei exercéieren, wëssen, no wéi enge Kritären a mat wéi enge Rechtsmëttele kann exercéiert ginn.

Merci.

» **M. le Président.** - Här Minister, den Här Jaerling wëllt lech nach eng Fro stellen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (ADR).** - An där ganzer Diskussioun, wou Der elo sot, déi soll serene gefouert ginn, och iwwert d'Lëtzebuurger Sprooch, wär ech dann awer frou gewuer ze ginn, wéi d'Lëtzebuurger Regierung dann derzou steet mat deenen zwou Propositionen de loi, fir d'Lëtzebuurger Sprooch an d'Verfassung anzeschreiwen. A wat d'Lëtzebuurger Regierung gedenkt ze maachen, dass d'Lëtzebuurger Sprooch endlech och als europäesch Sprooch offiziell unerkannt gëtt.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech mengen net, dass ech am Numm vun der ganzer Regierung zu Propositionen de loi ka schwätzen, déi - souwäit ech weess - bis elo net am Regierungsrot aviséiert gi sinn.

Ech kann lech just soen, als Member vun där Regierung, dass ech mengen, dass d'Lëtzebuurger Sprooch als een Element vun der Identitéit sécherlech kéint eng Plaz an enger nationaler Verfassung fannen, sou wéi dat och am Ausland bei anere Länner mat der Sprooch de Fall ass.

Wat eng europäesch Benetzung vun der Lëtzebuurger Sprooch ubelaangt, sou muss ech lech soen, dass ech dat...

(*Interruption*)

Jo, Unerkennung ass och Benetzung, wéi bis elo bei all deene Sproochen, déi mer an Europa unerkannt hunn. Ech sinn der Meenung, dass mer haut an Europa an den europäeschen Institutionen ze vill Sproochen hunn, dass dat een enorme Käschtepunkt ass an dass mer do eng Keier mussen eng Reflexioun féieren, ob all déi Sprooche wierkelech néideg sinn. Jiddferen muss doheim kënnen seng Sprooch schwätzen, dat stellt jo och guer keen a Fro, mä an den europäeschen Institutionen ass et a mengen Aen en Unfug, fir alles mussen an esou vill Sproochen ze iwwersetzen.

Duerfir mengen ech, dass een déi Fro muss an deem Licht och gesinn. Mä, wéi gesot, grondsätzlech - an do hoffen ech och, dass et hei e Konsens am Parlament gëtt -: Mir si Lëtzebuurger, an ech mengen an ech hoffen, dass mer eis och an der Nationalitéitefrom missten am Fong eens ginn, dass d'Sprooch e wichteg Element ass an dass dat och ka säi Reflet a Grondtexter fannen, wéi mer se an der Verfassung hunn. Do ginn ech der Verfassungskommission d'Vertrauen, dass se dee richtige Wee fénnt. Ech fir main Deel géif dat begrëissen.

Merci.

» **M. le Président.** - Entschëllegt, Här Minister, den Här Fayot huet nach eng Fro.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech hu keng Fro. Ech wollt just eppes derbäifügen, wat d'Sprooch an d'Lëtzebuergesch an Europa ugeet. Et gëtt eng Distinction ze maachen zwëschent enger Sprooch als Langue de travail an enger Sprooch, déi offiziell ass.

Lëtzebuergesch ass als offiziell Sprooch an der Europäescher Unioun unerkannt. Mä si ass, Här Jaerling, vu Lëtzebuerg ni als Langue de travail gefrot ginn.

Ech sinn der Meenung, an do sinn ech mam Här Minister d'accord, dass et awer vläicht e bësschen iwwerdrifwe wär, wa mer och elo nach d'Lëtzebuergesch géifen niewent deenen 23 anere Sprooche verlangen. Well mer jo awer och als Lëtzebuurger...

(*Interruption*)

Ma, Här Jaerling, loosst mech dach schwätzen!

Well mer als Lëtzebuurger net nëmme Lëtzebuergesch hunn, mä och nach Franséisch an Däitsch als offiziell Sproochen a mer fir de Kontakt am Europaparlament zum Beispill mat Lëtzebuergesch net ganz wäit géife lafen, mä mat Franséisch an Däitsch ganz vill kënnen maachen. Et geet jo hei em d'Effikassitéit vun der Sprooch.

Nach eng Keier: Lëtzebuergesch ass als offiziell Sprooch an Europa unerkannt an et kënnen och offiziell Texter op Lëtzebuergesch iwwersat ginn, wann dat gefrot gëtt.

» **M. le Président.** - Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun de Propositionen, déi den Här Meyers ons haut de Mëtteg hei virgedonnen huet. Fir d'éischt d'Ofstëmmung iwwert d'Proposition de révision 5595.

Dir wësst, dass mer eng Zweedrittelmajoritéit brauchen an dass de Vote par procuration net erlaabt ass.

Mercredi,
30 avril 2008

Vote sur la proposition de révision de la Constitution N°5595

D'Proposition 5595 ass mat 50 Jo-Stëmme - bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentention - ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de révision 5672.

Vote sur la proposition de révision de la Constitution N°5672

Och dës Proposition ass mat 50 Jo-Stëmme - bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentention - ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5731 iwwert d'Inzidenze vu verschiddenen Ëmweltprogrammer a vum Projet de loi 5735, eng Konventioun iwwert d'Auswärtung vum Ëmweltimpakt am grenziwwerscheidende Kontext. Béid Projete ginn an eng Diskussioun behandelt.

Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Negri.

4. 5731 - Projet de loi relatif à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement

5735 - Projet de loi portant approbation du Protocole à la Convention sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, relatif à l'évaluation stratégique environnementale, fait à Kiev (Ukraine), le 21 mai 2003

Rapports de la Commission de l'Environnement

]]]] M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.-Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ëmweltkommissioun huet an deene leschten zwee Méint folgend zwee Gesetzesprojeten zesummen analyséiert, well se am direkte Lien matenee stinn.

Et handelt sech engersäits ëm de Projet de loi 5735, dee grenziwwerscheidend zwë-

schent de Länner déi strategesch Evaluatioun vu Projete fir den Impakt op d'Ëmwelt regléiert, an dëst am internationale Kader vum Protokoll vu Kiev vum 21. Mee 2003 an als Amendement zur Konventioun vun Espoo vum 25. Februar 1991. An anersäits handelt et sech ëm de Projet de loi 5731 iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt vu konkreten national definéierte Pläng a Programmer.

Et wier net richtig ze soen, dass den zweetgenannte Projet dat an Nationalrecht ëmsetzt, wouzou mer eis duerch deen éischten um internationalen Niveau verflüchten. An dach kënnt et an der Praxis dorop eraus. Dofir stellen ech déi zwee Projete de loi zesumme vir.

Béid Gesetzesprojeten ënnerstëtzen ee gemeinsame Zil: Bei alle grouse Projeten, déi sech negativ op d'Ëmwelt auswierke kënnen, soll méiglechst systematesch analyséiert ginn, wat fir en Impakt se op d'Ëmwelt hunn an ob deen Impakt net ka minimiséiert oder kompenséiert ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

An dësem Fall soll virun allem derfir gesuergt ginn, dass dat méiglechst fréi geschitt, an zwar net eréischt dann, wann en eenzelne Projet soll ëmgesat ginn, mä och scho wann um nationalen, regionalen Niveau oder an anere Länner Programmer oder Pläng ausgeschafft ginn, a Secteuren, déi ee staarken Afloss op d'Ëmwelt hunn.

Béid Gesetzesprojete leeën och grouse Wäert op d'Participatioun vun Public an dësem Kontext. Souwuel d'Konventioun vun Espoo wéi och de Protokoll vu Kiev wéi och d'EU-Direktiv 2001/42/CE sollen dozou bäidroen, dass eis Politik méi nohalteg an och méi transparent a méi demokratesch gëtt.

Här President, ech wëll fir d'éischt op de Projet de loi 5735 agoen, op déi sougenannte Konventioun vun Espoo an de Protokoll vu Kiev, ëm déi et hei geet. Am zweeten Deel vu menger Ried ginn ech dann op de Projet de loi 5731 an, deen d'EU-Direktiv 2001/42/CE an nationaalt Recht ëmsetzt an domat deem virgenannte Protokoll vu Kiev Rechnung dréit.

Zu Espoo a Finnland hunn de 25. Februar 1991 30 Staten ënnert dem Patronage vun der Commission économique pour l'Europe vun de Vereenegten Nationen eng Konventioun iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt an engem grenziwwerscheidende Kontext ënnerschriwwen.

Domat hu se sech verflücht, bestëmmt Aktiviétéitëen schonn an eng Planungsphas ze evaluéieren an déi betreffen Nopeschlänner ze konsultéieren. Dës Konventioun ass den 10. September 1997 a Kraaft getrueden. Haut sinn 42 Staten iwwert d'Konventioun vun Espoo an dës Evaluatiounspolitik mat agebonnen.

Am Kader vum Programm Environnement pour l'Europe gouf während der fënnefter Ministerkonferenz tëschent dem 21. an dem 23. Mee 2003 zu Kiev en zousätzleche Protokoll ënnerschriwwen, deen de grouse Kader, deen d'Konventioun vun Espoo gesat huet, e Stéck méi prezis a contraignant mécht.

Ausserdeem hält en Elementer vun der Konventioun vun Aarhus mat eran, iwwert déi mer heibanne jo scho méi wéi eng Kéier geschwat hunn. Am Sënn vun der Aarhus-Konventioun gesäit de Protokoll deemno vir, dass de Public vun Ufank u participativ mat agebonnen ass, wann et drëm geet, an engem grenziwwerscheidende Kontext Pläng a Programmer auszeschaffen, déi en negativen Impakt op d'Ëmwelt an d'Gesondheet kënnen hunn.

Lëtzebuerg huet genauou wéi 35 aner Staten de Protokoll vu Kiev am Mee 2003 ënnerschriwwen. Wa mer haut als Chamber dës Protokoll approuvéieren, da gi mir domat eis Zoustëmmung zu enger kohärenter Ëmweltpolitik, déi iwwert déi lescht Jore gekuckt ëmmer méi konkret Contouré kritt huet. An dach ass d'RAFifizéierung vum Protokoll vu Kiev éischter eng Formsach. Et hunn nämlech net nëmme 36 Staten, mä och d'Europäesch Unioun als solch dës Protokoll ënnerschriwwen. Mir sinn deemno souwou iwwert d'Ëmsetze vum d'EU-Recht un d'Espoo-Konventioun an de Protokoll vu Kiev gebonnen.

D'Europäesch Unioun huet an dësem Fall eng Virreideroll gespilt. Nach ier de Protokoll vu Kiev ënnerschriwwen gouf, hat d'Europäesch Unioun schonn eng Direktiv ausgeschafft, déi konkret an obligatoresch Mesurë virgesäit, fir d'Konventioun vun Espoo ëmzesetzen. An dës Direktiv beschränkt sech natierlech net nëmme op e grenziwwerscheidende Kontext, mä schreift d'Evaluatioun vu bestëmmte Pläng a Programmer och um nationalen Niveau vir. Dës Direktiv huet fir de Protokoll vu Kiev Modell gestanen.

Här President, et handelt sech hei wéi gesot ëm d'EU-Direktiv 2001/42/CE, déi mer am Kader vum Projet de loi 5731 an nationaalt Recht ëmsetze wëllen. Vu dass mer iwwert d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv ënner anere och eise Verpflichtungen a Bezuch op de Protokoll vu Kiev gerecht ginn, wëll ech elo méi am Detail op de Projet de loi 5731 agoen wéi op de Projet de loi 5735, dee jo just en Acte d'approbation ass. De Statsrot huet dat a sengem Avis iwwregens genauou gehalen.

Komme mer ee Moment zrëck op d'EU-Direktiv 2001/42/CE. Och heibai handelt et sech ëm d'Fortschreiwung vun enger Politik, déi sech drëm beméit, an alle relevante Beräicher systematesch Iwwerleeungen zur Ëmwelt an zur Nohaltegkeet mat eranzebréngen.

Virun 2001 gouf et schonn eng EU-Direktiv 85/337/CEE, déi eng Ëmweltelevaluatioun fir bestëmmt öffentlech a privat Projete virgeschriwwen huet. D'EU-Direktiv 2001/42/CE geet elo e Schratt méi wäit, andeem se eng systematesch Evaluatioun vun den Auswierkungen op d'Ëmwelt schonn zu engem vill méi fréien Zäitpunkt fuerdert, wou d'Gesetzter oder national a regional Pläng a Strategien opgestallt a festgeluecht ginn, déi spéider bei hiner Realisierung e wichtege Impakt op d'Ëmwelt wäerten hunn. Dat schléisst och d'Pläng a Programmer mat an, déi riskéieren, déi sougenannten Habitat-Zonen ze affectéieren.

Automatesch mussen esou Evaluatioune gemaach gi bei Pläng a Programmer am Beräich vum Aménagement du Territoire, vum Verkéier, der Energie, der Offall- a Waasserwirtschaft, der Industrie, der Telekommunikatioun, der Land- an der Forstwirtschaft an dem Tourismus.

Doriwwer eraus kënnen och Pläng a Programmer aus aneren Aktivitéitsberäicher ënnert dëselwecht Prozedur falen, wa se bestëmmte Kritären erfëllen, déi an der Annex 2 vun der Direktiv beschriwwen sinn an aus deenen ervirgeet, dass dës Pläng oder Programmer schwéierwiegend Auswierkungen op d'Ëmwelt hunn. Konkret bedeit dat, dass, ier esou e Plang oder e Programm oder e Gesetz ugeholl gëtt, eng Impaktstudie an e Rapport gemaach muss ginn, an dëst an Zesummenarbecht mat der zoustänneger Ëmweltverwaltung.

D'EU-Direktiv hält och fest, wat fir eng Informatiounen an deem Rapport dran enthalen mussen sinn. Dës si folgend:

- 1) d'Objektiver vum Plang oder Programm an de Résumé, wat dës Plang oder Programm beinhalt;
- 2) d'Ëmweltcharakteristike vun dem Terrain, deen duerch de Plang oder de Programm affectéiert gëtt;
- 3) d'Ëmweltproblemer, déi fir de Plang oder Programm eng Roll spillen;
- 4) d'Ëmweltschutzziler, sief et um nationalen, communautairen oder internationalen Niveau, déi fir d'Ausschaffe vum Plang oder Programm eng Roll spillen;
- 5) d'Auswierkungen op d'Ëmwelt, déi de Plang oder Programm aller Viraussicht no mat sech bréngt;
- 6) d'Moosnamen, déi geplangt sinn, fir en negativen Ëmweltimpakt méiglechst kleng ze halen;
- 7) d'Iwwerwaachungsmoosnamen, déi virgesi sinn, an
- 8) leschtens kënn ausserdeem an de Rapport och e Resumé, deen net technesch ass an domat och vun Netfachleit ka verstanen ginn. Dës Rapport gëtt nämlech net nëmme pour avis un déi zoustänneg Ëmweltverwaltung geschéckt, mä och der Öffentlechkeet zougängelech gemaach.

De Public muss dës Informatiounen fréi genuch kréien, fir kënne säin Avis dozou ofzegeen. Am Sënn vum Protokoll vu Kiev mussen och d'Nopeschregiounen dës Informatiounen kréien, wann e Plang oder Programm Auswierkungen op hiren Territoire huet, oder wa se dës Informatiounen ufroen.

Wann dee betreffenen Nopeschstat dat wëllt, kann en un der Consultatioun deelhuelen, an och déi hei betrafte Bevölkerung gëtt op dëselwecht Manier mat an dës Prozedur agebonne wéi de Public vun deem Land, dat de Plang oder de Programm ausschafft.

D'Avisen, déi am Kader vun dëser Prozedur vun de Concernéierten erakommen, solle mat an de Plang oder Programm afléissen, dee schliesslech genehmegt gëtt. Nodeem de Plang oder Programm ugeholl gouf, mussen déi concernéiert Acteuren nach emol eng Rei vun Informatiounen kréien. An zwar muss se déi verschidden Avisë kënnen agesinn an iwwert d'Resultat vun de Consultatiounen informéiert ginn.

Si mussen och eng Erklärung kréien, firwat dës Iddien tatsächlech ugeholl goufen a mat enger Begrënnung, firwat de Plang oder Programm an där Form ugeholl gouf. Déi Concernéiert ginn ausserdeem och nach iwwert d'Iwwerwaachungsmesurë vun deem betreffende Plang oder Programm informéiert.

Här President, am Prinzip ass et esou, dass bei alle wichtege Pläng, Programmer an da spéider Projeten hir Auswierkungen op d'Ëmwelt gepréift a méiglechst kleng gehale solle ginn, an dass esou fréi wéi méiglech Impaktstudie sollen a mussen gemaach ginn, esou dass déi néideg Ëmweltadaptatiounen ouni gréisser Problemer kënne gemaach ginn. Dat ass einfach ze verstoen.

Trotzdeem ass d'Ëmsetzung vun der EU-Direktiv 2001/42 net esou einfach. Wéi esou oft stécht den Däiwele dobäi am Detail. Dat gesäit een en deem eelef Säite laangen éischten Avis vum Statsrot vum 13. November vum leschte Joer, un deene ville klengen Ännerungen an deene 14 Amendementen, déi d'Ëmweltkommissioun zum initialen Text de 17. Januar 2008 gemaach huet, an dem Fait, dass de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 4. März 2008 ëmmer nach e puer Bedenke behält.

Ech wëll hei op e puer Punkten agoen, déi zu méi prinzipiellen Diskussiounen gefouert hunn.

Eng éischt wichteg Remarque, déi de Statsrot a sengem Avis gemaach hat, war, dass mer entre-temps an enger ganzer Rei vu Gesetzer Virschreften hunn, déi Ëmweltimpaktstudie virgesinn. De Statsrot ass besuergt, dass d'Gesetzgebung doduerch ëmmer manner transparent gëtt an et eventuell zu Iwwerschneidungen oder Konfusiounen komme kann. De Statsrot ass der Meenung, dass et besser wär, e Gesetz iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt mat enger kloerer Prozedur ze maachen a just nach zousätzlech ee Gesetz ze maachen, wann et an deem engen oder anere Beräich néideg wär doriwwer erauszegoen.

An der Ëmweltkommissioun hu mir doriwwer diskutéiert. Allerdéngs war eis bewosst, dass esou eng Iddi am Kader vum Projet de loi 5731 net ëmsetzbar ass. Wann d'Regierung dem Statsrot seng Approche gewielt hätt, hätt si e ganz anere Projet de loi misse virleeën.

Esou e Projet de loi auszeschaffen, ass fir d'Regierung mat engem groussen Opwand verbonnen, deen an deem enken Zäitkader, dee mer hunn, net ze realiséieren ass. Well d'EU-Direktiv 2001/42/CE hätt bis den 21. Juli 2004 misse ëmgesat ginn, wat awer leider an der leschter Legislaturperiod net geschitt ass. Mir sinn entre-temps weinst der Netëmsetzung vun der Direktiv veruerteelt an hunn Interêt drun, dass mer elo esou séier wéi méiglech handelen, wa mer net vun der EU wëlle bestrooft ginn.

Doriwwer eraus ass d'Ëmweltkommissioun awer och net iwwerzeegt, dass d'Approche, déi de Statsrot recommandéiert, d'Evaluatioun am Ëmweltberäich an der Praxis wirklech méi einfach maache géif. Et wier wuel méi lücht ze gesinn, wat fir e Gesetz muss applizéiert ginn, mä d'praktesch Uwendung ass a bleift relativ komplizéiert. En Indiz dofir ass och, dass all déi aner EU-Memberstaten - mat enger Ausnahm, nämlech Frankräich - de Wee gewielt hunn, dee mir och ginn.

Ee grouse Problem bleift esou oder esou. Et kënnen net all konkret Situatiounen, déi sech spéider stellen, virausgesi ginn. Et soll och beduecht ginn: Wann een en ze vill héije Grad u Prezisioun an d'Gesetz erabréngt, riskéiert een a konkrete Fäll säin Zil net ze errechen oder awer onnéideg bürokratesch Hürden opzebauen, déi mer am Sënn vun der Simplification administrative jo grad net wëllen.

Bleift d'Gesetz méi vag, dann ass et grad esou kloer, dass et zu ënnerschiddlechen Interpretatioune komme kann. Genau dat war och e wichtege Kritikpunkt vum Statsrot, dee fäert, dass eenzel Dispositiounen net prezis genuch sinn an domat zu Rechtsunsécherheete féiere kënnen.

D'Ëmweltkommissioun war awer der Meenung, dass d'Regierung richtig läit, andeems si genau déi Definitiounen a Begrëffer iwwerholl huet, déi an der EU-Direktiv

drastinn. Zumindest ass esou de Risiko limitiert, dass mer d'Direktiv net korrekt géifen émssetzen.

Här President, eng Erausforderung wäert op alle Fall d'Ëmsetzung vun deem neie Gesetz an der Praxis sinn. An dat net, well den Text, dee mer hei virleien hunn, net prezis genuch ass, mä well mer e Mentalitéitswandel brauchen an der Aart a Weis wéi mer hei zu Lëtzebuerg plangen a wéi mer ënnerschiddlech Interesse géinteneen ofweien. Mir hunn déi fest Gewunnecht, dass et schwaarz op wäiss Regele gëtt, wat een, deen e Projet realiséiere wëllt, vun Oplagen erfëlle muss a wat aus Ëmweltschutzgrënn verbueden ass, mam Resultat, dass de Responsabelen dës Regelen esou minimalistesch émssetzt wéi et nëmme geet; oder zumindest gëtt dat ënnerstallt.

An deeselwechte Kontext passt et och, dass de Responsabelen esou mann wéi méiglech Informatiounen erausgëtt, fir eventuell déi eng oder aner Regel net esou genau mussen anzehalen, ouni dass et opfält.

Op där anerer Säit hu mir direkt concernéiert Leit an Ëmweltschutzorganisatiounen, déi sech d'Méi maachen, genau drop opzepasst, dass all Regele respektéiert ginn an an deem Sënn och Klourecht virum Tribunal administratif kréien.

Dozou kommen dann nach aner Interessengruppen, déi e Projet aus anere Grënn net wëllen a fir déi all Argument gutt ass, fir dësse Projet ze kippen a mat ze hëllefen Ëmweltregelen esou restriktiv auszeleeë wéi et nëmme geet.

Mir liewen deemno an engem System, an deem all Projet an e Konflikt zwësche festgefuere Fronten ausaart. Ouni wëllen deem engen oder deem aneren d'Schold dorunner zouzeweisen, muss ee feststellen, dass d'Konsequenzen dovunner enorm schiedlech sinn, souwuel fir eist Land wéi fir deen eenzelne Bierger.

Mir hunn enorm laang Prozeduren, wann et drëm geet, fir iergendeng Aktivitéit oder e Standuert festzeleeën, Pläng ze maachen a Projete ze realisieren. De Fait, dass jiddferen, deen un der Prozedur bedeelegt ass, oft nëmme seng eegen Interesse gesäit an duerch all Instanze verdeedegt, mécht eis quasi verhandlungsfäeg. Dat ass schlecht fir eis Kompetitivitéit, mä et schuet och deem eenzelne Bierger, well dës Ineffizienz oft richteg deier gëtt an d'Resultat net seelen e méisseg gudden Kompromëss duerstellt.

Wat feelt, ass e konstruktiven Dialog. A genau dat setzt d'Direktiv 2001/42/CE viraus. Si setzt viraus, dass d'Ministèren an aner öffentlech Verwaltungen net aus Prinzip esou vill Informatiounen zréckhale wéi si nëmme kënnen. Si setzt viraus, dass déi betraffe Verwaltunge grondsätzlech transparent schaffen a schaffe wëllen, a just do Informatiounen zréckhalen, wou et e gudden Grond derfir gëtt.

D'Direktiv 2001/42 geet och dovunner aus, dass all öffentlechen Opdraggeber genuch Interesse un Ëmweltschutz an Nohaltegkeet huet, an dass hien net absichtlech schlecht Décisiounen an deem Sënn trëfft, obwuel hien aner Léisunge kennt, déi duerchaus realisierbar sinn a wäeren.

D'Zil vun der EU-Direktiv 2001/42 ass net, där enger oder där anerer Säit an engem Konflikt, wou een deem anere schlechte Wëllen ënnerstellt, nei Argumenter ze liwweren. D'Zil ass et, schiedlech Ëmweltafloss méiglechst fréi sichtbar ze maachen a während allen Etappe vun der Prozedur ëmmer erëm eng Reflexioun doriwwer anzubauen, wéi een en negativen Ëmweltimpakt reduzieren oder verhënnere kann. D'Zil ass et och, dass dës Reflexioun net eesäiteg vun deem gefuerdert gëtt, deen e Plang oder Programm duerchzéie wëllt, mä dass jiddferen, dee betraff ass, d'Prozedur ka mat verfollegen a gegebenefalls seng Argumenter an d'Diskussioun mat erabrénge kann.

Och an Zukunft wäerte Konflikter, bei deenen Ëmweltschutzargumenter eng Roll spillen, net ausbleiwen. Mä et ass ze hoffen, dass mer et packen, ëmmer méi oft och e konstruktiven an e participativen Dialog kënnen ze féieren, bei deem jiddferen och d'Interesse vun deem aneren unerkennt.

Här President, mir wäerten dës dringend brauchen, wa mer wëllen zum Beispill mat all eise Plans sectoriels virukommen. De Plan sectoriel „Transports“ an de Plan sectoriel fir déi grouss zesummenhängend Landschaft solle jo geschwé virleien. An da muss mer genau deen Exercice an der Praxis maachen, iwwert dee mer hei schwätzen. Grad bei de Plans sectoriels ass et ganz kloer, dass keen en Intérêt drun huet, wann aus dëse Pläng näischt gëtt.

Et ass awer och kloer, dass esou Pläng vill eenzel Interesse beréieren. Vu Privatpersounen, vun ënnerschiddlechen Interessengruppen, vu Gemengen, vun anere Ministèren an esou weider.

Wa mer eis do an endlosem Gestreits verhedder, verpasse mer, eist Land op d'Zukunft virzebereeden, an dobäi kënnen mer allequerten nëmme verléieren.

Här President, mir müssen also alleguer zesumme léieren, wéi mer ouni ze vill Zäit ze verléiere Léisunge kënnen fannen, déi e fairen Equiliber zwëschent verschiddeenen Interessen duerstellen.

D'Politik muss hei hir Verantwortung als Vermëttler iwwerhuelen. Déi zwee Projete de loi, iwwert déi mer hei ofstëmmen, ginn eis e wichteg Instrument an deem Sënn an de Grapp fir eng nohalteg a responsabel Ëmweltpolitik.

Wa vun der initialer Planungsphas bis zur konkreter Realisatioun vu Projete kontinuéierlech séchergestallt ass, dass all Interesséiert déi ëmweltrelevant Informatiounen hunn, déi si brauchen, wa se zu bestëmmten Zäitpunkten hir Argumenter kënnen virbréngen, an domat och de Kader fir eng breet öffentlech Diskussioun ginn ass, da sinn d'Chancë gutt, dass mir keng oder net ze vill Feeldécisiounen huelen, wou mer ze spéit mierken, dass aner Variante vun engem Projet besser gewiescht wieren.

(Interruption)

Voilà, genau dat!

A wa mer d'Leit vill méi an transparenter a participativer Form un den demokrateschen Décisionsprozesser bedeelegen, da kënnen mer eis och erwaarden, dass déi néideg a fällég Décisiounen akzeptéiert ginn an domat och Décisiounen mat Courage an deem néidegen Entscheidungswëlle geholl ginn, fir eist Land nohalteg no vir ze bréngen.

An deem Sënn géif ech lech bieden, dësene zwee Projete de loi Är Zoustëmmung ze ginn. Ech ginn dozou den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Une voix.** - Allez, au vote!

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Oberweis. Dir hutt d'Wuert, Här Oberweis.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Jo, Här President, de Vote dauert nach e puer Sekonnen.

Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank wéi ëmmer dem Rapporteur, dem Roger Negri, Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. De virleiende Protokoll behandelt d'Evaluatioun vum Impakt, deen duerch Aktivitéiten op d'Ëmwelt ausgeléist gëtt, an dat speziell am Grenzberäich tëschent de Länner, déi Member si vun der Konventioun vun Espoo.

D'Konventioun selwer reit sech an d'Uwwerleeung vun der Aarhus-Konventioun iwwert den Accès zur Informatioun vum 25. Juni 1998 an. Si ass zu Kiew während der fënnefter Europäescher Ëmweltministerkonferenz, an dat am Kader vun der Initiativ Ëmwelt fir Europa, ausgeschafft ginn.

Dës ass zu Espoo de 25. Februar am Joer 1991 während der éischter Ëmweltministerkonferenz an d'Liewe geruff ginn. Mir waren ee Joer virun der grousser Rio-Konferenz derbäi. Dat heescht, Europa huet deemools scho kloer Akzenter gesat, wou et wëllt higoen.

D'Konferenz zu Kiew ass aberuff ginn...

(Interruption)

» **M. le Président.** - Här Jaerling, wann Der dem Här Oberweis Froe wëllt stellen, stellt se.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ech hu just dat bestätegt, wat e sot!

» **M. le Président.** - Jiddferree weess, datt dat, wat den Här Oberweis seet, stëmmt.

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Dat wär schéin, Här President.

D'Konferenz zu Kiew ass aberuff ginn, fir och d'State vu Mëttel-...

(Interruption)

Et ass ëmmer esou schéin, wann een ënnerbrach gëtt hei, mä ech probéieren awer elo de Saz ganz fäerdeg ze maachen. Et geet mer drëm hei ze soen, dass an där Konferenz festgehale ginn ass, dass d'Länner aus Mëttel- an Osteuropa deemools schonn agebonne si ginn.

Dat war wäit virun deem Moment, wou se an Europa erakomm sinn. Et waren also scho Leit, déi wäit gekuckt haten, och deene Länner den Ëmweltgedanke mat eran ze impfen. Doriwwer eraus sinn och d'Länner aus dem Kaukasus, aus Zentralasien, Usbekistan an Tadschikistan invitéiert ginn. Also wäit ewech vun hei, mä trotzdeem, déi ginn och an déi gesamteuropäesch Ëmweltstrategie agebonnen.

Wéi schonn am Gesetzesprojekt ausgeféiert, stinn hei d'Auswierkung vun de Pläng a Programmer, bei deenen notabel Ëmweltauswierkungen a gesondheetlech Schied antriede kënnen, am Mëttelpunkt.

Et soll duerch dësse Gesetzesprojekt déi nohalteg Entwécklung méi staark ëmgesat ginn. Si ass schonn amgaangen, mä mer gesinn ëmmer nach negativ Punkten, an hei soll ganz kloer och am Sënn vun der participativer Demokratie geschafft ginn.

Jiddfer Matbierger muss d'Recht kréien, an engem ökologesche Gläichgewicht mat der Natur ze liewen, an zwar esou, dass seng Gesondheet protegéiert gëtt. Fir dat awer ze realisieren, müssen d'Matbierger an engem fréie Stadium an d'Entscheidungsprozesser mat Ëmweltimpakt agebonne ginn. Zu den Auswierkungen op d'Ëmwelt ziele mir notament d'Awierkungen op d'Flora, op d'Fauna an op déi dräi Liewensressourcen: Buedem, Waasser a Loft, vun deene mir jo liewen, an och ons Landschaften.

An dësem Fall spillen awer d'Auswierkungen am Grenzberäich tëschent de Staten déi wichteg Roll. De Roger Negri ass drop agaangen, ech kann op e puer Saache paséieren, da gëtt et méi kuerz. Et gëtt och an dem Rapport ausgeschafft, wou all Form vun Impakt op d'Ëmwelt an d'Gesondheet festgehale gëtt.

Dës Informatiounen soll de Stat engersäits seng Verwaltungen zougängelech maachen, an anerersäits och den ugrenzende Länner, wann duerch dës Aktivitéiten eventuell an hirer Ëmwelt Schied opriede kéinten oder d'Gesondheet vun de Matbierger deisäits der Grenz an d'Diskussioun bruecht kéint ginn.

Et läit op der Hand, dass de Public via déi modern Telekommunikationstechnologien, ënner anerem Internet, all Informatiounen iwwer Pläng a Programmer mat Zäit muss agesinn.

Et ass och evident, dass Netregierungsorganisatiounen Abléck an déi strategesch Ëmweltpräiwung vun de Pläng an de Programmer kréien. E puer Beispiller vun esou grenziwwerschreidende Projete mat Impakt op d'Ëmwelt an d'Gesondheet kënnen sinn, zum Beispill de Bau vu Pipelines fir Äerdgas an Äerduelech, mat enger Längt awer vun 2,1 Kilometer; d'Opriichte vu Fräileitunge mat 220.000 Volt an enger Längt vu mindestens 15 Kilometer; oder souguer, wat erstaunlech ass, d'Opstelle vu Wandparken.

Zur grenziwwerschreidender Consultatioun nach e puer Wuert. Wann en ugrenzend Land seriös Douten huet, dass duerch Programmer a Pläng, dat heescht Projeten, negativ Auswierkungen op sengem Territoire entstoe kéinten, da muss dat Land, dat de Projet duerchféiert, deem anere Land all Informatiounen iwwert dësse Projet zoukomme loossen. Dat ass interessant an och wichteg.

Wann de Geescht vun der virleiender Konventioun an all d'Käpp agaangen ass - an ech kann nëmmen hoffen, dat geschitt -, dann dierfte reng theoretisch keng negativ Auswierkung vun engem Projet op en ugrenzend Land entstoen, an en aval och an deem eegene Land.

Am Sënn vun der nohalteger Entwécklung bréngen ech dann den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet a ginn dann direkt weider op den zweete Projet, wou ech awer, Här President, dem Roger Negri Merci soe fir seng Aarbecht, fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport.

An deem virleiende Projet de loi geet et ëm d'Evaluatioun vun den Auswierkungen op eis Ëmwelt, déi eben och dann duerch déi bestëmmte Pläng a Programmer ausgeléist kënnen ginn. Dat war mat der Konventioun vu Kiew festgehale ginn; de Roger ass drop agaangen. En huet gesot, dass d'Directive

européenne 2001/42 muss hei a Lëtzebuurger Recht ëmgesat ginn.

Duerch dësse Gesetzesprojekt soll eng Evaluatioun op d'Ëmwelt a folgende Fäll agefouert ginn, nëmme dräi kleng Fäll: bei Pläng a Programmer vun dem Aménagement du Territoire, sief dat am urbane Beräich oder am ländleche Beräich; bei der Nötzung ënner anerem vom Buedem, am Beräich vun der Energie oder vom Offall; an der Gestioum vun Waasser.

Et geet am Endeffekt drëm erauszefannen, wellechen Impakt dës Pläng a Programmer op eis Planzen an Déierewelt hunn; ënner anerem.

Am Mëttelpunkt stinn awer hei eendeiteg déi mëttel- a laangfristeg Auswierkungen op eis Liewensressourcen: Buedem, Waasser a Loft. Mir mierke jo ëmmer méi, wa mer d'Press lesen, d'Programmer kucken, dass et grad déi sinn - ech hunn et oft schonn hei gesot -, déi keng Stëmm hunn, déi mat Féiss getréppelt ginn.

Och op d'Biodiversitéit, de kulturellen an architekturellen oder archeologesche Patrimoine souwéi op den Impakt vun de Landschaften muss hei opgepasst ginn. Des Weidere solle bei den Ënnersichungen d'Wahrscheinlechkeet, d'Dauer, d'Frequenz an de reversible Charakter vun esou negativen Aflëss op d'Natur am Mëttelpunkt stoen.

Ech hunn et schonn eng Kéier gesot: D'Gesondheet - dat héchste Gutt - steet hei och am Mëttelpunkt. Well dës Pläng a Programmer an de meeschte Fäll nëmme bestëmmte Parzellen oder Zone betreffen, sollt d'Vulnerabilitéit och op déi Zon beschränkt an deem Plang dann ausgewise ginn.

Awer net nëmme déi zoustänneg Autoritéite müssen an d'Bild gesat ginn. Och dem Public müssen all dës Pläng a Programmer zur Asiicht virgeluecht ginn. Et muss och e Rapport ausgeschafft ginn, an deem all Detailler an Agréffer festgehale ginn. An och d'Aviséi vun anere responsabelen Instanze muss mat eraflëissen. Am Fall vu grenziwwerschreidenden Aflëss, dorëm ass et jo haut grad gaangen, müssen d'Bemierkunge vun den Autoritéite souwéi den Awunner vun Nopeschland mat eragezu ginn. Dës Rapport soll op enger Homepage dem Public zougängelech gemaach ginn an a mindestens véier Dageszeitunge publizéiert ginn.

Mat dem virleiende Gesetzesprojekt soll de Referenzkader opgespaant ginn, fir d'Auswierkungen op d'Ëmwelt eendeiteg festzehalen. Et muss nämlech alles an d'Wee geleet ginn, fir dass d'Inzidenzen esou kleng wéi méiglech gehale ginn.

Fir dass awer an Zukunft net ëmmer deiselwecht Prozeduren duerchlafte mussen ginn, sollen hei och Iwwerleeungen als „copy paste“ festgehale ginn. Dat ass och ganz wichteg, well domadder och dann d'Projete méi schnell kënnen duerchgefëiert ginn. Domat gewanne mer Zäit an et kënt och zu kengem Double emploi.

Et läit op der Hand, dass den Ëmweltminister, an deem seng Attributiounen den Naturschutz fällt, hei als eng iwwergeuerdnet Instanz muss wieren. Esou sollen an engem fréie Stadium vun engem Projet, wou d'Pläng an d'Programmer virleien, eventuell dann negativ Aflëss op d'Ëmwelt erkannt ginn.

Ee wichtege Punkt op alle Fall an och de leschte fir mech, dat ass den Artikel 12, dee seet, dass een och e Recours kann hunn. De méigleche Recours en annulation géint d'Décisioun ka bei Geriicht bis 40 Deeg no der Publikatioun ageklot ginn. An dës muss och den Associatiounen vun nationaler Wichtigkeet am Beräich vun der Ëmwelt zougestane ginn.

Wéi gesot, dës zwee Projete sinn en Ensemble. D'CSV-Fraktioun ass sech der Wichtigkeet vun der nohalteger Entwécklung bewosst. Dee virleiende Gesetzesprojekt an dee virdu sinn Haaptelelementer dovun, an duerfir kann ech och den Accord vun eiser Fraktioun erabrénge a soe wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Oberweis. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wéilt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht. Dat mécht et den nofolgende Spriecher méi einfach, well mir kënnen eis dann och méi kuerzfaassen.

Ech wéilt fir d'éischt e puer Remarquë maachen zum Projet 5731. Dat ass jo dee Projet, mat deem mer eng europäesch Direktiv ëm-

setzen, déi d'Evaluatioun vum Impakt be-
treëft, dee gréisser Projeten op d'Ëmwelt
hunn. Eng Evaluatioun, déi am Virfeld vum
Ëmsetze vu gréisserde Projete muss ge-
maach ginn.

Mir hu schonn zu Lëtzebuerg e Reglement,
wat méi spezifesch kloer begrenzt baulech
Konstruktiounen ofdeckt. Mat deem Gesetz,
dat elo zur Diskussioun steet, erweidere mer
déi Dispositiounen op gréisser Projeten, déi
een zu engem gewëssen Deel oder zu
engem groussen Deel an déi Kategorie lan-
desplaneresche Beräich kéint aglidderen,
natierlech awer och an aner Domänen. Den
Här Negri huet jo och dovunner geschwat.

Sécherlech ass et eng Schwieregkeet, fir all
déi Pläng, déi a Fro kommen, genau kënnen
am Virfeld ze definéieren. Dat kann e Plan
sectoriel sinn, et kann den IVL insgesamt
sinn, eng städteplaneresch Mesure, eng flä-
chendeckend Mesure am landwirtschaft-
leche Beräich, wéi zum Beispill e Remem-
brement.

D'Fro stellt sech zum Beispill: Kann dat och
sinn, wann déicidéiert gëtt am landwirt-
schaftleche Beräich, datt een zum Beispill
massiv géif amplat vu Weess Energieplan-
zen an enger ganzer Region uplanzen?

Et muss een awer och wëssen, datt et fir
eng ganz Rei Projeten elo scho kloer ge-
setzlech Dispositiounen a Prozedur gëtt,
déi zum Deel méi wäit gi wéi dat, wat hei an
der Direktiv virginn ass, an déi och méi
contraignant sinn.

Duerfir war och schonn déi Iddi vum Stats-
rot berechtigt, fir sech ze froen, ob et net
méi sénnvoll wier, een eenheetlech Gesetz
ze maachen, wou een dann alles kënnt an
ee Package paken.

Ganz positiv un där Direktiv ass sécher och,
datt de Bierger soll dès le départ mat an de
Prozess agebonne ginn a seng Meenung
äusseren kann. D'Texter gesi vir, datt den
zoustännege Minister, en l'occurrence den
Ëmweltminister, zu all Projeten, déi kënnen
eng Inzidenz op d'Ëmwelt hunn, kann - an
ech zitieren do elo net aus der Direktiv, mä
aus dem Rapport: «...émettre son avis,...»
an «...faire part de son avis,...»

Dat kléngt jo scho bal léif.

Et muss ee sech awer froen, wat den Ëm-
weltminister domadder iwwerhaapt u Ge-
wicht herno kann hunn an där Prozedur, fir
konkret op d'Gestaltung vu Projeten am Vir-
feld kënnen anzewierken an zum Beispill an
enger Phas, wou e Projet eréischt uge-
drecht gëtt, eventuell och kënnen e Projet
ze verhënneren, wann hie géif mengen, datt
ze vill negativ Impakter op d'Ëmwelt kéinten
duerch esou e Projet verursaacht ginn.

Et kéint ee jo emol e Gedankespill maachen
zum Beispill vun engem Remembrement,
wou et jo esou ass, datt den Ëmweltminister
bis elo ëmmer e bëssen hannendrugelaf
ass, wéi et dann ass, wa mer elo des
Texter ëmgesat hunn, ob dann d'Gewicht an d'Po-
sitioun vum Ëmweltminister an deene Proze-
dure méi wichteg gëtt.

Dëselwecht Remarquë kéint een och par
rapport zu dem Comité interministériel ma-
chen, deen am Gesetz virgesinn ass. Wann
do Konflikter entstinn tëschent Departemen-
ter - déi klassesch Fäll si jo Konflikter të-
schent der Agrikultur an der Ëmwelt: Wien
tranchéiert dann, wien huet dann d'Priori-
téit?

D'Gesamtimpresioun ass, datt hei sécher-
lech gutt Absichten am Spill sinn, mä
d'Praxis muss herno weisen, wat deen Text
wierklech wäert ass. Och wat d'Effizienz
transfrontière, also déi grenziwwerschrei-
dend Effizienz ubelaangt, bleiwe fir mech
Douten.

Mir kenne jo Beispiller aus der Vergaangen-
heet wéi zum Beispill de Fall IKEA, wou op
lëtzebuergescher Säit en europäesch
Schutzgebiet ausgewisen ass an dann dräi
Meter dernief, well do dann e Stréch op der
Landkaart ass an d'Belsch ugeet, e grouse
kommerziellen Aménagement realiséiert
gouf. Dat ass eis jo ganz gutt an Erënne-
rung.

Et ass sech also ze froen, ob elo da mat
deenen heiten Texter esou landesplane-
resch Feelpilanzen un der Grenz vun en-
gem Land, déi sécher Inzidenzen op d'No-
peschland hunn, kënnen an Zukunft verhën-
nert ginn. Och do hunn ech awer meng
Zweifel.

Här President, ech komme schonn esou
lues zum Schluss. Zesumme mat der Direk-
tiv solle mer och de Protokoll vu Kiew hei
guttheeschen, dee jo am enken Zesammen-
hang mat der Direktiv steet. Awer d'Direktiv
geet scho méi wäit wéi dee Protokoll.

Ech muss hei soen, dass ech an deem Dos-
sier op eng gewëss Aart a Weis befaange
sinn, well ech d'Éier hat, dee Protokoll zu
Kiew deemools fir d'Regierung kënnen ze

ënnerschreien. Deem Protokoll wäert ech
also eng kloer Zoustëmmung ginn, grad wéi
och meng Fraktioun dat mécht. Datselwecht
gëllt awer och fir de Projet de loi 5731.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger.
Den nächste Riedner ass den Här Camille
Gira. Dir hut d'Wuert, Här Gira.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Här
President, Dir Dammen an Dir Hären, och
ech wëilt dem Rapporteur Roger Negri vill-
mools Merci soe fir déi ausféierlech Rap-
porten, déi mir et och erlaaben, wat bestëmmt
vill vun lech wäert freeën, mech relativ kuerz
ze halen an och déi zwee Projete mateneen
ze behandelen.

Wéi esou oft am Ëmweltberäich, Här Presi-
dent, setzt dese Projet de loi eng EU-Direk-
tiv mat grousser Verspéidung ëm. A wann et
ëm d'Matsproocherecht vun de Leit geet,
dann deet Lëtzebuerg sech nach méi
schwéier, a besonnesch schwéier mat der
Ëmsetzung vun EU-Direktiven.

Ech muss vläicht nach eng Kéier drun erën-
nere, dass d'Impaktstudiendirektiv vun
1985 iwwer 20 Joer gebraucht huet, fir hei
zu Lëtzebuerg ëmgesat ze ginn an eiser
Meenung no nach ëmmer net ganz komplett
ëmgesat ze ginn. Hei si mer net grad esou
hannendran, dat ginn ech ganz gären zou,
mä awer hu mer et erëm net fäerdeg
bruecht, fir an der Zäit déi Texter hei zu Lët-
zebuerg wieren ze loosse.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,
ech perséinlech sinn der Meenung, dass
dat keen Zoufall ass. Dat huet eiser Mee-
nung no domat ze dinn, dass d'Biergerbe-
delegung vu ville Politiker a Politikerinnen
zu Lëtzebuerg just als lästegen Exercice
ugesi gëtt, bei deem net vill erauskënnt,
ausser d'Prozeduren ze verlängere.

Dat huet awer och domat ze dinn, dass
nach net genuch erkannt ginn ass, dass déi
grouse gesellschaftlech Erausforderungen
am Ëmweltberäich virun allem aus dem 21.
Jorhonnert net nëmme kënne vu Politiker a
Politikerinnen an Technokrate geléist ginn,
mä dass mer duerfir den Know-how vun alle
Bierger a Biergerinne brauchen.

Déi Gréng sinn net der Meenung, dass e
participative Prozess d'Projete verlängert,
am Géigendeel. Et brauch ee vläicht fir un-
zefänken e bësse méi Zäit, mä duerno ass
d'Akzeptanz vill méi grouss an et kënnt ee
besser duerch de Bësch. Mir sinn och der
Meenung, dass an 100 Käpp méi drastéich,
wéi an zéng. Wann d'Bierger vun Ufank u
bedeelegt sinn, da kann ee ganz vill Konflik-
ter verhënneren. Dat beschte Beispill ass
dat berühmte Beispill vun Helleng, wat vun
de Géigner vun der Participatioun ëmmer
benutzt gëtt fir ze soen: „Voilà, do gesitt Der,
wat geschitt, wa mer de Leit e Matsproocher-
recht ginn!“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et
ass genee ëmgedréint! Hätte mer d'Im-
paktstudiendirektiv vu '85 mat Zäit ëmgesat,
hätt den Här Goebbels sech net ëmmer -
contre vents et marées - dergéint gewiert,
dass se ëmgesat gëtt, hätte mer d'Leit mat
Zäit agebonnen an de Bau vun der Saar-
strooss, hätte mer eis Direktiv gehat, hätte
mer eng gesetzlech Basis gehat, da géifen
d'Auton an d'Camionen haut net méi
duerch den Enkpass zu Helleng fueren, da
wier dat längst gebaut.

Et ass net deene Leit hir Schold, déi sech
do wieren, dass mer haut esou wäit sinn. Et
ass deene jeeweilege Regierungen hir
Schold, dass se sech net un Direktive gehal-
len hunn, dass se net erkannt hunn, dass
een d'Leit misst mat abannen, wann ee gär
duerch de Bësch kënnt.

» **Une voix.** - Ass et dem Här Goebbels
seng Schold?

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Majo
sécher ass et dem Här Goebbels seng
Schold! Dat ass ganz kloer. Et kann een eng
Kéier doriwwer e Buch schreien, iwwert
den Enkpass zu Helleng, well en ass jo och
muer nach net opgeléist, a mir si gespaant,
ob dee jeemools eng Kéier kann opgeléist
ginn.

Duerfir, Här President, well mir déi Partici-
patioun vun de Bierger a Biergerinne vill méi
positiv gesi wéi vläicht vill anerer heiban-
nen, si mir natierlech ganz frou, dass d'Di-
rektiv soll ëmgesat ginn, besonnesch well
se an engem ganz fréie Stadium, wann
theoretisch nach all Optiounen opstinn, et
de Bierger a Biergerinnen erméiglecht mat-
zeschwätzen. Net nëmme kënne se hir Mee-
nung soen, mä déi Meenung muss och
berücksichtigt gi bei der schlussendlecher
Décisioun. A wa se net berücksichtig gëtt,
da muss souguer begrënt ginn, firwat déi
Argumenter net gutt sinn.

Duerfir hu mir mam Fong vun dese Direktiv
an och vum Projet de loi guer kee Problem,
well mer schonn d'Gefill hunn, dass d'Re-
gierung wëllt de Geesch vum dese EU-Di-
rektiv korrekt ëmsetzen.

Mir hate während den Diskussiounen an der
Kommissioun gewësse Problemer a Beden-
ken - an ech muss soen, dass déi nach net
ganz aus der Welt geschaaft sinn - mat der
Form vun der Ëmsetzung, mat dem Wee,
deen d'Regierung gewielt a festgeluecht
huet, fir mat de Bierger a Biergerinnen an
deenen eenzelne Secteuren ze schwätzen.
Dee Wee fanne mer e ganz komeschen.

An dem Gesetz steet just eng allgemeng
Bestëmmung, den Artikel 4.2, dee seet,
dass déi Prozedur géifen an aner Prozedu-
ren integréiert ginn, ausser wann déi deen
heite scho géife gerecht ginn. Dat ass
awer net grad dat, wat de Rapporteur gesot
huet, nämlech prezis: „Ech si gespaant, elo
an der Praxis, déi dann deernächst wäert
kommen, wéi dat da wäert vir sech goen.
Hoffentlech geléngt eis dat.“

Här President, mir fäerten, dass dat eng
komplizéiert, laangoomeg, laangwierig
Prozedur gëtt, bis mer iwwerall konform
sinn. Zweetens, dass et ganz schwéier
wäert ginn, dass nach iergendwéi een an
der Hällewull vu Prozeduren do eens gëtt.
Ech denken do besonnesch u Gemengesek-
retären, déi all Kéiers eng wichtig Roll
spillen, wann et drëm geet, eppes ze affi-
chéieren. Eng Kéier sinn et 15 Deeg, eng
Kéier sinn et der 20, eng Kéier sinn et der
30.

Schlussendlech fäerte mer, dréttens, dass
mer eng Rei juristesche Onsécherheete
wäerten hunn, an dass eng Rei Dossiere
wäerte wéinst Prozedurgeplänkel - an dat
ass ëmmer schued - virum Geriicht landen
an do muss behandelt ginn. Dat gëtt na-
tierlech erëm deene Leit, déi soen „Gesitt
Der, elo ass erëm alles blockéiert“, Waasser
op d'Millen, obwuel eigentlech ganz oft net
iwwert de Fong diskutéiert gëtt, mä iwwert
d'Prozedur.

Mir hätte léiwer gehat, wann an dem Ge-
setz eng Evaluatiounsmethod an eng Kon-
sultationsprozedur als Régime de droit
commun festgehele gi wier. Mir stinn, an dat
ass hei scho gesot ginn, net eleng mat eiser
Meenung, well de Statsrot huet fervent der-
fir plädéiert, an och Organisatiounen wéi de
Mouvement écologique.

D'Regierung huet eis, net ganz zu Onrecht,
entgéintgehalen, ausser Frankräich wier
keent vun deenen anere Länner deen dote
Wee gaang. Dat beweist sécherlech, dass
deen dote Wee ze goen net onbedéngt
deem einfachsten ass, dat ginn ech a meng
Fraktioun och ganz gären zou. Ech muss
och soen, dass mir och elo kee juristesche
Text hei parat hätten, fir déi Procédure de
droit commun do ze proposéieren. Et weist
dann awer, dass, wann ee gewollt hätt, een
et hätt kënne maachen. Wann d'Fransousen
et fäerdeg bruecht hunn, hätte mir et jo
héchstwahrscheinlech och kënne fäerdeg
bréngen.

Ech soen lech awer, Här President, dass
mer eis schlussendlech duerchgerongen
hunn, als Gréng, trotzdeem Jo ze soen zu
dese Projete, och wa mir déi Ängschten net
ganz aus dem Wee geschaaft gesinn. Mir
sinn awer frou, dass d'Gesetz relativ séier
kann ëmgesat ginn an dass mer de Leit
esou séier wéi méiglech an esou vill wéi
méiglech d'Méiglechkeet gi matzeschwätze
bei Projeten, déi kommen. Mir hunn och
agesinn, dass et elo net derwäert ass, Stro-
fen ze bezuelen zu Bréissel, well mer han-
nendra sinn, obwuel dat eigentlech keng
Ursaach dierft si fir schlecht legislativ Aar-
becht ze maachen.

Wéi de Rapporteur et scho richtegerweis
erwähnt huet, stinn elo eng ganz Rei grouss
a wichteg Planungen un, wéi déi eenzel
Plans sectoriels. Ech denken awer och un
de Plan national des déchets. Ech weess
net, ob deen elo nach an d'Prozedur fält.
Wann, da géif ech et awer gutt fannen,
wann en no där heiter Prozedur géif ge-
maach ginn.

Et stinn och déi eenzel PAGen an de Ge-
mengen un. Ech weess net, ob d'Gemenge-
vertrieeder heibanne sech all esou bewosst
sinn, dass dat hei och eng Direktiv ass, déi
si ugeet, an zwar beim Ausschaffe vun där
neier Generatioun vu PAGen. Dat ass och e
Plang, deen ënnerst déi heiten Direktiv fält.
Ech mengen, dass et wäert noutwendeg
sinn, dass de Ministère de l'Intérieur e bes-
sen Opklärungsarbecht mécht, fir dass
mer eis net duerno a prozeduralem Geplän-
kels virun de Geriichter erfännen, mä
dass allgemeng, no deemselwechte
Schema, no därslwechter Prozedur, déi
nächst Generatioun vu PAGE kann opge-
stellt ginn.

Also ënnerst dem Stréch dann awer e Jo
eis, och wa mer eng gewëssen Ängsch
hunn, dass mer eis relativ séier wäerten hei
erëmgesinn an, vläicht no deem engen oder
anere Geriichtsprozess, schonn erëm
musse frësch légiféréieren.

Et ass evident, dass, wa mer zu deem enge
Projet Jo soen, mer natierlech och zu dem
zweeten, nämlech d'Unhuele vum Protokoll
vu Kiew, wäerte Jo soen.

Just eng Fro dozou vläicht un den Ëmwelt-
minister. Ech hat an der Ëmweltkommissi-
oun nogefrot, ob scho Pourparleren am-
gaang wären, fir bilateral Ofkommesse mat
eisen dräi Nopeschlänner ze maachen.
Dunn ass mer mat Nee geäntwert ginn.
Wann dat haut nach ëmmer esou ass, géif
ech awer ganz vivement recommandéieren,
vläicht esou Diskussiounen opzuehelen.
Ech géif et net gutt fannen, wa mer eréisch
géifen iwwerleéen, wéi mer de Protokoll vu
Kiew mat eise jeeweilegen Noperen emset-
zen, wann en akute Fall a vläicht e kridde-
leche Projet an enger vun eise Grenzre-
giounen wier.

Och do besteet e Risiko vu Geriichtsproze-
duren, an duerfir géif ech et besser fannen,
wa mir elo scho preventiv géife mat deenen
dräi Länner Ofkommesse maachen, fir
dass, wann de Fall sech sollt stelle vun en-
gem Plang oder engem Programm wou mer
d'Nopere musse froen, mer do gerüst sinn
an op béide Säite vun de Grenze jiddfere
weess, wéi e sech soll uleeën.

Merci villmools fir d'Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira. De
leschte Riedner ass den Här Mehlen. Här
Mehlen, wann ech gelift.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci,
Här President. Merci un de Rapporteur. Een-
zel Virriedner si schonn am Detail op de Pro-
jet agaangen. Ech wäert mech hidden, dat
hei ze maachen. Ech wëll just e puer allge-
meng Remarquë maachen.

Et ass kloer, datt, mat der Entwécklung vun
eiser Gesellschaft, d'Problemer, déi bei
grouse Projete fir d'Ëmwelt an de Mënsch
entstinn, ëmmer méi grouss ginn, an datt
d'Tendenz besteet, fir dat och ëmmer méi a
Prozeduren anzubannen, wou d'Mënsche
kënnen, éischtens, am Virfeld informéiert
ginn an och iergendwéi eng Méiglechkeet
hunn, sech dozou ze äusseren. Dat ass gutt
esou. Ech mengen, do ass och all Mënsch
domat d'accord.

Déi aner Säit vun der Medail ass natierlech
déi, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, fir Pro-
jeten ëmzesetzen an, virun allem, fir se an
Délaies ëmzesetzen, déi nach iergendwéi
räsonnabel sinn. Duerfir hunn ech d'Hoff-
nung, datt - esou wéi den Här Gira et gesot
huet - wann d'Leit direkt vun Ufank u mat
agebonne sinn, et herno bei der Ëmsetzung
net zu weidere Verzögerunge kënnt.

Mä et ass och richtig, datt d'Prozeduren
ëmmer méi komplizéiert ginn, datt mer
ëmmer méi Gesetze kréien an deem heiten
Domän, an datt et fir den normale Mënsch
bal onméiglech gëtt, fir sech nach an deem
Gewulls do erëmfännen. Ech wollt och
nach froen, wa mer schonn iwwer eis grouss
Infrastrukturprojete schwätzen, ob mer eng
aner Nordstrooss gebaut hätten, wa mer déi
Gesetzgebung hei deemools scho gehat
hätten?

Et ass jo interessant, datt een Impaktstudien
am Virfeld mécht. De Minister Goebbels,
deem hei scho genannt ginn ass, huet de-
emools héich an helleg versprochen, all Gras-
hallem tëschent der Stad a Miersch wär
ëmgedréint ginn. Et bräicht ee keng Suerg
ze hunn.

Ech mengen, leschtenenns wosst jiddfer-
een, wéi mer déi Strooss gestëmmt hunn,
wat mer géife stëmme. An eng Strooss ze
bauen, déi keen Impakt op d'Ëmwelt huet,
dat gëtt et net.

(**Interruption**)

Jo. Elo kann een natierlech soen, wann aus
deenen Etüden ervirgeet, datt dat an dat an
dat an dat ëmweltmëisseg tangéiert gëtt,
datt mer dann nach méi Kilometeren ënnerst
dem Buedem erduerchgefeuer wären, wou
mir jiddefalls awer der Meenung sinn, datt
dat ongeféier déi verkéiertsten Décisioun

war, déi mer konnten huelen. Och aus Sécherheetsgrënn an aus finanzielle Grënn.

Wéi gesot, et geet jo hei drëm, datt méi Transparenz soll an déi Prozedure kommen, datt d'Leit solle besser informéiert sinn, datt se och eng Méiglechkeet kréien, fir hiert Wuert do matzeschwätzen, an duerfir wäerte mir eis och dem Vote vun deenen zwee Projeten hei net verspären.

Ech soen lech Merci.

►►► **Une voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Ëmweltminister.

►►► **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Merci, Här President. Ech wëll et ganz kuerz maachen. Zum Fong gëtt et net ganz vill bäzefügen zu deem, wat de Rapporteur op seng gewinnten exzellente Aart a Weis hei gesot huet. Ech mengen, dass et och e Konsens gëtt a ville Froen. Ech wëll just zwou praktesch Saache vläicht soen.

Dat Éischt ass eng Äntwert op déi Fro, déi de Kolleeg Camille Gira gestallt huet. Déi éischt Pläng, déi wäerten där Evaluatioun hei ënnerzu ginn; wat de Plan sectoriel vum Transport an dee vun de grands ensembles paysagers wäert sinn. Mir sinn eis doriwwer eens, dass déi Evaluatioun op der Basis vun dëser Gesetzgebung a vun dëser Direktiv am Hierscht wäert ugoen. Zweetens ass zu deem Punkt och ze soen, dass natierlech de Plan national iwwert d'Déchetten, wann deen dann, esou wéi mer et elo am Timing virgesinn hunn, bis Enn des Joers fäerdeg ass, och där heiter Evaluatioun ënnerzu gëtt. Doriwwer därerf et keng Diskussioun ginn.

An déi zweet Bemierkung nach vläicht: Ech hu vu ville Riedner eppes opgefaangen, wat, mengen ech, richtig ass. Den Här Mehlen huet dat genannt „Gewulls“ an den Här Gira an anerer hu gesot: „Opklärung, déi wuel néideg ass“.

Ech mengen hei mat an de Ministère - ech wollt elo soen „mat heemzehuelen“, dass een effektiv och mat 97/11 a mat 2001/42 vläicht muss, zesumme mam Här Wiseler a mam Här Halsdorf, eng Agence domat beoptragen, fir déi Gesetzgebungen eng Kéier op eng relativ einfach Aart a Weis ze erklären, net nëmme fir d'Gemengen, mä och fir déi staatlech Autoritéiten a fir all déi privat, déi hei och kënnen mat esou Projete behaft sinn. Et ass noutwendeg, fir eng Kéier kloerzemaachen, wien do elo wat fir eng Kompetenz wéini huet, wat fir eng Délaien dass et da gëtt a wéi laang d'Prozeduren daueren.

Eng lescht Bemierkung vläicht och nach: Et soll hei ëmmer den Zweck sinn, hei besonnesch jo, et an engem Stade précoce ze maachen, wat evidentereis ganz wichteg ass, dass et eis awer drëm geet, fir Prozeduren domadder déifgrënneg ze maachen a gutt ze maachen, awer net onbedéngt onendlech an d'Längt ze zéien. Well mir hu bei ville Projeten hei am Land, wann ech elo d'Kap als Transportminister géif undoen, wierklech de Souci, dass mer och virukommen an dass d'Prozeduren net dofir do sinn, fir d'Saachen onendlech an d'Längt ze zéien. Hei brauche mer och e gesonden Equiliber. Duerfir der Kommissioun Merci fir hir schnell Aarbecht.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5731; Dir fannt den Text am Document parlementaire 5731⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5731 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullan (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul

Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5735; den Text steet am Document parlementaire 5735².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5735 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullan (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5826 iwwert de SIDOR. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen bis elo: den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Gibéryen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri.

5. 5826 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux de renouvellement des infrastructures d'élimination des déchets ménagers et assimilés du SIDOR

Rapport de la Commission de l'Environnement

►►► **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de SIDOR zu Leide-

leng ass déi eenzeg Müllverbrennungsanlag, déi mir hei am Land hunn.

De SIDOR, de Syndicat Intercommunal pour la Destruction des ORdures, verbrennt den Haushaltmüll vun de 36 Gemengen aus de Kantone Lëtzebuerg, Esch a Capellen, fir ronn 300.000 Awunner. Dat sinn zwee Drëttel vun der Gesamtaunwunnerzuel an eisem Land.

De SIDOR gouf 1971 gegrënnt an ass 1976 a Betrib gaangen. D'Müllverbrennungsanlag funktionéiert de Moment mat dräi lewen, bei enger Temperatur vun 850 Grad Celsius. Pro Stonn kënnen 8 Tonne Müll verbrannt ginn. D'Gesamtkapaciteit läit bei 147.000 Tonne Müll pro Joer.

De SIDOR huet sengerzäit en Exploitationkontrakt mat der Firma SOLUCOM ofgeschloss, deen elo 2008 ausleeft.

D'Müllverbrennungsinfrastruktur sinn am Schnëtt méi wéi 30 Joer a Betrib. Fir weider produktiv ze bleiwen an d'Betribs- a virun allem d'Versuergungssecherheet ze garantéieren, déi enorm wichteg ass, mussen d'Verbrennungsinfrastrukturen an deenen nächste Joren integral erneiert ginn.

De SIDOR huet och schonn iwwert de Wee vun enger öffentlecher europäescher Ausschreiwung engem neie Gestionnaire, der Firma SOTEC vu Saarbrécken, d'Exploitation fir déi nächst 20 Joer iwwerdroen, woubäi déi 52 Leit vun der SOLUCOM, déi beim SIDOR schaffen, integral vun der SOTEC iwwerholl ginn; an dëst opgrond vum Gesetz vum 19. Dezember 2003 iwwert de Maintien des droits des travailleurs en cas de transfert d'entreprises.

D'Gesamtkäschte vun der Erneuerung vun de Müllverbrennungsinfrastrukture belafen sech op ronn 100 Milliounen Euro, fir genau ze sinn 99.745.250 Euro. D'Käschte gi vum SIDOR-Gemengesyndikat gedroen. De Stat bededelegt sech um Projet mat 25% iwwert de Fonds de la protection pour l'environnement. Dat mécht fir de Stat en chiffres ronn 25 Milliounen Euro oder genau 24.936.310 Euro aus.

Well dës Chiffer vu 25 Milliounen Euro nom Gesetz vum 8. Juni 1999 no Artikel 80 de Seuil vu 7,5 Milliounen dépasséiert, déi d'Regierung investéiere kann ouni den Accord vun der Chamber, brauche mer e Gesetz, wat mer haut de Mëtten hei wëlle stëmmen.

Här President, eier ech op den Detail vun der neier Müllverbrennungsanlag zu Leideleng ze schwätze kommen, wëll ech fir d'Éischt op déi allgemeng Hausmülllofallituatioun hei zu Lëtzebuerg agoen.

D'Gestioun vun Hausmüll ass am Gesetz vum 17. Juni 1994 geregelt. D'Haaptobjektiver dofir sinn:

- 1) d'Preventioun an d'Reduktioun vum Müll,
- 2) d'Valoriséierung vun Müll duerch Recycling an
- 3) d'Eliminatioun vun deem Müll, deen net méi ka valoriséiert ginn.

Dës leschten drëtter Punkt vun der Eliminatioun vun dem Reschtmüll geschitt hei zu Lëtzebuerg an dräi interkommunale Syndikater: éischtens dem SIDOR, ëm deen et hei haut geet; zweetens dem SİDEC, en interkommunale Syndikat vu 55 Gemengen aus der Regioun Dikrech, Ettelbréck a Colmar-Bierg, mat der Décharge am Friedhaff bei Dikrech, an drëtters dem SIGRE, en interkommunale Syndikat vu 25 Gemengen aus der Regioun vu Gréiwemaacher, Réimech an lechternach mat der Décharge am Muertendall zwëschen Betzdorf a Gréiwemaacher.

De SİDEC funktionéiert mat enger mechanischer Virbehandlung a seng maximal Exploitatioun ka bis zum Joer 2020 goen. Hei gëtt zesumme mam Ëmweltminister no aneren Eliminatiounsméiglechkeete gesicht. De SIGRE huet nach eng Exploitatiounszäit fir déi aktuell Extentiounphasen 1 an 2 bis zum Joer 2010. Am Ganze bestinn awer do Stockagecapaciteite bis zum Joer 2060. Ervirsträiche wëll ech déi gutt Zesummenaarbecht ënnert deenen dräi Syndikater, déi sech géigesäiteg hëllefle bei Enkpäss.

Här President, de Fonctionnement vun SIDOR baséiert um Gesetz vum 23. Februar 2001 a begräift wéi scho gesot 36 Gemengen aus de Kantone Lëtzebuerg, Esch a Capellen.

D'Vokatioun, fir den Hausmüll net nëmme ze verbrennen, mä sech och am Recycling ze engagéieren, weist sech um gudden Fonctionnement vun zwee Gemengesyndikater, éischtens dem Minettkompost, deem 22 vun deene 36 Gemenge vun SIDOR ugehéieren, a zweetens dem SICA aus dem Westen, deem aacht vun de SIDOR-Gemengen ugehéieren.

Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR funktionéiert nach just mat engem groussem Uewen a grad wéi déi aktuell Anlag mat 850 Grad Celsius. D'Verbrennungskapaciteit läit bei 20 Tonne pro Stonn a bei 150.000 Tonne pro Joer. D'Gasen, déi entstinn, ginn duerch Katalysatore gefiltert, fir Dioxin a Schwéiermetaller net an d'Luucht ze blosen. Hei ginn déi neisten Technologien agesat, déi deene méi strengen Norme vun der Protektioun vum Buedem, dem Waasser an der Loft vun haut och entsprechen.

D'Chaudière, fir d'Verbrennungsanlag ze bedriewe vum SIDOR, déggagéiert nach eng Hëtzt vu 400 Grad Celsius a Form vun Dampf mat engem Drock vu 40 Bar. Dat ass ganz héich. Dëst erlaabt et, eng Cogénérationsanlag ze bedriewen, an hei eraus erkläre sech och haaptsächlech, firwat de Projet vum Fonds pour la protection de l'environnement ënnerstëtzt gëtt.

D'Cogénérationsanlag erlaabt et engersäits, Strom ze produzéieren an en an d'öffentlech Stroomnetz anzuespeisen, mat enger Capaciteit vu 16,5 Megawatt. Dëst entsprécht enger Stroomversuergung vu ronn 10.500 Haushalter.

Hei wëll ech erwähnen, dass och elo scho Strom an d'Netz agespeist gëtt mat enger Capaciteit vun 11 Megawatt fir eng Equivalenz vu 7.000 Haushalter. Déi aktuell 11 Megawatt entsprechen engem Prozent vun eiser nationaler Stroomconsumatioun. An déi 16,5 Megawatt vun där neier Anlag entsprechen 1,5% vun der nationaler Stroomconsumatioun, wat schonn impressionnant ass.

Wat de Projet awer vum Ëmweltaspekt zousätzlech interessant mécht, ass, dass d'Cogénérationsanlag sënnegeméiss och Hëtzt auskoppelt mat enger Capaciteit vun 18 Megawatt. Dës Hëtzt soll Gebaulechkeeten hëtzen an der Zone d'activité vun der Cloche d'or a Gaasperech. Heifir soll eng siwe Kilometer laang Leitung vu Leideleng op d'Cloche d'or verluecht ginn. Do soll vun der Stad Lëtzebuerg eng Zentralheizung gebaut ginn, déi d'Hëtzt iwwert de Wee vun engem Réseau urbain de chauffage a verschidden Deeler vun dëser Zone d'activité transportéiert.

Et ass estiméiert ginn, dass Bürosraimlechekeiten, dat hänkt awer och vill vun der Konstellatioun of, fir eng méi wéi 10.000 Leit op dësem Wee kënnen gehëtzt ginn. Dës Käschte gi vun der Stad Lëtzebuerg gedroen.

Här President, erwähne wëll ech och, dass d'Schlaken, déi bei der Müllverbrennung op der SIDOR entstinn, déi 25% vum Gewicht an 10% vum Volume vun verbrannte Müll duerstellen, no Däitschland bei Krefeld transportéiert ginn an eng speziell Entsorgungsanlag, wou de Rescht vum Metall récupéiert a recycléiert gëtt. Déi entstehend Äsche bei der Verbrennung, déi 3% vum Gewicht vum verbrannte Müll duerstellen, ginn an Däitschland an ënnerierdesche Salzmine gelagert, wou se geschützt sinn, well hei keng Fichtegkeet besteet a se sech domat net zersetzen.

Här President, de Projet de loi ass den 2. Januar 2008 déposéiert ginn. D'Kommodo-Inkommodo-Prozedur ass um Lafen a wäert Enn 2008 ofgeschloss ginn. Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR zu Leideleng wäert am Prinzip Enn 2010, Ufank 2011 a Betrib goen. Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR kascht wéi gesot 100 Milliounen Euro a gëtt aus deene virdrun erkläerten ëmweltspezifischen Aspekter mat 25% vum Fonds pour la protection de l'environnement nom Gesetz vum 31. Mee 1999 a mat 25 Milliounen Euro vum Stat subsidiéiert.

Domadder bidden ech lech, dësem Projet de loi zouzestëmmen, ginn den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Noluschteren.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den éischte Riedner ass den Här Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Discussion générale

►►► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'1.-Mee-Féiwer fänkt un. Ech kréie scho gesot, ech soll virumaachen an net vill schwätzen. Ech gi mer dann all Méi.

(Hilarité)

Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank wéi ëmmer dem Roger Negri, no deem ech oft hei muss schwätze goen, well de Roger ass viru mir am Ëmweltberäich, Merci ze soe fir dee Rapport, deen hie gemaach huet, mëndlecher a schrëftlecher Aart.

Et ass gesot ginn hei, d'Verbrennungsanlag vu Leideleng, déi eenzeg am Land, soll ersat ginn, well se al ass a well och de Vertrag vun der SOLUCOM zu Enn soll kommen. Interessant ass awer Folgendes: An dem Beräich vum Syndikat SIDOR an der Minnettgéigend an och a Capellen a Lëtzebuerg wunnen 300.000 Mënschen. Dat si 70% vun allen Awunner, an déi produzéiere ronn 66% vum gesamten Haushaltsstoff heit am Land.

Amplaz vun dräi Anlagen, dat ass interessant a sech an der Technik, gi keng dräi nei Anlage gebaut, mä eng eenzeg. Et ass interessant, well domat muss ech dovun ausgoen, dass déi Firma wéinst Redundanzwierleungen eng ganz seriö an ökologesch Anlag wëllt bauen. Well, wa se nëmmen eng wëllt maachen, da muss se dovunner ausgoen, dass hir Anlag mat 20 Tonne pro Stonn eng ganz fiabel ass. Mä si huet awer virgebaut. An duerfir hu mer nach déi zwee aner Syndikater, de SIGRE an de SIDEC, déi mat Hëllesprogrammer ëmmer bereet sinn, wann eppes géif schifgou beim SIDOR, dann zäitweilig Müll opzehuelen a bei sech ofzelageren.

(Interruption)

Jo, dat maacht Dir heiansdo, an dat ass sympathesch. Mir hëlleflech awer och. Ech denken do un d'Thomasschlake viru ville Joren.

D'SOTEC huet och zougesot, dass si eventuell den Haushaltsmüll an hir Verbrennungsanlagen am Ausland, an der Groussregioun, géif ausféieren an dann do eliminéieren.

E puer Wuert awer nach zu den Tabellen, déi mer virgestallt kritt haten. Do ass opgefall, dass beim SIDOR iwwer zéng Joer eng Moyenne vun 125.000 Tonne pro Joer verbrannt gi sinn.

Et ass hei gesot ginn, an ech répétéieren et ganz gären nach eng Kéier. Eis Offallpolitik gëtt gedroe vun e puer Kärpunkten: der Vermeidung, dem Recycling, der Weidervaarbechtung an zum Schluss der Verbrennung.

An dat gesäit ee scho ganz gutt dobaussen um Terrain. Wann ee méi al ass wéi déi jonk Mënschen heibannen, weess een, wéi vill Müllkippe fréier hei am Land waren an, wann een haut duerch d'Land geet, wéi vill Recyclinghäff dorëmmer sinn, wou d'Leit sech d'Klensch an de Grapp ginn, fir hire Müll ofzeliwweren, dee se virun doheem triéiert hunn.

Dat beweist, wéi déif d'Ëmweltpolitik an d'Offallverwärtung schonn an de Käpp vun de Mënsche verwuerzelt sinn, an et kann een déi Leit nëmmen ënnerstëtzen, déi an d'Schoule ginn a mat jonke Leit dee Prozess virundreiwen.

Well déi Jonk, déi haut an der Schoul sëtzen, dat sinn déi Leit, déi muer d'Décsiounen huelen an de Btriber an an den Haushalten, an duerfir kann een de Minister nëmmen ënnerstëtzen a sengen Iwwerleungen a Beméiungen, den Ëmwelt- an Offalldanke wäit an d'Schoulen ze droen.

Nach e puer Wuert zu den Analysen. Wann een d'Tabell kuckt, dann huet een awer esou e mulmecht Gefill. An den dräi Syndikater SIGRE, SIDEC a SIDOR sinn zesummen am leschte Joer 199.000 Tonnen ugefall. D'Quantitéit ass also vum Joer 1997 bis 2006 ëm 7.000 Tonne an d'Luucht gaangen, obschonn am Land vill méi Leit bäikomm sinn. Dat heescht ganz einfach, wat ech schonns gesot hunn: D'Leit maache vill méi Tri. 7.000 Tonnen an Zäit vun dach bal néng Joer.

Mä interessant ass awer Folgendes: Den Duerchschnittsfall ass vu 461 kg am Joer 1997 op 434 kg am leschte Joer gefall. Dat ass net vill. Dat bedeit also, dass nach ganz vill Aarbecht um Terrain ze maachen ass, fir och déi Leit ze sensibiliséieren, déi doheem nach ëmmer alles an hir Poubelle werfen. Dat gesi mer jo, wa mer duerch d'Stroosse ginn, wéi d'Poubellen deelweis iwwerlaffe vum Dreck, an da freet ee sech oft: Wäer do net nach munches erauszehuelen?

Aus den Analysen iwwert den Offall kann een erauslesen, dass den Undeel vu Pabeier a Kartong an de Joren 1992 bis 2005 vu 47 kg op 64 kg eropgaangen ass. Wat mech am meeschten erschreckt huet, dat ass den Undeel u Plastik: vun 19 kg op 44 kg an där Zäit. Dat schéngt mir e bësse komesch ze sinn, wëll ech dach soen, Plastik ass Äerduelech. A mat engem Äerduelechpräis vun 117, 118 Dollar de Barrel...

» **Une voix.** - 120 Dollar de Barrel.

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - ...120 Dollar - Merci fir den Awand -, da muss een dovunner ausgoen, dass et sech lount ëmmer méi Plastik aus der Mülltonn erauszehuelen an anere Weeër zouzeféieren, voire e Recycling ze maachen.

Et géif duerfir a mengen Ae Sënn maachen - et ass elo ewell ze spéit - nozedenken an am SIDOR eng Recyclinganlag fir de Plastik anzebauen. Dat kann een am Ausland gesinn, an et ass eigentlech ni ze spéit, fir dat ze maachen. Well mir sollen net vergiessen, dass beim PVC den C fir Chlor steet. Chlor ass eng Verbindung, déi douewen an der Atmosphär hiert Onwiesen dreift am Kader vum Treibhauseffekt. Och wa mir Filteren abauen, e Quäntche geet ëmmer derduerch, well 100%eg Filteranlage kréie mer jo ni.

vläicht wier et och sénnvoll nozedenken, ob een dann déi ugesammelt Plastikmengen net eventuell als Ersatzstoff vun der Braunkohle kënnt huelen zu Rëmeleng an der Interмосelle-Verbrennungsanlag. Do gëtt mat 2.000 Grad Celsius verbrannt, also schadstoffräi. An deem Zesammenhang wär et vläicht och derwärt nozedenken, ob een de Klärschlamm, deen am Land ufält, sollt dréchnen an och an der Interмосelle verbrennen, well do gi mat 2.000 Grad Celsius d'Schwéiermetaller agebonnen am Klinker.

Ech kommen zum Schluss. Et ass wichtig ze ënnersträchen, dass, och wa mir nogschalt Filteranlagen hunn, déi de Schwiefel-dioxid, Stickoxiden, Dioxiden a Furanen erausfilteren, awer nach, wéi ech schonns gesot hunn, en Deel dovunner an d'Ëmwelt kënnt. Ech sinn och ganz frou, dass emol opgehéiert gëtt mat der Ausso, dass d'Temperatur op der SIDOR ze niddreg wier.

Ech hunn nogesicht beim Karlsruher Fuerschungszenter, an déi Wëssenschaftler soen, dass 600 Grad Celsius duerginn, fir dass Furanen an Dioxinen eliminéiert kënnen ginn. Derniewent ginn och d'Schwéiermetaller wéi Kadmiem, Bläi a Quecksëlwier an de Filteren ausgescheed.

Ee Wuert nach just zu der Energiebilanz. Mir hu festgestallt, dass aus enger Tonn Haushaltsstoff ronn 400 Kilowattstonden elektresch Energie gewonne kënnen ginn. D'lescht Joer waren dat 50 Milliounen Kilowattstonden. Dovun sinn der 38 an de Réseau vun der Cegedel agespeist ginn. Dat waren 1,4% vum Verbrauch vun elektrescher Energie an deem Réseau d'lescht Joer, awer 14% vun den erneierbaren Energien hei am Land, wann een dat därfer derbärechnen. Brëssel erlaabt jo nach ëmmer, dass een Offall niewent d'Waasser, Wand a Sonn därfer stellen.

Ee positiivt an domat och en ökologesch Element ass an deem Dossier hei d'Auskoppele vun der Wäermt aus dem Verbrennungsprozess, well domat jo den Nutzungsgrad vun der verbrannter Meng verbessert gëtt. Dese Réseau gëtt opgebaut mat der Stad Lëtzebuerg an d'Wäermt soll op d'Cloche d'or bruecht ginn. Et ass a sech gutt, well domat kréie mer schonn en zweete flotte Réseau, niewent der Twinerg am Minett, wou d'Wäermt vun der Twinerg de Frichen zu Belval zougefëiert soll ginn.

Dat sinn Iwwerleungen - a mir ginn net midd et hei ze soen -, d'nohaltg Entwécklung fänkt bei ons un, a wann een de Kyoto-Protokoll genau wëllt huelen, da muss all Tonn CO₂, déi mer anerwärtens aspuere kënnen, erausgehuewe ginn. Well wa mer esou kënnen d'Wäermt op d'Cloche d'or bréngen, da gëtt do manner Äerdgas a Mazout verbrannt.

E leschte Punkt a menger Interventioun, Här Minister, dat sinn d'Iwwerleunge vun de Syndikater fir d'Zukunft. Ech konnt als Beobachter an der Chamberskommission vum der Territorialreform materliewen, dass do iwwert d'Gestioun vun den Déchete geschwat gëtt. Zurzäit hu mer jo d'Déchargé vum SIGRE am Osten. Do gëtt gesot, dass d'Exploitioun bis 2010 garantéiert ass an et dierft, wann een de Volume kuckt, nach bis 2060 weiderefueh ginn. Dat ass net glécklech, well do gëtt nëmmen Offall ofgelagert an de Methangas kann eventuell genotzt ginn. Derniewent hu mer de SIDEC, wou gesot gëtt, dass do ka bis 2010 voire 2020 ofgelagert ginn. Da wär do d'Capacitéit ausgenotzt.

Vläicht sollte mer déi kommend Joren zesummen Iwwerleungen ustellen, wéi mer eng Offallvermeidungs- a Recyclingcampagne mat onse Matbiereger fir eng nohaltg Offallwirtschaft aleede kéinten. Domadder kéinten ons Matbiereger dat, wat se bei ILReS-Ëmfroe soen, dass si zu 90% fir d'Erhale vun der Ëmwelt sinn, a boer Mënz ëmsetzen.

Vläicht kann een dann och, wann déi Anlag zu Leideleng gebaut ass, spéiderhin de Reschtmüll, wann dee gutt triéiert ginn ass, vum Norden a vum Osten an d'Anlag vu Leideleng bréngen. Domat hätte mer dann eng gemeinsam, eng eenzeg Verbrennungsanlag fir eist klengt Land. Dat ass Zukunftsmusek, Här Minister, mä mir invitéieren Iech, mat deene kompetente Leit an den nächste Joren doriwwer ze schwätzen.

De Käschtepunkt vum Projet ass hei schonns genannt ginn.

Ech bréngen dann, well der CSV den Ëmweltschutz an d'nohaltg Entwécklung wichtig sinn, den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Oberweis. D'Wuert huet elo den Här Berger.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht. Et wäert och haut net déi leschte Kéier sinn, well hie wäert jo och nach herno beim e-go-Projet eng Kéier Rapporteur sinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, laang Zäit goufen, vläicht net zu Onrecht, wichtig Bedenke vun de Géigner vu Müllverbrennungsanlagen ugefouert. Dat war ënner anerem d'Loftverschmutzung, d'Energiebilanz, d'Schlakenentsuergung. Och hei zu Lëtzebuerg hu mer nach déi Diskussiounen an Erënnerung, déi jo bis an d'90er Jore gefouert gi sinn.

An deenen zitierete Beräicher sinn awer an der Vergaangenheet grouss techesch Fortschreitter gemaach ginn, d'Filteranlage si verbessert an optimiséiert ginn, d'Energieeréckgewönung ass héich effizient weiterentwickelt ginn an och d'Verbrennung u sech ass optimiséiert ginn, esou datt maner Réckstänn bleiwen. Duerfir ass also haut d'Müllverbrennung praktesch den Optimum am Beräich vun der Entsuegung vum Hausoffall ginn.

Am Vergläich zur Mülldeponie kann een och ervirsträchen, datt ënner anerem d'Gefor vu Buedem- a Waasserverschmutzung, an awer och zum Deel Loftverschmutzung, praktesch net méi gi sinn. Ausserdeem ass et an dicht besidelt Gebidder ëmmer méi schwéier fir noutwendeg Deponieflächen ze fannen. An der Schwäiz, zum Beispill, ass een dozou iwwergaangen, fir den Hausmüll ausschliesslech an Anlagen ze verbrennen. Och hei zu Lëtzebuerg ass also elo d'Müllverbrennung am SIDOR zu engem Haaptstandbee gi vun der Offallpolitik am Beräich vum Hausoffall. Dëst niewent den Deponië vu SIGRE a SIDEC.

Optimal wier et jo natierlech, wann ee kéint an déi Situatioun kommen, datt een hei am Land esou vill géif recycléieren, datt ee guer keng Verbrennung, guer keng Oflagerung bräicht, mä mir wëssen awer, datt dat leider wäert eng Utopie bleiwen.

Et muss een awer ervirsträchen, datt d'Tonnagen am Hausmüll hei zu Lëtzebuerg stagnéieren. D'Chifferen, déi de Rapporteur genannt huet respektiv déi am schrëftleche Rapport ugefouert ginn, weisen jo och op, datt hei zu Lëtzebuerg de Bierger gutt sensibiliséiert a gezillt ass an datt hie vill Efforté mécht, déi och vun de Gemengen an de Gemengesyndikater ënnerstëtzt ginn.

Mir brauchen awer weiderhi Verbrennungsanlagen. D'Anlag vum SIDOR ass um Enn vum Zyklus ukomm a muss komplett erneiert ginn, woufir mer jo dann hei dee Finanzementsprojet an der Chamber diskutéieren. Ouni elo an all déi techesch Detailer anzegoen, déi de Rapporteur ganz gutt beschriwwen huet, kann ee feststellen a begréissen, datt et eng Installatioun ass, déi wierklech um allerleschte Stand vun der Technik ass.

En anere Punkt, deen ervirzehiewen ass, ass dat Konzept, fir d'Hëtzt an d'Ofwäermt bei der Anlag optimal ze notzen, méi speziell och déi Initiativ vun der Stad Lëtzebuerg, fir d'Wäermt bis op d'Cloche d'or a Gaasperech ze transportéieren an do d'Gebaier domat ze versueren. Dat ass letztendlich och am Sënn vun den Efforté fir de Klimaschutz. Hei huet d'Haaptstad wierklech voll hir Verantwortung iwwerholl.

Ier ech ofschléissen, wëilt ech nach eng, zwou méi spezifesche Remarque maachen.

Déi éischt Remarque betrëfft d'Personal vun der Anlag. Et ass eng Ausschreiwung, fir en neie Bedreier ze bestëmmen, gemaach ginn. De SIDOR huet do en neie Choix gemaach. Et ass an deem Kontext meng Suerg, datt d'Personal - ronn 50 Leit, déi de Moment op der Anlag schaffen - och vun deem neien Exploitant iwwerholl ginn, well ech hätt awer e bëssen e schlecht Gefill, wann ech duerch mäi Vote géif derzou bädroen, datt deen een oder anere géif an eng prekär Situatioun kommen.

Eng weider Remarque betrëfft den Accès zur Anlag. Mir kenne jo alleguer de Site am Leidelenger Bësch, dee sécher verkéierschtesch net optimal ass. Vill Camione mussen duerfir duerch Leideleng fueren, wat sécherlech net zur Liewensqualität an

der Gemeng bäidreit. Et ass och scho méi wéi eng Kéier driwwer geschwat ginn, fir méi en direkten Zougang vun der Escher Autobunn op dee Site ze maachen. Et wier also gutt, wann deen Dossier erëm géif op de Leescht geholl ginn, fir do eng convenabel Solutioun am Intérêt vun de Leidelenger Leit ze fannen.

Eng lescht Fro ass déi am Beräich vun der erneierbarer Energie respektiv vum Urechne vun der erneierbarer Energie. Et war esou, datt an der Vergaangenheet emol déi Energie, déi produzéiert ginn ass am SIDOR, eis ugerechent ginn ass an der nationaler Bilanz, wat d'Produktioun respektiv d'Consumatioun vun erneierbarer Energie betrëfft. Wann een awer elo kuckt, wat esou eng Anlag duerstellt, da kéint ech mer virstellen, datt dat net méi de Fall ass. Duerfir d'Fro, ob dat dann och nach an Zukunft esou vun der Europäescher Kommission oder den europäeschen Instanze gesi gëtt oder ob dat net méi dozou gehéiert.

Dat gesot, kann ech awer voll a ganz den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet abréngen.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Camille Gira.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vu mir aus e Merci un de Rapporteur fir säin extrem ausféierleche schrëftlechen an awer och gudd mëndleche Rapport; wat et mir och erlaabt mech kuerzefaassen.

Jo, och déi Gréng wäerten dese Projet stëmmen. Dat mag eng Rei Leit wonneren, déi sech nach un déi vehement Opposition vun der Grénger Partei géint d'Müllverbrennung am Allgemengen an och d'Fonctionnéiere vun der SIDORs-Anlag, am Speziellen an de Grënnungsjore vun der GAP a GLEI, erënneren.

Wa mir also fir dese Projet sinn, dann huet dat näischt mat engem Meenungswissel vun eiser Partei ze dinn. Et huet och näischt domat ze dinn, dass an Tëschenzäit deen een oder anere Member vum Büro vum SIDOR eng gréng Parteikaart huet. Mä dat huet domat ze dinn, Här President, dass Müllentsuegung am 21. Jorhonnert net méi vill ze dinn huet mat deem, wat nach an de 70er an den 80er Jore vum leschte Jorhonnert drënner verstane ginn ass. Et huet och domat ze dinn - a mäi Virriedner huet dat scho gesot -, dass d'Müllverbrennung haut nëmme méi weíng gemeinsam huet mat deem vu virun 20 Joer.

Schlussendlich huet et och domat ze dinn, dass d'Problematik am Offallberäich insgesamt eng aner ass. Virun 30 Joer huet am Kontext „Müllentsuegung“ nach kee Mënsch vum CO₂ a vun allgemengen Energiebilanze geschwat. Dat war keen Thema. Mir haten zwee Themen. Dat eent war de Mangel u Plaz, fir Deponien ze fannen, an dat anert war effektiv d'Belaaschtung vun der Atmosphär mat schwierige Gasen.

Déi Problemer do besti sécherlech och nach a sollen a mussen och nach ëmmer bei der Müllentsuegung gekuckt ginn, mä et ass awer wierklech e ganz wichtege Kritär derbäikomm. Dat ass dee vun der allgemenger Energiebilanz. Wann een haut zum Beispill eng Entsuegung am organesche Beräich ugeet, da muss ee sécherlech aner Iwwerleunge mat afléisse loosse. Da muss ee sech d'Fro stellen zum Beispill, ob eng ganz normal Kompostéierung haut nach zäitgeméiss ass, wann ee weess, dass ee soll probéieren aus alle Ressourcen, déi mer eng Kéier an de Circuit bruecht hunn, wa méiglech erëm esou vill wéi méiglech Energie zrëckzewannen.

Do ass also schrecklech vill geschitt an deene leschten 20, 25 Joer. Effektiv, wann een nach zrëckdenkt, déi Zäit hu mer einfach alles an eng gro Dreckschësch gehäit: organesch Offall, Pabeier, Glas, jo souguer Batterien, elektronesch Apparatur an esou weider. Dann ass dat alles op Leideleng gefouert ginn, oder op de Friedhaff, oder an de Muertendall. Dann ass dat entweder an e grousst Lach getippt ginn oder an e groussen Uewe gehäit ginn, deen da gedämpft huet.

Deen Uewen hat dann déi Zäit och nëmmen e Minimum vu Filteren. Et ass wuel e bëssen Elektresch mat deem Uewe produzéiert ginn, mä dat war et dann. Dat war u sech eng enorm Ressourcëverschwendung an et si wierklech ganz problematesch Gasen uewen erauskomm, wéi Dioxinen a Furanen. Ech mengen, dass et schonn awer och grad de Match ass, deen eng Gréng Partei an hire Grënnerjoren zesumme mat aneren Organisatiounen wéi Greenpeace an dem Mouvement écologique gefouert huet, dass relativ séier zu Leideleng déi bescht Technologie agesat ginn ass an dass déi Verbrennungsanlagen, obwuel se net prinzipiell eng nei Technologie kritt huet, awer trotzdem déi Filtere kritt huet, fir dass - wann ech gutt informéiert sinn - se haut zu deenen Anlagen an Europa gehéiert, déi mat am mannste geféierlech Gasen ausginn.

Wann een d'Müllentsuergung oder d'Müllpolitik haut kuckt, dann huet dat relativ wéineg mat deem ze dinn. Mir wëssen alleguer, dass haut eng Villfalt vun Trien a Recyclagé virun der Endentsuergung ass; mir hu beim Glas - kann ee bal soen - 95% vun deem, wat recycléiert gëtt. Do, wou blo Drecks-këschte stinn, kënnt een och beim Pabeier a beim Kartong extrem héich. Et gëtt Biomüll gesammelt, Gras, Heckeschnëtt an esou weider an esou fort.

Eppes ganz Wichtige soll een net ënnerschätzen, wat vläicht vun der Quantitéit hier net esou enorm vill ass, awer vun der Geféierlechkeet: déi ganz Aktioun Super-DrecksKëscht mam Sondermüll. All déi Batterien, déi soss monter an eng gro DrecksKëscht geflu sinn, fléien haut net méi doran.

Et soll een och de positiven Effet vun enger Initiativ Ecotrel net ënnerschätzen, fir sämtlech elektronesch Geräter - an déi wäerten net méi kleng; dach, méi kleng vläicht, awer net méi kleng an der Zuel ginn -, dass mer déi an Zukunft kréien.

Dat ass och d'Zukunft vun der Offallpolitik: generell d'Hiersteller mat an d'Verantwortung zéien. Wann ee sech iwwerleet, wat an der Automobilindustrie geschitt ass: Zënter dass d'Automobilindustrie selwer responsabel ass, fir hir Autoen zrëckzehuelen an ze recycléieren, ass d'Zuel vun de Plastike vun iwwer 20 an engem Auto - déi mer fonnt hunn, déi een net méi konnt recycléieren, well een net méi wousst, wéi eng Zort vu Plastik dass et war - erofgaangen op zwou oder dräi, déi ganz genee gezeechent sinn an déi beim Entsuerge vun den Autoen an der Automobilindustrie erëm ganz kloer kënne recycléiert a frësch agesat ginn.

Dat ass déi grouss Stoussrichtung, op déi mer sollten um europäeschen Niveau kommen. Mä et ass ganz wichteg, dass grad déi dote kleng Quantitéite vu ganz geféierlichem Müll net méi dra sinn.

Wann een dann dernieft och nach gesäit, dass elo mat der Auskoppelung vun der Wäermt vu Leideleng bis op d'Cloche d'or ganz vill Energie ka gespuert ginn, da kënnt Der verstoen, dass och déi Gréng dese Projet wäerte stëmmen. Ech mengen, dass déi Ausso vun engem vun der Virriedner hei stëmmt, dass, nodeem d'Müllverbrennung eng Zäit ganz hefteg an der Kritik stoung, et ganz sécher ass, dass déi Technologie zukunftsfrächtig ass.

Et gesäit ee jo och, dass d'EU-Léigslatioun ganz kloer a Richtung geet, dass lues a lues d'Deponéierung vun - op jidde Fall onvirbehandeltem - Müll wäert geschwënn eriwuer sinn. Ech si fest iwwerzeegt, dass iwwerhaapt d'Deponéierung vu Müll an deenen nächste 15, 20 Joer en Enn wäert hunn.

Duerfir, Här Oberweis, et ass ganz léif, dass Der eng Zesummenaarbecht umahnt tëschent deenen dräi grouse Syndikater a frot, mir sollten eis Gedanke maachen. Mä mir hunn net op lech gewaart, fir eis scho Gedanken ze maachen. De SIDEC, besonnesch - dat kënnt Der lech virstellen - wann ee weess, dass d'Lach spéitstens 2020 wäert voll sinn, da muss ee sech onofhängeg vun enger EU längst virdru Suerge maachen.

Wou ech awer net méi esou iwwerzeegt sinn. Här Oberweis, an och do ass d'Technologie ganz wäit gaangen: Ech weess net, ob a 15 Joer d'Léisung nach wäert sinn, honnerten an dausende Camionen duerch d'ganz Land fueren ze loossen, fir alles op enger Plaz ze verbrennen, wou mer da vläicht awer net genuch Abnehmer hunn, fir déi Hëtzt ze huelen.

Ech wëll net ze wäit goen an och net schonn eng Rei Iwwerleeunge verroden, déi nach intern am Büro vum SIDEC sinn. Ech kéint mer awer en Zeenario virstellen, dass mer souguer vläicht eng Kéier zwou oder dräi Müllverbrennungsanlagen hätten. Och do sinn et viru 15, 20 Joer nach keng Anlage ginn, déi fir 100.000 Leit oder esou kleng genuch wieren; wann ech esou däerf soen. Dat gëtt et ewell haut alles an et ass ganz gutt méiglech, dass mer eng Kéier en Zeenario hunn, dass mer vläicht zwou oder dräi dezentral Anlagen hunn, déi dann no bei de Verbraucher fir d'Hëtzt kënnen e Maximum vun der Hëtzt auskoppelen. Dat ass ënnert der Optik „CO₂-Problematik am 21. Jorhonnert“ dee Wee, dee mer sollte goen.

Mir sinn amgaang do ze iwwerleeën. Ech ka confirméieren, dass d'Zesummenaarbecht tëschent deenen dräi Syndikater exzellent ass a mir waarden op déi nächst Phas vum Plan national des déchets, fir déi lokal a regional Zesummenaarbecht ofzeschwätze mat deene vun der Regierung. Ech gesinn am Ëmweltberäich aner Domänen, wou mer vill méi Hausaufgaben nach hunn a wou mer vill méi Handlungbedarf hunn, wéi eventuell am Müllberäich. Ech mengen do huet Lëtzebuerg sech an deene leschte 25, 30 Joer relativ gutt opgestallt kritt.

Dat gesäit een och un de Quantitéiten, déi entsuergt musse ginn. Trotz relativ steigender Populatioun hu mer déi Quantitéiten, déi wierklech entweder verbrannt oder deponéiert musse ginn, eenegermoossen am Grëff. Ech wëll net soen, dass net nach Eforté musse gemaach ginn. Mä do ass ganz viles geschitt, esou dass et evident ass, dass mir als gréng Partei deen heite Projet nëmme kënnen ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Gira. D'Wuert huet elo den Här Gibéryen.

» M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus dem Roger Negri Merci fir säin exzellente Rapport, esou wéi mer dat vun him gewinnt sinn, an et kann ee vläicht d'Virriedner bal mat aschléissen, déi alleguer jiddferen nach iergendwéi e spezifeschen Deel hei mat engem grouse Fachwësse virgedroen hunn.

1976 ass de SIDOR opgemaach ginn. Haut, also quasi 30 Joer duerno, hu mer en neie Projet virleie fir de SIDOR, deen de Müll asammelt vun iwwer 300.000 Awunner aus de Kantonen Esch, Capellen a Lëtzebuerg, e Projet, wann een dat mat virun 30 Joer vergläicht, deen haut eigentlech ganz roueg iwwert den Instanzewee geet.

Et waren net nëmmen, wéi de Camille Gira virdru gesot huet, déi gréng Kolleegen, déi aus aneren Iwwerleeungen deemools sech géint esou Projeten ausgeschwat hunn, mä et war och déi Zäit an der Bevëlkerung selwer, kann ech mech erënneren, an deem Eck eng vill méi grouss Opposition. Et war ongeféier bal esou eng Diskussioun wéi mer se haut hunn, wa mer mussen anzousch e Prision implantiéieren; esou war och déi Zäit eng grouss Diskussioun, wien da géif elo déi Müllverbrennungsanlag do ophuelen.

D'Zäiten hu geännert an haut ass et eng Selbstverständlechkeet ginn, dass all Parteien an och all Leit am Land, géif ech mengen, sech där Problematik bewosst sinn a sech och domadder intensiv beschäftegen an hirem dagdeegleche Liewen.

Et ass eng Investitioun, déi net kleng ass. Et sinn ëmmerhin 100 Milliounen Euro, déi hei investéiert ginn, wou de Stat mat 25% dru participéiert. Déi aner gi vun deene syndikéierte Gemengen iwwerholl. Mir wëssen allegueren, wann de Stat eng Participatioun vun iwwer 7,5 Milliounen hält, dass mer da mussen e Gesetz maachen; duerfir ass dat Gesetz haut do.

Ech weilt och soen, dass haut aner Iwwerleunge komm sinn - meng Virriedner hunn et schonn ugeschwat. Ech denken zum Beispill un d'Cogénatioun; wann een dat virun 30 Joer engem gezielt hätt, dass een eng Kéier géif eng Leitungsleer vu siwe Kilometer vu Leideleng bis op d'Cloche d'or fir do, am Zesummenhang mat der Stad Lëtzebuerg, Energie, d'Hëtzt weiderzever schaffen, dann hätt wahrscheinlech keen et gegleef. Et ass also eng risen Evoluitioun an déi Richtung do gaangen, wou et derwäert

ass, dass mer alleguer zesummen dorunner schaffen an de Fachleit och déi néideg Moyeré ginn, fir Recherchen an déi Richtung ze maachen, well eben och nach ganz viles erauszehuelen ass.

Insgesamt sinn ech awer der Meenung, wann och hei Virriedner gesot hunn, dass mer den Haushaltsmüll eenegermoossen am Grëff hätten, dass e souguer liicht erofgaange wär, dass, global gesinn, mer haut als Bierger vill méi Müll am Gesamte maachen, wéi dat virun enger Rei vu Jore war. Well wa mer kucken, wat mer haut alles erauszéien - dat geet beim Minettkompost un iwwer Recyclingparken, et geet iwwert d'SuperDrecksKëscht -, a wann ee kuckt, wat jiddferen doheem haut nach an deem Beräich mécht - ech hunn elo grad emol ngeduecht, bei mir doheem hunn ech insgesamt acht Saachen, déi recycléiert ginn -, da stellen ech mer alt ëmmer d'Fro, wéi Leit an Appartementshauser et iwwerhaapt nach fäerdig bréngen, ze recycléieren, wann ee bedenkt, wat een haut vun de Gemengen alles doheem ewechgeholl kritt respektiv op Recyclingparke féiert. A wann een da kuckt, dass een da wuel net méi esou vill an déi normal Haushaltsmülltonn gehäit, da gesäit een awer, dass een do derniewent nach onwahrscheinlech vill u Müll produzéiert, deen eben op aner Weeër vun esou engem Recycling geet.

Esou dass ech mengen, dass et net nëmmen duergeet, dass mer higinn an dass mer Alternativen zu der Müllverbrennung ubidden doduerch, dass mer eben eng ganz Rei vu Recyclingmesuré proposéieren, mä dass mer och missten nach méi dohinner schaffen, fir insgesamt dat, wat ech alles als Müll betruachten, iwwer e Wee reduzéiert ze kréien. Dat wier och e wesentleche Schratt, dee mer misste maachen.

Dat gesot, Här President - ech menge meng Virriedner hu praktesch alles gesot, wat heizou ze soen ass -, géif ech och d'Zoustëmmung vun dem Grupp vun der ADR heizou bréngen.

» Une voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Gibéryen. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Ëmweltminister, wann ech gelift.

» M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement. - Merci, Här President. Och kuerz mäi Merci un d'Kommissioun an un hire Rapporteur, de Roger Negri, fir déi schnell Aarbecht vum Januar bis elo, fir d'Stëmmen, an domadder och fir dem SIDOR déi néideg Assurance ze ginn, wat d'Finanzéierung ubelaangt. Hei war jo de Mëtteg e bësse schonn en Training fir déi Diskussioun, déi mer ze féieren hunn iwwert den nationalen Déchetsplang.

Eng Rei vun Elementer si scho komm, déi och an eise Virbereedungen dra sinn, déi bis Enn des Joers sollen ofgeschloss sinn. Mir wäerten dann d'Geleeënheet kréien, och iwwert d'Fro vun der Cogénatioun ze schwätzen an iwwer all dat, wat am Laf vun der Zäit sech an der Entwécklung vun der Technik an der Technologie gemaach huet. An et ass richteg hei bemierkt ginn: Wann et eng Politik gëtt, wou mer an deene leschte Joren iwwer eng Rei Legislaturperioden ewech eng gutt, zilorientéiert Politik gemaach hunn, dann ass et ouni Zweifel déi heiten.

Et sinn e puer Froe gestallt ginn, op déi ech kuerz nach wëll agoen. Mir ass d'Assurance gi ginn, dass déi 52 Leit, déi op där Anlag schaffen, effektiv vun deem neie Bedriewer och iwwerholl wäerte ginn. Dat war de Souci, dee vum Här Berger ausgedréckt ginn ass.

D'selwecht Äntwert op d'Fro - och vun him -, wat d'erneierbar Energien ubelaangt. Si ginn net ugerechent, well einfach d'Kommissioun der Meenung ass, an doriwwer kann een natierlech stonnelaang diskutéieren, dass Energiekonzepter, déi op Offallverbrennung bauen, a sech d'Offallvermeidung net onbedéngt als Prioritéit hunn an domadder och net ugerechent ginn. Do kann een och anerer Meenung sinn, mä dat ass jiddefalls am Moment nach déi Meenung, déi d'Kommissioun an där Fro do ausdréckt.

Ech weilt och nach eng Kéier soen, dass mer e Freideg an der Regierung de Règlement grand-ducal ugeholl hu fir de Comité d'accompagnement anzusetzen, fir zesumme mat der Stad Lëtzebuerg déi Fro vun der Ubannung, wat d'Wäermt ubelaangt, vun der SIDORs-Anlag mat der Cloche d'or an dem Ban de Gasperich ze décidéieren, esou dass dee Comité schnell kann zesummekommen, fir dann och déi Froen - an do gëtt et eng Rei vu Froen nach, déi ze diskutéieren sinn - ze diskutéieren an

dann och eng Proposition un d'Regierung ze maachen, well mer méiglecherweis och do mat engem Gesetz mussen heihinner zrëckkommen, well eis Participatioun méiglecherweis och do kéint iwwert déi 7,5 Milliounen erausgoen, ähnlech wéi mer et mam SUDCAL an Zesummenhang mat der Wäermt vun der Twinerg fir de Beräich vun de Friché gemaach hunn.

Ech wëll leschtens soen, well dat vun eenzelne Riedner gesot ginn ass, dass et där Strategie vill gëtt, an deene mer amgaang sinn ze schaffen, an ech géif hoffen, dass mer hei bei där Politik vum Offall déiselwecht Resultater hätten, wéi an anere Beräicher.

Mir sinn am Moment amgaangen ze schaffen un der Strategie fir de Plan national vum Développement durable. Mir schaffen um Plan national fir den Offall, mir schaffen un der Klimaschutzstrategie, mir schaffen un der Ëmsetzung vum nationalen Naturschutzplang, dee mer gemaach hunn, a wäerten an deenen nächste Wochen och erausgoe mat der Strategie vun der Ëmsetzung vun der Kaméidispolitik. Et gëtt also viles ze maachen. Ze hoffe wär, dass mer bei deene Strategien allegueren déiselwecht Resultater hätten, wéi mer se déi lescht 20 Joer am Offallberäich haten.

Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5826. Dir fannt den Text am Document parlementaire 5826².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5826 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Christine Doerner), MM. Marcel Gleesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

D'Madame Brasseur freet d'Wuert.

» Mme Anne Brasseur (DP). - Här President, ech wollt lech soen, dass mir d'Prokuratioun hate vum Här Helming, mä mir hunn als DP net fir den Här Helming gestëmmt, well den Här Helminger President vum SIDOR ass, an et soll een do d'Part des choses maachen. Duerfir huet den Här Helming net un dem Vote participéiert.

» M. le Président. - Domat bleibt et bei 59 Jo-Stëmmen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5822. Dat ass de Projet de loi iwwert de System „e-go“. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, wéi ëmmer haut de Mëtteg, den honorabelen Här Roger Negri.

6. 5822 - Projet de loi relative au financement du système de perception tarifaire électronique dans les transports publics

Rapport de la Commission des Transports

» **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ab dem 27. Juni 2008 soll et méiglech ginn, de Billjee, fir mam Zuch oder mam Bus ze fueren, op elektroneschem Wee ze kafen. Vun dann u brauch ee sech net méi an eng File ze stellen, fir säi Monatsbilljee ze kafen. Och brauchen déi Leit, déi gâr mam Bus oder Zuch fuere géifen, awer net wëssen, wou een dann ausser op deene grouss Garen e Billjee kritt, sech dës Fro net méi ze stellen.

Wann een aus iergendenger Uertschaft de Bus fir an d'Stad huele wëllt, fir vläicht mat de Kanner bei den Dokter ze fueren, da froe sech vill Leit: Ginn ech eens, wann ech elo an de Bus klammen? Kréien ech beim Chauffeur e Billjee? Kréien ech och fir d'Kanner vläicht eng Reduktioun? Wat maachen ech, wann ech keng Mënz hunn? Ginn ech da matgeholl am Bus, oder halen ech de ganze Betrib op, wann ech mat menger Famill an de Bus klammen an net direkt weess, wéi alles leeft?

Oder wann een op iergendengem Quai am Land steet, wou et kee Billjeeschalter gëtt an ee kee froe kann, well keen do ass, klëmmt een dann an den Zuch, wann ee kee Billjee huet? A wat mécht een dann am Zuch? Leeft ee bei de Kontroller, wéi een esou schéi seet, oder muss ee fäerten, en extra deiere Präis als Strof, quasi als Protokoll ze bezuelen?

Vill Leit, déi sech all déi Froe stellen, huelen dann oft d'Décsioun, fir guer net den öffentlichen Transport ze huelen a ganz einfach mam Auto ze fueren. Mat der neier „e-go“-Kart sinn ab Enn Juni 2008 all déi elo grad gestallte Froe kee Grond méi, fir net mam öffentlichen Transport ze fueren. Déi Plastike-go-Kart huet d'Gréisst vun enger Kreditkart. Ech hunn lech esou eng matbruecht, hei gesitt Der se.

Här President, ech géif lech eng iwwerreechen a schenken.

» **M. le Président**.- Ass déi fir ze benotzen, Här Negri?

» **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Jo, vum 27. Juni un. Ech ginn och de Kollegen eng. Da kënnt Dir se eng kéier kucken.

(Brouhaha général)

» **M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur.

» **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Gâr geschitt.

Déi nei Plastike-go-Kart huet d'Gréisst, wéi gesot, vun enger Kreditkart. Dir kënnt se kucken.

(Interruptions et hilarité)

Op enger e-go-Kart, déi Dir elo gesitt, kann ee sechs verschidden Zorte vu Billjeeën lueden. Déi heefegst dovun sinn: den einfachen Zwee-Stonne-Billjee, de Carnet fir méi Faarten, de Monatsbilljee an esou weider.

Fir dee ganzen elektronesche System ronderëm d'e-go-Kart opzebauen, ass e grouss Projekt ënnert dem Numm e-go ausgeschafft ginn, dee mer haut a Form vun engem Gesetz stëmme wëllen.

Vum Fong hier ass den e-go-Projekt als Einstieg an d'elektronesch Tarifcatioun e Quantesprong, fir den öffentlichen Transport ëmmer méi attraktiv ze maachen.

Vun der Form hier, wéi et zu dësem Projekt de loi komm ass, ass dëse Projekt net grad esou gutt, well mer hei virun engem Joer virun engem Fait accompli stoungen.

Mä loosse mer emol der Rei no fueren, an da wäert sech ënnert dem Stréich dat Positiivt fir den öffentlichen Transport bei dësem Projekt de loi décortiquieren.

Här President, scho säit 1996 hunn d'Opérateure vun öffentlichen Transport hei am Land doriwwee nogeduecht, fir d'Konditiounen vum Billjeesverkauf ze verbesseren duerch en elektroneschen Ofrechnungssystem. Déi véier national Opérateuren am öffentlichen Transport sinn d'CFL, als Eisenbunn, den AVL mat de Bussen aus der Stad Lëtzebuerg a ronderëm, den TICE mat de Bussen aus de Südgemengen an den RGTR - soen ech emol - mat de Landbussen. Déi véier Opérateuren hu sech 1999 op

den e-go-System géeneegt no enger Visite zu Berlin, wou den elektroneschen e-go-System scho fonctionnéiert huet.

Ee vun de Grënn, fir sech fir den e-go-System ze entscheiden, war virun allem, well ee sech op d'Erfahrung aus enger grousser Stad aus dem Ausland baséiere konnt. Natierlech ass et haut am Joer 2008, bal zéng Joer no där Entscheidung, einfach ze soen, dass de System net deen allermodernste Stand duerstelt. Mä mir wësse jo alleguer, wéi rasant déi elektronesch Entwécklung an alle Beräicher ass, da muss een, wann ee sech eng kéier op ee System festgeluecht huet, och emol eng Zäit laang derbäi bleiwen.

Här President, politesch huet sech de Regierungsrot op Proposition vum Transportminister den 21. Dezember 2001 decidéiert, fir den e-go-System anzeféieren a Form vun engem Pilotprojekt. E Pilotprojekt, fir sécherstellen, dass de System fonctionnéiert, ier en op d'ganz Land bei Zuch a Bus generaliséiert ka ginn.

Et dierf een nämlech net vergiessen, an dat ass enorm wichtig, dass, nodeem ee sech fir den e-go-System decidéiert hat, dëse Produit nach „taylor made“, also op d'Mooss huet misse gemaach ginn, fir mat alle Spezifitéiten eens ze ginn, déi mer nun emol hei am Land hunn. Schliesslech muss de System jo bei deene véier virgenannten Opérateure fonctionnéieren, an zwar och ënnereneen, also interoperabel sinn.

Dëse Projekt pilote ass aus deem Grond par voie de gré à gré un eng Firma fir e Montant v. 2.656.710 Euro adjudéiert ginn. Heifir huet dës Firma déi ganz Software entwéckelt op Basis vun der RFID-Technologie, der Radio Frequency Identification.

D'Konzept dovunner war folgend: D'e-go-Kart kann op Automaten opgeluede ginn, déi souwuel d'Sue cash unhuele wéi och d'Kreditkarten akzeptieren, ähnlech wéi de System, deen Dir an de Parkhaiser kennt. An all Bus an op all Eisenbunnsquai gi Bornen opgeriicht, wou een d'e-go-Kart op eng markéiert Plaz hält, an domat bucht de System automatesch déi respektiv Fraisen of. Zousätzlech soll et och nach méiglech sinn, all méiglech Statistiken opzestellen iwert d'Mobilitéit an d'Gewunnechte vun de Klienten.

Am Joer 2002 ass den e-go-Projekt op der Buslinn vu Miersch an d'Stad getest ginn. Nodeems dass de Projekt pilote hei validéiert gi war, ass den e-go-System och nach vun de städtesche Bussen - der AVL - an den CFL getest ginn. Well d'Resultater dovunner positiv waren, huet de Regierungsrot den 30. Juli 2003 decidéiert, den e-go-System op de ganzen öffentlichen Transport hei am Land ze generaliséieren. D'Commande ass un déiselwecht Firma gaangen, déi de System entwéckelt huet, fir e Montant vu 7.397.705 Euro.

Ab dem Joer 2004 huet dunn déi respektiv Firma ugefaangen, d'Equipementer bei deene verschiddenen Opérateuren opzereichten. Mat der Zäit huet sech awer ëmmer méi erausgestallt, dass de Projekt net richtig virukomm ass. Doropshin hunn den Transportminister an de Budgetminister am September 2005 decidéiert, de ganze Projekt enger kritischer Analys ze ënnerzéien.

Den 2. Mee 2006 huet den Transportminister dem Regierungsrot en Dossier virgeluecht, fir déi bis elo geleeschten Aarbecht ze bezuelen iwwert de Wee vun engem Projekt de loi, well de Seuil vu 7,5 Milliounen jo dépasséiert war. Zugläch sollt awer och den e-go-Projekt vun enger externer spezialisierter Firma auditéiert ginn, souwuel um technesche wéi um finanziellen Niveau, fir no Léisungen ze sichen an de Projekt ze finallisieren.

D'Missioun un den Auditeur war ausserdeem, den definitive finanzielle Montant vun Projekt ze estimieren, deen dann an dëst Gesetz ageschriwwen gi soll.

Den 19. Mee 2006 huet de Regierungsrot dëser Proposition vum Transportminister zugestëmmt. Den Auditeur, deen dunn ugefaangen huet mat schaffen, huet als Haaptproblemer vum e-go-Projekt folgend Punkte festgehalten:

De Projekt war 2003 ouni präzisen Aktiounsplang gestart ginn.

Et hunn ënnert den Opérateure grouss Differenze bestanen, virun allem wat den elektroneschen Check-in ugeet, esou dass d'Opérateure quasi net méi um Projekt matgeschafft hunn.

Den drëtten Problem. D'Tarifcatioun huet baséiert op zwee Kritären: der Distanz an der Dauer vun engem Trajet. Den e-go-System ass softwareméisseg awer mat der Problematik vun der Distanz net eens ginn a war elektronesch net an de Grëff ze kréien.

Als wichteg technesche Konklusioun ass dunn e Kompromëss mat den Opérateure fonnt ginn, fir bei der Tarifcatioun net nëmmen de Facteur Zäit vun engem Trajet zréckzebehalen. Dëst ass scho bei der neier Tarifcatioun vum 1. Juli 2007 ëmgesat ginn, wou e Billjee elo fir zwou Stonnen Trajet géllt, amplat fir eng Stonn, wéi bis dohinner.

Als finanziell Konklusioun ass festgehale ginn, dass d'Envergure vun dem Projekt total sousestiméiert war. Et ass e Kompromëss fonnt ginn, fir e sougenannten „e-go de base“ - also e Basis-e-go - ze installieren, dee genau definéiert soll, wivill Infrastrukturen opgeriicht solle ginn.

Als weider Konklusioun ass proposéiert ginn, de ganze Projekt mat engem „Project management“ ze assistieren, fir all zukünftige Aktivitéite permanent am Viraus ze validieren a virun allem duerno och ze kontrollieren.

Den 23. Abrëll 2007 huet den Transportminister deen neien Aktiounsplang der Budgetkontrollkommissioun vun der Chamber virgeluecht. An den 23. Mee huet d'Chamber hei an dësem Sall an enger Motioun d'Regierung opgefuerdert, innerhalb vun engem Joer: 1. e System e-go de base auszeschaffen; 2. e Projekt de loi auszuschaffe mat den definitive Fraisen an zugläch déi bis dohinner ugefale Fraisen ze regulariséieren, an 3. e Cahier des charges vun der Communauté des transports auszuschaffen ze loosse fir déi spéider Exploitatioun vum e-go.

Här President, dëse Projekt de loi hu mir haut elo virleien. De Gesamtmontant beleeft sech op 16,68 Milliounen Euro. Dovunner sinn duerch d'Käschte vum Projekt pilote an der éischer Commande scho ronn 10 Milliounen Euro verschafft. An deene gesamte 16,68 Milliounen Euro sinn d'Maintenance an d'Gestiounskäschte vun 2,32 Milliounen Euro mat enthalen, fir den Démarrage an der Phase transitoire ze assurieren; vum 27. Juni 2008 bis den 1. Januar 2009, bis deen neie Contrat de gestion et de maintenance vun der Communauté des transports opgestallt ass.

Här President, den e-go de base, wéi en am Juni 2008 a Betrib geet, huet folgend Haaptkomponenten:

Éischters, d'e-go-Kart - Dir hutt se gesinn -, op där sechs verschidde Fonctiounen op enger an darselwechter Kart kënne chargéiert ginn, där sinn der an enger éischer Phas 180.000 Stéck disponibel. Transitorisch ginn awer och nach Kartongsbilljeeën an Ticketen op Pabeier fir an de Bussen agesat. Ausserdeem - an dat ass net onwichtig - bleift deen aktuelle Billjeessystem de Moment och nach a Betrib.

Déi zweet Haaptkomponent vum e-go de base: Et kann een en „autoload“-Kontrakt ofschléissen iwwer en Ordre de domiciliation, wou, wann op der e-go-Kart keng Sue méi drop sinn, bei der éischer Benotzung erëm spéider, och wa se komplett ofgelaf ass, d'e-go-Kart automatesch erëm opgeluede gëtt. Dat ass e ganz interessante Punkt. Domat ass een dann erëm permanent operationell, fir mat Zuch a Bus ze fueren, ouni an iergendee Guichet mussen ze goen.

Déi drëtt Komponent: D'Bezuelautomaten - oder am Jargon AVMen, „Automatic Vending Machines“, wéi se genannt ginn -, där sinn der fir d'Mobilitéitswoch am September eelef a Betrib a stinn um neie flotte Flughafen, um Park & Ride Bouillon, um Centre Hamilius, zwoe op der Gare Lëtzebuerg a jee weils een op de Garen Eitelbréck, Esch, Diddeleng, Déifferdeng, Péiteng a Keel.

Déi véiert Komponent: d'Oblitérateuren. Dat sinn also Apparater, wou een d'e-go-Kart ka validéieren, déi op de Quaië stinn - dat sinn der 147 Stéck - oder an de Bussen - dat sinn der 1.400 Stéck; esou vill Busse gëtt et - montéiert ginn.

Déi fënneft Komponent: Verschidde Kontrollapparater fir d'Zuchkontrollieren an d'Buschaufferen, déi et och erlaben, e-go-Karten opzelueden - wou ech lech elo hei d'Stéckzuelen erspueren -, an och well se vum Client am Zuch a Bus via d'Personal vun den Opérateure jo iwwerall errechbar sinn.

Här President, Dir gesitt, den neien elektroneschen Tarifcatiounssystem, den e-go de base, wéi en Enn Juni 2008, also an zwee Méint, a Betrib geet, ass eng flott a sënnavoll Saach a wäert eng Promotioun ginn, fir den öffentlichen Transport vun Zuch a Bus verstärkt ze gebrauchen. De Projekt kascht 16,68 Milliounen Euro an e begräift vill Komponenten, déi ech jo elo grad erkläert hunn.

Domadder bieden ech lech, dësem Projekt de loi zouzestëmme, ginn den Accord vun menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Negri. Den éischte Riedner ass den Här Spautz.

Discussion générale

» **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi ech dës Deeg eng kéier an de Parking vun der Chamber gaange sinn,...

» **Une voix**.- Den Här Castegnaro ass awer haut net do.

(Hilarité et interruptions)

» **M. Marc Spautz** (CSV).- ...dunn huet ee mech ugehale an huet mer gesot, ech soll elo emol eng kéier net nëmmen de Rapport vun der Transportkommissioun kucken, mä hien huet mer esou en Ziedel an de Grapp gedréckt an huet gesot: Da lies och emol eng kéier d'Rapporté vun der Comexbu! An de Rapporté vun der Comexbu fënnt ee bal méi, wéi an deene Rapporté vun der Transportkommissioun an deem exzellente Bericht, an deem de Roger elo e wonnerbaren Historique gemaach huet.

Déi éischte kéier huet sech d'Comexbu den 20. November 2006 mam Problem vum e-go beschäftegt. Firwat d'Comexbu sech domadder huet misse beschäftegen, huet de Roger lech gesot. Et ass ugaange mat 2,2 Milliounen, duerno ware mer op siwe Milliounen, duerno op zéng, an de Moment si mer op 16,8 Milliounen.

Do liest een dann am Bericht vun der Comexbu, dass den Här Grethen, dee President war vun der Comexbu, gesot huet, dass, well hien awer a sengem fréiere Liewen Transportminister war, hien déi Sitzungen net wëllt presidieren. An et war do un engem vun de Vizepresidenten, déi Sitzungen ze presidieren, wann et em d'Thematik gaangen ass vum e-go.

Wann Dir dann déi Berichter weiderliest, stellt Der fest, dass an der Sitzung vum 19. Januar den Transportminister Lucien Lux zesumme mat sengem Conseiller an där Sitzung war, déi ënnert der Présidence vum John Castegnaro stoung. Do ass drop higewise ginn, och vun der Sociéitéit KPMG, dass op verschidde Säite vun deenen hirem Rapport Ännerunge misste virgeholl ginn, wat zum Beispill den Décompte automatique des tickets vendus dans le bus géif ubelaangen, wat déi Sociéitéit chargéiert gi war, fir dee Projekt ze maachen.

Et muss ee jo drun erënneren, dass, fir dee Pilotprojekt ze maachen, dee System deemools zu Berlin gekuckt gi war. Berlin war 1990 bei der Wiedervereinigung eng Stad vun 3,46 Milliounen Awunner, 8,89 km² grouss, 23 Bezirker - 12 West an 11 Ost -, fir och d'Proportiounen eng kéier ze vergläichen téschent Berlin a Lëtzebuerg.

Do ass dann och geschwat ginn iwwert d'AVMen. Dee Moment ass nach geschwat ginn, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, vu 50 AVMen. De Roger huet lech elo grad erkläert, wat en AVM ass. An där Sitzung drop si mer erofgaange vu 50 op 42, fir herno am Endeffekt bei néng AVMen ze bleiwen. Dat ass déi Maschinn, mat där een d'Kart ka lueden.

Déi Sitzung drop ass d'Fro gestallt ginn, firwat kee Cahier des charges ausgeschafft gi wier. De Roger huet erkläert, an d'Leit heibanne wëssen allegueren, dass, wann ee 7,5 Milliounen dépasséiert, een da muss eng Soumissioun maachen. D'Fro ass gestallt ginn, ob dann net eng Analys misst gemaach ginn. De Conseiller vum Minister huet do alles explizéiert, firwat et vu 50 op 42 an duerno op eelef erofgaange wier, dass deemools gerechent gi wier, dass dee Projekt 2,2 Milliounen géif kaschten an een duerfir net vun enger Soumissioun publique geschwat hätt, dass eng Sociéitéit awer elo engagéiert gi wier, fir dee ganze Sujet ze analysieren - en Auditeur, fir et esou auszudrücken.

Et ass awer och vu Kolleegen ugereegt ginn, dass et awer elo vläicht géif Zäit ginn, driwwer nozedenken, ob net och misst eng Analys gemaach ginn net nëmme vun engem Externen, mä och vun der Chambre des Comptes, fir ze kucken, wéi esou eppes méiglech wär.

Dobäi haten awer verschidde Leit Bedenken, ob et richtig wier, fir d'Chambre des Comptes...

» **M. Roland Schreiner** (LSAP).- Cour des Comptes!

» **M. Marc Spautz** (CSV).- D'Cour des Comptes. Merci, Här Schreiner.

...ob et richtig wier, dass d'Cour des Comptes dann do misst ageschalt ginn.

An der Sitzung vum 7. Mee ass sech nach eng Kéier domadder beschäftegt ginn. Do war dann och de President vun der Cour des Comptes mat an d'Sitzung vun der Comexbu geruff ginn. Et ass sech nach eng Kéier mat deenen Dépassementer befasst ginn an domadder, wéi dat méiglech wier.

Well nämlech 2002 iwwer aner Chiffere geschwat ginn ass, war do eng Interventioun, dass mer och net méi sollte schwätze vun engem Engagement financier de l'État à hauteur de dix millions, mä elo ass proposéiert gi vum Chef, deen d'Sitzung présidéiert huet, nach just ze schreiwen: «...de ne plus faire figurer les montants concernés et de parler des engagements financiers de l'État'». Firwat den Här Castegnaro net méi wollt, dass d'Chiffre figuréieren, dat weess ech net.

An där Sitzung ass och festgehale ginn, eng Motioune ze maachen, an déi Motioune huet d'Chamber jo duerno och gestëmmt.

An där Sitzung drop ass sech dann doriwwer gewonnert ginn, dass den Numm vum President net géif um Procès-verbal stoen. Dat ass och alles nozeliesen.

Also, dat, wat ech soen, kënn Dir allegueren noliessen an deene jeeweilege Rapporté vun der Comexbu. Ech maache just Citatiounen.

An do ass dann och fonnt ginn, dass et awer elo Zäit wier, dass mer géife kucken, de Projet vum e-go an der Prozedur un d'Laufen ze kréien. Et ass och ofgestëmmt gi mat sechs géint dräi Stëmme, fir d'Cour des Comptes domat ze chargéieren, fir e Rapport ze maachen.

Dir Dammen an Hären, léif Frënn, wéi ech dann ennerwee war fir op de Parking an ech du gesot kritt hunn, ech soll déi Ziedelen all kucken, well do ee mer dat geflüstert huet, hunn ech mer och Froe gestallt iwwer de Sujet vum e-go am Allgemengen.

Wat ass d'Plus-value vum e-go? Wat soll deen e-go eis bréngen? De Roger huet erkläert, et soll eis bréngen, dass et méi séier geet, wann Dir an den Transport public aklammt, dass et soll méiglech sinn, dat steet op alle Fall an där Note, déi virläit, fir ze zielen, wéi vill Leit den öffentliche Transport hei am Land géife benotzen.

Ech hu mer dann awer direkt d'Fro gestallt: Wéi ass et da mat der Invalidekaart a mat der Jumbokaart, well déi musse jo net laanscht den Apparat goen? Wéi kéint een déi dann iwwerhaupt kontrolléieren?

Déi Fro, déi ee sech da stellt, ass: Wann deemools gemengt gi war, et bräicht ee 50 AVMen an et sinn der elo nach néng, geet dat dann duer fir d'Leit? Geet dat duer fir d'Usageren, wann ee seet, mir brauchen eppes no bei de Leit, fir dass et einfach ass, fir dass d'Leit déi Kaart séier kënne lueden, fir dass et kommerziell attraktiv ass? Well, wat mécht den Tourist?

D'lescht Woch ass hei reklaméiert ginn, den Tourismus wier hei net attraktiv genuch. Wat mécht dann den Tourist, dee wëllt op den öffentliche Transport klammen? Dee ka jo dann net mat AVMen a mat enger Carte puce fieren. Dat sinn alles Punkten, iwwer déi ee sech awer och nach muss Froe stellen.

Dass d'Iddi, déi hannert dem e-go stoung, sécherlech net schlecht war, dat ass richtig an dat bestreit och keen. Mä dass mer elo soen, mir wiere bei 16,5 Milliounen ukomm an et géif derbäi bliwen, Dir Dammen an Hären, léif Frënn, dat ass ze bezweifelen. Et bleift vläicht bei där doter Budgetsartikelnummer bei 16,5 Milliounen, mä et wäerten awer nach aner Fraisen op de ganze System zoukommen. Och wann dat net méi dann direkt un den Transportministère geet, mä, esou wéi et am Gesetz steet, un d'Division des transports, déi soll gespeist ginn iwwer d'Recetten, déi kommen.

Et si jo awer och nach déi véier Provideren do. De Roger huet se genannt: d'Stad Lëtzebuerg, d'TICE, den RGTR, déi Privat alleguerten. Wéi geet et do mat den Engagementer? Wéi geet et do mat de Fraisen? Wéi geet et herno mam Entretien vun all deem Material? Mir sinn elo bei deenen néng AVMen. Gëtt et där net och nach méi?

Duerfir muss ee sech d'Fro stellen, och wa mer haut soen, mir mussen e Gesetz hu fir déi 16,5 Milliounen, fir d'Situatioun ze regulariséieren, ob domat da wierklech definitiv Schluss ass, an ob deen e-go eis och déi Plus-valuë bréngt, déi mer alleguerten erhofft an erwaart hunn.

Dir Dammen an Hären, léif Frënn, de Projet e-go ass an enger gudder Optik 1996 gestart ginn. De Roger huet et och gesot, d'Entwécklung vun 1996 bis haut ass...

(Interruption)

Pardon, den honorabelen Deputéierte Roger Negri huet dat schonn hei gesot, dass d'Entwécklung vun 1996 bis haut eng ganz aner war, well 1996 ass de Projet komm.

(Interruptions et hilarité)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn der Meenung, dass et falsch ass, wa mer haut soen, dass dee Projet elo bei 16,68 Milliounen géif stoppen. Well en net wäert bei 16,68 Milliounen stoppen. Och wann de Minister mer elo wäert äntweren, et bleift bei deene 16,68 Milliounen op deem Budgetsartikel, wéi virgesinn ass, esou ass dat richtig, mä et wäerten nach zousätzlech Fraisen op eis zoukommen, an ech zweifelen drun, dass et den 28. Juni mat der Carte puce, déi de Roger, ech wëll soen, den honorabelen Här Roger Negri hei leie gelooss huet,...

(Hilarité)

...esou wäert klappen, wéi et soll.

Domadder wëll ech net soen, dass ech géint den e-go sinn.

(Interruption)

Ech wëll awer soen, dass dee Projet, esou wéi en elo duergestallt ginn ass, nach vill Froen op léisst, mä dass et awer elo wichtig ass, dass mer dee legale Kader zoumaachen an dass mer fir déi Moyenen, déi bis elo engagéiert gi si vu 16,5 Milliounen, déi legal Basis schafen, fir déi och ze libéréieren, well et ass jo net de Feeler vun deene Leit, déi déi Suen zegutt hunn, mä et muss ee sech aner Froe stellen.

Ech mengen domat och elo net Froen iwwer den Transportminister, well et ass jo net deen, deen hei sätzt als Transportminister, deen déi politesch Verantwortung fir de Projet huet, deen déi Engagementer geholl huet, mä dat ass vun anere Plazen aus gemaach ginn.

Et ass elo wichtig, dass d'Chamber d'Moyenë fräisetzt, fir déi Rechnungen ze bezuelen. Mä mir sollen eis awer net op dëser Plaz selwer beléien a mengen, dass d'Problemer elo mat dem e-go komplett geléist wieren an dass de Problem vun haut op muer vum Dësch wier an alleguerten déi Buten an déi Wënsch, déi 1996 zum Ausdrock komm sinn, wäerte realiséiert sinn.

Kolleeginnen a Kolleegen, gleeft mer, och wann d'CSV d'Zoustëmmung gëtt aus deenen Ursachen, déi ech gesot hunn, nämlech well d'Leit net dofir kënnen an net waarde sollen, bis se hir Sue kréien, ass et net fir d'lescht, dass mer heivunner schwätzen.

Do gëtt jo eng Enquête gemaach vun der Cour des Comptes, a mir waarde jo alleguerte voller Spannung drop, wat derbäi wäert erauskommen. Mä gleeft mer, dass mer awer nach méi wéi eng Kéier eis hei wäerten iwwer de Sujet e-go ennerhalen a mierken, dass déi 16,68 Milliounen nach laang net wäerten duergoen an dass do nach vill Sue wäerten op eis zoukommen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Spautz a Merci fir déi Konzessiounen un de Protokoll. Den Här Berger ass den nächste Riedner. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

» **Une voix.** - Den Här Spautz geet ze dacks an de Parking.

» **M. Marc Spautz** (CSV).- Bis gëschter sinn ech ni dohinner gaang.

» **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech wëllt och dem Rapporteur, dem honorabelen Här Roger Negri, Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deen hien hei ofginn a presentéiert huet. Ech wollt am Fong och net weider op den Historique agoe vum Projet.

Ech muss awer soen, dass ech e bëssen erstaunt sinn iwwer d'Ausféierunge vu mengem Virriedner, dem honorabelen Här Spautz, dee ganz kritesch war. Wahrscheinlech wëllt hien, dass éischer vläicht esou eng Gesellschaft wéi „ProActif“ esou e Projet misst géréieren, well déi jo besonnesch gutt kënne mat öffentleche Gelder ëmgoen.

(Interruptions)

Dat gesot, mir sinn eis eens, dass d'Iddi an de Konzept vun e-go absolut ze begrësse sinn. Et soll dem Benotzer an dem Transportbidder d'Liewe vereinfachen. Virun allem soll et dem öffentliche Transport zousätzlech Attraktivitéit bréngen.

Virdeeler sinn enner anerem - ech ziele se net méi all op, mä e puer wëllt ech awer nach eng Kéier rappeléieren -, dass een all öffentliche Transport ka mat enger perséinlecher Kaart benotzen. Mir konnte se jo elo eng Kéier liicht touchéieren, hei läit se nach.

Et kann een esou eng e-go-Kaart och iwwer eng Kreditkaart rechargéieren, iwwer de sougenannten „autoload“. Et ass eng praktesch Kaart. Déi Carte puce fonctionnéiert e bëssen esou, wéi mer et scho kenne vun de Parkingen, well ee se net méi brauch aus der Täsch erauszuehelen, mä da laanscht déi verschidden Apparater ka goen. Op där anerer Säit ass et och fir d'Buschaufferen eng Erliichterung. Et bedeit jo, dass déi sech net méi musse mat Ticketausstellen ofginn. Och déi gemeinsam Gestioune vun den Ofrechnunge fir déi verschidden implizéiert Betriber ass en aneren Aspekt, deen ugefuert gëtt.

De System erlaabt et och, op eng méi einfach Manéier Statistiken iwwer d'Fuergegewunnechte vun den Utilisateuren ze erhiewen an domadder also och eventuell op Demanden, déi een do kann erausliesen, ze reagéieren.

läicht stellt sech natierlech och déi eng oder aner e bësse méi kritesch Fro. Wann de klassesche Billjeessystem weider wäert parallel funktionnéieren, ass et dann net awer esou, dass een e Double emploi respektiv awer nach duebel Aarbecht huet?

Oder ëmgedrëint kann ee soen, wann een elo nëmme méi esou e System huet, ass et dann iwwerhaupt nach méiglech fir en occasionnell Benotzer mat dem öffentlichen Transport ze fieren, well deen et vläicht net gewinnt ass oder ebe keng esou eng Kaart huet?

Et kann ee sech och d'Fro stellen iwwer d'Protection des données, well jo hei op där Carte puce eng Rei Donnéeë gesammelt ginn.

Trotzdem si mir enner dem Stréch awer zur Konklusioun komm, dass et hei eng grouss Zoustëmmung fir de Prinzip an de System vun elektronischen Ticket gëtt an dat natierlech och eng gewëss Erwaardung drastéicht, fir dem öffentlichen Transport domadder zu méi Attraktivitéit ze verhëlfen.

Datt mer haut de Projet de loi stëmme mussen, huet domat ze dinn, dass d'Finanzement vun deem Projet aus dem Rudder gelaf ass. Een Aspekt, dee sécherlech net esou positiv ze beurteelen ass, an deen hei jo och schonn des Laangen an des Breede kommentéiert ginn ass.

Ech wëll just nach eng Kéier soen, an der Comexbu ass vill iwwer de Pourquoi et comment diskutéiert ginn. D'KPMG huet jo och en Audit am Ministère gemaach. Op Hiwierke vum fréieren Transportminister ass och an der Comexbu décidéiert ginn, dass d'Cour des Comptes net nëmme soll e Contrôle vun der Legalitéit a vun der Regularitéit vum Projet maachen, mä et si jo och Recommandatioune gemaach ginn, fir dass et net méi zu engem finanzielle Problem soll kommen.

Et ass dunn den 23. Mee 2007 och eng Motioune gestëmmt ginn hei an der Chamber, fir et eben dem aktuellen Transportminister ze erlaben, déi Rechnungen, déi nach ausstoungen, ze bezuelen. Déi néideg virleefeg Konkursiounen si gezu ginn. D'Chamber huet hir Responsabilitéit iwwerholl.

Bleift also ze hoffen, dass mer kënnen an Zukunft e grouss Succès erwaarde vun deem e-go, vun deem elektronischen Ticketsystem. Et bleift awer natierlech och ze hoffen, dass mer hei dann awer esou lues um Enn vun de Käschte vum Projet ukomm sinn an déi noutwendeg Léieren doraus erzu gezu ginn.

Ech wëllt op alle Fall hei och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abrénge. Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Den Här Kaes huet d'Wuert gefrot.

» **M. Ali Kaes** (CSV).- Här President, ech wollt dem honorabelen Här Berger eng Fro stellen: Wat huet hien dann elo mat där onsënneger Ausso iwwer „ProActif“ gemengt?

(Hilarité)

» **M. le Président.** - D'Fro ass gestallt, den Här Berger muss net drop äntweren.

(Interruption)

Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen** (ADR).- Ech wollt zur Berouegung vum Här Kaes soen, dass mir haut eng Question parlementaire gestallt hunn, do wäert d'Äntwert dann an allen Detailler a schrëftlech kommen, hoffe mer op jidde Fall.

» **M. le Président.** - Mir fuere weider mam Ordre du jour. Den nächste Riedner ass den Här Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Et ass e bësse mat gemischte Gefiller, dass een zu deem Projet haut schwätzt, well de Projet eng Virgeschicht huet. En huet eng Virgeschicht, déi deenen Transportminister betrëfft, awer och seng zwee Virgänger. Et ass net just de Projet vun engem Transportminister, emol net vun zwee, mä dat geet zréck op 1996 a betrëfft also schonn dräi Transportministernen an och dee jeeweilege Koalitionspartner, deen an där Zäit net schrecklech vill variéiert huet. Dat mannt, wat ee muss soen, ass, dass an deenen zwielef Joer zënter 1996 relativ villes schifgaangen ass.

A well den honorabelen Här Spautz virdu säi Réckbléck ugefaangen huet mat där Sitzung vun der Comexbu, an där se sech mat der Prozedur am Detail beschäftegt huet, wëll ech awer drop hiweisen, dass déi Comexbu och net zoufällig zesummekomm ass, mä zesummekomm ass, well déi Gréng déi heite Froen un d'Rulle bruecht hunn duerch eng Question parlementaire vum Kolleeg François Bausch an och duerch e Bréif vun de Gréngen, fir dass d'Kommissioun sech heimadder beschäftegt an ofgëtt. An dat war och net vu Mutterwill.

Ech ginn och net vill op den Historique haut an. Dat meescht ass scho gesot ginn. Mir hu par rapport zu deem, wat am Artikel 80 vun der Statskontabilitéit an am Artikel 99 vun der Verfassung steet, en Dépassement, dee bei iwwer 100% läit. Dat war ab engem bestëmmten Zäitpunkt prévisibel, an duerfir hu mer och déi Diskussioun virun engem Joer schonn an der Comexbu an och hei an der Plénière gefouert. Déi Diskussioun hat als Resultat deen, wann ech mech gutt erënneren, unanimë Vote vun enger Motioune. An et ass en fait och dat, wat an dësem Projet de loi elo soll realiséiert ginn an ëmgesat ginn.

Et ass also net onbedéngt noutwendeg, fir haut nach eng Kéier dee ganzen Historique do ze maachen. Dat hu mer wéi gesot an der Motioune den 23. Mee 2007 gemaach.

Dat, wat deemools votéiert ginn ass, huet och de grénge Virschléi entsprach, an haut, sou wéi et an der Motioune stoung, bannent zwielef Méint, sou hat d'Motioune gefrot, sollt déi Saach duerch den Dépôt an de Vote vun engem Gesetz regulariséiert ginn - zumindest, wat d'Form betrëfft.

Zum Fong ass awer eng aner Diskussioun ze féieren. Fir d'éischt de positive Punkt. De positive Punkt ass, dass mer elo och op de Wee gi vun engem elektronische System am Payement. Et ass grundsätzlech den Einstieg an d'Elektronik an deem dote Beräich, an et ass net méi wéi normal, dass mer am Joer 2008 probéieren, op dee Wee do ze goen an déi Potenzialitéiten, déi et an deem dote System gëtt, ze notzen.

Mir sinn also géint iwwer där Saach do positiv agestallt. Mir menge just, dass dat, wat elo gemaach gëtt - an do duerf een net all Virwurf un déi Leit riichten, déi elo probéiert hunn, d'Kar aus dem Dreck ze zéien -, en „e-go“ de base ass. Dat ass net en „e-go“ a senger ganzer Potenzialitéit.

Et ass en „e-go“ de base, an deen huet eben nun emol just eng Rei Funktionalitéiten. Esou war et vum der Motioune gewënscht, an dowéinst huet d'Motioune sech d'Fräiheet erausgeholl, op deem Délai vun zwielef Méint ze insistéieren, fir ze soen, et muss méiglech sinn, an där relativ kuerzer Zäit eng Rei Basisfunktione an a Betrib ze huelen. Den Ausbau vum System ass selbsterständlech duerno net nëmme méiglech, mä mir hoffen, dass en um Ordre du jour vun deene wäert sinn, déi sech heimadder zu beschäftegen hunn.

Wann een elo zréckkuckt op zwielef Joer an op iwwer 16 Milliounen Euro, ass d'Resultat, wat mer elo kréien, awer iergendwou e for-

midabele Gâchis an énnert dem Stréich e Fiasko fir all déi, déi dorunner bedeelegt waren. Do sinn der, déi selbstverständlech méi dru bedeelegt waren, wéi anerer.

Et ass einfach och e Moment vu Frustr, wann ee kuckt, wat mer fir 17 Milliounen Euro kritt hunn. Do ass e rise Batz Geld investéiert gi fir e Resultat - dat, wat eben an de leschten zwielef Méint méiglech war, an do wëll ech kengem e Virwurf maachen -, wat awer nëmmen e Basisresultat ass - fir net manner wéi 17 Milliounen Euro!

Wann een da considéiert, wat déi initial Uspréich waren, wat soss nach sollt gemaach a méiglech gemaach ginn, a wann ee kuckt, wat méiglech ass an där doter Matière, wann een d'Elektronik an déi Systemer do eranhält, also d'Relatioun mam Client, d'Relatioun tëschent öffentlech Transport an Usager, wann een déi op elektronesch Supporten hält, net nëmme beim Payement, mä och bei der Informatioun an nach aneren Applikatiounen, ass do ganz villes méiglech.

D'Elektronik an der Gare, den Affichage vum Délai, an deem d'Busse sollen erakommen, wou d'Bussen ënnerwee sinn, a wéi vill Minutte se dohann sinn an esou weider, do gëtt et eng Abberzuel vun Applikatiounen, déi kënne gemaach ginn.

Wa mer haut zrëckkucken an dat Gesetz hei stëmmen - well mir wëlle jo déi Situatioun regulariséieren, esou wéi d'Motioun et och eestëmmege festgehalten hat -, bleift et awer quant au fond e formidable Gâchis, a virun allem och e Resultat, wat wäit ewech ass vun deem, wat et initialement sollt sinn a wat et hätt kënne sinn. Dat muss een awer och kënne soen.

Eng zweet Remarque ass, dass mer an der Kommissioun souguer méi wéi eng Kéier gefrot hunn - wat elo déi lescht definitiv Tester, déi den 28. Juni lancéiert ginn, betrëfft -, ob d'Acteuren, déi heimadder ze dinn hunn, eis kéinte versécheren, dass et wäert ouni Accrocë lafen. Do gëtt et ënnerschiddlech Informatiounen. D'Acteuren hunn eis an der Kommissioun bestäetgt, dass si der Meinung wieren, dass raisonnablement alles gemaach gi wier, wat dozou soll féieren, dass déi Testphas ouni Schwierigkeete kann iwwert d'Bühn goen.

Mir sinn allerdéngs do nach skeptesch. Mir wëllen et och hei an aller Däitlechkeit soen, dass mer do nach eng zolidd Portioun Skepsis hunn, well et ass eigentlech net egal, ob et klappt oder net. Wa mer elo bei der Aféierung och nach e Couac kréien, beim Emklamme vun deem engen op deen anere System, gëtt dat erëm eng Kéier fir den Usager, fir de Client vum öffentlechen Transport alles anescht wéi eng positiv Informatioun.

Mir mengen, dass et besser wier - well no all där Zäit kënnt et definitiv net méi op e Mount un oder zwee -, et géif een dee Lancement an déi lescht Testphas eréischt lancéieren, wa wierklech kloer ass, dass raisonnablement alles gemaach ginn ass, fir kënne a Betrieb ze goe mat deem neie System, well mir mengen, dass mer eis nach ee Couac an där heiter Diskussioun, besonnesch par rapport zum Usager, net sollen erlaben an net solle leeschten, well dat ka ganz zolidd negativ Konsequenzen hunn.

Et sinn nach eng ganz Partie Froen onkloer an ech weess, dass zum Beispill den AVL hei an der Stad - déi jo ganz vill heimadder ze dinn hunn, well bei deene fënnt daagsiwer, notamment am Beräich vun der Vente vun Ticketen, extrem villes an der Stad Lëtzebuerg statt an déi si jo mat hiren technischen Déngschter an deem doten Aarbechtsgrupp, zesumme mat deenen aneren Acteuren vum öffentlechen Transport - eng ganz Partie Bedenken huet. Si hunn drop hingewisen, dass eng Rei Apparater getest gi sinn, awer eng Rei aner Apparater nach kengem seriöse Belaaschtungstest ënnerzu gi sinn.

Si hunn och schréfflech, mengen ech, der Regierung oder deem Aarbechtsgrupp matgedeelt, dass si do ganz staark Bedenken hätten, a froen, dass een déi Testphas nach eng Kéier sollt em e puer Wochen no hanner réckelen, fir wierklech kënne all déi Apparater do eng Kéier engem seriösen Test ze ënnerzéien, wat d'Chancë steigert, dass ee kann, wann een dat heiten a Betrieb hält, wierklech mat guddem Gefüll de Leit soen: „Hei gëtt et en neie Produit, dat ass kee Flop, dat ass eppes, wat fonctionnéiert.“

Am Moment ass et eist Gefüll, dass et net ka mat leschter Certitude beäntwert ginn, ob een elo scho soll op deen dote Wee goen. Si werfen eng hallef Dose Punkten op, zum Beispill d'individuell Vente vu Billjeeën an de Bussen, an notamment d'Attributioun vun den Décomptes, déi wäerten eréischt a plus/minus aacht Méint, vun elo un, zefriddestellend organiséiert sinn. Et ass elo scho

gewosst, dass dat mat Sécherheet net am Juni wäert de Fall sinn. Dat wäert nach aacht Méint daueren, bis mer dat wëssen.

Ob d'Oblitérateuren an de Busse genee fonctionnéieren, ass net gewosst, well déi effektiv nach kengem Belaaschtungstest ënnerzu gi sinn. Dat ass awer en zolitten Handicap, ob een dat dote weess oder net.

Déi Kaarten, déi solle kommen, déi müssen och nach zum Deel bestallt ginn, soen d'Leit vum AVL. Si soen och, dass d'Prévente op verschidde Plazen - et soll jo och e Réseau, an net nëmmen Apparater, benotzt ginn, vu bestehende Bankagencen oder anere Commercen, déi d'Leit kennen a wou se am Alldag eraginn, an do sollen och kënne den für Kaarte verkaaft ginn - wäert virun Enn 2008 net méiglech sinn, well do och nach eng Partie Maschinne feelen, fir déi Lokaler ze equipéieren. Och dat ass e Manko.

Et kommen där Saachen nach derbäi, an duerfir wëlle mir haut soen, dass mir d'Gefüll hunn, dass mer hei wuel net ze fréi dee Projet stëmmen - deen ass esou, wéi déi Motioun et verlaangt huet, an do huet d'Regierung hir Hausaufgab gemaach an dem Wonsch vum Parlament Rechnung gedroen; dat ass an der Rei a mir wäerten en och duerfir stëmmen -, mä mir hunn awer d'Gefüll, dass an der Saach selwer déi Testphas vum 28. Juni méiglecherweis e bëssen ze fréi kënnt a mir fannen dat schued. Do gi mer en onnëtz héije Risiko an en vue vun der Aféierung vun deem dote System.

Vläicht leie mer falsch. Mir wäeren net méi wéi frou. Mä mir hunn awer de Verdacht, dass mer net falsch leien an dass mer wierklech erëm op e puer Panne lasssteieren, déi herno de System wäerten an der Perception publique vun de Leit ganz staark no hanner geheien. Dann hu mer dem öffentlechen Transport net direkt en Déngscht geleescht. Au contraire, mir müssen eis dann erëm während e puer Wochen a Méint domadder beschäftegen, déi éischt Impresioun, déi ee jo net ka widdereue, ze redresséieren an ze korrigéieren, a mir froen eis, ob een dat onbedéngt muss maachen.

Duerfir och eis Fro un d'Regierung: Si mer wierklech prett fir den 28. Juni an déi Testphas ze goen, oder hätte mer net besser, eis do nach e puer Woche Bedenkzäit ze ginn, fir da wierklech ze starten, wa mer allguerten der Meinung sinn, dass et prett ass virgestallt ze ginn?

Mat deene Remarquen an deene Froe brénge mer awer d'Zoustëmmung zum Text, well deen deem entsprécht, wat mer virun engem Joer zesummen ausgemaach hunn. Dann ass déi Saach wéinstens an der Form elo emol propper. Mir wënsche selbstverständlech dem System awer bonne chance, well mer d'Gefüll hunn, hie wäert der brauchen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, wann ech gelift.

» M. Robert Mehlen (ADR). - Merci, Här President. Merci un de Rapporteur. Här President, ech wëll fir unzefänken eng politesch Äusserung hei maachen, an zwar mengem Bedauern Ausdruck ginn, dass eis sozialistesche Kollege sech an der Regierung mat hirer Wahlprogrammuförderung no der Gratuitéit vun Transport public net konnten duerchsetzen,...

» Une voix. - Bedauert lech elo net!

» M. Robert Mehlen (ADR). - ...well dann hätte mer dat Milliounegraff hei mat Zäit kënne zoumaachen a mir brächten elo net nach weider ze zidderen, ob déi ganz Investitioun do jeemools zum Erfolg wäert féieren.

Här President, de Projet e-go ass eigentlech e Paradebeispill vu staatlechem Versoen an der Planung, der Konzeptioun an an der Ëmsetzung vun engem grouse Projet d'investissement. 1995 ass d'Iddi lancéiert gi vun der Madame Minister Delvaux - d'Iddi war jo an a fir sech net esou verkéiert. Ech ginn e bësse séier duerch den Historique.

Am Dezember 2001 huet de Conseil de Gouvernement decidéiert, op Proposition vun deemolegen Transportminister Henri Grethen, per Marché négocié - a wann een d'Dokumenter kuckt, da muss een der Eierlechteet hallwer soen, dass den Här Grethen handschrëfflech op där Note, déi e kritt hat, vermerkt huet, hie wär der Meinung, et misst ausgeschriwwe ginn, vu l'importance oder d'Envergure vun deem Investissement.

Den Här Grethen huet zéng Deeg duerno erëm handschrëfflech vu sengem Beamte geäntwert kritt, vu la spécificité vun der ganzer Geschichte wär et net fir dat öffentlech

auszeschreiwwe, mä fir dat enger spezialisierter Firma ze ginn, déi och capabel wär, fir dat ëmzesetzen.

Wann een da kuckt, wat dat fir eng Firma war - eng Firma namens SMARTEC -, déi zu 50% enger panamesescher Gesellschaft namens Roska Investment S.A. gehéiert huet, wou d'KPMG schreift, de Bénéficiaire économique wär zu deem Zäitpunkt héchstwahrscheinlech net bekannt gewiescht, da muss ee sech dach awer Froen iwwert dee komeschen Deal do stellen.

Et muss ee sech och vläicht Froen driwwer stellen, wéi de Ministerrot mat esou Entschuedungen ëmgeet. Ech hu Verständnes derfir, well mir wësse jo och, ënner wat fir engem Drock mir heiansdo an der Chamber schaffen an dat ee wahrhafteg net ëmmer Zäit huet alles ze liesen. Mä hei ass et effektiv relativ liichtfankeg iwwert d'Bühn gaangen. D'Décsioun ass geholl ginn an de Marché négocié ass esou zougeschloen ginn.

De Betrag vum Kontrakt war 2,7 Milliounen Euro. Dat waren - déi 2,7 Milliounen Euro, dat klängt jo no net vill - awer schliesslech 108 Milliounen där aler Frang. An der Phase finale kënnt dann, wéi gesot ginn ass, de Projet wär consequant an et kéint een en ëmsetzen, en zweete Projet no - dee gétt erëm net ausgeschriwwe - fir 7,4 Milliounen. Dat si ronn 300 Milliounen där aler Frang. Wéi gesot, dat si keng Bagatellen. Dat ass dann och geschitt.

De fréiere Minister Grethen seet, bei him wäeren d'Clignotanten ugaangen, wéi hien de Betrag vu 7,4 gesinn hätt, well dat ass bekanntlech esou zimlech déi leschte Grenz, wou kee Gesetz brauch gestëmmt ze ginn. Dat ass eppes, wat eis och als Législateur schliesslech awer muss ze denke ginn. Dat heescht, och den Här Grethen war sech deemools net ganz sécher, ob net do d'Regierung sollt gewéckelt ginn. A wann een da bis drastéicht - an dat ass jo elo de Fall -, da muss een alt kucken, dass een aus der Affär erauskënnt.

Elo sti mer da leschtenen 16,7 Milliounen. Dat si sage un schreibe 668 Milliounen Frang; dat heescht sechsmol méi, wéi et an der éischter Approche geplangt gi war.

D'KPMG, déi vum aktuelle Minister beoptraagt gi war, en Audit ze maachen, wéi d'Affär aus dem Rudder gelaf ass, beanstant virun allem, dass keng Ausschreibung gemaach ginn ass, dass et eng kleng Firma - „une petite structure“ - ass. Do muss een da scho soen, wann d'Regierung gesot kritt: Aha, dat heiten ass ganz speziell, do muss een och eng speziell Firma hunn! - Déi heiten ass eréischt e Joer virdu gegrennt ginn. D'KPMG seet „une petite structure“, wou een och emol net esou richtig wosst, wien do géif hannendrustoen.

Déi aner Kritike si vu menge Virriedner gréisstendeels opgezielt ginn. Ech kommen awer net derlaanscht, se zum Deel nach eng Kéier ze ernimmen.

De Projet ass lancéiert ginn op Basis vun „objectifs sommaires sans plan d'action précis et validé entre les parties concernées“, tëschent all deenen, déi do sollten drun deelhueen. Einfach: Elo fuere mer emol lass an da kucke mer, wou mer erauskommen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

„Désaccords entre opérateurs sur des aspects fondamentaux“: Déi muss ee virun ausgeraumt hunn, éier ee lasszitt.

„La participation aux réunions“. Et ass eis gesot ginn, dass do regelrecht Leit de Fortgang boykottéiert hunn an net dru participéiert hunn, wéi et da sollt viruoen.

„La tarification nationale est basée sur deux critères“ - virun allem deem vun der „distance et durée“. Dat wär net méiglech. Da gi bei mir sämtlech rout Luuchten un, wann ech vum fréiere Minister Grethen héieren, hien hätt de Projet presentéiert kritt als e System, deen operationell wär, dass heescht, deen tatsächlech scho géif fonctionnéieren.

Insuffisances quant à la sécurité informatique“, bei esou enger spezialisierter Firma!

„Dépendance du Ministère des Transports et des opérateurs par rapport au fournisseur.“ Dat heescht, wann ee bis eng Kéier dranhängt an et seet een: Elo setze mer et em, da kann een natierlech net gutt soen: Dann huele mer elo erëm en aneren.

„Gestion de projet insuffisante pour un projet de cette envergure.“ Dat heescht, Gewurstels op der ganzer Linn.

Här President, dat, wat fir eis bedenklech ass, dat ass den Netrespekt vum Budgets- a Kontabilitéitsgesetz. Wéi gesot, et ass net ausgeschriwwe ginn. De Juli 2006 waren zéng Milliounen Euro engagéiert. Dat dierft, laut eiser Gesetzgebung a laut dem

Contrôle, deen installéiert ass op Basis vun där Gesetzgebung, iwwerhaupt net méiglech sinn.

Wéi ass et méiglech, dass e Betrag engagéiert ass? D'KPMG huet eis gesot, en ass geschëlt. Et dierft ee sech awer d'Fro stellen: Wann e Kontrakt gemaach ass mat 7,4 Milliounen, wéisou kann déi Firma da kommen a soen: Ech hale mech net un de Kontrakt? Wat stoung nach an deem Kontrakt do dran, dass awer zéng Milliounen, déi engagéiert si ginn, geschëlt sinn? Dat ass eppes, wat een eigentlech net versteet. De Projet war zu deem Zäitpunkt wäit dervun ewech, fäerdig ze sinn.

Mir stelle fest, dass d'Finanzkontroll hei versot huet. Ech sinn och frou, dass - an ech muss dann awer och soen, wa mer aus der Kommissioun schwätzen - opgrond vun der Fuerderung vun der ADR gesot ginn ass, da soll och den Direkter vum Contrôle financier kommen an eis emol erklären, wéisou dass dat dote méiglech war.

Här President, d'Konklusioun ass, dass de Stat hei op der ganzer Linn ugeschmiert ginn ass. Nach eng Kéier, den Här Grethen seet: De Projet ass eis presentéiert ginn als e Projet, deen operationell ass, dee mer net méi müssen nach laang entwéckelen, mä deen een am Fong geholl just muss op d'Lëtzebuerger Verhältnisser applizéieren. Dat war awer net wouer.

D'Fro stellt sech: Wien huet do gelunn a geschwindelt? Mäi Gefüll seet mer, dass et e Fall fir de Procureur ass. Mä d'Regierung huet drop verzicht, eng Plainte oder en internt Disziplinarverfahren anzeleeden. Och hei muss een der Regierung de Reproche maachen, dass se am Fong geholl elo probéiert, aus der Geschicht erauszekommen, mä dass - an dat huet mech och e bësse schockéiert - an där enger oder anerer Kommissiounssitzung gesot ginn ass: Et huet kee Wäert, dass mer elo déi Responsable sichen; mir musse kucken, dass mer erauskommen, dass mer no vir kommen.

Wat mir nach méi schlëmm fannen, dat ass, dass d'lescht Joer d'Chamber eng Motioun gestëmmt huet - ouni d'Stëmme vun der ADR -, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, mat darselwechter Schwindelfirma - well et muss een emol fir d'alleréischst opklären, wien dann do gelunn a geschwindelt huet - erëm eng Kéier ouni Ausschreibung weiderzufueren.

Dat ass jo och eng vun de Kritike vum Statsrot: Egal wéi et hei ass, wann da soll virufuer ginn, da kann et eiser Meinung no nëmmen iwwer Marché public goen. Et gëtt sécher aner Opérateuren, déi méi capabel sinn, fir dat doten ëmzesetzen, wéi déi, déi bis elo d'Regierung an de Stat ugeschmiert hunn.

Elo solle mer dann e Gesetz stëmme fir 16,7 Milliounen Euro. An dat, wat geplangt war, nämlech - dat war jo den Hit - d'Tarificatioun no Distanz op Basis vum GPS-System, dat kréie kee net geliiwert. Dat heescht, d'Tarificatioun leeft elo haaptsächlech op der Zäit, wat fir de Client bedeit, dass, wann de Bus am Stau steet, en dat och nach muss zousätzlech bezuelen.

Wat mech zur Konklusioun féiert, dass d'Regierung hei e Rolls-Royce bestallt hat, well vun der Ambitioun hier war et e Rolls-Royce. Mir bezuelen der elo dräi a mir kréien eng R4 geliwert. Här President, ech kann nëmme soen: Wann ech als Privatpersoun esou géif bei d'Liéte gelooss ginn, da géif ech esou eng Firma op d'Gericht hueen.

Et kann een eng aner Rechnung maachen. De Projet kascht 16,7 Milliounen Euro, plus dat, wat et eis all Joer kascht; Frais, déi hannendrukommen; Frais courants; Frais d'entretien; Frais de remplacement; wat alles och ëmmer. E Kuerzstreckebilljee kascht 1,5 Euro. Fir dat, wat den e-go elo kascht, wat mer haut solle votéieren, kéint een der Populatioun 11.120.000 Billjeeën offeréieren, oder 25 där Billjeeën fir jidderee vun eise 450.000 Résidenten.

Eng aner Fro ass: Wéi vill Personnel accompagnant hätt ee kënne domat bezuelen? Et ass gesot ginn - dat war eng vun de Begrënnungen -: Mir müssen d'Chauferen entlaaschten, well déi mat deem ganze Geklippers, mat der Mënz an esou weider, ze vill Zäit verléieren. Dann hunn d'Busse Retard an doduerch gëtt den öffentlechen Transport manner attraktiv.

Wéi vill Personal hätt een hei kënnen engagéieren an en permanence bezuelen? Wann ech mat Buschaufferen, notamment hei an der Stad, schwätzen - ech kennen der eng etlech -, déi u mech eruettratt sinn, déi hu sech am Gespréich driwwer beklot, ënner wat fir enge Konditiounen dat se heiansdo owes spéit mussen fueren. Wou si sech emol net traumen, de Billjee ze froen, well se menacéiert ginn. Een anereren huet mer gesot, datt en de Knäip gesinn huet. Ech soen dat hei. Wann Der d'Nimm gären hätt, ech ginn lech se; da kënnst Der selwer mat deene Leit schwätzen.

(Interruption)

Gutt. Dat ass jo dann egal.

Ech wëll just vun där Onsicherheit schwätzen, déi bei deene Leit ass, net nëmme wéinst dem Billjee. Et wär a muncher Hinsicht besser, mir hätten am öffentlichen Transport méi Personnel accompagnant. Déi kéinte sech ëm d'Billjee bekëmmere, well dat wäert jo net ausbleiwen - ech si jo net deen Éischten, deen dat hei op dëser Tribün seet. Déi, déi bis elo mat den Abonnementer gefuer sinn, dat war jo och relativ onproblematisch. Dat sinn och déi Éischte, déi hei op d'Käertche sprangen. Mä déi, déi nëmmen occasionnellement fueren, dat sinn Touristen. Dat si wahrscheinlech eeler Leit, wann net een hinnen hëllef fir dat Ganzt ëmzesetzen, datt se domat eens ginn. Et bleiwen der ëmmer nach an et muss ëmmer nach mat der Mënz gespillt ginn. Oder mir soen zu deenen: Dir kënnst dann awer fir näischt fueren.

Da wier et gradesou gutt, et hätt ee Personnel accompagnant derbäi. Och fir eeler Leit, déi sech net méi esou gutt hëllef kënnen. Ech hu gëschter Owend mat engem Dokter geschwat, deem seng Mamm al ass an ufänkt gebriechlech ze ginn, dee seet, si traust sech net méi ze fueren, well et esou rapid geet. Et ass keen do, deen der Fra hëllef. Si muss wierklech fäerten, dass se net zur Zäit erakënnst, oder wa se dobannen ass, da fiert de Bus un, si fällt schonn am Gank ëm, éier se iwwerhaupt Zäit hat fir sech ze setzen an esou weider. All dee Confort hätte mer mat deem Geld de Leit kënnen bidden. Et bleift, wéi gesot, datt mer och heimat, wann et dann ëmgesat gëtt, den Ticket ni ganz wäerte kënnen ofschaffen.

Här President, ech kommen zur Konklusion. D'Regierungen - ech soe bewosst hei d'Regierungen - hunn an dëser Fro aus der Siicht vum Législateur, aus der Siicht vun eiser Législatioun onverantwortlech gehandelt. Dee Projet hei ass miserabel virbereet an ëmgesat ginn. D'Gesetzer si violéiert ginn. Et ass onmoosseg Steiergeld hei verschwéngt ginn. Et si géint déi, déi hei ganz sécher mat gezénte Kaarte gespillt hunn, bis elo eises Wëssens keng Sanktiounen ergraff ginn. Domadder mécht d'Regierung sech matschëlleg. A mir soen, d'Regierungsparteie mussen elo kucken, wéi se domat eens ginn.

Mir als ADR kënnen des Mësswirtschaft net och nach duerch en nodréigleche Vote gutt heeschen. Duerfir wäert eise Vote ganz kloer a prezis Nee sinn.

Ech soen lech Merci.

»» Une voix. - Très bien!

»» M. le Président. - Merci, Här Mehlen. Leschte Riedner ass den honorablen Här Jaerling.

»» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Merci, Här President. Nodeems dass mer gëschter jo en histoireschen Dag hate mam Eenheitsstatut, ass haut dann erëm esou en histoireschen Dag, well endlech gëtt den öffentlichen Transport gratis!

Ech kann dat nëmme begréissen. Wann ech elo gesinn hunn, dass den éierewäerten Här Rapporteur déi Kaart hei gewisen huet, dann huelen ech jo un, dass een elo näischt méi brauch ze bezuelen, wann ee mat där Kaart do un deen Apparat fiert - oder leien ech do falsch?

Do wollt ech am Fong dann awer och d'LSAP félicitéieren, dass se endlech 13 Méint virun de Wahlen hiert Versprechen awer wouermécht an den öffentlichen Transport gratis ubitt, andeems dass se dann un déi Leit déi Kaarten do alleguer gratis verdeelt.

Dass natierlech elo déi Apparaten eppes kaschten, dat verstinn ech. Ech wëll och net doriwwer streiden, firwat dass se ëmmer méi deier gi sinn. Mä ech huele jo awer un, dass fir d'Éischt op enger Plaz probéiert ginn ass an dass der ëmmer méi bëikomm sinn an dass dat am Fong dann dee Moment déi Käschteneexplosioun mat sech bruecht huet.

Dee ganze System begréissen ech, well ech einfach soen, et muss een eng Kéier endlech versichen, iergendee System ze fannen, wou een och mat all deene Kontrolleren a mat deem Prépayement do iergendwéi muss ophalen, fir de Leit et méi einfach ze maachen. Mä wat ech vermessen, dat ass, dass mer hei am Fong nëmmen national geduecht hunn an net regional, well jo awer ee vun eise gréisste Problemer de Flux ass vun deene Leit, déi vu baussen erakommen. Do hätt een och scho kënnen méi am regionale Charakter an der Groussregion denken an dee System hei opbaue mat de Groussregionen.

Well mir hu jo awer do e ganze Koup Comitéën, wou der vill eraginn an ni eppes erauskënnst. Do hätten déi jo awer emol eng Kéier kënnen sënnavoll schaffen a versichen, hei en „e-go“-System ze maachen, deen och fir déi Leit, déi hei an d'Land schaffe kommen, d'Méiglechkeete ginn hätt, fir eben da mam öffentlichen Transport esou einfach wéi méiglech hei eranzekommen.

Ech mengen, mir hunn där Systemer jo probéiert mam eSanté, wou mer versiche regional ze denken. Et hätt een hei an dësem Beräich awer och kënnen méi regional denken an dann de System d'office esou ausbauen, dass en och regional hätt kënnen benotzt ginn.

Dat si leider déi eenzeg Bedenken, déi ech hunn, an ech freeë mech schonn, wann ech dann elo am August endlech déi Gratiskaart do a meng Boite kréien. Also ech mengen, da fueren ech och erëm mam öffentlichen Transport.

(Hilarité)

»» M. le Président. - Merci, Här Jaerling. D'Schlusswuert huet den zoustännege Minister, den Här Lucien Lux.

»» M. Lucien Lux, Ministre des Transports. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hätt mer an deene leschten zwee Joer oder souguer e bësse méi schonn an deem Dossier hei et kënnen liicht maachen an all Blécker an domadder all Schold verweisen op mä Virgänger, deen an de Joren 2002 an 2003 sécherlech e bësse lichterfankeg, zesammen iwwegens mat enger gesamter Regierung, dee Projet hei op de Wee ginn huet, op eng Aart a Weis, déi, mengen ech, vun alle Riedner zu Recht duergestallt ginn ass als eng Aart a Weis, wéi se a sech net hätt dierfte sinn.

Ech wëll awer haut bei där Linn bleiwen, déi ech ëmmer hat, fir och mengem Virgänger, dem Henri Grethen, zouzegestoen, dass en am Gudde gehandelt huet, fir, berode vu senger Mataarbechter, e Projet op de Wee ze kréien, vun deem hien, ech a vill heibannen haut nach eng Kéier gesot hunn, dass se der Meenung sinn, dass e fir d'Attraktivitéit vum öffentlichen Transport fir d'Usageren dobaussen eng gutt Saach ass.

Dass een effektiv eng Rei vu Feeler gemaach huet an deene Joren 2002 an 2003, ass evident, an deen Éischten, deen dat agestanen huet, war de Kolleeg Henri Grethen selwer, deen an de Sëtzunge souwuel vun der Comexbu wéi vun der Transportkommissioun Amende honorable gemaach huet.

Ech wëll et och haut nach eng Kéier a sengem Numm maachen, fir ze soen, dass effektiv 2002, a virun allem 2003, schonn eleng - an ech hunn em dat oft gesot - de Montant vu 7,3 Milliounen esou e verräteresche Montant war, wou a sech all Antennen hätte missen erausgoe fir ze soen: 7,3, dat ass esou no bei 7,5, a wann een déi 2,4 Milliounen fir de Projet pilote, déi kontabilitéitsmëssig net zum Projet an zur Limite ze ziele sinn, awer derbärechent, da wär et gutt gewiescht, schonn am Joer 2002 a spéitstens am Joer 2003 d'Décsioun ze huelen, fir bei d'Chamber ze kommen an ze soen: Voilà, hei ass e Projet, mir leien an deene Montanten, mir légiféieren, mir leeën dohinner wat mer maachen, an d'Chamber decidéiert, esou wéi vill Gesetzer dat soen, esou wéi eis Verfassung et seet, wéi d'Kontabilitéitsgesetz an esou virun et soen, dass se den Aval gëtt fir dat ze maachen.

Elo hu mer dat 2005 gesot kritt. Ech wëll net streiden, wien dann elo dee war, deen zum richtige Moment 2005 dunn d'Antennen erausgemaach huet an der Chamber dat gemellt huet. Ech wëll just soen, dass ech

mech selwer invitéiert hunn an d'Transportkommissioun an an d'Comexbu, selwer invitéiert hunn, net gefrot gi si vun iergendengem Deputéierte fir heihinner ze kommen, mä selwer gesot hunn, dass mer am Ufank 2006 dat heiten op de Métier missten huelen, well mer amgaange wären, fir effektiv Gesetzer ze violéieren - esou muss een dat jo dann och nennen - an an eng Situatioun eranzekommen, déi net gutt wier.

Mir hu fir d'Éischte Kéier, kann ech mech ganz gutt erënneren, am Bilatéral am September 2005 mam Budgetsminister Luc Frieden festgestallt, dass mer eng Situatioun géife kréien, déi net gutt wier, a mir hunn an der Regierung duerfir Ufank 2006 decidéiert fir ze légiféieren, fir heihinner ze kommen a fir och en Audit fonctionnel et financier vu KPMG maachen ze loossen. Dat waren eis Décisionen; mir si vu kengem duerch d'Stroosse gehetzt ginn, fir dat ze maachen. Zu där Konklusioun si mer Enn 2005 an Ufank 2006 selwer komm, fir dat ze maachen.

Iewent där Responsabilitéit do huet d'Cour des Comptes jo den Auftrag nach eng Kéier kritt, fir niewent deem, wat d'KPMG an ech selwer mat menge Mataarbechter, mengen ech schonn, relativ alles op den Dësch geluecht hunn - ech weess net, ob d'Cour des Comptes nach zousätzlech Saache fénnst; wann, da wär et gutt, wa se och nach eng Kéier op den Dësch géife kommen. Ech mengen awer, dass souwuel dat, wat d'KPMG gemaach huet, wéi dat, wat mir selwer gemaach hunn, scho bal all d'Informatiounen beinhaltet.

Hei ass zu Recht gesot ginn, de fréieren Transportminister Henri Grethen ass dee Leschten, dee sech dergéint gewiert huet. Hie selwer war et, dee gesot huet: „Ech stinn hei a si bereet, fir all Froen ze beäntwerten, fir och alles op den Dësch ze leeën, wat noutwendeg ass.“

Ech wëll awer och eppes derbäisoen, dat ass, dass niewent där Erfahrung, dass Projekte vun där doer Zort technesch an operationell schwierig sinn, ech jiddfalls d'Erfahrung gemaach hunn, an dat hu mer jo och diskutéiert an der Comexbu an an der Transportkommissioun, dass et sécherlech gutt ass, wann de Stat, wann d'Regierung sech bei esou Projekte vu virereng extern Hëllef gétt. Dat maache mer haut a villen anere Projekten, déi mer am Transportministère an och an anere Ministère, beim Här Wiseler am Bauteministère an esou virun, hunn. Do gi mer ganz vill dee Wee, deen och gutt ass a bei deem et och richtig ass, fir dat vun Ufank un ze maachen.

Eng vun den Erfahrungen heibäi ass déi - an dat ass jo e puermol hei ernimmt ginn, awer et ass net d'Konklusioun bis zum Schluss gezu ginn -, dass vu virereng déi aner Concernéiert sensibiliséiert musse ginn. Mir hunn hei ëmmer ze di gehat mat véier Opérateuren: d'TICE, d'AVL, der CFL an d'RGTR. Et war och e Feeler an der Essenz vun Ufank un, dass déi véier Opérateuren net vun Ufank un, souwuel wat d'Konzept ubelaangt wéi och déi finanziell Implikatiounen, mat sensibiliséiert gi sinn.

Well ech muss soen, och fir mäi Virgänger a fir d'Mataarbechter am Ministère, dass viles, wat geschleeft huet, wat net virugaangen ass, och domadder ze dinn huet, dass Opérateuren dosouzen, déi keng Verantwortung haten, déi näischt finanziell mat bäigedroen hunn an déi vu Sëtzung zu Sëtzung erëm nei Wënsch haten, erëm mat neie Leit opgetratt sinn - déi Leit woussten net, wat déi virdu gesot haten -, sinn erëm mat neien Iddië komm, hunn erëm gesot, dat do, wat mer ofgemaach hunn, dat ass awer elo net méi richtig.

Ech mengen, dass een also, wann een als Stat Partner huet, et ëmmer richtig mécht, wann een déi mat sensibiliséiert, fir dass jiddferee weess, dass all Mount, deen ee verléiert, och mat Käschte verbonden ass, an dass dat och verbonden ass mat enger operationeller Aart a Weis, déi noutwendeg ass.

Mir hunn och den Audit, dee mer maache gelooss hunn, deen externen Audit financier et opérationnel - dat wëll ech hei soen - um Oflaf, an engem Moment gemaach, wou d'Limite vun de 7,5 Milliounen net iwwerschratt war.

Ech wëll dat einfach nëmme formell hei soen, fir kloerzemaachen, dass mer dat zum richtige Moment gemaach hunn - well déi 2,4 Milliounen kann een net derbärechnen -, dass mer also zum richtige Moment vis-à-vis vun der Chamber stoungen, fir ze soen, hei leeft eppes aus dem Rudder. Mir hunn dat jo och duerfir hei an der Chamber erëm eng Kéier an där Motioun kloer constatéiert.

Mir hu jo net gemaach, wéi wa mer do - ech schwätzen da fir déi viregt Regierung mat -

gutt gehandelt hätten. Mir hunn dat jo och hei constatéiert an hunn den Aval vun der Chamber kritt mat enger grousser Majoritéit, fir de Projet ëmzesetzen, well ee jo dann och an der Situatioun war, wann ee scho siwen oder aacht an da bal néng, wann een alles zesummerechent, Milliounen investéiert huet, wou ee sech d'Fro gestallt huet, ob een dat net dach duerchzéie sollt.

Déi Fro hätt jo dobaussen de Steierzueler eis och gestallt. Wa mer do e brutale „Cut“ gemaach hätten a mir hätten de Projet ewechgehait, dann hätten d'Leit jo och zu Recht gesot: Elo hutt Dir bal zéng Milliounen Euro investéiert; wär et dann net vläicht trotzdem méi intelligent, elo awer nach dat Bescht erauszehuelen an déi Suen nach ze investéieren, fir wierklech de Basismodell ze kréien an dann derfir ze suergen, dass ee wierklech an eng nei Ära vun Tarificatioun erakënnst, an déi mer wierklech mussen erakommen, fir eis déi Moyenen ze ginn?

Wann ee ronderëm an aner Stied geet, da gesäit een, dass déi scho laang dee Wee do fonnt hunn, dee mir och endlech mussen aschloen.

Ech mengen, och dat wier en Argument gewiescht, wann een hei vum Steierzueler schwätzt. De Steierzueler wier manner frou gewiescht, wa mer deem gesot hätten, zéng Milliounen Euro sinn elo einfach an de Sand gesat ginn, a mir geheien elo d'Apparaten all, wéi se dann och ëmmer heeschen, ewech.

Ech mengen och, dass dat net ganz intelligent gehandelt wier an net am Sënn gewiescht wier vun enger Gestion en bon père de famille, wéi ee se jo misst maachen.

Ech wëll ofschléissend soen, dass de Prinzip, esou wéi de Rapporteur, de Roger Nègri, et hei a senger exzellenter Kontributioun gesot huet, richtig a sënnavoll ass.

Ech hunn heibannen dach d'Gefill, dass déi meescht derfir sinn. Souguer den Här Spautz, dee fir dës Regierung zu engem klengen Deel - ech wëll keng Prozentzuel soen - a fir déi viregt Regierung zu engem gudden Deel eng kritesch Analys gemaach huet, huet awer zum Schluss gesot, dass den e-go en tant que tel eng gutt Saach ass an dass een an déi Richtung soll weidergoen.

Elo zu de Froen, déi vun eenzelne Kolleegen doriwwer opgeworf gi sinn, wéi et hanndru weidergeet. Ech wëll soen, wa mer den e-go de base réalisieren, da wësse mer pertinemment heibannen, dass, wann dat elo bei d'CDT, bei d'Communauté des transports iwwergeet, en natierlech a senger Gestiou a sengen zukünftege Fonctionnalités nach wäert Geld kaschten. Mä ech mengen, dat ass awer fir vill Projeten, déi mer hei stëmmen, an esou Beräicher wéi an anere Beräicher, och de Fall.

Eng Schoul, déi mer hei stëmmen, déi huet e Montant x; domadder wësse mer awer, dass et net fäerdeg ass. Och an där Schoul kommen nei Wënsch, ginn nei Saachen investéiert an esou virun.

Mir halen elo fest dee Moment um e-go de base, an et ass un der CDT, aus all deenen Erfahrungen, déi elo gemaach gi sinn, an hei sinn der jo muncher gemaach ginn, fir mat den Opérateuren dann déi zukünftege Fonctionnalités ze diskutieren, ze decidieren, se op enger operationell a finanziell propperer Basis ze decidieren an ëmzesetzen. C'est l'évidence même, dass et nach weider Fonctionnalités gëtt, déi mer hei kënnen erauskëddelen an déi fir den Usager och wichteg sinn.

Déi zweet a lescht Saach, déi ech wëll soen, dat ass, dass mer decidéiert hunn, et ass jo schonn hei gesot ginn, de 27. Juni den e-go de base ze lancieren. Elo hunn ech héieren an och gelies vun eenzelnen Opérateuren - d'AVL, fir se net ze nennen -, dass een elo erëm eng Kéier soll waarden.

Ech wëll lech just soen, mir hunn e Freideg den neie Flughafen ageweit. Wann een do virun engem Mount de Chantier besicht huet, dann hätt een och net ugeholl, dass mer e Freideg géifen aweien, an et hätt een ni ugeholl, dass mer den 21. Mee fir d'Usageren dobaussen dann och operationell sinn.

Iergendeng Kéier, och beim e-go, mussen mer decidieren a mussen de Leit, déi dobaussen schaffen un der Ëmsetzung, och e klore Datum ginn, an da muss et klappen, an da muss een och wierklech derfir suergen, deen néidegen Drock maachen, déi néideg Motivatioun ginn, fir dass mer dann och wierklech fäerdeg ginn. Duerfir soen ech, de 27. Juni gi mer an de Lancement vun deem e-go de base, well mer eis Aarbecht och dobaussen dem Bierger wëlle weisen, fir dass mer déi Akzeptanz, déi mer da verluer hunn en aval vum Projet, awer an Zukunft erëmgewannen doduerch, dass

mer dem Usager, dem Bierger dobausse weisen, dass déi Steieren, déi mer hei investéiert hunn, trotzdeem fir eppes Sënnvolles a Richteges gutt waren. Dat musse mer fäerdeg bréngen an duerfir mussen och all d'Acteure bis de 27. Juni déi néideg Hëllef ginn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum Vote iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5822 ass uegoll, Här Minister Lux, mat 50 Jo-Stëmme, bei 4 Nee-Stëmme a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement (par M. Laurent Mosar), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Christine Doerner), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Glesener), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Roland Schreiner), Alex Bodry, John Castegnaro (par M. Romain Schneider), Mme Claudia Dall'Agnol

(par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mmes Anne Brasseur (par M. Charles Goerens), Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Claude Meisch (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Dir kritt d'Convocatiounen an den Ordre du jour fir déi nächst Sitzung schrëftlech.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.52 heures)

Jeudi, 22 mai 2008

Présidence: M. Lucien Weiler, Président

Sommaire

Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État

- M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État (dépôt d'une documentation de l'Administration des Contributions directes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.02 heures)

» **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut de Mëtteg een eenzege Punkt op eisem Ordre du jour, nämlech d'Deklaratioun vum Här Stats- a Premierminister zur Lag vun der Natioun, eng Deklaratioun, déi d'Chamber d'nächst Woch hei debattéiere wäert.

Ech ginn elo dem Här Premierminister Jean-Claude Juncker d'Wuert, fir seng Deklaratioun zur Lag vun der Natioun virzedroen.

Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kann ee sech, wann een iwwert d'Lag vun Land schwätzt, direkt mat Karacho op den Ambiente on op d'Bedinglechkeeten heiheim stierzen. Et kann een an d'Luxemburgensia antauchen an och an deenen ennergoen, sech un hinne mat Genoss a Verdross festbäissen.

Ech kann dat haut net maachen; duerfir ass d'Welt ze grouss an duerfir si mir ze kleng. D'Welt ass ze grouss a si stécht voller Misär. Mir sinn ze kleng an et geet eis, och wa mir dat ni zouginn, am Schnëtt ganz gutt. D'Zuel vun deenen, deenen et net esou gutt geet, d'Zuel vun deenen, déi net méi esou gutt matkommen, d'Zuel vun deenen, deenen um Enn vum Mount, an heiansdo och ier d'Enn vum Mount komm ass, d'Loft ausgeet, d'Zuel vun deenen alleguer hëlt zou.

Mä allgemeng gëllt: Mir hu wéineg Ursaach fir ze kloen a kee Grond zur kollektiver Larmoyanz. Wa mir eis bekloen, da bekloe mir eis am Regelfall op héijem Niveau. Jiddferree vun eis hätt gäre méi, absolut méi, komparativ méi, mä jiddferfalls méi. Kee vun eis huet genuch a bal jiddferree seet, en hätt gäre méi. Mir mussen oppassen, dass mir net lues a lues zu enger ëmmer méi onzefriddener Ech-Gesellschaft verkommen. Et géif eis alleguer guttdinn, eis méi dacks ze froen, mir wëlle sinn, anstatt eis permanent domat ofzeginn, wat a wéi vill mer gäre méi hätten.

Et kann een och vill sinn, wann ee manner huet. Déi, déi manner hunn, sinn duerfir net manner wéi mir. An doduerch, dass mir méi hunn, si mir net méi wéi si. Dat ass wouer heiheim, dat ass och wouer queesch duerch d'Welt.

D'Problemer vun der Welt, déi si bombastesch, a wat ee méi wäit vun heiheim ewechgeet, wat d'Problemer méi bombastesch ginn.

Kuckt no China. Dat Land, dat esou erfollegräich ënnerwee war fir an d'Zukunft, vläicht fir seng Verhältnisser souguer ze séier, dat gëtt duerch dat fuerchtbaart Äerdbiewe vu Päschtmeindeg regelrecht erschloen an a sengem Zukunftstempo ofgebremst. Dat ass net gutt fir China, dat ass och net gutt fir eis. Dat ass net gutt fir eis, well et schlecht ass fir de Weltwirtschaftswuesstum. Vum Leed vun de Leit, déi no hire Kanner gruwene, iwwerhaupt net ze schwätzen.

Kuckt no Myanmar, no Birma, wou ee Stuerm ouni Merci honnertausenden Dreem ewechgeblosen huet. An déi Dreem, déi ware schon net schrecklech grouss, well dee Militärregime, deen dat Land fest am Griff huet, d'Leit souwisou dru gehënnert huet, fir vun der Platz ze kommen. Elo ginn d'Burmesen nach weider no hanne gehait, well déi international Solidaritéit - eppes immens Wäertvolles, well d'international Solidaritéit ass eng Allianz géint den nationalen Egoismus - op der Grenz gestoppt gëtt.

Mir an Europa wëssen net méi, wat Grenze sinn. D'Leit zu Rangun stierwen, well et eng Grenz gëtt. D'Grenze sinn déi schlechtesten Erfindung, déi d'Politiker jee gemaach hunn. Europa ass eng schéin Erfindung, well mir d'Grenzen ofgeschaaft hunn an domat dat eliminéiert hunn, wat eis esou laang an heiansdo esou dramatesch auserneege-driwwen huet.

Kuckt op d'Krichsplaze vun dëser Welt. Et gëtt der iwwer 100! Iwwer 100 Krichsplaze gëtt et de Moment op der Welt! 100-mol Krich, dat heescht honnertausende gebrauchte Biografien. Dat heescht, dass mat all Doudegem een neie Kär vun zukünftegem Haass geluecht gëtt. A wann deen Haass bis opgeet, da kënnt en och bei eis. Mä e kritt eis net méi esou total ze pake wéi fréier, well mir et an Europa geléiert hunn,

aus dem Haass keen Zukunftssom fir eise Kontinent méi ze maachen.

Europa bleift déi schéinsten Nokrichsinventioun. D'Europa-Iddi hätt eigentlech missen dausend Friddensnobelpräisser beienee kréien. Déi Eenzeg, déi dat net méi esou richtig ze schätze wëssen, dat schéngen d'Europäer selwer ze sinn, virun allem déi méi jonk. Dass si ni méi mat deem alen europäesche Krichsdämon konfrontéiert ginn, dorunner schaffe mer zu vill. An et wier gutt, wann déi méi Al an déi méi Jonk mat Häerz a Verstand dobäi géife matmaachen, anstatt eppes fir normal ze halen, wat an Europa ni selbstverständlech war.

Kuckt och op déi nei Hongersnout, déi op d'Welt zouleef, jo, déi hir deelweis schon d'lesse geholl huet. Milliounen a Milliounen Mënsche ginn an den Hongerdoud gedriwwen, well d'Welt net richtig funktionéiert. Déi nei Hongersnout, déi bei déi al derbäikënnert, huet méi wéi eng Ursaach, a mir kenne se.

D'Bevölkerung wüsst a si wäert weider wuessen; ëmmer méi Mënschen, besonnesch an den asiatesche Schwellelänner, fänken un hiert Recht op Ernährung och ze praktikéieren. Mir haten an allen Deeler vum Planéit aussergewéinlech schlecht Récolten d'lescht Joer. Spekulationsgeiere kreesen iwwert dem Liewensmittelmarkt an hëllef, d'Präisser an d'Luucht ze joen. An deene leschten dräi Joer sinn d'Liewensmittel weltwäit 83% méi deier ginn, eleng de Weess 181%! Déi Präiserhéijungen treffen déi arem Länner méi wéi déi räich, an hei am Land déi mannerbemëttelt Familje méi wéi déi bessergestaltten. D'Politik - déi national an déi international - muss dorop reagieren.

D'Ernährungskris weist, dass mir net Liewensmëttele genuch produzéieren, an duerfir ass et och grondfalsch, de Baueren an der Landwirtschaft, deene mir virun e puer Joer nach Iwwerproduktioun virgeworf hunn, elo wëllen d'Ernährungskris an d'Schong ze schëdden.

Am Géigendeel: Et gëtt elo ëmmer méi kloer, dass mer eng produktiv, eng multifunktionell, eng effikass an eng leeschtungsfaeg Landwirtschaft brauchen. A mir brauche se méi wéi jee. Déi, déi d'Wichtigkeet vun der Landwirtschaft op hiren Undeel um PIB reduzéieren an duerfir och der gemeinsamer Agrarpolitik an Europa de Krunn wëllen zoudréinen, well se ze deier géif ginn, déi ire sech fundamental.

D'Landwirtschaft ass net d'Spillwies vun de Baueren, si ass d'Grundlag vun eiser Ernährung. Ech mengen, dat hate mer an deene leschte Joren e bëssen ze vill vergiess.

Ech respektéieren d'Baueren an hir Aarbecht jiddefalls vill méi wéi d'Aktivitéit vun de Finanzmaartjongleuren, déi d'Liewensmittelpräisser mat hire perverse Spekulationsgeschäfte hëllef an d'Luucht ze dreiven. D'Liewensmittelpräisser zum eegene Gewënnzweck no uewen ze puschen, dobäi Honger a Krich - well Honger féiert ëmmer zu Krich - als kleng Kollateralschied esou niewebäi mat a Kaf ze huelen, dat ass de Géigendeel vun enger ethesch fundéierter Maartwirtschaft. Esou ee Behuelen ass strikt kriminell. Vun Zäit zu Zäit wënscht ee sech d'Rebellionsfäegkeet an d'Onrou vum Mee '68 erëm, déi eis esou vill

Hoffnung an och esou vill Perspektiv ginn hunn.

Onëmstridden ass, dass mer eis Begeescherung fir de Biosprit e puer Kräck mussen zréckdréinen. De massiven Ausbau vun der Bioenergie riskéiert zu engem liewensgefäerlechen Ofbau vun de Liewensmittelproduktionsflächen ze féieren. Mir halen um EU-Zil fest, fir zu enger zéngprozenteger Biospritzäimëschung an de Kraaftstoffer ze kommen, awer nëmme dann, esou wéi mir et iwwerens ëmmer gesot hunn, wa Biosprit zu nohaltigen a weltwäit ekologesch vertriebbarer Konditiounen ze kréien ass. D'Ernährung muss Virfahrt virum Sprit hunn. Mir setze verstärkt op déi zweet Generation Biosprit.

An deem an an aneren Zesammenhäng och nach dat hei: Haut ass den internationalen Dag vun der Biodiversitéit. 70% vun de Planze si weltwäit vum Ausstierwe bedroht. De Kampf géint déi Biopiraterie do, dee muss an der Welt an och hei zu Lëtzebuerg - an net nëmme vum Ëmweltminister - gefouert ginn.

Zréck bei de Sprit. Wann ee weess, dass mer eis Kyoto-Ziler, an deene mer festhalen, ouni Biospritzäimëschung net erreche kënnen, da musse mer all aner Hiewele vun der Klimapolitik méi intensiv bedéngen:

Mir mussen Energie aspieren. Duerfir gëtt d'Energieberodung zu Lëtzebuerg an dem nächste Joer intensivéiert.

Den Haiserbau no passive Baukritären, d'energetesch Sanéierung vun den Haiser, d'Holzackschnitzelanlagen an d'thermesch Solarkollektoren gi besser gefördert, eleng an dësem Joer - am Joer 2008 - mat zéng Milliounen Euro.

De Gebrauch vu gréngem Strom musse mer ausbauen.

Et musse Biomasskritären ausgeschafft ginn, déi op d'Nahrungs- an d'Fuddermëttelnoutwendegkeet Rücksicht huelen.

Öffentlech Ausschreiwunge musse méi „kyoto-kompatibel“ gemaach ginn.

Et gëtt eng Campagne - am Oktober, mengen ech - fir e méi ekologesch Autofuere lancéiert, well duerch en ugepasste Fahrstil kann ee bis zu 10% CO₂-Emissionen aspieren.

Mir probéieren eis lues a lues vum sougenannte Bensinstourismus ewechzemaachen. Dat geet net vun haut op muer. Et kënnt zu kenger weiderer Kyoto-Cent-Erhéijung an zu kenger weiderer Accisenerhéijung op Diesel a Bensin, well dat léisst d'Prioritéit vun der Inflationbekämpfung am Moment net zou. Déi, déi nach virun net allze laanger Zäit iwwerens proposéiert hunn, d'Spritpräisser statt d'Autosteier ze héijen, missten domat eigentlech averstane sinn, well et héiert een nëischt méi vun hire Fuerderungen.

D'Moyenne vun der Autosteier läit bei 170 Euro. 35% vun de Chauffeure bezuele manner wéi 100 Euro. De Subsid fir energie-spuersam Autoen - 750 Euro - kennt ee grouse Succès, wéi d'Verkafszuele vum

Autofestival weisen. Dese Subsid géllt nëmme fir Privatwee. E gétt vum nächste Joer un och op d'Firmeweene ausgeweit, déi ëmmerhin ee Fënneftel vun eisem Fuhrpark heiheem ausmaachen.

Logescherweis, wann dee Subsid ausgeweit gétt op d'Firmeweene, kënnen d'Betriber d'Autosteier op hire Firmeweene net méi vun der Betriebssteuer ofsetzen. Op den 1. Januar 2009 trëtt och wéi versprach een Abatement op der Autosteier vu kannerräiche Familljen a Kraaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn lech vu China geschwat, vu Myanmar, vun der neier Hongersnout, déi d'Welt onglécklech mécht. D'Welt ass en Duerf a mir leiden ënnert den direkten an indirekte Konsequenze vun deem, wat sech an eisen Nopeschdierfer an Asien an an Afrika ofspilt.

Mir profitéieren och dacks vun de Spätzleeschtungen, déi an eisen Nopeschdierfer erbruecht ginn. Ouni déi konstant Impulser, déi d'Wirtschaftsraum aus de Schwelleländer dem Weltwirtschaftswuesstum ginn, ouni de Bäitrag vu China, vun Indien a vun aneren opstiegender Länner wier eise Wirtschaftswuesstum an Europa an zu Lëtzebuerg däitlech méi schappeg.

D'Globaliséierung ëmspannt d'Welt, am Guddé wéi am Schlechten. Doriwwer ze lamentéieren, bréngt kengem vill. 59% vun de Lëtzebuerger - esou liesen ech - wieren der Meenung, d'Globaliséierung géif Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg zerstiieren. Dobäi gehéiert Lëtzebuerg zu de grouse Globaliséierungsgewänner, an dat schon zanter laanger Zäit: D'CLT, d'SES a vill anerer ware global, ier dat Wuert iwwerhaapt bestanen huet.

Et kënn vir - och bei eis -, dass Betriber ech an d'Ausland délocaliséieren. Mä ënnert dem Stréch ass et awer esou, dass hei zu Lëtzebuerg trotz an heiansdo grad wéinst der Globaliséierung zanter dem 1. Januar 2000 iwwer 70.000 nei Aarbechtsplazen entstanen sinn. A kengem aneren EU-Land ass et esou eng Aarbechtsmaartexpansioun ginn, wéi hei zu Lëtzebuerg.

Zanter dass d'Globaliséierung sech officialiséiert huet, huet eis Wirtschaft u Kraaft an u Stärker gewonnen. Dat ass och op d'Efforté vum Wirtschafts- an Aussenhandelsminister a vum Tresorminister zréckzuführen, déi der lëtzebuergerischer Wirtschaftspromotioun am Ausland een neien Opdrift ginn hunn.

Ech si kee Globaliséierungsfanatiker. Ech verdrien eenzel doktrinär Sätz och net méi, déi regelméisseg iwwert de Globaliséierungsradio ginn. „Ëmmer méi Maart“ ruffen d'Maartfundamentalisten, „ëmmer manner Politik“ jäizen déiselwecht. „D'Politik soll sech aus der Wirtschaft eraushalen“, esou ruffe se. „D'Politik soll eis gewäerde loosse“, esou gétt verlaangt.

Meng Meenung ass dat net. De Maart ass eng Noutwendegkeet. En ass keng Äntwert. De Maart eleng produziert keng Solidaritéit. D'Solidaritéit ass dat gewollt Resultat vum Matenee vu Maart a Politik. An déi, déi dem Stat an der Politik de Monopol op exklusiv Normesetzung streideg maachen, déi sinn an de leschte Méint mat hirer richtsächerer Nues klak an d'Mauer gelaf.

Grad déi, déi an deene leschte Joren net midd gi sinn, der Politik ze soen, si soll sech an den Eck stellen a roueg sinn, waren déi Éischt, déi nom Stat geruff hunn, wéi se mat hirem Spekulationslatäin um Enn waren. Duerfir war et richtig, dass déi grouse Zentralbanken, och déi Europäesch, den ausgedréchte Mäert zousätzlech Liquiditéiten zougefouert hunn an esou de Mäert eng Solidaritéitsspréz ginn hunn.

Duerfir war et richtig, dass d'G-7-Staten, an deene jo och d'Eurozon vertrauden ass, bei hirer leschter Sitzung am Abrëll zu Washington op d'Besäitigung vun deene Schwaachstellen insistéiert hunn, déi sech an dat internationaalt Finanzmaartgeschéien ageschlaht haten: Si verlaange méi Transparenz, méi Informatiounslicht iwwer opake Finanzprodukter, méi Offeleueung vun alle Risiken an eng besser Bewäertung vun deeneselwechten.

Duerfir, mä och aus Grënn vun der interner Effizienzsteigerung, wäerte mer d'Zesummenaarbecht tëschent der CSSF an der Lëtzebuerger Zentralbank verstärken a ver-

besseren. D'Gestioun vun de Liquiditéit vun de Kreditétablissementer brauch eng méi pousséiert Reglementatioun.

Duerfir, awer och aus Gerechtegkeetsgrënn, hunn ech an deene leschte Wochen déi iwwerhéichte Managergehälter europäa weltwäit kritiséiert: Et schuet een der sozialer Maartwirtschaft an hirer Akzeptanz, wann ee vun den Arbeitnehmer gréisste Lounzréckhalung verlaangt a gläichzäitig d'Remuneratiounen an de Chefetagé wëll galoppéiere léisst, a wann een dann och nach strategesch Fehldécisionen mat exorbitant héijen Ofgangentschiedegunge beloungt, déi och nach vun der Steuer kënnen ofgesat ginn; dat heescht, déi vun deenen anere Leit müsse bezuelt ginn.

Et ass falsch, Dir Dammen an Dir Hären, fir ze behaupten, mir hätten eis der Globaliséierung regelrecht ausgeliwert. Et ass falsch, fir ze behaupten, Europa géif der Globaliséierung neutral an ouni Reaktioun géintiwwerstoen. Europa huet sech en vue vun der Globaliséierung organiséiert.

Den Euro, deen der esou vill verhënnere wollten an deen der esou vill fir eng Utopie gehal hunn, ass dee wichtigste Dispositif an dem europäesche Globaliséierungsarsenal. Den Euro, des gréisst politesch Leeschtung vun den Europäer am leschte Vierterel vum leschte Jorhonnert, kritt den nächsten 1. Januar zéng Joer. Hien huet de Währungsturbulenzen, déi den Europäer an deene leschten 20 Joer esou dacks op de Kapp gefall waren, en Enn gemaach. Hien huet den Aus bedei fir kompetitiv Ofwäertungen, mat deenen europäesch Länner sech an der Vergaangenheet ongestrooft op d'Käschte vun hiren Nopere beräichert hunn. An en huet dem europäesche Wirtschaftsraum eng Stabilitéit bruecht, déi dese virdrun ni kann huet.

Dës Stabilitéit ass fir eng kleng, eng butzeg exportorientéiert Wirtschaft wéi eis vun essenzieller Bedeitung: Mir bedriewen eisen Aussenhandel mat eise wichtigste Wirtschaftspartner an därselwechter Währung. Dat huet deene Bedéngungen, zu deene lëtzebuerger Betriber schaffen an exportéieren, commercéieren an importéieren, eng enorm Prévisibilitéit ginn.

Zanter der Euroaféierung hu mir an Europa 17 Milliounen Aarbechtsplazen nei geschaf, ass d'Aarbechtslosegkeet op deen niddregste Stand zanter 25 Joer gefall, ass de Beschäftigungstaux an d'Luucht gaang an d'Defiziter erof. D'Realzéise sinn op engem historesch niddregem Stand. D'Inflatioun huet sech am Schnëtt gutt gehalten: Si ass an den 80er Joren ëm 8%, an den 90er Joren ëm 4% an an deemem Jorzéngt an der Moyenne ëm 2% gedréit.

Fir ee Land, dat d'automatesch Indexéierung vun de Léin kennt, huet dat eng Kompetitivitéitsstabiliséierung bruecht, déi mer ouni den Euro net kritt hätten. Mir Lëtzebuerger hungen 80 Joer laang am monetäre Schlepptau vun der Belsch. Haut si mer déi gläichberechtigt Copropriétaire vun der stärkster Währung vun der Welt. Europa bréngt deemem Land vill. Mir sinn net manner, mir si méi souverän ginn duerch Europa an duerch den Euro.

Duerch den Euro ass d'europäesch Wirtschaft, och eis, wesentlech méi resistent ginn. D'Amerikaner, déi kucken an d'Rezessionsunslach an d'europäesch Wirtschaft wusst virun. Si wusst manner séier wéi virun engem oder virun zwee Joer, mä si wusst staark a si wusst méi wéi déi amerikanesch.

Fréier, wann et ëm d'Wirtschaft gaangen ass, ëm d'Währung gaangen ass, dann hunn d'Amerikaner op eis erofgekuckt a mir op si erop. Haut kënnen mer hinne riicht an d'Ae kucken. Dat mécht och d'europäesch Aussepolitik méi staark. Den Euro ass zu engem wichtige Stéck Aussendiplomatie vun der Europäescher Union ginn.

Här President, ech hu gesot, d'Welt géif ëmmer méi global ginn. Doraus resultéiert, mir däreifen elo net ufänken, radikal lokal ze ginn. Mir müssen d'Erausforderungen, déi sech stellen, unhuelen. Mir hunn och Mëttele, mir hunn Talenter, fir dat kënnen ze maachen, a méins dass mer wëllt Globaliséierungsverléierer ginn, an déi gi mer, wa mer mat eis selwer iwwerméisseg zefridde sinn.

Mir müssen a wirtschaftlecher, mä awer och a sozialer Topform bleiwen. Fit fir d'Globaliséierung gétt een net doduerch, dass een all Globaliséierungsextravaganze matmécht, se regelrecht noëfft. Mir brauchen eis der maarttradikaler Deregulierungslogik um Aarbechtsrecht net Hals iwwer Kapp an d'Äerm ze geheien. Mir hunn en zolitte Kënnegungsschutz a mir wäerten deen och behalen. Lëtzebuerg ass dat Land an Europa, dat deen héchste Prozentsatz vun onbefristeten Aarbechtsverträgen huet: 94%, fir méi prezis ze sinn. Alleguer déi aner hunn der

wesentlech manner. Lëtzebuerg huet ee Gesetz iwwer Leiharbeit, dat gutt funktionéiert, mä wat een trotzdeem op eenzel Abusen hin iwwerpräiwe muss. D'Leiharbeit ass fir eis an alleréischer Linn een Aglidderungsinstrument op den Aarbechtsmaart, net nëmme een Ajustéierungsmechanismus vun deemeselwechten. An eenzelne Branché müsse selbstverständlech Zäitverträge kënnen gemaach ginn, mä si däreifen net zum Regelaarbechtsvertrag ginn a si wäerten dat och hei zu Lëtzebuerg net ginn.

Net Extravaganzen nomaachen, mä Performancen opmaachen, dat ass de Motto vun enger offensiver Globaliséierungsstrategie. Esou eng offensiv Globaliséierungsstrategie setzt sech aus e puer Deeler zesummen. All eenzelnen Deel fir sech gekuckt mag engem kleng a butzeg virkommen, mä zesumme gekuckt erginn déi Deeler ee Ganz, wat et a sech huet.

Wie vu Globaliséierung an domat vu Kompetitivitéit schwätzt, wien Topform seet an eng optimal Fitness wëllt, dee muss sech mam steierlechen Émfeld vun eise Betriber beschäftegen.

D'Wirtschaft ass kee Selbstzweck, mä si ass zweckorientéiert. Si muss hëllef, déi kollektiv Besoinen ze kofinanzéieren. Duerfir si mir géint deen internationale fiskalen Dumping bei der Betriebsbesteuerung, deen am Endeffekt zu soss näischt féiert, wéi dass d'Wirtschaft sech lues a lues aus der Steuerlicht erausschlächet an dass déi ganz Steuerlaascht op de Facteur Aarbecht ze leie kënn. Dat wier net gutt, esou ee Wiesel, fir den Equiliber an eiser Gesellschaft.

Mä wat muss, dat muss: D'Steierlandschaft muss fir eis Betriber, déi hei sinn, a fir déi Betriber, vun deene mer gären hätten, dass se géifen heihinner kommen, kompetitiv, wettbewerbsfähig bleiwen. Mat 29,6% ass d'steierlech Punktoun op de Lëtzebuerger Betriber méi wéi 11% méi niddreg wéi um Enn vun den 80er Joren. D'Betriebsbesteuerung huet also hei zu Lëtzebuerg eng Schlankheitskur matgemaach.

Mä eis Noperen an déi aner OECD-Länner, eis Konkurrenten, déi ginn och ëmmer méi schlank. Ergo muss mer nach eng Kéier e bëssen ofspecken. Duerfir gétt den Droit d'apport, dee mer d'Joer halbéiert hunn, d'nächst Joer ganz ofgeschafft. Duerfir senke mer d'Besteuerung op de Betriber an e puer Etappen op 25,5%, net ouni d'Besteuerungsbasis - do wou et geet an do wou et si muss - ze verbreden. Déi Moossnamen erlaben eis et, op der internationaler Kompetitivitéitsskala genau dee Sprong no vir ze maachen, dee mer brauchen.

Ech hunn lech d'lescht Joer hei ouni vill Succès virgerecht, jo regelrecht bewisen, dass d'Steieren op de Privatpersoune vun 1990 bis haut 3,4-mol méi gefall sinn, wéi d'Inflatioun geklommen ass. Et huet zwar keen iwwerzeegt, mä et konnt och kee mer et falsch maachen. Mir hunn, ech bleiwen derbäi, op 20 Joer zréck betruuecht, eng Steueruppassungsavance op d'Inflatioun. D'Steierprogressioun zu Lëtzebuerg ass keng kal, wéi am Ausland. Heiheem ass se wootlech bis waarm. Mä esou wéi mer dat scho fir d'Joer 2008 gemaach hunn, menge mer, et wier och gutt am Joer 2009 d'Leeschtungsbereschaft vun deenen, déi schaffen, duerch eng weider Inflatiounsuppassung vum Steiertarif unzekerken.

D'Inflatiounsberengung wäert och am Joer 2009 6% bedroen. Dat heescht, wann déi Steueruppassung bis gemaach ass, bezilt jiddferen nëmme esou vill Steieren, wéi wann e 6% manner verdénge géif. Dat mécht een Nettogewinn fir jiddferen, dee Steiere bezilt. Et ginn och eenzel Steuerabatemente gehéicht, jiddefalls emol deen, deen d'Ofsetzbarkeit vun den Assurancékäschte betrëfft.

Iwwert d'Áféierung vun der Individualbesteuerung ass an de leschte Jore vill diskutéiert ginn. Déi Diskussiounen mussen mer viruféieren. Ech iwwerreechen lech zu deem Thema - ech hunn et iwwerregens scho gemaach, Här President - eng fundéiert Etüd vun der Steierverwaltung, esou dass mer iwwert d'Machbarkeit vun der Individualbesteuerung an der Finanzkommission kënnen mateneen diskutéieren. An ech hannerleeën lech och eng Etüd vun därselwechter Verwaltung iwwert déi sougenannte Flat-Tax, déi mer parallel an därselwechter Kommission kënnen studéieren.

Net nëmme Steiere spillen eng Roll bei der Kompetitivitéitsbemiessung. Och den Niveau vun der Inflatioun huet Afloss op d'Wettbewerbsfähigkeit vun engem Land. Besonnesch vun engem Land, dat seng Léin a Gehälter via Indexéierung un d'Liewenskäschtenentwicklung upasse muss. Ech soen: „muss“. An domat hunn ech gesot, dass et selbstverständlech esou ass, dass, wann d'Tripartitemoosname bis ausgelaf sinn, et am Prinzip vum 1. Januar 2010

un erëm zur integraler Indexuppassung kënn.

Et wäert d'Aufgab vun der nächster Regierung sinn, déi aus de Wahle vum Juni 2009 ervirgeet, fir dat ze confirméieren. Oder awer, falls d'wirtschaftlech Situatioun sech géif zolidd verschlechteren, mat de Sozialpartner iwwer aner Léisungen nozedenken. Ofmaachunge sinn Ofmaachungen, an duerfir bleiwen d'Ofmaachunge vun der Tripartite fir hir ganz Lafdauer och ganz a Kraaft. Gesetzer si Gesetzer, an duerfir spréngt den Index den 1. Januar 2010 am Prinzip erëm voll un.

Wann d'Inflatioun héich ass, da kann den Index zum Problem ginn. Wann een d'Inflatioun an de Gréff kritt, dann ass d'Indexéierung kee Problem. Duerfir mussen mer der Inflatioun Meeschter ginn. D'Anti-Inflatiounsmoosnamen, déi an der Tripartite geplangt gi sinn, sinn op de Wee bruecht ginn. D'Regierung huet zousätzlech dozou virun e puer Wochen decidéiert, all staatlech verfügte Präisser fir de Rescht vun deemem Joer a fir dat nächst ganz Joer anzefréieren. Iwwerall do, wou d'Regierung mat un deem Dësch sëtzt, wou iwwer Präiserhéijungen debattéiert gétt, iwwerall do, wou se Statsinteressen am Actionariat ze verrieden huet, bréngt se déiselwecht Meenung zum Ausdrock.

Mir invitéieren d'Gemengen, bei der Festleueung vun hiren Taxen no Méiglechkeet datselwecht ze maachen. Wann dat geschitt, wann administréiert Präiserhéijungen ënnerbleiwen a wann d'Kommunaltaxen net klammen, da kënnen mer der Inflatioun den Aarm bëien. Mir müssen hir souwisou den Aarm falen, well si klëmmt duerch déi héich Pétrolspräisser an déi méi héich Lievensmittelpreisser, ouni dass mer dofir kënnen. Mir hunn, ganz éierlech, keen anere Choix, wéi déi administrativ Präisser anzefréieren.

Well d'Inflatiounsverhältnissen esou sinn, wéi se sinn, brauche mer och eng weider Period vu Lounmoderatioun. Och dat ass een Deel vun den Tripartitebeschlëss. Lounmoderatioun heescht net Lounstopp, heescht net eng onendlech laang Rei vu Lounnullronnen. Lounmoderatioun heescht, dass d'Léin net méi séier solle klammen, wéi Produktivitéitsverbesserungen dat zouloossen. D'Gewerkschaften hunn den 1. Mee - an zu Recht - drop higewisen, dass et hinne gelungen ass, real Lounerhéijungen an de Kollektivverträge fir zejoert an d'Joer duerschzesetzen. Wann déi Lounerhéijungen am Aklang mat de Produktivitéitsfortschrétt stinn, a si stinn am Aklang mat deenen, da brénge se méi Kafkraaft an heize se d'Inflatioun net un. Esou soll et sinn an esou muss et och nach eng Zäit laang bleiwen. Och hei hu mer keen anere Choix.

Alles dat, Här President, féiert awer nëmme dann zum vollen Erfolleg, wa mer et fäerdege bréngen, eis Infrastrukturen a Schoss ze bréngen. An der zweeter Joreshalschent gétt duerfir de sektorielle Plan directeur iwwert déi wirtschaftlech Aktivitéitszone fäerdege gestallt. Hie wäert et erlaben, iwwer 400 Hektar nei Aktivitéitszonen, haaptsächlech fir Kleng- a Mëttelebetriber, mat Bléck op d'Joer 2020 zur Verfügung ze stellen.

Nieft der Rekonversioun vun de Frichen op Arbed/Belval wäerten dräi national Aktivitéitszonen op deenen ale Friché vun Diddeleng/Beetebuerg, dem Crassier zu Éilereng an dem Pafewee zu Déifferdeng/Suessem entwéckelt ginn.

Ech sinn esou un de Pafewee gewinnt, Här Meisch, dass ech mer guer net virstelle kann, dass et deen elo zu Déifferdeng gétt.

(Hilarité)

D'Surface vun deenen dräi Aktivitéitszonen wäert 150 Hektar bedroen.

Mir fuere virun, hei zu Lëtzebuerg e Logistikcenter opzebauen. D'Aarbechte fir de Logistikcenter op de fréiere WSA-Terrainen zu Beetebuerg/Diddeleng fänken am zweete Semester 2009 un. Eis Breedbandinfrastrukture gi weiterentwéckelt, de Bau vun Datenzentre virgedriwwen. Mir probéieren weider, Betriber am Beräich vum E-Commerce zu Lëtzebuerg unzesidelen.

Mir sinn amgaangen, een Aktiounsplang a Saachen Ecotechnologien auszeschaffen. D'Législatioun iwwer ecoenergetesch Investissementshëllef ass geplangt. D'Reorganisatioun vun den Elektrizitéits- a Gassecteur geet virun.

LuxTrust SA stellt sech ëmmer méi eraus als eng performant international Plattform fir elektronesch Zertifikatioun. D'Betriber kënnen hir TVA-Erklärungen elektronesch maachen. De Projet „Paperless Douane“ erlaabt et, d'Erklärungeren en ligne ze maachen. D'Securiséierung vun der Informatik a vun de Réseauë mécht gutt Fortschrétt.

Zu de liewensnoutwendegen Infrastrukture gehéieren awer och Elementer, un déi een am éischten Abléck net esou denkt. Wa mir wëllen Ankerplaz fir international Betriber sinn, da mussen mer eis international Schoulen zu Lëtzebuerg ausbauen. Wa mir wëllen eng wichteg Plaz op der Weltwirtschaftskarte bleiwen, da mussen mer eis Flugverbindungen an d'Ausland optimal gestalten. D'Extensiou vum Cargo-center an déi nei Aérogare um Findel si genau esou ze gesinn.

Här President, wien an der globalisierter Welt vun der Plaz wëllt kommen, dee muss méi séier sinn, dee muss mobil sinn. D'Mobilitéit an hir Organisatioun sinn zu Lëtzebuerg awer net optimal. Zanter dass mir den IVL-Konzept am Joer 2004 virgestallt hunn, hunn d'Zuelen iwwert déi zukünfteg Verkéiersstréim zu Lëtzebuerg sech drastesch verännert.

D'Erausforderungen, esou wéi se am IVL duergestallt sinn, déi bleiwen - si bleiwen, mä si si méi grouss ginn. D'Awunnerzuel vun eisem Land klëmmt bestänneg. Wien hat scho méi vum 700.000-Awunner-Stat geschwat? - D'Awunnerzuel klëmmt, an d'Zuel vun de Frontalieren och.

Onofhängeg vun der Zuel vun den Transportbewegungen muss et eis Ambitioun bleiwen, ee Véierel vun hinne via öffentliche Transport ze organiséieren. Wa mer een „modal split“ vu 75% Individualverkéier a 25% öffentliche Transport errechen, da klëmmt bis an d'Joer 2020 Stroossebe- laaschtung nach ëmmer ëm 30%.

Wa mir dee Split net errechen - an haut hu mer eréischt 13% erreicht -, da klëmmt de Stroosseverkéier téschent 40 a 60%. Dann ass en absolut net méi ze bewältegen. Da steet Lëtzebuerg, anstatt virunzuekommen. Also mussen mir eis drugi mam IVL a mat der Mobilitéitsorganisatioun.

Der Schinn kënnt dobäi déi alleréischte Be- deutung zou. Mir brauchen eng zousätzlech Zuchstreck vun der Stad op Beetebuerg. An zwar net nëmmen, well den Transportminister zu Beetebuerg wunnt. Mir brauchen déi Zuchstreck vun der Stad op Beetebuerg, well si wichteg ass fir d'Leit heiheem a wichteg ass fir d'franséisch Frontalieren, där ëmmerhi schonn haut 65.000 all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Mir brauchen en Ausbau vun den Zuchstrecken op Rodange an op Klengbetten. Déi ass wichteg fir d'Leit heiheem a fir d'belsch Frontalieren. A si ass wichteg, fir Lëtzebuerg besser u Bréissel unzebannen. Mir mussen et fäerdeg bréngen - déi Gesprécher lafe jo mat Däitschland, Frankräich an der Belsch -, eng gemeinsam, effizient öffentlech Verkéiersorganisatioun op d'Been ze stellen.

D'Grenzgänger huelen den Zuch oder de Bus net eréischt op der Grenz, mä esou no wéi méiglech bei där Plaz, wou si wunnen. An duerfir mussen eis Noperen - déi dräi, déi ech genannt hunn - eise Wonsch an de Wonsch vun hire Leit no méi séiere Mobilitéitsverbindungen mat Lëtzebuerg eescht huelen.

Trotz dem Ausbau vum Schinnennetz brauche mir wahrscheinlech d'Verbreedere- rung vun zwou op dräi Piste vun der Auto- bunn téschent Beetebuerg a Mamer. Déi brauche mir haut schonn, well den Transit- verkéier téschent Frankräich an der Belsch an den Aarbechtsverkéier hei am Land regel- méisseg grouss Problemer mat sech bréngen.

Mir mussen déi grouss Entwécklungszentre vun Land effikass matenee verknäppen. Mir brauchen direkt Verbindungen téschent dem Süden, der Hauptstadt an der Nord- stad. Dat géllt an éischer Linn fir d'Schinnenubannung vu Belval. Belval an Esch mussen séier an dacks mat dem Zuch verbonne ginn. Fir d'éischter iwwer Beete- buerg, duerno an enger zweeter Phas och direkt.

D'Entwécklungszentre méi no beienee bréngen, dat heescht awer och, dass d'Nordstrooss esou séier wéi méiglech fäer- deg muss ginn. Dat heescht, dass Belval duerch d'Liaison Micheville un d'Escher Au- tobunn ugebonne gétt, an dat heescht, dass och um Contournement vun der Nord- stad muss weidergeplangt ginn.

D'Mobilitéit um Territoire vun der Stad Lëtze- buerg stellt eis viru grouss Erausforderun- gen, Här Buergermeeschter.

Vill nei Aarbechtsplazen entstinn um Kierch- berg, um Findel, op der Cloche d'or an am Raum Stroossen/Bartreng. Déi intern Stroossennetze an deenen Entwécklungsz-entre mussen séier fäerdeg gestallt ginn. Zéngtausende Leit mussen op eng effizient Manéier an déi opstrieuend Randgebieder vun eiser Stad bruecht ginn. Déi wëllen net fir d'éischter op d'Gare fueren. Mä hätte gären

en direkte Wee op hir Aarbechtsplaz. Duer- fir mussen nei Garé gebaut ginn: um Hou- wald, um Kierchberg an zu Zéisseng. Déi Garé mussen kënnen direkt ugefuer gi vun de Leit, egal, wou se hierkommen. Also och vun de Leit vun Diddenewen, vun Arel, vu Saarbrécken a vun Tréier. A si mussen mat- reenen an ënnerenee verbonne ginn, duerfir mussen mir och een Zuch téschent der Gare, dem Findel an dem Kierchberg un d'Rulle kréien.

Dee Mobilitéitspuzzle, dee wier net komplett oui den Tram duerch d'Stad. Deen Tram, deen ass keen Zweck u sech. E soll d'Schinnen an d'Garen, déi mir hunn an déi mir nach kréien, verkéiersintelligent ergän- zen. D'Gares périphériques oui den Tram maache kee Sënn. An den Tram oui d'Gares périphériques och net.

D'Mobilitéitskonzept „mobil 2020“ besteet graff gekuckt aus dräi Deeler: D'Verbindun- gen téschent eisen Haaptentwécklungsz-entre mussen sech un engem Réckgrat kë- nnen ophänken, an dat Réckgrat kann näischt anescht si wéi den Zuch. Dat Réck- grat mécht nëmmen Sënn, wa mir mat de Gares périphériques déi noutwendeg Distri- butiounskanal kréien. Den Tram an de Bus maachen dëst Mobilitéitskonzept dann zu engem Ganzen.

Ech brauch lech net ze soen, dass dat kascht - Milliarde kascht. Et muss ee vläicht Einzelne soen, dass een dorunner soll den- ken, wou ee pausenlos supplementar Steiererliichterunge reklaméiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, offensiven Émgang mat der Globaliséie- rung, kompetitiv Steierlandschaft, séier Stroossen, schéi Brécken, optimal Eise- bunnverbindungen, dat alles ass net vill wäert, wa mir eis Gesellschaft net beienee behalen.

De gesellschaftlechen Zesammenhalt, déi sozial Kohesioun si vun essenzieller Zu- kunftsbedeutung. Wa mer se verléieren, da verléiere mer eis mat. Wa mer se behalen, an do, wou se bréche ginn ass, flécken an op nei Bunne schéissen, da kënnen mer méi roueg outmen.

Kohesioun ass méi wéi nëmmen Koexistenz. Et geet net drëm, einfach a reiwungslos niefteneen ze liewen, jiddferen a sengem Eck, jiddferen esou, dass en deen aneren net stéiert. Et geet drëm, gutt zesummenz- liewen. Et geet drëm, openeen zouzogen, an zwar esou laang, bis ee mateneen deen zentrale Punkt erreicht huet, wou d'Diffe- renzen esou kleng sinn, dass een et zesum- men an der Métt gutt aushält.

Eréischt wann d'Gesellschaft dee Punkt fonnt huet, wou hir Differenze matenee kom- patibel ginn, wou si sech ausgläicht, eréischt da kënnt d'Gesellschaft an d'Géi- gend vun der kollektiver Maturitéit. Esou verstan heescht Gesellschaftspolitik net Poli- tik mat der Gesellschaft maachen; Gesell- schaftspolitik heescht, Politik fir d'Gesell- schaft ze maachen. A genau esou eng Poli- tik wëlle mir och maachen.

Ee schéint Beispill fir eng Politik, déi zesum- mefëiert, ee schéint Beispill fir eng Punkt- landung, déi d'Differenzen ausgläicht, dat ass d'Gesetz iwwert den Eenheitsstatut.

Dës Reform ass eng sozial an eng gerecht Gesellschaftsreform, well se no esou villen Uleef, déi schifgaange sinn, Aarbechter a Beamten endlech am Aarbechts- an am So- zialrecht gläichstellt. Dës Reform ass eng, déi un d'Strukture geet, well se et erméig- lecht, d'Krankekeesen, d'Berufschambe- ren, d'Pensiounskeesen an d'Sozialge- richtsbarkeeten zesummenzeleeën. Si bréngt méi modern Strukturen, méi Effika- sitéit, eng besser Gestionscapacitéit, ee méi qualitativ héichrangegen Déngscht um Assuré, a si bréngt och de Betriber - dat gétt oft vergiess - administrativ Vereinfach- ungen.

D'Realiséiere vum Eenheitsstatut ënner- sträicht de Reformwëllen an d'Reformfäeg- keet vun dëser Regierung a vun dëser Koalitioun. Déi Reform ass méiglech ginn, well déi zwou Koalitionsparteien de feste Wë- llen haten, dass se géif méiglech ginn. Si ass méiglech ginn duerch den onermiddle- chen Asaz vun engem Minister vun der CSV - dem Aarbechtsminister - an engem vun der LSAP - dem Sozialminister -; plus kleng Niewenhandreecher.

Si ass méiglech ginn, well d'Konsensbereet- schaft, déi systemimmanent vun Lëtze- buerger Modell gehéiert, voll gespillt huet. Ech soen et nach eng Keier, well dat meng lwwerzeegung ass: Nëmme dës Koalition bréngt et fäerdeg, eng Reform vun där Di- mensiou unzestoussen.

A mir fuere virun esou, well déi nächst wich- tig Sozialreform, déi stécht schonn an der Pipeline. De Regierungrot huet viru 14 Deeg prinzipiell gréngt Licht gi fir d'Reform

vun der Unfallverséicherung. Kleng Unfall- schied ginn an Zukunft a Kapital ausbe- zuelt. D'Unfallrente selwer solle sech op de Lounausfall konzentréieren. Aner Schied wéi Schmärerzen, esthetesch Folgen a mo- ralesch Schied gi kapitaliséiert. D'Reform gesäit e Bonus/Malus-System vir, dee Betri- ber mat enger effikasser Sécherheitsstruk- tur belount an déi pénaliséiert, déi duerch mangelhaft Sécherheitskultur opfalen.

Och a Saache Rentesplitting maache mer elo Neel mat Käpp. Zanter 30 Joer siche mer no der idealer Splittingléisung. An eng ideal Léisung wier oui all Zweifel déi, déi iwwert d'Instrumenter an iwwert d'Mecha- nisme vun der Sécurité sociale géif of- gewéckelt ginn.

Et hunn der vill sech un dëser idealer Léi- sung probéiert a keen huet se fonnt. Émmer erëm scheitert d'Léisungsusätz an eiser spezifescher Situatioun, déi sech duerch ënnerschiddlech Pensiounsregimer an duerch ee ganz héije Prozentsaz vu Grenzgänger auszeechent.

Mä mir werfen d'Bengelen duerfir awer net bei d'Tromm: Mir sichen eng pragmatesch Léisung. Dës Léisung kann doranner be- stoen, dass am Fall vun enger Scheedung de Riichter virun all anerer Deelung fir d'éischt emol deem enge Partner seng Schold a puncto Pensiounsrechter vis-à-vis vun deem anere feststellt. Dës Schold muss als éischt beglach ginn, sief et duerch direkt Reconstitutioon vun de Rechter oder duerch hire progressiven Opbau. Do, wou näischt do ass, fir ze deelen, muss d'Nationalsoli- daritéit asprangen op eng Fassong an eng Manéier, déi mer nach mussen festleeën.

Méi allgemeng ass zu eise Renten- a Pensiounsystemer ze soen, dass se de Mo- ment gutt a Form sinn, well d'Reserve leien haut bei 3,3-mol d'Joresausgaben. Dat ass vill, mä dat stellt net sécher, dass se déi Ma- rathonstreck packen, déi virun hinne läit.

D'Suerg ëm déi laangfristeg Viabilitéit vun eise Renten- a Pensiounsystemer ass eng ganz reell. Mir mussen Pisten, Méttelen a Weeër fannen, fir se ofzesécheren. Dee klenge Rentendëschicht de Moment schonn ee Wee laanscht d'Rentemauer. Kuerzfristeg besteet déi wichtigst Aufgab doranner, ze suergen, dass manner Leit ze fréi aus dem Aarbechtsprozess ausschee- den. Geléngt dat, da réckelt d'Mauer méi no hannen.

Renten a Pensiounen, déi hunn eppes mat sozialer Kohesioun ze dinn, well nëmmen wann de Generatiounevertrag funktionéiert, behält d'Kohesioun hir richteg Faarf. Mä d'Kohesionsbereitschaft an d'Gefill fir Ko- hesionspflicht, déi kritt een net an d'Wéi ge- luecht. Et ass an der Schoul, wou déi éischte Kohesiounsübunge stattfannen. D'Schoul ass eng regelrecht Kohesiouns- an Integri- ationswierkstatt an duerfir muss se am Mët- telpunkt vun all zukunftsorientiertem Denke stoen.

Grad an der Schoulpolitik ass de Re- formwëlle vun dëser Regierung grouss. Ech weess, dass vun Zäit zu Zäit an de Milieuë vun der Schoul a ronderëm d'Schoul Re- formstress, jo Reformmidegkeet opkom- men. Dat ass gutt ze verstoen, well vun ei- sen Enseignanté gétt vill verlaangt. Si hunn eng schwéier Aarbecht a si hunn et net llicht: Heiansdo huet een den Androck, dass déi, déi nach ni Schoul gehal hunn, sech abilden, méi vum Schoulhalen ze verstoen, wéi déi, déi der all Dag halen. Eis Gesell- schaft erkennt den Enseignant hir Aar- becht net genouch un an eis Gesellschaft huet Onrecht dobäi.

De Schoulreformwëllen - hunn ech gesot - vun dëser Regierung ass grouss. De Schoulreformwëlle vun dëser Regierung ass och ongebrach. D'Educatiounsministesch huet eng Reform vun der Berufsausbildung virgeluecht, a mir hätte gären, dass dës Re- form endlech géif gestëmmt ginn. D'Educa- tiounsministesch huet och véier Reformpro- jeten zum préscolairen a primairen Unter- recht virgeluecht, a mir hätte gären, dass dës Reformgesetze iwwert de Grondunter- recht esou séier wéi méiglech gestëmmt ginn.

Ech wëll hei ganz daitlech am Numm vun der Regierung - an ech weess, dass déi zwou Majoritéitsfraktiounen dat och esou gesinn - soen: Déi ganz Koalition steet hannert de Pläng vun der Educatiounsmi- nistesche, an zwar wéi ee Mann. A mir hätte gären, dass all déi Pläng nach dëst Joer géife realiséiert ginn. Mir hu laang genouch diskutéiert an debattéiert. Mir waarden nach op déi Avisen, déi ausstinn, an da ginn d'Reforme gestëmmt.

Besonnenesch d'Reform vum Grondunterrecht ass wichteg. Mir wëssen, dass 27% vun de Kanner am 5. Schouljoer méi al si wéi deen Alter, dee se am 5. Schouljoer dierften hunn. Si hunn also redoubliéiert. Dat sinn der vill;

27%. Dat sinn der ze vill. Et sinn der och nach ze vill, wann een der Tatsaach Rech- nung dréit, dass 16% vun de Kanner net am Préscolaire waren, well se ze spéit an d'Land komm sinn an also och Ulafschwie- regkeeten haten.

Ëm dës an aner Kanner muss sech bekëm- mert ginn, muss sech intensiv bekëmmer- t ginn. Et gétt ee Plang opgestallt iwwert d'Détection an d'Prise en charge vun deene Kanner, déi spezifesch éducativ Be- soinen hunn, sief et Sproochschwiereregkee- ten, motorech Schwiereregkeeten oder ein- fach grouss Léierschwiereregkeeten. Déi Kanner, déi opgrond vun deene Schwierig- keetsmysteren opfalen oder déi notabel Dé- ficiencien hunn, déi mussen fréi identifiziéiert ginn, soss kann ee sech net intensiv genouch ëm se bekëmmere.

Mir hunn haut an eise Primärschoulen 4.700 Leçons d'appui d'Woch. Fir dësen Aktiouns- programm, vun deem ech geschwat hunn, kënnen duerchzeféieren, muss déi Stonnen- zuel praktesch doubléiert ginn. Maache mer dat, da geléngt et eis vläicht, souguer héchstwahrscheinlech, d'Zuel vun de Re- doublementer erfzesetzen. Dat ass gutt fir d'Kanner. Dat ass gutt fir d'Schoul. Dat ass gutt fir d'Kohesioun an hirem éischte Sta- dium.

Wann déi Jonk aus de Schoule kommen, da stousse se op den Aarbechtsmaart. Et ass um Aarbechtsmaart, wou deen éischte grouse Kohesiounstest stattfënt.

Dee Kohesiounstest gétt vu ville Jonken de Moment net gepackt an e geet fir vill Jonker de Moment schif. Am Mäerz 2007 waren 19,9% vun alle Leit, déi am Chômage age- schriwwe waren, manner wéi 25 Joer al. Am Mäerz 2008 ass dës Prozentsaz Gott sei Dank op 16,6% zrëckgaang. Dat sinn der nach ëmmer ze vill. Mä de Réckgank ass bemierkenswäert, well déi absolut Zuel vun de Leit am Chômage, déi ass och zrëck- gaang. Et sinn also relativ an absolut be- truecht manner Jonker am Chômage, wéi virun engem oder virun zwee Joer ëm déi- selwecht Zäit.

Och d'Zuel vun den indemniséierte Chô- meuren ass vu Mäerz 2007 op Mäerz 2008 ëm 6,2% zrëckgaangen, esou dass mer elo en Aarbechtslosentaux vu 4,2% hunn. Dat ass manner wéi an de Jore virun.

ëse relative Redressement vun eiser Aar- bechtsmaartsituatioun huet selbstverständ- lech mat dem Impakt vun der zolitter Kon- junktur ze dinn.

De Réckgank erkläert sech awer och duerch déi aktiv Beschäftigungspolitik, déi deen ëmstriddene Gesetzesprojet 5611 er- méiglecht huet. Déi passiv Moosname vum Arbeitsamt sinn zrëckgaang. Si hunn am Joer 2006 135 Milliounen Euro kascht; si hunn 2007 nëmmen méi 128 Milliounen kascht. D'Dependé fir déi aktiv Beschäfte- gungsmoosname si vun 114 Milliounen Euro am Joer 2006 op 129 Milliounen Euro am Joer 2008 geklommen. Zur Erënnerung: Am Joer 2004 waren dat nëmmen 80 Mil- liounen.

Fazit: D'Aarbechtsmaartpolitik ass wesent- lech méi aktiv ginn. D'Tripartitédëcisioone vun 2006 an déi Gesetze, déi d'Chamber doropshi gestëmmt huet, déi hunn eppes bruecht.

Mä vill Leit oui Aarbecht hu vun der gud- der Konjunktur a vun der Aktivéierung vun der Aarbechtsmaartpolitik manner profi- téiert. Den Undeel vun deenen iwwer 50- Jähregen am Chômage ass vun 2007 op 2008 ëm knapp 2 op 20,6% geklomm. D'Leit téschent 40 a 60 Joer maache 46,8% vun alle Chômeuren aus. Zwou Saache mussen also elo geschéien.

D'Adem, d'Arbeitsamt - wéi déi méi Al vun eis heibannen nach ëmmer soen -, déi muss reforméiert ginn. D'Adem gétt reforméiert, si kritt méi Autonomie, och beim Rekrutéieren a beim Forméieren vun de Placeuren. Si kritt och d'nächst Joer nach eng Keier supple- mentar Placeuren derbäi. Méi a besser for- méiert Placeuren hunn domat ze dinn, dass se mussen vill Leit placéieren, déi extrem schwierig ze vermëttele sinn an déi een in- dividualiséierte Suivi brauchen.

Ech gleewe jo, Här President, dass et Een- zelter géif arrangéieren, wann ech d'Stëmm géif verléieren, mä ech verhéieren dat elo doduerch, dass ech eppes drénken.

(Interruption)

Mat Ausnahm vum Här Bettel selbstverständlich.

►► **M. Xavier Bettel (DP)**.- Wëllt Der eng Kamell?

►► **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Gelif? Nee Merci. Ech si geréiert, Här Bettel.

1.500 vun deenen 9.500 ageschriwwenen Demandeurs d'emploi schwätzen, duerfir si se esou schwéier ze placéieren, weder Lëtzebuergesch nach Däitsch nach Franséisch nach Englesch. Si si schonn eleng aus dese sproochleche Grënn immens schwéier ze placéieren. Vun deenen ageschriwwene Chômeure befanne sech der 1.546 an dem sougenannte Reclassement externe. 80% vun deene sinn iwwer 40 Joer al, 60% vun hinnen hu just, esou just, eng Grondschoulausbildung a 60% vun hinne si Laangzäit-chômeuren. Och déi sinn extrem schwéier op den Aarbechtsmaart ze bréngen.

All des Chômeure riskéieren en fait an der struktureller Aarbechtslosegkeet ze versacken. Si brauchen ouni Zweifel eng méi op hir Persoun zougeschnidde Betreuung. Hinne feele ganz einfach déi Basisfäegkeeten, déi ee brauch, fir Trétt um Aarbechtsmaart ze faassen. Duerfir wiere mir och frou, wann de Gesetzesprojet 5144 iwwert d'Beschäftigungsinitiativen nach am Joer 2008 kënn gestëmmt ginn. De Statsrot invitëiere mir, parlamentaresch Amendementer zu deem Projet séier ze aviséieren.

Den Aarbechts- a Beschäftigungsminister lancéiert elo geschwënn de Projet INDURA, deen et den Interimsfirme soll erlaben, déi Leit, déi net einfach ze vermëttel sinn, definitiv an Aarbecht ze bréngen. Leiharbeit ass keng Parkplaz, mä soll eng Schleis op den Aarbechtsmaart sinn.

Fir déi eenzel transversal Tëschewierkungen tëschent Aarbechtsmaart, Wirtschaft, Immigration, Bildung a Sozialpolitik vernezt kënnen se diskutéieren, wäert d'Regierung, dat heescht déi zoustänneg Ministeren, vum 4. bis de 6. Juli déi éischt Journées nationales de l'emploi organiséieren. Alles an allem, d'Aarbechtsmaartpolitik gëtt nach méi aktiv, d'Aarbechtsmaartpolitik gëtt méi innovativ, a si huet den Opdrag - an un deen huet si sech all Dag ze erënneren -, fir keen hanken ze loossen.

Här President, d'sozial Kohesiuon ass net nëmmen eng Erausforderung, där een um breeden Aarbechtsmaart muss begéinen. D'Sich no sozialer Kohesiuon fänkt am eenzelne Betrib un.

D'sozial Kohesiuon kann een an der Qualitéit vum innerbetriebléche Sozialdialog moossen. De Sozialdialog an de Betriber gëtt vu Gesetzer aus de 70er Jore regléiert, vu Gesetzer aus dem sougenannten Industriezäitalter. Mä net méi un déi Gesetzesmëglichekten ass sech unzepassen, mä un déi, déi mer haut virfannen, an dat maachen d'Texter iwwert de Sozialdialog net méi. D'Regierung wëllt awer, dass de Sozialdialog erhale bleift, an duerfir menge mir, dass e muss méi intensiv ginn, an duerfir menge mir, dass e muss moderniséiert ginn. Mä mir wëllen net an d'Blant era légi-féréieren, an duerfir befaasse mir de Wirtschafts- a Sozialrot mat engem Avis zu enger Reform vun der innerbetrieblécher Sozialdialogstruktur.

Do, wou e besteet, de Sozialdialog, do, wou en eng laang Tradition huet, do soll e virgefouert ginn. Duerfir menge mir, dass an deenen nächste Méint d'Stoltripartite eng weider Kéier zesumme sollt trieden, fir de Point ze maachen a fir ze kucken, wéi et an der Stolindustrie weidergeet.

D'Integratioun vun eisen auslännesche Matarbechter, déi Auslänner, déi hei am Land schaffen, déi geet och iwwert d'Aarbechtsplaz. Duerfir déposéiert den Aarbechtsminister deen d'lescht Joer ugekënnegte Projet de loi iwwert d'Afëierung vun engem Sproochcongé. De Stat bedeelegt sech finanziell un de Käschten, déi esou ee Congé mat sech bréngt. Deeselwechte Minister mécht och eng Virlag, an den nächste Wochen, iwwer Liewensarbeitszäitkonten.

Déi meescht Lëtzeburger, dat weisen Ëm-froen, déi sinn op hirer Aarbechtsplaz eigentlech zefridden. Mä net alles, wat blénkt,

ass ëmmer och Gold. Obschonn et net vill Kloen op der Gewerbeinspektioun wéinst Mobbing op der Aarbechtsplaz gëtt, wesse mer awer, dass vill Leit op hirer Aarbechtsplaz enner Mobbing leiden. D'Sozialpartner sinn domat beschäftegt, den europäesche sozialpartnerschaftlechen Accord iwwert de moraleschen Harcèlement an d'Gewalt op der Aarbechtsplaz duerch een interprofessionellen Accord hei zu Lëtzebuerg an d'Nationalrecht ëmzesetzen, een Accord, deen och géif allgemeng verbindlech erkläert ginn. D'Regierung wier frou, wann deen Accord esou séier wéi méiglech géif zustan kommen. Kënn en net zustan, maache mir e Gesetz. Kënn en zustan, ergänze mir en, falls dat noutwendeg sollt sinn, duerch e Gesetz, fir dee repressive Vollet vum Kampf géint de Mobbing kënnen ze regelen.

D'Regierung suivéiert mat gréisster Op-mierksamkeit, an heiansdo mat enger echter Besuergnis, déi sozial Rechtspriechung vum Europäesche Geriichtshaff. Mir bleiwen derbäi: Déi sozial Iwwerleeunge mussen de Bannemaartiwwerleeungen iwwergeuerdet sinn. Dass Zweifel an der Hierarchie vun deene Wäerter - dat Sozialt fir d'éischt, dat Bannemaart - an dat Wirtschaftlecht fir zweet -, dass Zweifel an der Hierarchie vun deene Wäerter konnten opkommen, huet manner mat enger Rechtspriechung ze dinn, déi sech veriert hätt, wéi mat der Tatsaach, dass et net genuch kloer sozial Dispositionen an Europa gëtt, déi desen Hierarchieprinzip géifen abëtonéieren.

D'Lëtzeburger Regierung setzt sech zanter Jore fir eng besser Miwwelierung vun der sozialer Dimension vun der Europäescher Unioun an, a mir wäerten och mat deem Asaz virufieren.

Europa geet dee falsche Wee, wann et net de soziale Wee geet. De Bannemaart ass eréischt komplett, wa mir an der Europäescher Unioun iwwer ee Mindestsockel vun Arbeitnehmerrechter verfüegen. Ech ginn net midd, fir dat ze soen, an ech fieren och virun, dat ze verlaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'sozial Kohesiuon, déi verdréit keng ze grouss Akommesënnerscheeder an der Gesellschaft. D'sozial Kohesiuon verdréit keen héije Prozentsaz vu Leit, déi an Aarmut liewen oder déi mussen fäerten an Aarmut ze geroden.

Et gëtt schlëmm Aarmut, et gëtt richtig brutal Aarmut, an et gëtt statistesch Aarmut. Déi statistesch Aarmut, déi muss een am A behalen, déi richtig Aarmut, déi muss ee bekämpfen.

Et gëtt gesot, zu Lëtzebuerg géife 14% vun de Leit an Aarmut liewen oder géife riskéieren an d'Aarmut ofzerétschen. Dese Prozentsaz, deen opgrond vun enger europäescher Aarmuts- an Aarmutsrisikoermëttlungsmethod errechent gëtt, ass dat, wat ech d'statistesch Aarmut nennen. Si läit mat 14% ganz héich, well déi europäesch Berechnungsmethod zwéngend zur Konsequenz huet, dass an engem Land mat héijem Duerchschnëttsakommes d'Aarmut och relativ héich ass. Sou ass eng Koppel mat engem Kand, déi 2.761 Euro de Mount verdéngt, zu Lëtzebuerg als aarm agestuut. Mir wëssen awer, dass des Koppel zu Tréier, zu Thionville an zu Arel net als aarm géllt.

Ech wëll hei net iwwer Zuele streiden, mech iwwer europäesch Berechnungsmethoden zerklappen. Ech wëll just soen: Loosse mer keng Zäit mam Kampf géint d'statistesch Aarmut verléieren. Dee Kampf féiert zu näischt an e bréngt och näischt. Loosse mer eis einfach mat der Tatsaach beschäftegen, dass mir hei zu Lëtzebuerg méi aarm Leit hunn, wéi mir mengen, an dass méi Leit een Aarmutsrisikolafen, wéi mer eigentlech ëmmer ugeholl hunn.

Den Aarmutsrisiko ass fir Famillje mat Kanner méi grouss, wéi fir Familljen ouni Kanner, en ass méi ausgeprägt fir Elengerzéier wéi fir Koppel mat Kanner. Duerfir solle mer den Aarmutsrisiko évitéieren do, wou e sech stellt, d'Aarmut bekämpfen do, wou se ass, a virun allem eis mat der Kannerarmut auserneesetzen.

Genau dat wëllt d'Regierung och maachen. Duerfir erhéije mir och den 1. Januar 2009 de Mindestloun. E gëtt der allgemenger Lounentwécklung ugepasst. Mir hunn an der Tripartite am Dram net dru geduecht, déi regulär Mindestlounerhéijungen auszesetzen, well mir der Meenung sinn, dass een a Saache Mindestloun keen Zickzackkurs fieren d'äerf, mä dass een zu enger kontinuierlecher Politik muss bereet sinn.

De Mindestloun erhéije mir op den 1. Januar 2009 zousätzlech, also iwwert déi normal Mindestlounupassung eraus, doduerch, dass mir den Arbeitnehmerfreibetrag vun aktuell 600 Euro, deen hei am Land all Salarié zegutt huet, an e Steierkredit verwandelen.

De maximale Steiergewënn, deen e Salarié duerch den Arbeitnehmerfreibetrag ka realiséieren - an deen en nëmme ka realiséieren, wann en de Spëtzezeiersaz bezitt -, bedréit 233,70 Euro. Mir hätten awer gär, dass dee Gewënn fir all Arbeitnehmer op 300 Euro netto eropgeet. Duerfir ersetze mer den Arbeitnehmerfreibetrag duerch ee Steuerbonus vun 300 Euro netto, deen all Salarié onofhängeg vun der Héicht vu senger Pai kritt.

De Spëtzeverdänger kritt 300 Euro, mä de Mindestlounbezéier och. Fir d'Mindestlounbezéier bedeiht dat eng strukturell Erhéijung vum Mindestloun, déi se wéinst der Deierecht och dréngend brauchen. „Ëmverdeelung vun uewen no ënnen“, hu mer dat fréier emol genannt, wéi mer nach jonk waren.

Den 1. Januar 2009 kënn et och zu dem reguläre Renten- a Pensiounsajustement. Och d'Renten an d'Pensioun ginn der allgemenger Lounentwécklung ugepasst. An och de Rentnerfräibetrag gëtt an e Steuerbonus ëmgewandelt. Besonnesch déi Leit mat méi klenger Rente profitéieren duerch desen Nettoplus, deen iwwert den normalen Ajustement erausgeet.

Mir hunn zu Lëtzebuerg - well ech bei de Renten a Pensioun sinn - am Géigesaz zu eisen Nopeschlänner keng ausgeprägten Altersarmut. Mä mir hunn - ech hunn et gesot - eng Kannerarmut an e Kannerarmutsrisiko, déi d'itlech iwwert der allgemenger Aarmut an dem allgemenger Aarmutsrisiko leien. D'Afëierung vum Kannerbonus war déi éischt konkret Aktioun zur Bekämpfung vun der Kannerarmut a vum Kannerarmutsrisiko.

Esou huet de Kannerbonus zur Folleg, dass dat verfügbaart Akommes vun engem Elengerzéier, deen de Mindestloun verdéngt an zwee Kanner huet, sech ëm 7,24% no uewe beweegt huet. Esou huet d'Afëierung vum Kannerbonus och zur Folleg, dass eng Koppel, an där déi zwee Partner all Kéiere de Mindestloun verdéngen an déi zwee Kanner hunn, eng Steigerung vun hirem verfügbaren Akommes vu 4,49% fir d'Joer 2008 kritt huet.

Mir ginn elo, Här President, dräi Schrëtt méi wäit:

Éischstens, de Steierabatement fir Elengerzéier gëtt, zu Konditiounen, déi mer nach mussen festleeën - well et ass eng technesch komplizéiert Affär -, an e Steierkredit ëmgewandelt; ähnelch wéi d'lescht Joer d'Steiermoderatioun fir d'Kanner an e Kannerbonus ëmfonctionnéiert ginn ass. Doduerch wäerten d'Elengerzéier, déi méi wéi anerer vun Aarmut a vum Aarmutsrisiko betraff sinn, d'nächst Joer netto méi zur Verfügung hunn.

Zweetens, anstatt d'Kannergeld pauschal fir all Kand ze erhéijen, féiere mer vum nächste Joer un Déngschtleeschungschëquen, sougenannten „Chèques services“ fir Famillje mat Kanner an. Watfir Leeschtunge genau mat esou engem Déngschtleeschungschëque kënnen akaaft ginn, gëtt am Laf vun den nächste Méint festgeluecht.

Fest steet awer schonn haut: Mat deenen Déngschtleeschungschëque kann ee sech eng bestëmmt Stonnenzuel an de Kanner-crèchen, an de Garderien an an de Maisons relais kafen. Esou gëtt d'Kannerbetreuung méi bëlleg. À terme ass et fir mech souwiso kloer, dass d'Kannerbetreuung zu Lëtzebuerg muss gratis ginn.

D'Festleeung vun der Héicht vun de Chëquen, d'Lëscht vun de Leeschtungen, déi ee mat deene Chëque ka kafen, déi gi vun der Familljeministesch, déi voll gudder Id-dië stécht, an deenen nächste Méint fixéiert. Déi graduell Afëierung vun der gratis Kannerbetreuung geschitt am Kader vu laanggestreckte budgetäre Méiglechkeete vum Stat; fir Är Berouegung direkt e bëssi an de Grëff ze kréien.

D'Kannerbetreuung, déi muss selbstverständlich weider ausgebaut ginn. Mir hunn am Joer 2005 8.000 Kannerbetrieungsplazen zur Verfügung gehat, am Joer 2006 10.250 an am Joer 2007 12.800. Des Entwécklung gëtt accélériert, well mir brauche méi Betrieungsplazen.

Dat drëtt Element: Den „Pacte Logement“ gëtt ergänzt duerch d'Afëiere vun engem Steierkredit fir d'Scholdzënsen um Eegenheem; ee Steuerbonus, deen déi bishereg steierlech Déductibilitéit vun de Scholdzënsen ersetzt. Esou hëllef de Stat jiddfengem am gläiche Mooss an onofhängeg vum Akommes, mat de Konsequenze vun de geklommene Baupräisser a vun den Zëns-erhéijungen eens ze ginn.

Fir mech ass eppes kloer: Joer fir Joer kënn et zu méi Steierkreditter. Joer fir Joer gi Steierabatement a Steierkreditter ëmgewandelt; well net Abatementer kënnen d'Aarmut zu Lëtzebuerg verklengeren, nëmme Steierkreditter a Steierboni bréngen dat fäerdeg.

Ech hunn, Här President, elo éinescht e bëssi séier d'Inflatiounsproblematik gesträift. Ech wëll nach eng Kéier hei op se zrëckkommen, well ënnert där héijer Inflation leide besonnesch déi kleng Akommes, besonnesch déi Leit, déi net wëssen, wéi se um Enn vum Mount sollen eens ginn; an där gëtt et méi wéi mer mengen.

D'Pétrolspräisser bleiwen héich; mir sollen eis doriwwer keng Illusiounen maachen. D'Liewensmëttelpräisser entwëckele sech och net séier op den Niveau vu virun zwee Joer zrëck; si bleiwen héich. Déi zwee zesumme geholl - Pétrolspräisser a Liewensmëttelpräisser - stelle vill Famillje viru kaum léisbar Aufgaben. Duerfir verwandele mer den Heizkostenzuschuss, dee mer hunn, an eng Deierechtzoulag a mir verduelen de Mount, deen duerfir zur Verfügung gestallt gëtt. Esou ginn déi Leit, déi sech der Decken no mussen strecken, besser mat de Käschten eens, déi duerch d'Liewensdeierecht ëmmer méi zouhuelen.

Ee Stot vun zwou Persounen, dee manner wéi 2.356 Euro de Mount verdéngt, kritt haut en Heizkostenzuschuss vun 825 Euro. E kritt d'nächst Joer eng Deierechtzoulag vun 1.650 Euro.

Een Dräi-Persounen-Haushalt, dee manner wéi 2.804 Euro de Mount verdéngt, kritt haut een Heizkostenzuschuss vun 990 Euro; d'nächst Joer eng Deierechtzoulag vun netto 1.980 Euro.

Aarmut ass keng Fatalitéit. Et kann een eppes géint se maachen. A mir wëllen eppes géint se maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Haaptsaach mir bleiwe gesond“, esou gëtt dacks gesot. „Dat Wichtigst ass d'Gesundheit“, esou soe mer. Wann dat stëmmt - an dat stëmmt -, dann ass d'Gesundheitspolitik ee vun deene wichtigste Politikberäicher an dann ass de Gesundheitsministère ee vun deenen nobelsten, déi et an der Regierung gëtt.

D'sozial Kohesiuon an engem Land erreecht een nëmmen, wann een de fräien Zougang zu qualitativ héichwäertege gesondheetlechen Déngschtleeschungen ouni Ënnerschied vum Revenu séichert a wann ee fir e solidaresche Finanzement vum Gesundheitssystem suergt. Ouni e gutt funktionéierende Gesundheitssystem gëtt et keng sozial Kohesiuon. D'Regierung an in specie de Gesundheitsminister si sech desse bewosst.

D'Fleegeversécherung ass een zolidd Stéck sozial Kohesiuon. Sozial Kohesiuon heescht fir d'éischt ëmmer Solidaritéit mat an Hëllef fir déi, déi gesondheetlech schlecht dru sinn, déi net méi esou séier lafe kënnen wéi déi aner, déi net méi un alle gesellschaftlechen Aktivitéite kënnen deeluelen, déi ganz einfach méi lues mussen trëppelen.

D'Leeschunge vun eiser Fleegeversécherung, déi sinn impressionnant. D'Fleegeversécherung huet fir déi Leit, déi doheim gefleegt ginn, am Joer 2005 am Duerchschnëtt 22.500 Euro ausginn. Däitschland - dat och eng Fleegeversécherung huet; déi meeschte Länner hunn iwwerens keng - huet am Schnëtt nëmme 6.300 Euro opbruecht. Fir Fleegefäll, déi an den Institutionen gefleegt ginn, hu mer am Schnëtt 45.000 Euro d'Joer opbruecht. Däitschland: 13.600. Lëtzebuerg: 45.000, Däitschland: 13.600!

9.500 Leit hunn am Joer 2005 vun de Fleegeleeschungen doheim oder an enger Institution profitéiert. D'Zuel vun de Beschäftegten an de Fleegeéseauë beleeft sech entre-temps op 5.000. Et war virun zwee Joer eréischt 3.000.

D'Fleegeversécherung huet och Aarbechtsplaze geschaf: Mir hunn ëmmer gesot, dass aus der informeller Fleegeaarbecht, déi et ëmmer ginn ass, ee formelle Secteur vun eise Aarbechtsmaart misst gemaach ginn. Dat ass eis gelungen.

Wéi et drëm gaang ass, d'Fleegeversécherung anzeféieren, du waren d'Widerstänn ganz grouss. Kee wëllt haut bei deene gewiescht sinn, déi géint d'Fleegeversécherung waren. Ech weess nach, wien net derfir war.

Wann een d'Fleegeversécherung wëllt elo konsolidéieren, da muss een awer zu enger kritescher Iwwerprüfung vun der Qualitéit vun de Leeschtunge kommen. Dat wäert geschéie souwuel fir d'Fleeg doheim wéi fir d'Fleeg an den Institutionen, wou d'Pensionskäschten dauernd klammen, jo eis regelrecht dervulafen. Hei brauche mer méi Transparenz am Intérêt vun enger Saach, déi grouss bleift.

D'Verhënneren an d'Fréierkennung vu Krankheete gëtt een ëmmer méi wichtegen Deel vun der Gesondheitspolitik. Ronderëm d'Verhënnerung an d'Fréierkennung dréine sech déi wichtigst Initiative vun ei-

sem emsege Gesondheetsminister. Ee Programm jot deen aneren: Mir hunn e Programm „Gesond iessen - méi bewegen“; mir hunn e Programm „Schoulen ouni Tubak“; mir hunn e Programm „Ophale mat fëmmen“; mir hunn en Aktionsplang „Keen Alkohol ënner 16“; mir hunn e Programm „National Réckeschoul“ an en „Impfprogramm géint de Gebärmutterhalskriibs“.

Et kommen an deenen nächste Méint weider Programmer derbäi: ee Programm fir de Remboursement beziehungsweise d'Bereststellung vu Verhiddungsmëttele fir Jonker a fir sozial Schwaacher; ee Programm fir systematesch Gesondheitschecke vun Härz- a Kreeslafkrankheeten, an iwwerhaupt kënn et zu enger méi grousser Mobilisierung géint de Kriibs a géint d'Härz- a Kreeslafkrankheeten. Initiativen, déi an engem „Plan cancer“ an an engem Aktionsplang „cardio-cérébro“ zesummelafe wäerten.

Ech brauch lech dat hei net am Detail ze erklären, well Dir wësst jo, dass de Mars Di Bartolomeo periodesch de Frank Goetz oder d'Caroline Maart a seng Owessendung invitéiert, da kann hien dat selwer maachen. Hie kann dat vill besser maache wéi ech. Mä hei sinn emol déi Saachen, mat deenen d'ganz Regierung averstanen ass.

An Exekutioun, fir nach ëmmer beim Minister Di Bartolomeo ze bleiwen, vum Spidolsgesetz gétt am Juni deen neie Spidolsplang virgestallt. Hie wäert de praktesche Fonctionnement vun eise Spideeler verbessern, den Akzent op d'Modernisierung an den Ausbau vun der bestehender Infrastruktur leeën an och Akzenter a Richtung optimal Qualitätssécherung setzen. Deen ale Spidolsplang huet an de leschten zéng Joer 700 Milliounen Euro kascht. Deen neie wäert eng hallef Milliard Euro kaschten. D'Spidolslandschaft ass iwwerhaupt amgaang komplett nei gezechent ze ginn. D'Fusioun tëschent dräi vun deene véier Südspideeler ass perfekt. D'Fusioun tëschent de Klinike vun Ettelbréck a Wolz gétt duerch e Gesetzesprojet, deen am Juni abruecht gétt, zur neier Nordrealitéit.

De Berechtschaftsdéngscht vun de Generalisten, deen de Kolleeg Carlo Wagner agefouert huet, dee gétt vum Hierscht u besser. De Berechtschaftsdéngscht de Weekend an op de Feierdeeg gétt besser, well e gétt op déi Deeg ausgedehnt. D'Ugebuert nuets gétt optiméiert, de Berechtschaftsdéngscht réckelt och méi no un d'Besoinë vun de Leit erun. Dat erlaabt iwwregens och d'Urgenceservicer vun eise Kliniken däitlech ze entlaaschten.

Berechtschaftsdéngscht, dat liwwert mer, Här President, d'Stéchwuert fir eng aner Iwwerleeung. An déi Iwwerleeung, déi betrëfft d'Sondesaarbecht. Et gétt Leit, déi sonndes muss schaffen, well d'Beschafeneheet vun hirer Aarbechtsplaz se dozou zwingt. Deen Déngscht, dee si un der Gesellschaft Sonndeg fir Sonndeg leeschten, dee sollte mer méi respekäteren. Mä et gétt an eiser Wirtschaft ëmmer méi Stëmme, déi wëllen d'Leit och an e maximale kommerzielle Berechtschaftsdéngscht vum Sonndeg drécken.

Et gétt, dat war de Wëlle vum Gesetzgeber, d'Interdiction fir um Sonndeg ze schaffen. Dës Interdiction mécht Sënn, well et ass gutt, wann op engem Dag an der Woch Rou ass. Et ass gutt, wann déi gesetzlech Rouepaus vun de Leit ka genotzt ginn, fir dat ze maachen, wouzou se Loscht hunn a firwat se Fräizäit brauchen, gemeinsam Fräizäit brauchen. Zäit fir mat hire Kanner oder hirem Partner ze verbréngen, Zäit fir spadéieren ze goen, Zäit fir Sport a Kultur, bref, fir een Dag an der Woch esou ze liewen, wéi se Loscht hunn ze liewen a wéi se Loscht hu wëllen ze liewen.

Déi Interdiction vun der Sondesaarbecht, déi kann opgehuewe ginn. Si kann opgehuewe ginn an deene Fäll, déi d'Gesetz virgesäit. Mir wenden dat Gesetz jo - de Verbuet vun der Sondesaarbecht - flexibel un, an dat ass gutt esou. Schlecht wier et, wa mer nach méi Sondesaarbecht géifen zouloossen, wéi déi, déi haut autoriséiert ass. Ech wëll dat hei ganz däitlech soen: Et gétt keng weider Extensioun vun der Sondesaarbecht iwwert dat eraus, wat mer haut un Ausnahmebestëmmungen an an Ausnahmeregelungen zur Sondesaarbecht hunn. Et wäert net geschéien, op jidde Fall net, soulaang wéi ech hei am Land eppes ze soen hunn, dass ëmmer méi Leit mussen sonndes untrieden, fir dass aner Leit hire Sonndesconfort op deenen hir Käschten organiséieren kënnen.

Zur sozialer Kohesioun gehéiert et och, dass een op deen anere Rücksicht hält. A mir solle Rücksicht huelen op déi Salariéen, déi Famill a Kanner hunn, op déi Leit, déi an der Veräiner aktiv sinn, op déi Leit, déi de Sonndeg brauche fir duerchzeotmen. Ech

weess, dass dat alles ganz almoudeesch kléngt. Mä ech sinn almoudeesch. Ënnert demsem Punkt wëll ech et decidéiert och nach eng ganz laang Zäit bleiwen. Ech wëll keng Gesellschaft, wou déi eng mat hiren Enkele sonndes akafe ginn, an d'Kanner vun deenen Elteren, déi schaffe mussen, eleng doheem sëtzen. Ech wëll dat net. An et kënn zu kenger weiderer Ausweidung vun der Sondesaarbecht. Bal hält ech gesot „basta“, mä vu dass een aneren dat gesot huet an dass dat him net vill Gléck bréngt, wollt ech lech just soen, dass ech am léifste „basta“ gesot hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi sozial an déi national Kohesioun ass nëmme méiglech, wann d'Leit am Land Vertrauen an d'Institutiounen hunn. Ech hunn net den Androck, wéi wann dat an der leschter Zäit terribel zougeholl hätt. Mir brauchen awer Vertrauen an eis Institutiounen. Mir brauche Vertrauen an d'Justiz an och an d'Polizei. D'Justiz ass onofhängeg. Weder d'Regierung nach d'Parlament nach d'Politik hu sech an hiet reguläert Fonctionnéieren anzeméschen. Keen däerf hir onofhängeg Ausübung behënneren. Duerfir wäert de Justizminister e Gesetzesprojet presentéieren, deen d'Behënnerung vun der Justiz strafbar mécht.

Eise Polizeikorps muss verstärkt ginn an e wäert verstärkt ginn. Bis an d'Joer 2015 komme weider 500 Polizisten derbäi. D'Polizei gétt esou méi biergerno, d'Polizei gétt esou méi effikass. An iwwregens, losse mer ophalen hei am Land all eenzelen Polizisten responsabel ze maache fir Dysfunktionsnementer, déi et op eenzelen Etage vun der Polizeihierarchie viru Jorzéngte ka ginn hunn. D'Polizisten um Terrain maachen eng gutt Aarbecht, mir sollte se dobäi ënnerstetzen.

Am Beräich vun der Justiz stinn nach aner Reformen un. Mir wëllen e Gesetz iwwert den Divorce, dat d'Scheedungsprozedure méi mënschlech mécht. Dat Gesetz ass scho laang déposéiert. Mir wëllen e Gesetz iwwert den Afferschutz. Et läit eng Proposition de loi vun eisem Kolleeg Alex Bodry an e Projet vun der leschter Regierung, deen am Joer 2003 déposéiert ginn ass, vir. Mir hätten endlech gären en Avis vum Conseil d'État.

Mir géife gäre besonnesch d'Informationsrecht vun den Affere stäerken, well déi leiden zolidd drëner, dass se net gewuer ginn, wou hir Affär drun ass. Rezent Fäll hunn dat iwwregens dramatesch ënnerstrach. Dat ass eng Noutwendegkeet, den Afferschutz, an ech hätt wierklech gär, wa mer deen Avis elo endlech géife kréien. Vun 2003 bis 2008 ware fënnf Joer, fir nozedenken a fir ze schreiwen. Mir hätten elo gären deen Avis, well dat ass e wichteg Stéck vu méi no beienee wuessen a vu Solidaritéit mat deenen, déi haut ëmmer an all deenen Affären den zweete Präis kréien.

Mir géife gären - een anere Projet - d'„Autorité parentale“ qualitativ a Richtung „Responsabilité parentale“ veränneren. Mir hätte gären, dass déi zwee Elterendeeler hirer elterlecher Verantwortung gemeinsam gerecht ginn, ob se bestuet sinn oder net, ob se am Partenariat liewen, getrennt oder gescheet sinn. Nach just an Ausnahmefäll soll de Riichter d'elterlech Responsabilitéit engem eenzelen Elterendeel kënnen zousprieche. Autoritéit, individuell Autoritéit duerch Responsabilitéit, gemeinsam Responsabilitéit ersetzen, ass ee Schrëtt, dee mer muss maachen.

De Justizminister wäert och e Gesetzesprojet iwwert d'Gefällegkeetsbestietnis an iwwert d'Zwangsbestietnis virleeën. Phenomeener, déi de Justiz- an de Gemengenauctoritéiten heiansdo grouss Problemer stellen. Deeselwechte Minister wäert och e Gesetzesprojet zur Repressioun vun Stalking ausschaffen, fir dass dës Form, wann ech kann esou soen, vu moderner Belästigung - déi de Leit, déi d'Affär dovun sinn, d'Liewen zur Häll mécht - sech net méi breet ka maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sozial Kohesioun, dat reimt sech mat Integratioun. Ee Land, dat esou een héijen Ausländerundeel huet wéi Lëtzebuerg, kënn net derlaanscht, d'Integratioun vun den Netlëtzebuenger, dat heescht dat gewollte Matenee vu Lëtzebuenger an Netlëtzebuenger, geziilt ungestriewen. Duerfir ass et vun eminenter Bedeitung, d'Gesetzesprojeten iwwer Immigratioun an Integratioun séier an de Memorial ze kréien. Dës Gesetze bedeeiten eng Verdéiung vun der Integratioun vun den Netlëtzebuenger a gesi Rechter a Flichte fir déi eng a fir déi aner vir.

Gradesou wichteg ass et, fir de Gesetzesprojet, deen d'Aschreiwungsfriste vun den EU-Bierger a vun aneren Ausländer fir d'Europa- an d'Kommunalwale verkierzt, séier gestëmmt ze kréien. D'Aschreiwungsfrist

gétt vu 14 respektiv 18 op dräi Méint erofgesat a garantéiert esou e breet Matmaache vun de Bierger, den auslännesche Bierger, bei eisen demokratesche Wahlen. Ech wier frou, wann dee Projet séier kéint vum Parlament verabschit ginn.

Ech hu mech, Här President, an der Vergaangenheet an zënter Joren ëmmer nees fir déi duebel Nationalitéit agesat. Och wann elo sech ëmmer méi Stëmme Gehéier verschafen, déi géint de Prinzip vun der duebeler Nationalitéit sinn, géint de Prinzip vun duebele Pass optrieden, bleiwen ech bei menger Meenung a bleift d'Regierung bei hirer Meenung, dass déi duebel Nationalitéit eng Integratiounsschubwierkung an ee Méi un Integratioun a sozialer Kohesioun bedeit. Dat Gesetz muss kommen. Et muss den 1. Januar vun nächste Joer kënnen a Kraaft trieden.

Ech wëll de Géigner vun der duebeler Nationalitéit - an Dir wäert gesinn, dass déi sech an den nächste Méint nach massiv wäerten äusseren - soen, dass déi duebel Nationalitéit keng Optioun géint Lëtzebuerg ass, mä eng Optioun fir Lëtzebuerg.

Duerch d'duebel Nationalitéit kréien d'Ausländer, wa si aus Länner kommen, déi och d'duebel Nationalitéit kennen, net méi Rechter wéi d'Lëtzebuenger, mä si kréien hire Wëllen, fir mat eis gläichberechtigt zesummzeliewen, dokumentéiert.

Mir ginn eis Nationalitéit net op, mä mir maache se op. A fir se kënnen opzemaachen, ass et absolut noutwendeg, dass déi Leit, fir déi se opgeet, sech a lëtzebuergesche Saachen auskennen an an der lëtzebuergescher Sprooch kënnen ausdrécken.

Si mussen net Lëtzebuergesch kënnen schwätze wéi en Affekat. Déi schwätze jo souwisou meeschtens Franséisch hei zu Lëtzebuerg.

(Interruption)

Mä si mussen kënnen mat eis esou schwätzen, dass mer si verstinn, a si mussen esou vill Lëtzebuergesch verstoen, dass si eis verstinn.

D'Sprooch ass e wichteg Element vun der Integratioun. Déi, déi dat net wëllen zur Kenntnis huelen, verstinn net alles vun de Lëtzebuenger. Déi, déi d'Sprooch zu enger regelrechter Integrationsbarrière wëlle maachen, déi d'Sprooch zum exklusiv seligmachenden Element vun der Nationalitéitsacquisitioun wëllen ëmfonctionnéieren, verstinn net alles vun der nationaler Kohesioun.

Pass ganz gutt op! D'duebel Nationalitéit fënnit ouni all Zweifel eng Majoritéit heibanen. D'duebel Nationalitéit muss awer och eng breet Akzeptanz dobausse fannen. Wa si keng Akzeptanz dobausse fënnit, wa si laanscht den nationale Konsens segelt, dann dréit se méi zur Desintegratioun wéi zur Integratioun bäi.

D'lëtzebuergesch Sprooch erlaabt et, d'Saachen op deem Punkt beieneen ze bréngen. Ech sinn iwwerzeugt dovun, dass déi Sproochregelung, déi um Dësch läit, der Sproochproblematik gerecht gétt.

Loosse mer keng Fanatiker sinn, loosse mer Pragmatiker bleiwen!

Wie Lëtzebuerg a Lëtzebuergesch seet, dee mengt ëmmer och d'Kultur. Eis Kultur schwätzt awer net nëmme Lëtzebuergesch. Mir hunn, fir et mat de Wiederer vum Ben Fayot ze soen, e Sproochesystem zu Lëtzebuerg: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch.

An esou ass och eis Kultur. Kultur ass e wesentlech Sprangbriet vun der Integratioun, an domat e Baustee vun der sozialer Kohesioun.

No deem groussen Erfolleg vum Kulturjoer 2007 - an zu deem Erfolleg huet d'Statssekretärin Oktavie Modert wesentlech bäigedroen - muss de budgetären an inhaltleche Kultureffort op héijem Niveau bleiwen.

Et wäert net geschéien, dass de Kulturbudget ugeknabbert gétt. Deen, deen de Kulturbudget méi schmuel mécht, dee geet eiser kultureller Ambitioun u Muerch a Schank. Duerfir däerf dat net geschéien.

Et géif kee Kulturliewe ginn ouni den Engagement vum Stat. Méi Kulturliewe géif och dann net stattfannen, wann net vill Fräiwilleger - a Fräiwilleger sinn ëmmer Begeschterter - eng Hand géife mat ueeën. Dat ass net nëmme wouer fir d'Kultur, dat ass och wouer am Beräich vum Sport, dat ass virun allem och wouer fir d'Protection civile, fir d'Pompjeeën, fir aner Hëllesdëngschter.

D'sozial Kohesioun ass net nëmme d'Resultat vu staatlechen Efforten, si ergëtt sech aus dem Matenee vun staatlechen a vun privaten, dat heescht fräiwillegen Effort. Et gétt dausende Leit hei am Land, déi hir

Fräizäit huelen, iwwerhaupt sech Zäit huelen, fir hire Matmënsche kënnen ze dëngen. Géif et dës Leit net ginn - d'Protection civile, d'Pompjeeën, Hëllesdëngschter, Leit, déi déi sportlech Aktivitéite vu Jugendlechen encadréieren, Leit, déi iwwerhaupt d'Aktivitéite vun de Jugendveräiner méiglech maachen -, da misst de Stat dës Aufgabe selwer iwwerhuelen. Mä da misst e kleng bäiginn, well e kéint d'Iwwerhuele vun dësen Aufgaben iwwerhaupt net finanzéieren!

Well mer wëssen, wat mer dem Bénévolat verdanken, well mer wëssen, wat fir eng exzeptionell Kohesiounsroll déi Fräiwilleger spillen, leeë mer virun Enn vum Joer en integrale Programm zur Ënnerstützung vun der Fräiwillegenaarbecht vir.

Ech wëll haut just soen, dass mer den Asaz vun deene Fräiwilleger schätzen; de Rescht kënnit virum Enn vum Joer no.

Bénévolat, Här President, dat reimt sech mat Mäzenat an e bëssen och mat Philanthropie. Wann et drëm geet, d'Zusammeliwezen ze réusséieren, da brauch een och déi privat Initiative, d'Zivilgesellschaft, deen Eenzelen, dee sech am allgemengen Interessi abréngt, da brauch ee Mäzenat an de philanthropesch Engagement.

Wann et drëm geet, d'sozial Kohesioun zur integraler Réussite ze maachen, da muss de Stat wëssen, dass en net alles selwer kann. Hie kann - an dat ass seng Pflicht - déi kollektiv Besoinë vun der Gesellschaft en charge huelen. Mä hien deet sech schwéier - an e weess dat -, nei Besoinen an der Gesellschaft schnell ze identifizéieren an och spezifesch Situatiounen - besonnesch, wa se nëmme e klengen Deel vun de Leit betreffen - geziilt unzegoen.

Duerfir ass d'Regierung decidéiert, de privaten Engagement am allgemengen Interessi méi staark ze fördern. Mir mussen d'Barriären aus dem Wee raumen, déi sech deenen an de Wee stellen, déi bereit sinn, en Deel vun hirer Energie a vun hirem Verméige fir d'Allgemengheet ze mobiliséieren.

Duerfir schafe mer eng privat, onofhängeg Fondatioun, déi d'Promotioun vun der Philanthropie a vum Mäzenat zum Zil huet. Dës Fondatioun däerf deenen, déi um Terrain schaffen, keng aktiv Konkurrenz maachen. Si däerf keng Struktur ginn, déi hinne virum d'Nues gesat gétt. Dës Fondatioun soll zu engem Intermédiaire tëschent den Destinataire vun den Donen an deene Leit an Entrepreneuren, déi bereit sinn, sech finanziell am allgemengen Interessi ze engagéieren, ginn.

Dës Fondatioun soll déi Informatiounen iwwer al an nei philanthropesch Tätigkeetsfelder sammelen a se un déi Leit viruginn, déi Berodung brauchen. Si soll onofhängeg vun der Regierung a vum Stat fonctionnéieren, an duerfir hu mer d'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte gebieden, de Stat an där Fondatioun ze verrieden.

Am Hierscht wäert de Justizminister Virschléi zur Philanthropie maachen, Virschléi, déi e méi favorable Kader fir d'philanthropesch Wierken hei zu Lëtzebuerg virgesinn - philanthropesch Wierken heiheem, philanthropesch Wierken an aneren Deeler vun der Welt.

D'Philanthropie - fir dat ganz kloer ze soen - ass keen Ersatz fir de staatlechen Engagement. De Stat däerf sech aus kengem Beräich op Käschte vun der Philanthropie a wéinst der Philanthropie zréckzéien. D'Philanthropie däerf eben net zum staatlechen Désengagement féieren, si muss e Plus fir d'Mënsche sinn. D'Philanthropie ass et schon ëmmer ginn, mä et gétt der nach méi a si gétt nach besser, wann de Stat se steierlech besser ënnerstëtz.

Haut kann een Donen an der Héicht vu maximal 10% vum Akomes an e maximale Montant vu 500.000 Euro d'Joer vun der Steuer ofsetzen. Dës Plaffonge gi verduebelt. Donë sollen och iwwer e puer Joer gestreckt an ofgesat kënnen ginn. D'Enregistrementstaxe bei Ierfschaften an Donen u Fondatiounen, déi beim Notaire gemaach ginn, ginn ëm en Dréttel erofgesat. Gréisser Donë wäerten och keng extra Autorisatioun méi brauchen, wa se iwwer Virement gemaach ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo vill iwwer Kohesioun geschwat an lech d'Etape vun der Kohesiounsaus-

weidung gewisen. Mä d'Kohesioon gétt och do gepréift, wou et ëm dat Essenziell, ëm dat Letztendlecht geet. Ech schwätze vu Stierfbegleedung a vun Euthanasie.

D'Gesetzter iwwert d'Palliativmedezin an iwwert d'Euthanasie sinn, wat hir Form an hir Ausrichtung ubelaangt, an den Hänn vum Parlament. An do gehéiere se och hin. Well am Parlament lafen d'Meenungen, d'Streimungen an d'Iwwerzeegungen a staark Gedanken zesummen.

D'Regierung huet kee Gesetz iwwert d'Euthanasie virgeluecht, mä nëmmen eent iwwert d'Palliativmedezin. D'Parlament ass awer och mat enger Gesetzespropositioun vun de Kollegen Err an Huss iwwert d'Euthanasie befaasst. D'Chamber huet am Februar eng éischt Ofstëmmung virgeholl. Déi verdéngt Respekt.

D'Regierung huet sech an der Debatt iwwert d'Gesetzespropositioun ronderëm d'Euthanasie neutral verhalten. Et gétt keng Regierungsdéisioun zur Euthanasie. Also kann ech och keng Regierungsdeklaratioun zur Euthanasie virdroen.

Mä ech wëll meng Meenung dozou soen. Ech sinn hei am Land keng moralesch Autoritéit an erhiewen och net den Usproch, fir dat jeemools eng Kéier ze ginn. Ech hunn - wéi jiddferen - meng Zweifel, vill Froen, kohärent Convictiounen, Nuancen awer och.

Ech hu virun e puer Woche gesot - ob-schonn all Observateure schreiwen, soen a maachen, wéi wann ech mech zu dëser Fro nach ni geäußert hätt -, dass ech déi Proposition de loi Err/Huss net géif stëmmen, wann ech Deputéierte wier. An ech hu gläichzäitig gesot - dat schéngt awer nu wierklech jiddferen iwwerhéiert ze hunn -, dass ech net der Meenung wier, dass mat engem Gesetz iwwert d'Palliativmedezin d'Problematik integral ofgedeckt wier. A Saache Stierfbegleedung ass d'Palliativmedezin den Nec, mä net an alle Fäll den ultimativen Ultra. Et gétt Fäll, wou d'Palliativmedezin net all Äntwerten huet. Déi Fäll solle mer regelen. Et gétt Fäll, wou d'Palliativmedezin net eng Äntwert bis un de Schluss vum Liewe bréngt. Jiddferen seet mer, dat wieren Ausnahmefäll. Jiddferen seet, et géif sech dobäi ëm Ausnahmefäll handeln. Da kommt, mir regelen déi Ausnahmefäll!

Ech hunn lech op enger anerer Plaz vu menger Ried gesot, d'Konscht vun der Politik géif doranner bestoen, d'Differenzen ennerenee kompatibel ze maachen. Dat zielt och fir dës Fro. Mir mussen an dës Fro zu enger Eenegung an der Métt kommen. Et ass an der Métt, wou d'sozial Kohesioon an déi national Kohesioon stattfannen. Déi, déi einfach mat hirer Iddi duerchmarschéiere wëllen, déi ire sech. Déi, déi einfach deenen aneren hir Iddien, déi mat hirer Iddien duerchmarschéiere wëllen, blockéieren, déi ire sech gradessou vill. Et geet hei net ëm d'Parteien. Et geet hei ëm d'Mënschen. Et geet hei ëm eis Gesellschaft. Et geet hei ëm den ethesche Fridden am Land. Kommt, mir sichen deen! Et ass derwärt, den ethesche Fridden am Land ze sichen.

Här President, ech hunn elo laang geschwat; laang geschwat heescht net onbedéngt viles gesot, mä ech hunn an dëser Ried - entgéint menger Gewunnecht - nach net vill Zuele genannt. D'Erklärung duerfir ass einfach: Ech hunn iwwert de Budget an iwwert d'Statsfinanzen nach näischt gesot. Normalerweis maachen ech dat am Ufank vun der Ried zur Lag vum Land. Ech maachen et dës Kéier zum Schluss. Mä ech nennen och zum Schluss net vill Zuelen. An ech soen lech och firwat:

No all Ried zur Lag, déi ech hei gehalen hunn - dat hei ass déi 14. -, ass mer heibanne gesot ginn, ech géif d'Leit an den Zuelen ersaufen. No all Ried zur Lag vum Land ass geschriwwen ginn, ech hätt vill Zuele genannt an net genuch iwwert d'Liewensbedéngungen an iwwert d'Liewensstänn zu Lëtzebuerg geschwat. Dat war selbstverständlech ëmmer falsch an ëmmer eng Feelinterpretatioun. D'Realitéit léisst sech duerch mat Zuele beschreiwen an d'Zuele soen duerch iwwert d'Realitéit viles aus, si soen och eppes aus iwwert d'Liewe vun de Mënschen. Mä well ech net berodungsresistent sinn, mä extrem lernfäeg, nennen ech och bei der Behandlung vum Thema Statsfinanze wéineg Zue-

len, mä ech schwätzen dann ebe Kloertext. D'Zuelen, déi de Finanzministère mer fir dës Debatt virbereet huet, leien op Ärem Pult, Här President, an Dir verspricht mer, dass Der se mat am Chambersbericht publizéiert (*Le document «Évolution des recettes de l'administration publique, 1995-2007» peut être consulté sur <http://www.gouvernement.lu/gouvernement/etat-nation/index.html>*).

A wat fir engem wirtschaftlechen Ëmfeld - dat ass d'Fro - bewege mer eis eigentlech? Dat ass, léif Kollegen, schwéier ze soen.

D'Weltwirtschaft dréint an de Joren 2008 an 2009 méi lues, wéi an de Joren 2006 an 2007. Dass se iwwerhaapt nach op héijem Niveau dréint, ass virun allem, ech hunn et d'éinescht schonns gesot, de wirtschaftleche Leeschtunge vun de Schwellelänner op anere Kontinenter ze verdanken. D'Vereenegte State vun Amerika kucken an d'Rezessionslach, an och wa se net drafalen, wäerte se wesentlech méi lues wuessen, wéi dat an de leschte Joren de Fall war.

D'Wirtschaft vun der Eurozon wiisst méi séier wéi déi vun de Vereenegte Staten, mä awer ënnert dem Niveau vun hirem Wuesstumspotenzial an däitlech manner staark wéi an de Joren 2006 an 2007. D'wirtschaftlech Ëmfeld ass manner gutt wéi et war. An d'Wuesstumsperspektive fir d'Joer 2009 sinn däitlech méi niddreg, wéi d'Wuesstumsperspektive fir d'Joren 2007 an 2008 dat waren.

D'Europäesch Kommissioun geet dovun aus, dass d'Wirtschaft vun der Eurozon am Joer 2008 ëm héchstens 1,7 an am Joer 2009 ëm héchstens 1,5% wiisst. Den Internationale Währungsfond prognostizéiert Zuelen, déi souguer nach däitlech drënner leien. Mä: Déi éischt Zuelen iwwert d'wirtschaftlech Entwécklung am éischte Quartal vum Joer 2008 loosse eis gleewen, dass Wuesstumspessimismus fir d'Eurozon net ubruecht ass. Et kënn an Europa mat Sécherheet zu kenger Rezessioun.

Et kann een elo laang driwwer streiden, ob mer dat Schlëmmst vun der Finanzkris hannert eis hunn. Ech mengen net, dass mer dat Schlëmmst hannert eis hunn. Ech mengen, dass mer ënnert de Répercussiounen vun der amerikanescher Finanzkris, vun der amerikanescher Subprime-Kris leide wäerten an dass mer nach zwee bis dräi Trimestere mussen waarden, ier mer déi effektiv Auswierkung vun der amerikanescher Finanzkris op d'europäesch Realeconomie exakt moosse kënnen. Mir wëssen och net - mir wëssen et wierklech net -, wéi déi Kris sech am Endeffekt an am Detail zu Lëtzebuerg wäert auswierken. Et ass ganz einfach nach ze fréi fir dat ofschléissend kënnen ze beuerteelen.

Wat de Wirtschaftswuesstum zu Lëtzebuerg ubelaangt, esou mussen mer dovun ausgehen, dass e sech däitlech no ënne wäert ofsenken. Mir haten am Joer 2006 een aussergewéinlech héije Wirtschaftswuesstum vu 6,1%. D'Europäesch Kommissioun mengt, mir hätten am Joer 2007 ee Wuesstum vu 5% gehat; eise Statec mengt, et wieren nëmme 4,6% gewiescht. Mir ginn dervun aus, dass mer an de Joren 2008 an 2009 zu Lëtzebuerg e Wirtschaftswuesstum tëschent 3 a 4% wäerten hunn.

An anere Wierder an nach ëmmer ouni Zuelen: D'Weltwirtschaft wiisst méi lues, d'amikanesch Wirtschaft leeft Gefor rezessiv ze ginn, d'Eurowirtschaft wiisst ënnert hirem Wuesstumspotenzial, d'Lëtzebuerg Wirtschaft leet manner zou wéi an deene leschte Joren. D'Konklusioun aus all deem: Am Joer 2009 geet et de Statsfinanzen, virun allem dem Budget vum Zentralstat, eise Ekonomie an eis selwer manner gutt, wéi an de Joren 2006, 2007 an héchstwahrscheinlech och nach 2008.

Deem ass bei der Opstellung vum Budget fir d'Joer 2009 Rechnung ze droen. Am Oktober, wa mer en opstellen, wësse mer méi iwwert d'wirtschaftlech Entwécklung a wäerten och all Konsequenzen aus där Entwécklung ze zéie verstoen. Aus all deem ergétt sech awer och, dass un den Tripartitebeschlëss, fir dat nach eng Kéier ze soen, aus dem Joer 2006 bis un d'Enn vum Joer 2009 muss festgehale ginn. Ouni d'Tripartitedéisioun vum Abrëll 2006 an ouni déi Gesetzer, déi doropshi vum Parlament gestëmmt gi sinn, wier de Budget vum Zentralstat am Joer 2007 negativ gewiescht. Dank deenen Déisiounen an dank deene Gesetzer war e positiv.

Déi bishereg Exekutioun vum Budget fir d'Joer 2008, déi Der am Detail kënn noliesen an enger Note, déi um Büro vum President vun Ärer Chamber scho läit, iwwert d'Exekutioun vum Budget 2008, ergétt bis elo folgend Bild: Par rapport zum Joer 2007 klëmmt d'Lounsteier staark - dat ass virun allem op déi expansiv Entwécklung op eise Aarbechtsmaart zrëckzeféieren -, d'Ac-

cis stagnéieren, d'Quellesteier entwéckelt sech normal, d'Taxe d'abonnement fällt par rapport zum selwechten Zäitraum vum leschte Joer ëm 10,5%, d'Kierperschaftsteier fällt staark. Ergo ass Virsiicht ugesot, ergo muss de Budget fir d'Joer 2009 strikt opgestallt ginn an de Budget vum Joer 2008 streng ausgefouert ginn, ergo wäert am Budget vum Joer 2009 keng Plaz fir all méiglech Wahlgeschenker sinn. Déi selektiv steierlech, akommes- a familjepolitesch Moossnamen - déi jo och allerguer eppes wäerte kaschten, an net wéineg - loosse dat net zou.

An anere Wierder: Déi, déi nach manner Steieren an nach méi Dépensé froen, droen der Realitéit vun dësem a vum nächste Joer keng Rechnung. D'Regierung muss där Realitéit awer Rechnung droen.

An nach anere Wierder: Et gi just déi Steierajustementer gemaach, déi noutwendeg sinn. Et ginn déi Moossname getraff, déi d'Inflatiounsbekämpfung verlaangt. Et ginn déi Sozialausgaben erhéicht, déi d'Folge vun der Deierecht ausgläiche sollen. Et kënn zu kenger allgemenger Gehälterrevisioun am öffentlechen Déngscht. D'Regierung firt awer virun an den nächste Méint, d'Evolution vun den Diplomen, d'Responsabilitéiten an d'Missiounen vun deenen eenzelne Statscarrière genauestens ze analyséieren.

De Budget fir d'Joer 2009 kann een nëmmen am Liicht vu rezente wirtschaftlechen Entwécklungen, déi net ouni Auswierkung op eis Finanzplaz bleiwen, an am Liicht vun de probabele wirtschaftleche Wuesstumspesche vum Joer 2009 opstellen. Mir hunn eis gesamt Statsfinanzen an de leschte Jore konsolidéiert, well mer d'Dépensé manner séier wuesse gelooss hunn, wéi d'Recetten eis dat erlaabt hätten, a well mer aussererdentlech staark an onerwaart héich konjunkturbedéngte Steiereinnahme realiséiert hunn. Et gesäit esou aus, dass dee waarme Konjunkturreen d'nächst Joer net um Rendez-vous ass.

Sou, Här President, ech ginn an déi leschte Kéier vun dëser Ried.

Ech weess net genau, wat d'Joer 2009 eis brénge wäert. Wéi dës Regierung ugetrueden ass, hate mer en Euro-Dollar-Cours vun 1,22. Wéi dës Regierung ugetrueden ass, huet de Pétrolspräis 39 Dollar de Barrel kascht. Haut flirt den Euro-Dollar-Cours mat 1,60. Haut de Moien zu Tokio huet ee Barrel Pétrol 135 Dollar kascht. Mir ginn dervun aus, dass d'Pétrolspräisser héich bleiwen, déi meescht ginn dervun aus, dass d'Pétrolspräisser nach weider uklammen. Mir ginn dovun aus, dass och d'Liewensmëttelpräisser héich bleiwen, a mir ginn dervun aus, dass de Wiesselkurs tëschent Euro an Dollar sech net extrem favorabel fir den Euro an deenen nächste Méint wäert entwéckelen.

Mir mengen, dass d'Inflatioun - dat ass och d'Schätzung vum Statec - géif d'nächst Joer erëm an d'Géigend vun 2,7% falen. Mä wéi soss dat wirtschaftlech Ëmfeld am Joer 2009 genau wäert ausgesinn, kann ech lech mat deem beschte Wëllen haut nach net soen. Ech hoffen, mir gesi seng Èmrësser besser am Oktober, wa mer de Budget fir d'Joer 2009 opstellen.

Eppes, wat ech besser gesinn, méi genau gesinn, dat ass den Aarbechtsprogramm vum Parlament a Regierung vun haut bis un d'Enn vun der Legislaturperiode.

Mir wëllen, Här President, där nächster Regierung e Land iwwerginn, deem seng sozial Kohesioon méi zollid ginn ass. Duerfir mussen Gesetzer gestëmmt ginn, déi d'Sozialpolitik an d'Familjepolitik méi selektiv a méi gerecht maachen. Duerfir mussen och sämtlech Gesetzer, déi vun der Educatiounsministesch abruecht gi sinn an déi d'Reform vun der Grondschoul - dat eleng si véier Gesetzer - a vun der Berufsausbildung betreffen, votéiert ginn. Duerfir ginn d'Gesetzter iwwert d'duebel Nationalitéit, iwwert d'Integratioun an d'Immigratioun an iwwert d'Verkierzung vun den Aschreiwungsfristen fir d'Androe vun den Ausländer bei Europa- a Gemengewahle gestëmmt. Duerfir mussen d'Gesetzter iwwert den Afferschutz, d'Responsabilité parentale, den Divorce, d'Sécherheet am öffentlechen Transport an d'Augmentatioun vun de Polizeieffektiver kommen.

D'Gesetzesprojeten iwwert d'Aide sociale, iwwert d'Aide à l'enfance, iwwert d'Jugend an iwwert d'Besserstellung vun de Behënnerte mussen gestëmmt ginn. Gradesou wéi och d'Gesetzesprojeten iwwert d'Beschäftigungsinitiativen an de Sproochecongé.

Des Weideren ass et de Wonsch vun der Regierung, dass folgend Gesetzesinitiativen d'parlamentaresch Hürd nach virun de Wahlen huelen: de Gesetzesprojet iwwert d'Reorganisatioun vum Héichschoulwiesen;

iwwert de Beruff vum Auditeur; iwwert de Beruff vum Affekot; de Gesetzesprojet iwwert d'Hospitaliséierung vu geesteg gestéierte Leit; de Gesetzesprojet iwwert d'Konstruktioun vun der Liaison Micheville; de Gesetzesprojet iwwert d'Verbesserung vum legislative Kader vun eiser Finanzplaz; d'Reformprojeten iwwert d'Konkurrenzrecht; e Gesetzesprojet iwwer eng verbessert Zesummenaarbecht tëschent der Steier- an der Enregistremensverwaltung; e Gesetzesprojet iwwer besser Hëllef fir d'Recherche; e Gesetzesprojet iwwert den „Pacte Logement“ - dee selbstverständlech vun essenzieller Bedeutung ass -; de Gesetzesprojet iwwert d'Waasser.

En neit Gesetz brauche mer iwwert d'öffentlech Ausschreiwungen. De Gesetzesprojet iwwert déi biomedezinesch Fuerschung soll gestëmmt ginn, grad wéi och d'Reform vun der Onfallversécherung an dat neit Gesetz iwwert d'Juegd souwéi dat iwwert d'Schaffung vum nationale Sproocheninstitut.

Dat sinn, Här President, eis Prioritéiten. Aner Gesetzer, déi déposéiert sinn, déi aviséiert sinn oder net, géifen et och verdéngen, vum Parlament examinéiert a votéiert ze ginn.

Dir gesitt also, Här President, dass dës Regierung an dass mir nach viles virhunn. Ech liesen heiansdo an héieren dacks, der Regierung géif lues a lues d'Puste ausgoen, si géif an Otemnout geroden, si wéisst eigentlech net méi richteg, woufir se nach do wier.

Déi programmatesch Erklärung vun haut an den Hiwäis op eis legislativ Prioritéit vun deenen nächste Méint hunn lech gewisen: Dës Regierung geet net d'Puste aus, dës Regierung ass am Géigende voll gelueden. D'Regierung geet dat lescht Joer vun der Legislaturperiode mat vollem Asaz un. Kee soll sech Hoffnungen maachen, dass d'Wahle virgezu ginn.

Nodeems mer dës Joer d'Steiermoderatioun fir d'Kanner an e Kannerbonus ëmgegendelt hunn, transforméiere mer d'nächst Joer den Arbeitnehmerfreibetrag, de Rentenfreibetrag, den Abatement monoparental an den Abatement fir Schuldzinsen an en Nettosteierkredit, ersetze mer den Heizkostenzuschuss duerch eng Deierechtzoulag an duebeler Héicht, erhéije mer d'Mindestléin, d'Renten an d'Pensiounen, féiere mer „Chèques services“ an, berengege mer de Steiertarif an hiewen eenzel steierlech Abatementer.

Fir d'éischt gétt dat gemaach. An dann eréischt maache mer Wahlkampf. Wien am Wahlkampf ze fréi fortleeft, dee kënn nawell gären ze spéit un.

(Hilarité)

Mir komme gären am richtige Moment un.

Merci.

» Plusieurs voix - Très bien!

» M. le Président - Ech soen dem Statsminister Merci fir seng Deklaratioun. Eng Deklaratioun, déi, wéi gesot, mer den nächsten Dënschdag a Méttwoch hei an der Chamber diskutéiere wäerten.

Domadder si mer um Enn vun dëser Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.48 heures)

Chamber TV

weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHz

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen um Kanal
S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech um Kanal
S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Présidence: **M. Lucien Weiler, Président**
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

1. Communications
2. 5803 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003
 - *Prise en considération*
3. Composition des commissions parlementaires
 - *Proposition de changement adoptée*
4. Ordre du jour
 - *M. le Président - M. Gast Gibéryen propose une modification de l'ordre du jour*
 - *Vote: proposition Gibéryen rejetée*
5. Débat sur l'état de la nation
 - *Débat: M. Michel Wolter, M. Claude Meisch (à qui répond M. le Premier Ministre Jean-Claude Juncker; dépôt d'une motion), M. Ben Fayot, M. François Bausch (à qui répond Mme la Ministre Marie-Josée Jacobs)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Ech géif d'Madame Marie-Josée Jacobs bidden oder och den Här Mars Di Bartolomeo, Gesondheitsminister, eis ze soen, ob d'Regierung der Chamber iergendeppes Wichtigees matzedeeleen huet?

» **Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Neen, Här President.

» **M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.* - Awer deemnächst.

1. Communications

» **M. le Président.** - Wann dat net de Fall ass, da géif ech soen, dass ech der Chamber wëllt folgend Matdeelung maa-chen.

(Interruption)

Här Goerens?

(Interruption)

Dorop verzichte mer de Moment a mir kommen zu eisem normalen Ordre du jour.

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

5878 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) à usage civil entre la Communauté européenne ainsi que ses États membres, et le Royaume du Maroc, signé à Bruxelles, le 12 décembre 2006

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 29.04.2008

5879 - Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la mission d'observation de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe des élections parlementaires en Géorgie

Dépôt, à la demande de Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 02.05.2008

5880 - Projet de loi relative au financement d'une solution informatique permettant la création d'un environnement sans support papier pour la douane et le commerce

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 09.05.2008

5881 - Projet de loi portant introduction d'un Code de la consommation

Dépôt: Monsieur Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 20.05.2008

5882 - Projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 22.05.2008

5883 - Projet de loi modifiant et complétant a) la loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote; b) la loi du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert, dénommé par la suite «Atert-Lycée»

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 23.05.2008

5884 - Projet de loi portant création d'un Institut national des langues et portant modification a) de la loi du 19 juillet 1991 portant création d'un Service de la formation des adultes et donnant un statut légal au Centre de langues; b) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; c) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 23.05.2008

3) Au cours de sa période de session du 21 au 24 avril 2008 le Parlement européen a adopté les documents suivants:

- résolution sur les actions politiques au niveau de l'Union européenne concernant le don et la transplantation d'organes,

- résolution sur la contribution du bénévolat à la cohésion économique et sociale,

- résolution sur le rapport annuel 2006 de la Banque européenne d'investissement,

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission relative à la conclusion du protocole à l'accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et l'ancienne République yougoslave de Macédoine, d'autre part, visant à tenir compte de l'adhésion de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Union européenne,

- résolution sur le Livre vert sur le rôle de la société civile dans la politique en matière de drogue dans l'Union européenne,

- résolution sur le rapport de suivi 2007 concernant l'ancienne République yougoslave de Macédoine,

- résolution sur la politique de la Chine et ses effets sur l'Afrique,

- résolution sur la stratégie politique annuelle de la Commission pour 2009,

- résolution sur le naufrage du New Flame et ses conséquences dans la baie d'Algésiras,

- résolution sur le cinquième sommet Amérique latine et Caraïbes - Union européenne de Lima,

- résolution sur la situation en Birmanie,

- résolution sur la voie d'une réforme de l'Organisation mondiale du commerce,

- résolution sur l'accord de libre-échange entre la CE et le Conseil de coopération du Golfe,

- résolution sur le Livre vert sur les instruments fondés sur le marché en faveur de l'environnement et des objectifs politiques connexes,

- résolution sur le Zimbabwe,

- résolution sur l'Iran.

Au cours de sa période de session du 7 au 8 mai 2008, le Parlement européen a adopté les documents suivants:

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord sous forme d'échange de lettres relatif aux amendements modifiant le protocole fixant les possibilités de pêche et la contrepartie financière prévues dans l'accord entre la Communauté européenne et la République des Seychelles, pour la période allant du 18 janvier 2005 au 17 janvier 2011,

- décision sur la conclusion d'un accord interinstitutionnel entre le Parlement européen et la Commission relatif aux modalités d'application de la décision 1999/468/CE du Conseil fixant les modalités de l'exercice des compétences d'exécution conférées à la Commission, telle que modifiée par la décision 2006/512/CE,

- résolution sur le Conseil économique transatlantique,

- résolution sur le rapport annuel 2007 sur les droits de l'Homme dans le monde et la politique de l'Union européenne en matière de droits de l'Homme,

- résolution sur les missions d'observation d'élections de l'UE: objectifs, pratiques et défis futurs,

- résolution sur les relations commerciales et économiques avec l'Association des nations de l'Asie du Sud-Est (ANASE),

- résolution sur la gestion des stocks de poissons d'eau profonde,

- résolution sur le Livre blanc sur le sport.

2. 5803 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Prise en considération

An hirer Réunion vum 22. Mee huet d'Präsidentekonferenz d'Proposition de loi 5803, eng Ofännerung vum Wahlgesetz, op den Ordre du jour gesat. Ech wëll d'Chamber froen, ob si sech fir d'Prise en considération vun dëser Proposition ausschwätzt. Et handelt sech heibäi ëm eng Décision, déi noutwendeg ass opgrond vun enger Disposition vum Chambersreglement.

(Assentiment)

D'Chamber ass do averstanen. Et ass also esou décidéiert.

3. Composition des commissions parlementaires

Zousätzlech wär nach en Ännerungsvorschlag ze signaléieren, wat d'Zesummesetzung vun der Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse betrëfft. Hei soll den Här Claude Adam ersat ginn duerch d'Madame Viviane Loschetter.

Ass d'Chamber mat dëser Personaldisposition d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, Dir Dammen an Dir Hären, huet d'Präsidentekonferenz folgendes virgeschloen:

Haut de Mëtteg a muer de Moien diskutéiere mer den État de la Nation. Déi Debatte gi muer de Mëtteg weidergefouert bis mer un Enn vun deenen Debatten ukomm sinn. Um Enn vun den Debatte kënn d'Proposition de loi 5803, wat eng Ofännerung vum Wahlgesetz ass, an dann de Projet de loi 5685 iwwert d'Jugend. Iwwermuer diskutéiere mer de Projet de loi 5833, nämlech den Traité vu Lissabon.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

ler et zur Décision vum Ordre du jour kënn, huet den Här Gibéryen d'Wuert zum Ordre du jour vun der Chamber gefrot. Här Gibéryen, wann ech gelift.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Den 19. Februar dëst Joer huet dës Chamber eestëmme mat 60 Jo-Stëmmen d'Gesetz iwwert d'Palliativmedezin gestëmmt. De 4. März dëst Joer huet de Statsrot den zweete Vote constitutionnel refuséiert, iwwert déi zwee Texter, souwuel iwwert dee vun der Palliativmedezin wéi iwwert d'Proposition de loi iwwert d'Euthanasie.

Dat wëllt heeschen, datt d'Chamber muss dräi Méint waarden, ier se ka frësch iwwert dat Gesetz ofstëmme, a vu datt déi dräi Méint elo eriwwer sinn, maache mir d'Proposition, fir datt mer dës Woch d'Ofstëmmung iwwert d'Gesetz vun der Palliativmedezin op den Ordre du jour huelen, fir datt d'Chamber dat Gesetz dës Woch kéint stëmme.

Et sinn elo schonn dräi Méint verluer gaangen a mir sinn der Meenung, datt d'Gesetz iwwert d'Palliativmedezin awer misst kënnen esou séier wéi méiglech a Kraaft trieden. Duerfir géife mer gär bidden, datt dat op den Ordre du jour kënn, d'autant plus, datt dat Gesetz och den 19. Februar eestëmme an der Chamber gestëmmt ginn ass.

D'Santéskommissioun huet wuel e puer Amendementer zu deem Text gemaach, déi awer méi en Toilettage vum Text sinn. Dovun ass een Amendement, wat den Délai, wou d'Gesetz soll a Kraaft trieden, soll verkierzen. Mir haten deemools an der Kommissioun gefrot, datt een déi Amendementer sollt direkt un de Conseil d'État weiderginn. D'Kommissioun hat décidéiert, datt d'Amendementer vun deenen zwee Gesetzer géifen zesummen un de Conseil d'État fortgoen, esou datt se bis haut nach net un de Conseil d'État weidergaange sinn.

Dat hënnert eis awer net drun, datt mer d'Gesetz iwwert d'Palliativmedezin elo géifen am zweete Vote hei stëmme. A wann dann d'Kommissioun déi Amendementer vum Statsrot aviséiert krit huet, ka se déi nach ëmmer an d'Gesetz vun der Euthanasie abauen, wa se dat fir richtig fënn. Mir halen also drop, fir datt d'Gesetz vun der Palliativmedezin dës Woch sollt op den Ordre du jour kommen, fir datt dat kann eng zweete Kéier gestëmmt ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Vu dass déi zoustänneg Kommissioun Amendementer formuléiert huet, déi beim Conseil d'État sinn, respektiv un Wee bei de Conseil d'État sinn, stellen ech mer d'Fro, ob d'Chamber an dësem Moment d'accord ass, fir d'Proposition vun der Modifikatioun vum Ordre du jour unzehuelen. Au vote!

Den Här Bausch freet d'Wuert.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, mir fannen, datt déi zwee Themen esou wichteg sinn, datt se sech schlecht eegene fir parteipolitesch Calculen oder Polemiken. Mir fannen, et soll ee bei där roueger Aarbecht bleiwen, déi mer an der Kommissioun gemaach hunn.

» **Une voix.** - Do kritt Der awer nach eng drop!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Da stëmme mer fir d'éischt of iwwert d'Proposition vum Här Gibéryen.

Vote

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virgeluecht huet, dat heescht, fir net d'Proposition vum Här Gibéryen a Betruecht ze zéien? Ass d'Chamber d'accord fir den Ordre du jour vun der Präsidentekonferenz ze endosséieren?

(Assentiment)

Ech gesinn, et ass praktesch Eestëmmegkeet. Domat ass den Ordre du jour esou uegoholl, wéi d'Presidentekonferenz e proposéiert huet, ouni d'Modifikatioun vum Här Gibéryen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Woch huet de Statsminister hei d'Deklaratioun iwwert den État de la nation gemaach. Haut ass et un der Chamber, fir iwwert dës Deklaratioun vum État de la nation ze debattieren. Et si bis elo ageschriwwen: déi Här Wolter, Meisch, Fayot, Bausch, Gibéryen, Jaerling, Thiel, Goerens, Berger, Etgen, Bettele a Krieps an d'Madame Flesch. D'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

» **Une voix.** - Dir sidd just neidesch.

» **Une autre voix.** - Qualitéit, net Quantitéit.

» **Une voix.** - Bis Der zu 27 stëmmt.

» **Une autre voix.** - An engem Joer ass dat net oft hei.

» **Une autre voix.** - Net hei, mä...

(Hilarité)

5. Débat sur l'état de la nation

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem Statsminister seng Deklaratioun de leschten Donneschdeg hei an der Chamber iwwert d'Land war an den Ae vun der CSV eng ëmfassend Betreuechtung vum Zoustand, an deem d'Land sech befënnt. Dës Ried war beschreiwend a perspektivesch zugläich. Aus der Realitéit vum haut huet de Regierungschef d'Aktiounen vum muer ofgeleed. D'politesch Aktiounen, mat deenen de gesellschaftlechen Zesammenhang verstäerkt, déi wirtschaftlech Leeschtungs-fäegkeet vu Lëtzebuerg ofgesichert, déi sozial Dynamik verdéift solle ginn.

Et war, Dir Dammen an Dir Hären, eng Deklaratioun aus der Mëtt vum Vollek eraus, well de Statsminister nämlech genau do ass. Et huet guer net no Testament geklongen, wéi eng Escher Zeitung dat wollt ausgemaach hunn - mä vläicht war deen Titel scho fäerdeg virun der Ried -, mä éischter no konkreter politescher Aktioun, an dëst iwwert de Wahltermin vum nächste Joer eraus an déi mëttelfristeg Zukunft vum eisem Land, déi et ze gestalte géllt.

D'Ried vum Statsminister huet sech ëm dräi Achse gedréint. Ech wëll mech och am Numm vun der CSV-Fraktioun ëm déi dräi Achsen artikulieren - et sinn nämlech déi, déi an eisen Aen d'Erausfuerderunge vun haut a vu muer beschreiwen - an hinnen e Kader ginn. Et geet ëm: 1. déi gesellschaftlech Kohärenz an Integratiounsfäegkeet; 2. d'Leeschtungs-fäegkeet an d'Kompetitivitéit vum eiser Economie, an 3. d'Dynamik vum Lëtzeburger Sozialmodell, mat all deem, wat en un Hëllefstellung vum der Politik un d'Leit an d'Betriber beinhalt.

D'Thematik vun der gesellschaftlecher Kohesioun an der Integratioun ass ouni Zweifel déi wichtegst iwwerhaapt fir d'Zukunft vun deem, wat eist Land ausmécht. Mir sinn eng Gesellschaft, wéi et se soss net op ville Plaze gétt. Eng mat enger knapper hallwer Millioun Awunner, vun deene ronn 40% Netlëtzeburger sinn. Mat engem vergläichbar héije Mindestloun an iwwerhaapt Léin, déi an eisen Nopeschlänner mat Gloscht gekuckt ginn, well se do am Allgemengen net erreicht ginn. Eng mat ville Leit, deenen et richteg gutt geet. Mä och mat solchen, déi haart un der Grenz zur Aarmut liewen oder leider a gewëssene Fäll och drénner. Dëst Thema wäert ech am Kontext vun der sozialer Dynamik behandelen, also eppes méi spéit.

Déi gesellschaftlech, déi sozial Kohesioun huet eng ganz Partie Dimensiounen. Déi vum soziale Friden, déi vun engem gutt organiséierte Matenee vu Leit vun allen Horizonten aus alle soziale Schichten, huet zu Lëtzebuerg eng besonnesch Traditioun, als prioritäert Uleies vun der Politik. Enger Politik, déi vun der CSV ëmmer héichgehalten a weiderentwéckelt gouf. Déi lescht Jore sinn

do keng Ausnahm, déi nächst wäerten och keng sinn. Mir hunn, no intensivsten Detailgespréicher - et soll een dat net ëmmer Verhandlungen nennen - tëschent Regierung, Patronat a Gewerkschaften, elo en eenheetleche Statut vum Arbeitnehmer zu Lëtzebuerg.

Niewebäi wëll ech bemierken, dass dozou och d'Chamber an an engem ganz bescheiden Mooss och d'CSV-Fraktioun hiren Deel bäigedroen huet, andeems se an der Kontinuitéit vun der ganzer Eenheitsstatutsdynamik hir Gespréicher gefeuert an hir Recommandatiounen formuléiert huet. Mir waren drun interesséiert, dass et zu engem Eenheitsstatut koum, a mir hunn do ugepaakt, wou et zäitweis e bësse geklemmt huet.

Elo hu mer de Statut unique. Déi al an total onzäitgemä ÷ Trennung vun de Leit, déi an zwou Kategoriën schaffen, ass domadder opgehewen. Et gétt keng Aarbechter a keng Privatbeamte méi, mat verschiddenaar-tege Sozialversécherungsstarifer, mä virun allem mat ganz verschiddene gesellschaftleche Considératiounen.

Déi Zäit, wou engem seng aarbechtsrechtlech Bezechnung am Kontrakt stoung, ass eriwuer. Dat ass fir meng Fraktioun a fir mech selwer ee Grond zur Freed. Den Eenheitsstatut ass eng grouss Reform. Et ass ee wichtegt Stéck Gesellschaftspolitik, et stäerkt d'Kohesioun an eiser Gesellschaft.

Weider Elementer vun där bewährter Kohesiounspolitik am Land sinn ugekënnegt. Si wäerten de Wee an déi legislativ Prozedur oder schonn aus hir eraus an nächster Zukunft fannen. Dozou gehéiere méi individuell Rechter am Beräich vun der sozialer Versécherung. Op Dauer ass et net vertriebar, dass Leit, déi sech doheem ëm d'Kanner këmmere an dowéinst während e puer Joer oder méi dauerhaft hire beruffleche Wee ënnerbriechen, bei hirem Usproch op sozial Leeschtungen total vun hirem Partner ofhänken.

Dat soll an Zukunft anescht ginn. De Wee a Richtung Individualiséierung vun der Sozialversécherung gétt beschridden. Dat ass besonnesch wichtig an enger Gesellschaft, an där mëttlerweil iwwert d'Halschent vun den Hochzäite gescheet ginn.

À propos Scheedung: Do duerchleef am Moment ee Gesetzesprojet déi parlamentaresch Prozedur. Dëse Projet ass inspiréiert vum Wonsch, déi ëmmer méi heefeg Scheedunge méi verträglech ze maachen, op alle Pläng. Fir déi betraffe Koppel selwer, well et soll manner knaschteg Wäsch gewäsch an eben den Échec festgestallt ginn, deem seng Konsequenzen et ze gériere gétt. Mä virun allem fir d'Kanner, déi do sinn, andeems se an Zukunft manner vu ruckelzeche Scheedunge sollen traumatiséiert ginn a béid Elteren e prinzipiell Suergerecht fir si kréien.

Duerfir ass eng speziell Gesetzespropositioun un Wee, an där d'Autorité parentale gläichméisseg tëschent béiden Elteren opgedeelt gétt. Dat muss de Prinzip sinn a ginn, ugeräichert duerch d'Notioun vun der gemeinsamer Eltereverantwortung fir hir Kanner. Et ass onsënneg, dass der zwar ëmmer zwee mussen do si fir Kanner ze maachen, mä no Scheedung op eemol just nach ee vun den Elteren, am Regelfall d'Mamm, de Gros vun der Suerg fir d'Kanner soll iwwerhuelen.

Dat soll ophéieren, dat muss och ophéieren, well et eng Fro vu Responsabilitéit ass. Kanner op d'Welt komme loosse an sech dann aus dem Stëbs maachen, dat geet net. Mat engem bestëmmte Mann oder enger bestëmmter Fra Kanner wëllen, a wann d'Partnerschaft an d'Bréch geet, dann awer fannen, deen oder déi dierft mat de Kanner nãischt méi ze dinn hunn, dat geet och net.

Wann ee Kanner wëllt, da mussen déi zwee Intervenanten och bereet sinn, dauerhaft fir si ze suergen an zoueloossen, dass dee jeeweils anere Partner dat och mécht, egal ob déi zwee Elteren da beienee bleiwen oder net.

Op Dauer mussen mer au vu vun eise Scheedungs-zuele souwiso iwwerleeën, wéi mer et hikréien, dass eng Koppel, déi sech wëllt bestueden, vu vireran och regelt, wéi et da soll goen, wa se sech eng kéier géif trennen. Den zivile Mariage ass e Kontrakt, en ass also par définitio opléisbar an e gétt haut an der Realitéit an engem Fall vun zwee och opgeléist. E Kontrakt beinhaltlech gemengerhand Dispositiounen doriwwer, déi d'Relatioun tëschent de Parteien dann ze regelen hunn, wann en opgeléist gétt. Esou eppes muss och beim Mariage an Zukunft méiglech ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kanner gi fréier oder spéider an d'Schoul. Déi Schoul ass e permanente Chantier vun eiser Gesellschaft. Néierens lafen esou dicht an esou konsequent verschidde Lie-wenssituatiounen beienee, wéi an der Schoul. Néierens sammele sech op déisel-

wecht Manéier all déi Schwieregkeeten a Problemer un, déi eng Gemeinschaft vu Leit aus all den Altersklassen a Schichte mat sech bréngt, wéi an der Schoul.

D'Schoul huet zënter éiweg den Optrag, Wëssen a Bildung ze vermëttelen. Hire Optrag haut, an nach vill méi an Zukunft, geet an eisen Aen doriwwer eraus.

Mir brauchen zu Lëtzebuerg eng Schoul, déi et fäerdeg bréngt ze integréieren, ze sozialiséieren, ze orientéieren a gläichzäitig dat ze maachen, wat se nach ëmmer gemaach huet, nämlech hire Schützlinge Wëssen a Bildung ugedeien ze loosse.

Dëst ass keng Schouldebatt, an et wier schrecklech vill zum schoulesche Schoulkomplex ze soen. Well et keng Schouldebatt ass, wëll ech just am Numm vun der CSV-Fraktioun nach eng kéier betounen, wéi wichtig fir eis d'Reforme sinn, déi vun dëser Majoritéit haaptsächlech am Primärschoulberäich um Instanzewee sinn. Et ass e schoulesche Reformprozess amgaangen, dee sech elo nach op d'Primärschoul fokaliséiert, mä dee relativ séier och am Secondaire seng Verlängerung a seng Verdéiwung muss fannen.

Fir all deenen Défien, déi d'Schoul viru sech huet, kënnen ze begéinen, mussen mir deen Encadrement, dee mer de Schüler wëlle ginn, vum Antrétt an d'Primärschoul bis zum Verloosse vum Secondaire zéien.

D'Schoul muss nei Inhalter genauso integréiere wéi nei Methoden. Si muss dat Wëssen, wat et ze vermëttelen géllt, an Aklang bréngen mat Betreuer, déi se ze assuréieren huet. An Zukunft wäerten et an der Schoul net nëmme Schoulmeeschtere respektiv Proffen engersäits a Schüler anersäits ginn, mä ganz Equipé vu Professionellen, déi sech ëm d'Erfüllung vum schouleschen Optrag këmmere, an och méi Interviounen vun den Elteren, déi méi enk an d'schoulesch Entwécklung vun hire Kanner agebonne solle ginn.

Alles an allem gétt de Phänomeen Schoul méi breet a méi ëmfassend. Duerfir brauch net nëmme si en neien Optrag; och déi, déi d'Schoul halen, kréien en neien, en aneren, e méi ëmfassenden Optrag. Ech hoffen, an d'CSV-Fraktioun mat mir, dass d'Politik et fäerdeg bréngt, deen Optrag zesumme mat den Enseignanten esou ze definéieren, dass d'Schoul vun der Zukunft Realitéit ka ginn.

Et kann an därer net un enger Debatt, un engem Sträit iwwert de Statut vun Enseignanten an hirem Position op der staatlecher Lounskala scheitern. Duerfir ass den Challenge, ëm deen et hei geet, ze grouss.

D'Schoul an hiren Integratiounsoptag hunn och eppes domadder ze dinn, wéi mer an Zukunft mat eiser Sprooch ëmginn. Ze vill Schoulkanner kënnen haut kee Lëtzeburgergesch, wa se an d'Schoul erakommen, an nach ëmmer net richteg gutt Lëtzeburgergesch, wa se nees, an deene Fäll dacks ouni Diplom, aus der Schoul erauskommen.

Deen Zoustand ass op Dauer onhaltbar, genauso wéi et onhaltbar ass, dass mer an eise Land keng Sprooch hunn, déi eis all, Lëtzeburger an déi aner, matenee ka verbannen. Mir kënnen eis dréien a kéiere wéi mer wëllen, net all Mënsch zu Lëtzebuerg schwätzt Franséisch. Unzehuelen, wéi et an der Vergaangenheet war, de permanenten a strukturelle Recours op Franséisch fir bal alles géif bal all Verständnegungsproblemer léisen, leet an der Welt vun haut zu engem totalen Trugschluss.

Also läit et dach no emol ze versichen, eng anstänneg Offensiv op Gonschte vun der Lëtzeburger Sprooch als Mëttel vun der Kommunikatioun an eiser Gesellschaft ze starten. Net jiddferee wëllt, net jiddferee kann an net jiddferee brauch op Lëtzeburgergesch oder och op all aner Sprooch kënnen Bicher ze schreiwen, mä et wier gutt, wa jiddfereen amstand wier op Lëtzeburgergesch mat engem aneren ze schwätzen a seng Äntwerten och ze verstoen.

Dat ass besonnesch wouer fir déi Leit, déi gäi eis Nationalitéit hätten. D'Reform vum Nationalitéitgesetz ass an den Ae vun der CSV e grouss Worf, wann et géllt, den Zougang zu eiser Statsbiurgerschaft vum Ofleeën vun enger aner Nationalitéit lasszekoppelen. Et kann een am Liewe méi wéi eng Loyalitéit hunn. Dat ass och wouer par rapport zur Nationalitéit. Et kann ee séier wuel an engem Land gebuer sinn an duerno och nach en aner besonnesch gäi hunn, well een do schafft a laang do lieft.

Duerfir mengt d'CSV, dass de Verzicht op engem seng éischt Nationalitéit vun der Erlaangung vun eiser soll lassgekoppelt ginn. Allerdéngs, wann ee Lëtzeburger gétt, da gétt ee Lëtzeburger - och oder nëmme, mä et gétt ee Lëtzeburger. An déi schwätzen nun emol Lëtzeburgergesch. Duerfir soll een dat och kënnen, wann ee wëllt Lëtzeburger ginn. Iwwerall soss op der Welt ass dat normal.

Et kéim kengem an d'Iddi, e Russ wëllen ze ginn, ouni Russesch ze kënnen, oder Italie-ner, wann een net emol versteet, wat d'RAI engem esou verzielt. Et dréckt kee Mënsch op der Welt sech an engem Sproochesystem aus. Et dréckt ee sech an enger Sprooch aus. A mir hunn eng Mammesprooch, an där mer dat besonnesch gutt kënnen. Dat ass fir Lëtzeburger d'Lëtzeburgergesch, och wa mer aner Sprooch léieren, well mer se brauchen. Déi Méisproochegkeet an d'Noutwendegkeet vun där stellt kee Mënsch an Zweifel.

Iwwert d'Nationalitéit eraus mussen mer versichen, eiser Sprooch e gréisser Gewicht am öffentleche Liewen ze ginn. Et kann een eppes net anstänneg vermëttelen, wann een et net selwer eescht hëlt. Mir müssen eis Sprooch eescht huelen, wa mer wëllen op frëndlech an oppe Manéier se all deenen ubidden, déi bei eis kommen a se nach net kënnen oder kennen. Duerfir solle mer queesch duerch eis Schoul Lëtzeburgergesch léieren. An zwar méndlech a schrëftlech. Mir sollen och um akademischen Niveau versichen, hir lexikalesch Basis ze verbreedere. Nëmme wa mer un eiser Sprooch schaffen, gewënnt se u Gewicht. An nëmme wa se am Liewe vum Land méi Gewicht kritt, gétt se och e wesentleche Facteur vun der Integratioun, och vun deene Leit, déi eis Nationalitéit net wëllen, mä déi hei berufflech a gesellschaftlech zousätzlech Chancé kréien, wa se sech kënnen op Lëtzeburgergesch verständlech maachen. Dat soll keen Zwang sinn, mä eng Offer. Eng Offer, déi doduerch wichteg an unhuelfbar gétt, well mer selwer weisen, dass Lëtzeburgergesch fir eis vill méi ass, wéi et bis elo offiziell war.

An deem Sënn ass et fir d'CSV-Fraktioun selbstverständlech, dass mer de Projet de loi vun der Regierung, fir e Sproochcongé anzeféieren, an deem ee Lëtzeburgergesch léiere kann, och wäerten ënnerstëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kohesioun an Integratioun hunn och eng territorial Dimension. Déi hu mer zwar méi spéit entdeckt, duerfir ass se net manner relevant. Eisen Territoire ass begrenzt, an d'Land zitt ëmmer méi Leit un. Mir hunn elo bal eng hallef Millioun Awunner an iwwer 140.000 Frontalieren. Déi maachen iwwer 40% vun de Beschäftegten am Privatsektor aus, wou ronn 320.000 Leit schaffen.

D'Zounam vun der Zuel vu Frontalieren iwwerbiit konsequent déi héchste Prognosen, déi am IVL-Konzept 2004 presentéiert goufen. Dat stellt eis viru Mobilitéitserausforderungen, wéi mer se nach ni kann hunn, well mer musse wëssen, dass dës Evolutioun net ophält. A wa mer eis och an zéng an an zwanzeg Joer zu Lëtzebuerg nach wëlle beweegt kréien, am Land, an d'Land eran, an och nees eraus, da brauche mer eng konsequent Opwärtung vum öffentlechen Transport op der Schinn, an eng Landesplanung, déi méi Leit no bei hirer Aarbechtsplaz wunne léisst an Aarbechtsplaze virun allem do usidelt, wou d'Schinn och hikënt.

D'CSV-Fraktioun freet sech doriwwer, dass der Landesplanung an der Ëmsetzung vum IVL-Konzept an der Ried vum Statsminister dëst Joer eng grouss Roll zougeschriwwen gouf. D'Erausfuerderunge vun der Ëmsetzung vum IVL an all sengen Deeler ass en Travail de longue haleine, deen eis bis wäit an d'20er Jore vun dësem Johonnert wäert beschäftegen. Elo scho freeë mir eis driwwer, dass an deenen nächste Méint déi divers sektoriell Pläng vum Landesplanungsminister wäerte virgeluecht an op den Instanzewee geschéckt ginn.

D'Denkschemen am Kapp an d'Décisionsprozeduren an der Verwaltung ze änneren, Gemengenautonomie anescht ze faassen, d'Noutwendegkeet, fir d'Zesammenarbeit op allen Niveauen ze organiséieren, sinn nëmme e puer vun deenen Erausfuerderungen, déi mer op dësem Wee konsequent musse beschneiden. Ouni ze vergiesse, dass enorm vill Finanzmoyenë mussen zur Verfügung gestallt ginn, fir an d'Géigend vun engem „modal split“ vu 25% ze kommen, woubäi déi zur Verfügung stehend Finanzmoyenë prioritär do anzeseze sinn, op der Zäitschinn, wou e méiglechst grouss Benefiss fir den „modal split“ erausspréngt.

Duerfir begréisst d'CSV-Fraktioun, dass de Statsminister den Tram duerch d'Stad an dee Kontext gesat huet, deen him zousteet, awer net als Allheilmëttel zur Léisung vun alle Verkéiersproblemer an eisem Land.

Här President, déi Zeenarien, mat deene sech den IVL beschäftegt, ginn dovun aus, dass eist Land dauerhaft wirtschaftlech expandéiert. Dat muss et iwwerengens och, fir säin eegene Sozialversécherungsniveau kënnen ze halen, wéi ee jo ëmmer nees an Erënnung ruffe muss.

Wa mer 2008 elo just nach 3% Wuesstum erwaarden, dann ass dat schonn e Punkt manner wéi dat, wat mer an der Moyenne brauchen, fir laangfristeg de Finanzement vun eise Pensiounen ze garantéieren. Mir sinn zum Wuesstum verdaamt, well mer net anescht liewe wëllen, wéi mer dat nun emol maachen.

De Statsminister huet eng Rei vu steierleche Moosnamen an Aussicht gestallt, déi d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg solle konsolidéieren. Dës Initiative betreffen d'Betriber an d'Gesellschaften, déi sech zu Lëtzebuerg nudderloossen.

D'Ofschafe vum Droit d'apport fénnt elo statt. Dat ass eng gutt Noricht. Net esou séier, well dës Tax d'Gesellschaft besonnesch hefteg belastscht hätt oder dem Stat entspréchend vill bruecht. Et ass vill méi eng psychologisch Affär, déi an der Duerstellung an an der Promotioun vum Standuert Lëtzebuerg eng Roll spillt. Mir sinn ee vun deene leschte Memberstate vum der Europäescher Unioun, déi nach eng spezifesch Tax op der Zomm vun Gesellschaftskapital bei der Grënnung erhiewen. Dat huet sech zwar nëmme a Promille ausgedréckt, net emol a Prozenter, mä et war nach do. Elo verschwënnt et. E Geste, deen de Budget verkraaft a vun deem sech Kompetitiounszouwuess fir eise Standuert erwaart gëtt.

D'Kollektivitéitssteuer selwer soll vu ronn 30% op 25,5% erfrogefuer ginn an enger kontinuierlecher Bewegung iwwer länger Zäit. De Message vum Statsminister ass en duebelen. Engersäits soe mer den Investoren, mir passen eis dem betriebssteierlechen Émfeld un, wat permanent no ënne rëtscht, a mir belastschten d'Entreprises net méi wéi anerer och.

Anerersäits artikuléiere mer awer och, dass den totale Steierdumping am Beräich vun de Betriber zu Lëtzebuerg net stattfënnt. Dee Message, wéi ech soen, kënne mer eis nëmme leeschten, well eis Lounniewekäschten an eng Partie aner Steieren, déi d'Betriber treffen, wéi zum Beispill d'TVA, déif sinn. Soss wier et deenen, un déi dee Message adresséiert ass, nämlech häerzlech egal, dass mir kee Kollektivitéitssteierdumping wëllen. Esou nobel Usätz interesséieren d'Kapital am Regelfall net. Mä eist gesamt Steier- a Belaaschtungsëmfeld fir Betriber ass esou attraktiv, dass mer net carrément mussen d'Kollektivitéitssteuer bis an d'Dimensione vun der Lächerlechkeet eroefféieren. Och dat ass e Resultat vun enger Politik, an zwar eiser Politik.

D'Kollektivitéitssteuer fuere mer net am loft-eidele Raum erf. Si ergëtt sech ënner anere aus dem Usaz zu enger Verbreederung vun der Assiette, also der Zomm vun deem, wat vun hir besteierbar ass. Am europäesche Raum si Bestriewungen amgaangen, fir d'Assiette vun der Betriebsbesteuerung ze harmoniséieren. Dëst stellt e Kontext duer, an deem d'Senkung vum Steiertaux u sech ka graduell realiséiert ginn, ouni dass et zu engem spierbare realen Ausfall vu Recetten an dëser Steier kënnt. Deen ass iwwerregens am Moment souwisou um Stattfannen, onafhängeg vun all Adaptatioun vum Taux. Dat muss eis soen, dass Virsicht gebueden ass, wann een un d'Schrauf vun der betrieblecher Steierbelaaschtung dréine geet.

Et bezuelen net schrecklech vill Betriber déi Steier. Si kënnt virun allem aus dem Finanzsektor. Dee Sektor ass no wéi vir d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft. An dorunner wäert sech an nächster Zukunft näischt änneren. En ass ganz sensibel op Entwécklungen op de Bourssen an op auslännesche Märter, wat dozou féiert, dass Recetten aus der Lëtzebuurger Finanzwelt net kënne mat leschter Sécherheet diagnostizéiert ginn. Mä et ass noutwendeg, dësem Beräich vun eiser Économie ëmmer nees duerch politesch Aktioun ze weisen, dass seng Uleies a seng Suergen eescht geholl ginn.

D'Adaptatioun vun der Betriebssteuer ass esou en Zeechen. Wéi mer eis och ëmmer steierlech uleeën, et wäert iergendwann eng Zäit kommen, wou d'Bankgeheimnis net méi wäert déiselwecht Roll spille wéi haut. Och déi Zäit muss mer esou virbereeden, dass d'Produktpalette vun de Finanzdëngschtleeschungen zu Lëtzebuerg stänneg erweidert gëtt.

Et gëtt eng konsolidéiert Expertise a ville Beräicher, wou mer d'Konkurrenz net brauchen ze färten. D'Fongegeschäft ass esou eent.

Och am Domän vun der Assurance an der Réassurance huet eist Land net nëmme eng zolidd Renommée, mä och nach Spurt fir Produkter an déi, déi se ubannen. Mir kommen net laanscht esou eng Diversifizierung vun eiser Finanzplatz am wäite Sënn, well d'Diversifizierung op allen anere Pläng net onbegrenzt méiglech ass.

Et kann een an engem Land, dat déi Léin huet, déi mir kennen, keng T-Shirte bitze loossen. Et kann ee keng Turnsclappe produzéieren. Industriell Produktioun iwwerhaapt ass zu Lëtzebuerg eppes, wat sech op engem ëmmer méi héijen Niveau vu Mehrwärt muss bewegen, well mer doranner net méi konkurrenzféeg sinn.

Dat ass zum gudden Deel eng Konsequenz aus der Globaliséierung, déi zu enger weltwäiter Aarbechtsdeelung féiert. Bëlleges do, wou ka bëlleg geschafft ginn; Deieres do, wou déi Qualitéit ka produzéiert ginn, déi déi Leit a Betriber sichen, déi sech Qualitéitsgiddere kënnen leeschten.

D'Auswirkung vun dëse Verlagerungsbewegungen op d'Industrie a ganz Europa sinn enorm. Och Lëtzebuerg bleift vun hinnen net verschont. Duerfir ass et noutwendeg a richtig, dass mer eng wirtschaftlech Promotioun a Prospektioun maachen, déi dëser Realitéit Rechnung dréit.

Zwar kënne mer kloen - a mir maachen et jo och geleeëntlech - iwwert dee monolithesche Charakter vun eiser Wirtschaft, déi largement vun der Lëtzebuurger Finanzwelt dominiéiert gëtt, mä Industrieromantik wier eng Illusioun. Wa mer wëllen eis Économie op méi breet Bee stellen, da geet dat just iwwer innovativ Usätz bei Servicer a Produkter, déi virun allem vu méi klenge Betriber kënnen ausgoen.

D'Ënnerstützung vum Mëtzelstand bleift duerfir eng politesch Prioritéit. Hie schafft Aarbechtsplazen; hien innovéiert; hien erschléisst nei Aktivitéitsgebieder duerch den Entrepreneursgeescht vun deenen, déi en ausmaachen.

Dëse Geescht muss nach méi - och an der Schoul - gefördert ginn. All diploméierte Schoulofgänger, dee Loscht huet eppes Neies, eppes Spannendes an der beruflecher Onafhängegkeet ze probéieren, ass e Gewinn net nëmme fir d'Wirtschaft, mä och fir eis Gesellschaft. Grad de Mëtzelstand leit awer ënner der Inflatioun, déi mer am Moment kennen.

D'CSV-Fraktioun begréisst d'Determinatioun vun der Regierung, fir der Deierecht konsequent entgéintzewierken do, wou mer kënnen. Besonnesch freet eis, dass de Statsminister all weiderer Erhéijung vun den administrativen an ökologeschen Taxen eng Ofso erdeelt huet. Si sinn nu wierkelech héich genuch; besonnesch am Réckbléck drop, wou se virun enger Handvoll Joren nach waren.

Et gëtt Grenze vun der Belaaschtbarkeit vun den Haushalter an de Betriber. Déi Grenze sinn ertrecht. All weider vermeidbar Steier- an Taxenerhéijung géif riskéieren eis Betriber virun eeschthaft, deelweis existenziell Schwierigkeeten ze stellen. A si géif och riskéieren den Aarmutsrisiko an déi reell Aarmut an der Populatioun ze vergréisseren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domat kéim ech un déi dréit Achs vu menger Iwwerleeung, nämlech déi vun der sozialer Dynamik. Doduerch, dass bal alles méi deier gëtt, steigt de Risiko, och zu Lëtzebuerg an d'Aarmut ze falen, weider un. Dat ass eng Mëllechmeederchersrechnung, iwwert déi een allerdéngs net soll laachen.

Vill méi Leit, wéi et eis léif ass oder wéi mer et wëlle gesinn, befanne sech zu Lëtzebuerg an engem Zoustand vun Aarmut, oder just derbäi. Dozou gehéieren och Leit, déi schaffen. Et ass net esou wéi wann d'Aarbecht par définition an ëmmer géif derzou féieren, dass een Aarmut ka verhënnere.

Et kann een net, wéi eenzel Potentaten op anere Kontinenter dat an der Vergaangeneit virgemaach hunn, per Gesetz d'Aarmut an den Aarmutsrisiko verbidden. Aarmut an d'Gefor, aarm ze ginn, kann d'Politik nëmme dann endiguéieren, wa se konsequent a geziilt déi Schwächsten an der Gesellschaft ënnerstëtzt, an zwar iwwert dat eraus, wat hir Pai en erlaabt, déi nun emol a ville Fäll net derzou gëeegent ass, mat de Finanzierungsnotwendegkeete vun deegleche Liewe fäerdeg ze ginn, besonnesch wann déi stänneg an hefteg klammen.

Am Statsminister senger Ried fanne sech eng Rétsch vu Moosnamen, déi derzou sollen dëngen, der Aarmut entgéintzewierken. Hien huet geschwat vu Mindestlounerhéijung, vu Steierkreditter a vu spezifischen Zoulagen. Well all dëst CSV-Politik ass a well et eisen Iwwerzeegungen entsprécht, kommen ech net am Detail drop zréck. Ech wëll just soen, d'Erhéijung vum Mindestloun gëtt vun eis gradesou begréisst wéi d'Tat-saach, dass d'Basis, op där eng Heizkäschtenzoulag bezuelt gëtt, eng Ausdehnung kritt.

Mir all hunn dat spektakuläert Klamme vum Präis vum Heizungsmaout an deene leschte Méint materlieft. Eis hei am Haus

mécht dat net esou alles aus, geneesou wéi mir och weider normal tanke kënnen. Engem Mënsch oder enger Koppel, déi op engem oder op zwee Mindestléin liewen, kann déi Evolutioun awer net esou gläichmiddeg si wéi eis.

En Tank Mazout frësst schonn emol eng Pai an de Stéit mat klengem Revenu. Dat ass net näischt, besonnesch wann där Paien aus evidente Grënn net vill kënnen an d'Reserv geluecht ginn. Probéiert emol e Mindestloun ze verdëngen. Är Liewenshaltung ze bestreiden an dobäi nach Suen ze spueren! Et ass richtig, dass mer de Leit, déi an där Situatioun sinn, ënner d'Äerm gräifen, an dat och nach e gutt Stéck iwwert de Mindestloun eraus.

À propos Mindestloun. Wann een esou ee verdéngt an et ass ee bestuet, da bleift engem säi Partner kaum doheim, fir Kanner ze versueren. Dat ass reng materiell net leeschtbar. Och nach e gutt Stéck iwwert de Mindestloun eraus ass et net leeschtbar. De Choix, vun deem mer an dësem Zesammenhang ëmmer schwätzen, ass faktesch net fir all Mënsch an eiser Gesellschaft realisierbar.

Duerfir wëll ech hei ënnersträchen, wat de Statsminister gesot huet zum Thema Kannerbetreuung. Déi muss à terme gratis sinn, fir dass Kannerkréien a Kannerwëlle keng Fro vun der finanzieller Machbarkeit gëtt. D'Käschtebefreiung vun der Betreuung kann awer keng isoléiert Operatioun sinn. Spéitens zu deem Zäitpunkt ass ze iwwerleeën, wat mer fir e Geste zu Gonschte vun deenen Eltere maachen, déi sech nawell doheim em hiren Nowuess këmmere an domat der Allgemengheet Käschte spueren.

Maache mer eis keng Illusiounen! All eenzelt Kand, dat zu Lëtzebuerg op d'Welt kënnt, kann net an enger Betreuungsstruktur ënnerdaach kommen. Dat packe mer net, genausou wéineg wéi mer et packen, dass mer all eeler Mënschen an eng Institutioun kënnen kréien. Duerfir muss mer driwwer nodenken, wéi d'Betreiung doheim ka belount ginn, an zwar déi vun all Mënsch, deen als Personne à charge ka bezeechent ginn.

Dës Betreiung muss net e ganzt Berufsliewe laang daueren. Si wäert et an Zukunft och net sinn. Mä déi Zäit, déi se dauert, während där se gemaach gëtt, ouni dass se de Steierzueler eppes kascht, muss dee Mënsch, dee se iwwerhëlt, eng Sozialversicherungscarrière fortgeschriwwer kréien. E Mann oder eng Fra, deen oder déi sech doheim em Kanner oder eeler Leit këmmert, därer net och nach doduerch bestrooft ginn, dass déi Zäit, déi an esou eng Begleedung investéiert gëtt, him hernu a senger Versécherungscarrière feelt.

D'CSV begréisst och d'Ëmwandlung vun Abatementen a Steierkreditter, wéi se vum Statsminister gezechent gouf. Dëst ass eng Politik, déi et geziilt erlaabt, Leit mat klengem Akommes iwwert de Wee vun engem Ausgläich e Plus un Nettovernu ze organiséieren. Et huet och eppes domadder ze dinn; et ass den Astieg an esou eng Démarche, dass mer vun enger steierlecher Verlängerung vu sozialer Géisskanepolitik ewechkommen.

Et ass an eiser Welt an eiser Zäit keng Plaz méi fir Politik mat der Stränz. D'Liewensëmstänn müssen individuell bewäert ginn, wa mer se wëlle geziilt verbessern. Dat ass wouer an der Steierpolitik an et ass wouer an der Sozialpolitik. Dës Politike muss mateneen esou agencéiert bleiven, dass et ëmmer méi attraktiv ass, fir ze schaffen, wéi dat net ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zur sozialer Dynamik gehéiert och - an net u leschter Stell - d'Gesondheet. Mam Statut unique gëtt eng eenheetlech Keess geschafene, déi elo soll „Gesondheetskeess“ heeschen an déi d'Krankekeess soll ersetzen. Et geet mer hei net ëm de Begrëff, well, och wann deen neien Numm gutt gemengt ass: Dës Keess finanzéiert och an Zukunft Leeschtungen am Krankheitsfall.

Wat awer spannend ass, dat ass, dass mer eis mat de Sozialpartner jo net nëmme drop verstänneg hunn, dass „krankfeieren“, wéi dat heescht, muss méi staark kontrolléiert an och eventuell sanktionéiert ginn, mä dass mer während den Debatten zum Statut unique am Fong emol d'Wichtigkeet dovun entdeckt hunn, d'Krankeeten iwwerhaapt ze vermeiden.

D'Krankheete vermeiden, dat nenne mer op Lëtzebuergesch Preventioun. Dat geet net par rapport zu allem, mä et geet par rapport zu villem, wat eis u Boboe vun aller Zort befält. Schonns eng éierbar Ernährung ka villes hëllefen. D'Fréierkennung vun eeschte Krankheeten, zu engem Moment, wou se nach net esou schwéier sinn, ass besonnesch wichteg.

Et lafe schonn zënter geraumer Zäit Campagnë fir d'Preventioun. Ech erënnere un de Broscht-, Gebärmutterhals- an Daarmkribs, an et wäerten nach weiderer kommen. Mir muss wëssen, dass d'Krankheet, egal wien d'Cotisioun an d'Gesondheetskeess an d'Weiderfléisse vum Loun bezilt, kascht. Eescht Krankheete kaschten och besonnesch vill Geld an der medezinescher Versuerung.

Eis Versécherungsprimé sinn awer begrenzt. Dat, wat mer all Mount u Krankenrespektiv Gesondheetskeess vun eiser Pai offéieren, geet bäi Wäitem net duer, fir en intensiven Traitement vun enger schroer Kränk ze bezuelen. Duerfir muss mer wëssen, dass hei Responsabilitéit gefrot ass, vu jiddferengem vun eis. An zwar fir bei der Preventioun matzemaachen engersäits, an net fir vum Versécherungssystem ze abuséieren, anerersäits.

Wa mer all verstänneg mam System ëmginn, da packt en eis Leeschtungen alleguer. Wa mer mat deene klenge Saachen iwwerdreiwen, lafe mer Gefor, dass iergendeng Kéier déi richtig grous net méi kënnen fir jiddferen, deen am Fall ass, finanzéiert ginn.

Dohin dierfe mer net kommen, well eng optimal medezinesch Betreiung eent an eisen Ae vun de wesentlechen Attributer vun engem Sozialstat ass. Besonnesch mussen déi Leit sech kënnen drop verlossen, dass se vun der öffentlecher Gesondheetsversécherung gutt versuergt ginn, déi sech et net kënnen leeschten, privat Zousatzbetreiung ze kafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Gesondheet wënscht ee sech, mä och mat där beschter Preventioun kritt ee se net ëmmer an et behält ee se och net ëmmer. Et kann am Liewe vun eis all de Moment kommen, wou eis Gesondheet verseet, richtig verseet, a wou d'Medezin op de Punkt kënnt wou se net méi kann heelen, mä just nach versueren.

Duerfir kréie mer an deenen nächste Wochen endlech e Gesetz iwwert d'palliativ Betreiung, mat deem jiddferen e Recht op eng komplett palliativ Versuerung kritt, wa säi Liewen op en Enn geet an déi aktiv, kurativ Medezin em keng Heelungs- a Verbesserungsperspektiv méi ka ginn.

Dëst Gesetz ass e wesentlecht Stéck Aarbecht vun dëser Koalitioun. Parallell zum Vote vun deem Gesetz huet sech eng Majoritéit hei am Haus derfir ausgeschat, dass déi aktiv Stierfhëllef an Zukunft soll stroffrät ginn. De Statsminister huet gesot, e géif sech wënschen, dass den Dossier Stierfhëllef zu engem méi konsensuellen Ofschloss kéint kommen. En huet sech gewünscht, dass mer d'Ausnahmefäll, vun deenen ëmmer geschwat gouf, op alle Säiten, géifen als sollech zesomme regelen.

Abee, dat wëlle mir och, am Respekt vun der Décisioun vum 19. Februar. D'CSV wëllt genee dat a si beriff sech dobäi op de Fraktiounspresident vun der LSAP. De Ben Fayot huet an engem Zeitungartikel, an deem e fir d'Exception d'euthanasie plädéiert, Enn Mäerz dozou opperuff, dass eng breet parlamentaresch Majoritéit am Respekt vun der Substanz vum Vote vum 19. Februar sech géif fir eng Léisung vun de Froer ronderëm d'Stierfhëllef am Kader vun der Regelung vun Ausnahmefäll fannen.

Deem Opruff ass meng Fraktioun nokomm, andeems mer Amendementer zur Proposition de loi Err/Huss deponéiert hunn, déi dësen Text géife prezisieren, klären, insgesamt verbessern. Mir hunn dobäi gekuckt, wéi dann notament de Begrëff vun der Exception d'euthanasie a Frankräich definéiert gëtt.

Mä domat hat et sech schonn. Déi wesentlech Elementer vun eisen Amendementer goufen an der zoustänneger Chamberskommissioun scho verworf. Ech froe mech, ob se de Wee an déi eenzel Fraktiounen iwwerhaapt fonnt haten; mir zweifelen entretemps dorunner. Wéi mer och zweifelen um Wëlle vun Einzelnen, fir zu enger konsensueller Léisung vun Ausnahmefäll ze kommen.

Mir hu Grond unzuhuelen, dass et Verschiddenen net ëm d'Regelung vun Ausnahmefäll geet. Mir hu Grond ze mengen, dass et vill méi sollt drëm goen, en absolut Recht

op Stierhëllef vum Moment vun enger ellenner Diagnos un ze schafen. Doriwwer wäerte mer nach ze schwätzen hunn.

Ech wëll hei daitlech soen, d'CSV ass bereet ze engem Konsens, mä ech soe grad esou daitlech, dee Konsens muss dee sinn, wéi e vum Ben Fayot beschriwwen gouf. De Konsens fir Hëllef beim Stierwen an Ausnahmefäll, wou d'Medezin, déi kurativ an déi palliativ, net anescht kann hëlfe. All anere Konsens ass mat eiser Partei net dran.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, alles, wat ech virdru beschriwwen hunn u politesche Grondlagen an Zukunftsledung, ass nëmme méiglech, wann déi budgetär Grondlage vun enger voluntaristescher Politik, wéi mir se wëllen, gi sinn.

Dat si se, mä dat geet net vum selwen. Si sinn d'Resultat vun enger jorelaang CSV-bediwwener Budgetpolitik, déi konsequent a gudde Jore Suen op d'Säit geluecht huet, fir se dann a manner gudde Jore kënnen ze investéieren.

2009 kënn nach emol, esou wéi dat dëst Joer scho gemaach gouf, eng Inflationsumpassung vum Steiertarif ëm 6%. 2008 an 2009 zesumme kënn et domat fir all déi Leit, déi Steiere bezuelen, zu enger steierlecher Mannerbelaaschtung, déi dozou féiert, dass se just nach esou vill Steiere bezuelen, wéi wa se 12% manner géife verdéngen.

Dat ass machbar. Vill méi, besonnesch um Niveau vu méi sektoriellen Demanden, kann net erfüllt ginn. Mat deem wéinege Sputt, deem dann nach bleibt, wëlle mer weider sozial cibléiert Moosname finanzéieren, déi déi Leit brauchen, déi um ënneschten Enn vun der Lounskala stinn an op déi ech virdru agange sinn.

D'Finanzpolitik, déi ënnert der Verantwortung vu Ministere vun der CSV zënter Jorzéngte gemaach gouf, war ëmmer eng vun der Rou a vun der Responsabilitéit. Natierlech wier et mat Momenter a grad an elektoralen oder préelektorale Momenter méi agréabel, well mat esou eppes kënn ee jo gutt un, d'Populatioun mat Kadoen ze beglécken.

Dat maache mir net, an de Statsminister huet gesot woufir. Et geet net, mir hunn eng vill ze vill fragil Akommesstruktur vun eisem Budget, fir dass mer an deene gudde Momenter kéinten all Virsiicht iwwer Bord werfen an zur Verdeelung schreiden. Dat gëtt net ëmmer vu jiddferem verstanen.

Mir sinn awer der Iwwerzeugung, dass et am Ensembl vun de Lëtzebuurger gutt verstane gëtt. D'Leit wëssen, dass mer an deem Land nach ganz vill um Leescht hunn, woufir Geld gebraucht gëtt. A si wëssen och, dass mer nëmme dat Geld kënnen an eis Zukunft investéieren, a Schoulen, Spideeler, Schinnen, Stroossen an esou weider, wa mer et virdru net ausginn hunn.

D'Budgetssituatioun vum Land wäert sech och an deenen nächste Joren an eisen Ae manner positiv entwéckelen, wéi dat 2006, 2007 de Fall war. Dass se dat an deene Jore gemaach huet, ass op e puer Phenomeener zréckzuführen, déi mer genau kennen - och wa verschidde Leit där Deeg een aner Bild zeechen - an déi net beliebeg kënnen widerholl ginn.

Do ass d'Aspuere vu 400 Milliounen Ausgaben d'Joer opgrond vun den Tripartitebeschlëss. Do sinn déi steierlech Retombéee vum ArcelorMittals-Operatioun. Do ass eng immens dynamesch Entwécklung op der Bankeplaz; haaptsächlech am Kommissionsgeschäfft, déi vun der Konjunktur ofhänkt. Do si massiv Méirecetten an de soziale Versécherungskeesen, well dausenden nei Aarbechtsplaze geschaf goufen.

Am Géigesaz zu aneren, kloe mir net iwwert déi Méirecetten, mä mir huele se dankbar un a féiere se do, wou dat geet a wou mer den Domm drop hunn, deenen Investitionszwecker zou, déi mer méttelfristig musse bedéngen.

Mir si frou doriwwer, dass de Budgetminister an deeneselwechte Jore fir eng strikt a rigouréis Anhalung vun den Ausgabegrenze gesuergt huet, fir dass de Budget haut nees am Equiliber kann dosto. Dat hätt en net gepackt ouni d'Tripartitebeschlëss, well ouni déi wier de Budget haut nach strukturell am Déséquilibre.

Fir 2009 musse mer allerdéngs domat rechnen, dass et tatsächlech zu Feelbetrag bei de Steuerrecettë kennt, déi mer an der Budgetsplanung fir d'nächst Joer musse berücksichtegen.

De Statsminister huet gesot, d'Taxe d'abonnement fällt par rapport zum Virjoer ëm méi wéi 10%. D'Kierperschaftssteier fällt staark. Dat si Steieren, déi virun allem aus dem Finanzsektor kommen. Also deem Secteur, dee bis op Weideres d'Zuchpærd vun eiser nationaler Ekonomide duerstellt. Mir kommen net laanscht d'Feststellung, dass wirtschaftlech Virgäng op anere Kontinenter, esou zum Beispill déi amerikanesch „subprime“-Kris, eisen eegene finanzielle Spillraum vill méi beaflossen, wéi dat eis léif ass.

Déi Virgäng kënnen mer net kontrolléieren. Si entzéie sech total dem Afloss vun der Lëtzebuurger Politik. Mat där Tatsaach am Hannerkapp musse mer also zu Lëtzebuerg eng Budgetpolitik bestreiden, déi ëmmer nach e bësse Sputt léisst, wann et éierens ufängt ze klemmen. Iwwerhaapt hu mer mat wirtschaftsbeaflossenden Elementer ze dinn, déi sech eis opdrängen, ouni dass mer kënnen op si awierken.

E Pétrolspräis vun 130 Dollar de Barrel ass esou en Element. Wéi d'Tripartite am Fréijoer 2006, dat sinn eréischt just zwee Joer hier, hir Konkusioune gezunn huet, hunn déi sech ronderëm e Barrelspräis vun 63 Dollar artikuliert. Zwar ass an der Tëschenzeit den Euro par rapport zum Dollar kräfte geklommen, wat den Effekt vun där Präisevolutioun offiedert, mä et bleibt, dass, an Dollar ausgedréckt, de Pétrolspräis sech an deene leschten zwee Joer verduebelt huet. Dat kréie mer all mat, wa mer tanken. Dat kréien awer och déi Betriber mat, déi Pétrolsproduitë musse kafen a verschaffen.

De Wirtschaftswuesstum gëtt global vun der Pétrolspräisentwicklung gebremst. Dat muss een net gutt fannen, dat ass awer esou. Parallell dozou erhéicht dës Entwicklung d'Inflatioun. Dat spiere mer all. Wann een an héich inflationären Zäiten ënnerwee ass, mat iwwer 3% Deierecht dëst Joer, da muss ee gutt oppassen, fir déi Dynamik net nach mat hauseegene Mëttele unzereizen. Mir haten esou Situatioune schon. Fir d'lescht am Joer 2000. Mir hu se deemools gemeschert. Och wa Verschiddener, déi haut an der Majoritéit sinn, deemools an der Opposition eppes aneschters gemengt hunn. Mir regele se och haut, och wann déi, déi deemools an der Majoritéit an haut an der Opposition sinn, mengen, mir géife se net gemeschert kréien.

Här President, mäin Tour ass eriwier an ech stelle fest, esou wéi Dir wahrscheinlech och, dass ech iwwer eng ganz Rei Saachen net geschwat hunn. Dem Statsminister seng Erklärung vum Land war iwweraus komplett. Dat erlaabt mer, op Elementer net weider anzegoen, déi de Jean-Claude Juncker ëmfaassend belicht huet. Ech kann am Numm vu menger Fraktioun och soen, dass dee komplette Charakter vun där Deklaratioun eis wierklech beandrockt huet.

Ech hunn näischt gesot iwwer europäesch an international Politik. Dat läit och dorunner, dass mer hei am Haus iwwermuer eng Debatt iwwert d'RAFifizéierung vun Reformtraité vum Lissabon féieren, déi eis erlaabt, d'Aktualitéit vun eisem europäeschen Engagement ënnert d'Lupp ze huelen.

Ech hunn näischt gesot iwwer Ëmwelt, Nachhaltegkeet a Klimaschutz. Den detailléierten Ausféierung vum Statsminister ass an deem Bericht - aus eiser Siicht - net méi vill bäizeflécken. Eis Fraktioun ënnerstëtz déi Usätz, déi hei formuléiert gi sinn, voll empfänglich, wéi dat op Lëtzebuurger Däitsch heescht.

Mir hunn eis net iwwert deen noutwendige Matene vu Jonk an Al an eiser Gesellschaft ausgeschwat. Mir stëmmen hei am Haus muer de Mëtteg iwwer en neit Jugendgesetz of, wat eis Geleeënheet gëtt, iwwert d'Beefindlechkeete vun der Jugend zu Lëtzebuerg ze diskutéieren.

Politik fir déi eeler Leit ass allze dacks zu Lëtzebuerg virun allem eng Versuergungs- politik. Mir wiere frou, wann d'Element vun der gesellschaftlecher Participatioun vun de Senioren an Zukunft géif verstärkt Berücksichtigung fannen. Dat geet besonnesch gutt, wa mer e Generatiounskonsens fannen, deen iwwert d'Erwaardung u staatlech Leeschtungen erausgeet a sech virun allem dorop fokaliséiert, wat d'Senioren der Gesellschaft kënnen bréngen, idealerweis am Zesummespill mat deene Jonken. Well wann déi eng déi aner verstinn, da gëtt d'Solidaritéit téschent de Generatioune ver- deift.

Ech hunn net am Detail iwwer Héichschulwiesen, Fuerschung a Kultur geschwat, wat wesentlech Zukunftssecteure fir Lëtzebuerg sinn. Déi eng, well se den Intellekt zu Lëtze-

buerg bannen a mobiliséieren an och der Wirtschaft nei Perspektiven erschléissen. Déi aner, well se den Ausdrock vun eiser Kreativitéit ass, a keng mënschlech Gesellschaft komplett ass, wann d'Kreativitéit vun de Leit sech net ka fräi a villsätig ausdrécken. Déi Politik, déi an deene leschte Joren an de genannte Beräicher gemaach gouf, ass eng richtig Politik. Eng Politik mat innovativen Akzenter an empfänglichem budgetärem Input. D'Lag vum Land, dat ass net nëmme Wirtschaft, net nëmme Finanzen a Sozialpolitik. D'Situatioun vun enger Natioun gëtt och doduerch charakteriséiert, dass déi net esou materiell Aspekter vun deem, wat de Mënsch kann, politesche Ënnerstëtzung fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kann een an enger Ried zur Lag vun der Natioun net iwwer alles schwätzen, et soll een dat a mengen Aen och net. Ech hunn eis Prioritéiten um Dag vun haut skizzéiert an elo nach op e puer Beräicher verweisen, déi am Moment manner am aktuelle Bléckpunkt stinn, mä duerfir u Relevanz net hannert deenen anere Facettë vun der Befindlechkeet vum Land zréckstinn. Et geet dem Land an der Natioun, trotz allem Drock, deen op eis wéi och op anere laascht, och am Mee 2008 gutt.

Dass dat esou ass, féiere mer net zulescht dorobber zréck, dass an deene leschte Joren an diverse Regierungskoalitioune d'CSV déi richtig Akzenter an Impulser matgesat huet. Dat maache mer virun esou. De Statsminister huet keen Zweifel dru gelooss, dass hien no wéi vir den éischten Impulsgeber an der Lëtzebuurger Politik ass. Fir dat weiderhin ze maachen, huet hie mat senger ganzer Regierung dat vollt Vertraue vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Wolter. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Claude Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

» M. Claude Meisch (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt op eng Rei vun Aspekter agoen aus der Ried vum Statsminister Jean-Claude Juncker vum leschten Donneschdeg, déi mer deelen, déi mer d'selwecht gesinn, wou mer zesummen - meng Fraktioun, an ech mengen, déi allermeeschten heibannen am Haus - kënnen ënnerschreien.

En Deel vun där Analys, déi gemaach ginn ass, betrëfft eis international Bezéiungen, betrëfft d'Zesummenhang an der internationaler Ekonomide, betrëfft d'Globaliséierung, d'Auswierkung vum där Globaliséierung op Lëtzebuerg, betrëfft eng Rei vun negativen Entwécklungen, déi sech an der grousser weltwäiter Ekonomide bekannt a bemierkbar maachen, wéi zum Beispill d'Managergehälter, betrëfft och d'Gläichgewicht téschent Politik an Ekonomide, esou wéi mir et hei gesinn, wéi mer et an Europa gesinn, wéi mer et op anere Plazen an der Welt oft aneschters gesinn. Dat, wat do gesot ginn ass, ass am Numm vun eis alleguerten, op jidde Fall vu ville vun eis heibannen, gesot ginn.

Trotzdem ass et wichteg och dat ze soen an och dat ze ënnersträchen, wat eis eent, an net nëmme op dat anzegoen, wat eis ënnerscheet. Et ass och wichteg no bausen ze kucken, grad an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg, an engem Land, dat wéi keen aner ofhängeg ass vun deem, wat ronderëm et geschitt. E Land, dat eng open Economide huet, dat also direkt ofhänkt vun den Ekonomide vu sengen Haapthandelspartner, an dat sinn der ganz vill. E Land, dat awer net nëmme wirtschaftlech, mä och politesche fest integréiert ass an international Strukturen.

Et ass och nach emol ënnerstrach ginn, dass Lëtzebuerg vun der Globaliséierung profitéiert, well d'Kapital doduerjer konnt op Lëtzebuerg kommen, Entreprene doduerjer konnten hei investéieren, a well och ganz oft Savoir-faire, nämlech Mënschen heihinner komm sinn, déi hei Aarbecht gesicht hunn, hei Aarbecht fonnt hunn a mat hiren Erfahrungen, hirem Kënnen, hirem Wëssen hei aktiv gi sinn, fir och finalement Lëtzebuerg e Stéck weiderzibréngen.

Lëtzebuerg profitéiert och vun Europa. Duerfir musse mer weider attraktiv bleiwen. Duerfir musse mer kucken, wéi mer dosti par rapport zu de Konditioune an den Nopeschlänner an an anere westlechen, entwéckelten Industrienatioune. Duerfir begrësse mer déi Propositionen, déi gemaach gi sinn, fir dat steierlechte Ëmfeld fir d'Betriber hei zu Lëtzebuerg unzepassen. Den Droit d'apport ofzeschaffen ass eng vun deene Fuerderungen, déi mer als Demokratiesche Partei scho laang gestallt hunn. Datt

et dann elo endlech esou wäit ass, kënnen mer och nëmme matdroen a matbegrëssen; och dat soll hei gesot ginn.

D'Adaptatioun no ënne vun der Betrëbsbesteuerung, vun 29 an eppes op 25 an eppes Prozent, ass selbstverständlech an deemselwechte Kontext ze gesinn. Et ass an engem Kontext ze gesinn, wou mer musse kucken, op där enger Säit: Wat ass machbar hei am Land, wat verdréit eise Budget? An op där anerer Säit: Wat musse mer maachen, fir kompetitiv ze bleiwen, fir attraktiv ze bleiwen, fir dat déi Betriber, déi hei sinn, heibleiwen, fir dat déi Gewënn, déi hei erwiirtschaft ginn an Zukunft, hei weiderhi kënnen versteiert ginn an an eis Statskeese fléissen?

Den Detail dovunner bleibt selbstverständlech nach ze diskutéieren. De Premierminister huet selwer ugekënnegt, dass dat géif kombinéiert gi mat enger Revisioun vun der Base d'assiette, wou natierlech ganz vill Detailfreen dorunner ze kopele sinn, déi mer nach fir d'alleréisch mussen erkläert kréien an diskutéiere mussen, ier mir och als Partei do definitiv eis Meenung kënnen soen.

Fir attraktiv ze bleiwen, fir weider Entreprisen op Lëtzebuerg kënnen unzezéien, fir weider och Leit, Mënschen op Lëtzebuerg kënnen unzezéien, musse mer awer kucken, wat ronderëm nach noutwendeg ass. Do geet et eben dann och ëm d'Besteuerung vun de Privatpersounen. Et geet och drëm, wéi fiabel eis sozial Systemer funktionéiere fir d'Zukunft, fir déi nächst Generatioune. Jo, an et geet och iergendzwoosch ëm d'Participatioun vun den Netlëtzebuurger hei an der Lëtzebuurger Gesellschaft.

Duerfir menge mir, dass et nach besser Argumenter gëtt, fir Europa ze erklären. Et gëtt nach besser Argumenter, fir d'duebel Nationalitéit ze erklären, wéi mer dat d'lescht Woch hei presentéiert kritt hunn.

D'lescht Woch ass ënnerstrach ginn, Europa ass e Friddensprojet. Selbstverständlech ass Europa e Friddensprojet. Europa huet deem Kontinent no laange Jorzéngte vu Misär a Leed a Massakeren elo 60 Joer Fridde bruecht. Mä dat eleng geet haut net méi duer, fir jonk Leit, Leit aus menger Generatioun, Leit aus deenen nokommende Generatioune ze iwwerzeegen vun Europa, vun der Noutwendegkeet vun Europa. Duerfir menge mer, dass et nach ganz vill Argumenter gëtt, déi och jonk Leit kënnen iwwerzeegen vun engem gemeinsamen Europa.

Et geet hei och doréms, fir d'Roll vun Europa an der Welt ze definéieren. Wat kann Europa gemeinsam maachen? Wou kënnen mer eis abréngen? Wat ass de Poids, dee mer an der grousser, ganz grousser Politik als gemeinsam Europäesch Unioun kënnen geltend maachen?

Et geet hei och ëm dat europäescht Versteedsdemech vum Zesummespill téschent der fräier Maartwirtschaft op där enger Säit an der sozialer Ofsecherung op där anerer Säit, wat jo en aner ass wéi dat op villen anere Plazen an der Welt. Egal ob mer elo wäit no Westen oder wäit no Oste kucken, mierke mer aner Approchen an deem doten Domän. Wa mer eis hei an Europa eens ginn iwwer eist Versteedsdemech, da kënnen mer weltwäit éischter déi aner vun eisem Modell iwwerzeegen, wéi dat jiddferree fir sech ka maachen.

Et geet ëm de grousser Bannemaart, deen natierlech enorm Chancë fir Produzenten, europäesch Produzente bitt. Et geet och do eventuell doréms, fir ze kucken, wéi mer dee Bannemaart nach méi grouss kënnen maachen, fir nach méi Partner ze kréien, fir och do erëm eng Kéier Alliéierter ze fannen an net onbedéngt ënnert den Drock ze gerode vun deenen, deenen hir Maartwirtschaft op alles aneschters wéi op Demokratie a Mënscherechter reimt.

Et geet och doréms, fir ebe gemeinsam ekologesche Erausforderungen unzegoen. Denkt drun, dass d'Europäesch Unioun déi war, déi den CO₂-Emissiounshandel als Éischt instauréiert huet, wat mat Sécherheet e grousst Potenzial ass an e richtigte Instrument ass, fir och an deem doten Domän kënnen aktiv ze ginn, fir Ekonomide an Ekologide gemeinsam kënnen ze verbannen.

Et geet ëm déi Fräiheet, déi Europa bitt, net nëmme d'Reeseffräiheet, mä och déi beruflech Fräiheet. Europa bitt jonke Leit haut eng Chance, a 27 Länner kënnen berufflech hir Zukunft ze sichen an ze fannen, sech anzebréngen an och privat doduerjer Succès ze hunn.

Wat géife mer maachen ouni Europa, wa mer gäre méi Sécherheet hunn, wa mer den Terrorismus wëlle bekämpfen, wa mer legal Integratioun wëlle méiglech maachen an illegal Awandderung wëllen évitéieren?

Europa ass méi wéi e Friddensprojet. Europa ass en Zukunftsprojet, an deem mer allerdéngs alleguerten eppes mussen inves-

» **M. Claude Meisch (DP).** - An ech mengen net, Här Statsminister, datt dee Moment d'Mëttelschichten dee Besoin gehat hätten, wéi se en haut hunn, fir eng steierlech Entlaaschtung ze kréien.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dat ass richtig, well d'Inflatioun war 3,7% am Joer 2000.

» **M. Claude Meisch (DP).** - Ech wëll mat mengem Gedankespill, wann Der erlaabt, weiderfueren.

(Interruption)

Ech wëll mat mengem Gedankespill weiderfueren, nämlech de Chèque service ass proposéiert ginn. Och do sinn ech der Meenung, datt dat dëser Famill eppes kann hëllefen. Allerdéngs wëll ech drop hiweisen, datt mer wéineg Kenntnisser hunn, wéi dat soll fonctionnéieren, ab wéini datt esou e Chèque service agefouert gëtt, fir wat fir eng Akommeskategorien datt deen da gëllt oder ob dat fir jiddfereen a fir all Eltere soll sinn. Mir sinn also do gespaant op den Detail a mir wäerten dann och, wa mer déi Detailer hunn, dat gebührend analyséieren a Positioun dozou bezéien.

Dann ass och vum Statsminister proposéiert ginn, en huet gesot, et wier eigentlech seng Intentioun oder sai Wonsch, fir d'Kannerbetreuung à moyen terme gratis ze maachen. Nun, och dat ass an dësem Gedankespill kee groussen Troust fir déi Famill do, well d'Kanner risquéieren herno op der Uni ze sinn, wann d'Betreiung dann eng kéier gratis ginn ass.

Ech wëll do op d'Iwwerleeunge vun der Demokratescher Partei am Zesammenhang mat der Familljepolitik verweisen, wou mir eis och mat där doter Fro beschäftegt hunn. Mat der Fro: Ass et normal, datt mer dach relativ vill vun den Elteren an de Betreuungsstrukturen verlaangen? Virun allem vun Elteren, déi e mëttleren an en héicht Akommes hunn. Mir mierken dach - ech selwer si jo a menger Fonctioun als Buergermeeschter Gestionnaire och vun esou Betreuungsstrukturen -, datt Elteren, déi e gewëssene Revenu hunn, hir Kanner ofmellen, well se sech iergendzwoosch aneschtens eng aner Solutioun organiséiert hunn an dat derzou féiert, datt de soziale Mix an deene Strukturen net ëmmer dee génschtgsten ass.

Och mengen ech soll ee considéieren, datt, wa mer d'Betreiung abordabel maachen, d'Elteren d'Chance kréien, zu zwee schaffen ze goen, sech selwer zwee Revenuen ze verschafen, herno och méi kënne Steiere bezuelen a cotiséieren an duerfir och en Deel op d'mannst vun der Betreiung selwer kënne doduerjer finanzéieren, wéi jo récemment vun enger Schwäizer Etüd beluecht ginn ass.

Fir déi doten Diskussioun emol eng kéier am Fong ze féieren, do wëll ech d'Proposition vun Premier gären opgräife fir ze soen: Kommt mir kucken, ob mer net a Richtung vu gratis Betreiung kënne goen. Kommt mir kucken emol, wéi mer eis Betreuungsstrukturen, finanziell gesinn, organiséieren. Mä duerfir bräichte mer - och mir als Parlament - awer eng Rei vun Donnéeën, an déi wëllt mer kréien. Duerfir, Här President, hu mer proposéiert, eng Motioun hei zum Vote ze stellen, fir dann eng Diskussioun ze lancéieren, déi sech opgrond vun enger ganzer Rei vun objektiven Donnéeën hei am Haus kann organiséieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *consciente que la conciliation entre la vie familiale et la vie professionnelle demeure aujourd'hui une des premières préoccupations des jeunes familles;*

- *considérant que le financement de la garde d'enfants constitue pour les foyers à revenus modérés un réel casse-tête financier;*

- *relevant le programme gouvernemental stipulant que «dans le cadre d'une meilleure harmonisation entre la vie familiale et la vie professionnelle, [les deux partenaires] entendent considérablement accentuer les efforts en matière d'extension de l'offre de structures d'accueil pour enfants»;*

- *notant l'annonce faite par Monsieur le Premier Ministre à l'occasion de la déclaration*

sur la situation économique, sociale et financière du pays dans laquelle il s'est exprimé pour l'instauration d'un régime gratuit en faveur de la garde d'enfants;

invite le Gouvernement à

- mettre à la disposition de la Chambre des Députés des données chiffrées permettant de clarifier, si une réforme du régime financier en faveur de la garde d'enfants s'avère être financièrement réalisable.

(s.) Claude Meisch, Gast Gibéryen, Charles Goerens, Viviane Loschetter, Carlo Wagner.

Wat fir déi Musterfamill do natierlech eng vun deene gréisste Belaaschtunge momentan ass, dat ass d'Wunnen an de Remboursement vun Prêt. Do proposéiert dës Regierung jo den „Pacte Logement“. En „Pacte Logement“, wou Der wësst, datt mir als Demokratesch Partei méi wéi skeptesch sinn. Eppes ass op jidde Fall kloer: Wann d'Chamber den „Pacte Logement“ wäert gestëmmt hunn, dann dauert et jo nach, mir haten eng kéier ausgerechent, aacht Joer, bis déi éischt Koppel de Schlëssel wäert an de Grapp kréien a wäert kënne aplënnere an eent vun deenen Haiser, dat dann duerch den „Pacte Logement“ entstanen ass. Also och do nees ass fir déi dote Famill séier wéineg gemaach ginn.

Nun, Dir kennt och eis Positioun dozou. Mir mengen, datt mer méi a méi schnell musse bauen. Mir mengen, datt mer d'Prozedure musse straffen, datt mer eng ganz Rei vun deenen och wierklech groussen Immobilieprojeten, déi um Instanzwee sinn, musse duerch déi Prozeduren do kréien. Mir mengen och, datt den Intérieur endlech muss à même sinn, seng eegen Délaien, déi en a sengem eegene Gesetz définiert huet, anzehale fir seng Avisen ze ginn. A mir mengen och, wann de Logement eng Prioritéit ass an der Regierung, datt mer musse eng concertéiert Politik maachen, amplaz e Kompetenzgerangel tëschent eenzel Departementer a Ministären, déi mat Immobilieprojeten de près ou de loin eppes ze dinn hunn. Dat géif eis vill méi bréngen. Dat géif eis méi schnell eppes bréngen, wéi den „Pacte Logement“ jee kéint bréngen.

Da geet et awer och ëm den Energieverbrauch. Mir sinn d'accord domat fir d'Heizkostenzoulag auszeweiten. Mir mengen awer, datt dat eleng net duergeet als Politik. Mir musse kucken, datt d'Leit mat deene gestiegenen Energiepräisser och iergendwéi zu Wee kënne kommen, an dat geet eben nëmme, wann ee manner verbraucht.

Wann ech och do erëm eng kéier d'Propositione vun der Regierung analyséieren, wat se mécht fir Leit ze encouragéieren, an d'Renovatioun vun hiren Haiser ze investéieren, wat se mécht fir Leit ze encouragéieren, an erneierbar Energien ze investéieren, da fannen ech och do séier wéineg eppes, wat där doter Famill kéint gerecht ginn. Firwat? Et gëtt natierlech Subsidien, mä et gëtt och ëmmer en Deel, deen ee selwer muss finanzéieren, a mat deem, wat dëser Famill bleift, gëtt näischt selwer finanzéiert. Do gëtt d'Haus net renovéiert, do gëtt keng Solaranlage op den Daach gestallt an och keng aner innovativ Technologie gëtt sech ugeschafft.

Duerfir menge mer, datt mer eis musse d'Fro stellen: Wéi kréie mer Systemer hin, wou de Stat oder wou eng Gemeng kann hëllefen, wou mer de Bankesecteur vläicht mat eranhuelen, fir och déi doten Investitiounen an erneierbar Energien, an Haiserrenovatioun oder an aner Energiespueermoosname kënne virzefinanzéieren, datt och eng Famill mat klengem a mëttlerem Akommes sech déi ka finalement leeschten? Well dann hu mer dauerhaft eppes gemaach, da kann déi Famill mat hirem Revenu iwwerliewen, an dat trotz de steigenden Energiepräisser.

Ënnert dem Stréch muss ee soen, datt duerch déi Mesuren, déi proposéiert gi sinn, d'Situatioun vun der Mëttelschicht - also vun deenen, déi méi e groussen Aarmutsrisiko awer déi lescht Zäit erfueren - eigentlech net dättelech verbessert ginn ass. An et ass jo grad d'Mëttelschicht, déi de Motor vun eiser Gesellschaft ass. Et sinn déi Leit, déi all Dag schaffen ginn. Et sinn déi Leit, déi fir sech suergen, déi fir hir Kanner suergen, fir hir Famill suergen, déi zum Deel och zum Finanzement vun Allgemengwiese bäidroen.

Wa mer ze vill Laaschten op déi Schëlleren do vun der Mëttelschicht hei am Land drécken, da packe si et iergendwann och eng kéier net méi, an et sinn awer schlussendlech si, déi dëst Land musse droen.

Duerfir brauche mer en Entlaaschtungsprogramm fir d'Mëttelschicht. Duerfir brauche mer méi en offensivt Virgoe bei der Upassung vun der Steiertabell. Duerfir musse mer kucken, wéi mer Wunne wierklech erëm

bezuelfaar maachen, andeems mer méi a méi schnell hei zu Lëtzebuerg gebaut kréien. Duerfir begréisste mer allerdéngs och, datt d'Scholdzënse méi wäit kënnen ofgesat ginn, wéi dat bis ewell de Fall war. Dat ass eng richtig Mesure.

Mir mengen och, datt d'Betreiung muss finanzéierbar bleiwe fir elengerzéiend a fir berufstäteg Elteren. Deen, dee schafft, muss och doduerjer kënne iwwerhaapt emol erméiglecht kréien, datt en enger berufflecher Aktivitéit kann nooen. A mir brauchen nei Finanzéierungsmodeller fir Energiespueermoosnamen. Doduerjer kréie mer méi Kafkraaft. Mir kréie méi Konsum, an och dat bréngt finalement erëm eng kéier dem Stat méi Steieren an d'Keess.

Wann dat doten eng Famill ass, déi wierklech d'Mëttelklassfamill ass hei am Land, da wëlle mer jo net wëssen, wéi et bei deenen ass, déi manner hunn. An et gëtt der vill, déi manner hunn. Iwwert d'Halschent vun de Familljen hu manner Akommes wéi déi Famill, déi ech elo genannt hunn. Déi kënne bis ewell vun enger Rei vu méi Hëllef profiteieren, mä trotzdem gëtt Liewen an Iwwerliewen hei zu Lëtzebuerg nach méi schwéier. An duerfir, hunn ech gesot, kënne mer déi Mesurë matdroen, déi vun der Regierung proposéiert gi sinn. Déi Mesure fir de Mindestloun ze erhéien, fir Abattemente a Steierkreditter ëmzewanndelen, fir e Chèque service fir d'Kannerbetreuung anzeféieren, fir d'Allocation de chauffage auszeweiten.

Mir hätten allerdéngs nach gären, well villes ass hei an de Raum gehäit ginn, emol kloer Chifferen op den Dësch. Mir wëlle wëssen: „Wie betrëfft et? Wéiwäit ass dat? Wat kascht et de Stat a wéi gëtt et organiséiert?“, éier ee sech definitiv kann dozou äusseren. Mä mir mengen, datt mer an esou enger akuter Situatioun sinn, datt mer déi Mesuren do deene Leit schëlleg sinn an datt mer se duerfir och wäerte matdroen.

Mir dierfen eis allerdéngs net dorobber beschränken. Well wa mer dat géife maachen, da géife mer eng Aarmutsbekämpfungspolitik maachen, déi d'Leit eigentlech an der Aarmut léisst, amplaz datt se d'Leit aus der Aarmut eraushélt.

Mir musse also kucken, datt mer ewechkommen dovunner, datt mer ëmmer méi Familljen hei am Land an enger Situatioun hunn, déi net méi duerch hir eegen Aarbecht sech kënne ernähren an eens ginn, mä déi duerch sozial Transferten dach iwwer Waasser gehale ginn. Och dat ass keng gesond Situatioun.

Et wäert een ëmmer där Leit hunn, mä déi Politik, déi hei gemaach gëtt, dréit dozou bäi, datt d'Zuel vun deene Stéit nach emol méi héich wäert ginn, an duerfir dierf déi Politik net eleng gemaach ginn. Duerfir musse mer se begleeden, a begleeden, andeems mer probéieren d'Leit ze aktivéieren. Aktivéieren, fir aus der Aarmut erauszekommen.

Eng wierklech Aarmutsbekämpfungspolitik setzt do un, wou ee fir d'alleréischte emol Aarbecht huet, wou d'Leit kënne schaffen goen, wou d'Leit kënne een oder zwee Revenuen am Stot sech selwer verschafen, an och do ass et méi schwierig ginn déi lescht Joren. De Premierminister huet eng Rei vu Chifferen hei genannt, a wann een d'Statistik vun der Adem esou kuckt, da wonnert et een och net, datt he just exactement déi Chifferen do erausgeholl huet.

Ech liesen e puer aner Chifferen an deene Statistiken: De Chômage ass zënter 2004 ëm 15,2% an d'Luucht gaangen. De Wirtschaftsminister Jeannot Krecké huet eis jo och nach op der Ouverture vun der Foire de leschte Samschdeg eigentlech schonn drop preparéiert, datt de Chômage déi nächst Zäit weider wäert wuessen, well mer méi e geränge Wirtschaftswuesstum hei am Land hunn.

Fir Aarbechtskraaft, fir Kafkraaft ze kréien hei am Land, brauche mer fir d'alleréischte e gudden Deel vun de Leit an Aarbecht. Nun, et sinn der méi, déi keng Aarbecht fonnt hunn, wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war.

Duerfir proposéiere mer - a mer bleiwen dobäi - eng grondleeënd Reform vun der Administration de l'emploi. An do wëll ech soen, datt ech e bëssen enttäuscht si vun deem, wat ech d'lescht Woch héieren hunn, well do war op jidde Fall an deene Méint an an deenen zwee Joer virdru schonn e bësse méi Courage do, wat d'Reform vun der Adem ubelaangt. Do war jo emol ugeduecht ginn, och op Regierungssäit, op der Säit vun Minister Franz Biltgen, fir d'Adem an en Établissement public ëmzewanndelen. Dat hunn ech net méi héieren déi lescht Woch. Et ass geschwat ginn, datt e puer Placeurë solle bäikommen, datt déi och besser forméiert sollte ginn. Dat ass mat Sécherheet net falsch, mä dat geet bäi Wäitem net duer.

Dir wësst, datt eiser Meenung no d'Administration de l'emploi ewech muss komme vun der Aufgab, fir den Aarbechtsmaartproblem ze verwalten, an eng Agence muss ginn, déi virun allem Weiterbildung offréiert.

An enger Zäit, wou mer hei zu Lëtzebuerg dausende vun Aarbechtsplazen d'Joer schafen an awer gläichzäitig de Chômage wüsst, musse mer et ronkréien, datt mer deene Leit, déi op der Sich sinn no enger Aarbecht, esou vill Bagage mat op de Wee ginn, datt se iergendzwoosch à même sinn, dann och eng Aarbecht unzehuelen. Dat muss déi primär Aufgab gi vun esou enger Weiterbildungsgagence.

Mir mengen och, datt déi Leit, déi op der Sich sinn no enger Aarbecht, déi gehollef kréien, déi vum Stat a vun der Allgemengheet d'Hand gereecht kréien, datt déi déi Hand och selwer musse ausstrecken, fir déi Hëllef ze akzeptéieren, an datt duerfir een, deen eng gewëssen Zäit keng Aarbecht fonnt huet, entweder eng Aarbecht am öffentlechen Interesse muss unhuelen oder obligatoresch bei esou Weiterbildungsgagence muss matmaachen. Aneschtens geet et net. Aneschtens ass och dat, wat jiddferee mëttlerweil als Konzept presentéiert - „Fordern und fördern“ - net méiglech. Mir brauchen och déi dote Politik hei zu Lëtzebuerg.

Mir hunn och scho säit Laangem proposéiert, fir d'Privatvermittlung hei zouzeleesen. D'Privatvermittlung ass an deem Sënn ëmmer hëllefträich, well jiddfereen, dee vermëttelt ass, ass emol gutt vermëttelt a brauch net méi vun enger öffentlecher Instanz gehollef ze kréien.

Eigentlech begréisste mer och, datt en Element vu privater Vermëttlung dann awer an d'Politik erakomm ass an datt, nodeems dat virun zwee, dräi Joer schonn ugekënnegt ginn ass, iwwert de Wee vun den Interimsfirmen gekuckt soll ginn, datt och déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg op der Sich sinn no enger Aarbecht, iwwert d'Interimsfirmen dann an den Aarbechtsmaart kënne erëm erakommen. Dovunner erwaarde mir eis och eng Verbesserung vun der Situatioun an duerfir ass dat en Element, wat mer ënnerstëtzen.

Wa mer méi Aarbecht wëllen hunn, da musse mer d'Leit och da schaffen loossen, wann Aarbecht do ass. An dat kann nun eben emol och um Weekend sinn, dat kann nun och emol de Sonndeg sinn. Wann d'Leit da wierklech wëlle sonndes akafe goen, firwat verbidde mer dat dann? Firwat wëlle mer dann herno, datt déi Leit iwwert d'Landesgrenzen eraus akafe ginn?

Wa mer gären Aarbecht schafen hei am Land, wa mer de Leit wëllen ënnert d'Äerm gräifen, wa mer och deenen ënnert d'Äerm wëlle gräifen, déi net d'Chance haten, eng ganz héich Qualifikatioun ze maachen, da mengen ech, da musse mer kucken, datt mer eise Commerce och esou kënne opstellen, datt en da ka verkafen, wann d'Leit wëllen akafe goen.

Méi Betreiung brauche mer, well wa mer Betreiung ubidden a Betreiung och esou organiséieren, datt se fir d'Famillje wierklech eng Léisung duerstellt, da kënne d'Leit schaffen goen, da kënne d'Leit och an engem Stot zu zwee schaffen goen, wat soss oft net méiglech ass, a si kënne sech och do zwee Revenüer selwer erwirtschaften.

An do sinn ech frou, datt de Premierminister gesot huet, jo et geet weider mam Ausbau vun de Betreuungsstrukturen, well ech hat d'Impressioun an deenen Debatten, déi mer iwwert d'Familljepolitik haten, wou mer och doriwuer diskutéiert hunn, datt deen Engagement net méi géif gëllen. Duerfir sinn ech frou, datt d'Regierung awer op hir ursprünglech Positioun zrëckkomm ass, fir ze soen, mir brauche méi Betreuungsstrukturen hei am Land, an datt se mat deem Ausbau do weiderfuere wëllt.

Mä da muss eben och d'Betreiung bezuelbar sinn. Si muss eben esou bezuelbar sinn, datt deen, dee schaffen geet, wann e kuckt, wat en u Steiere bezilt, wann e kuckt, wat en u Betreiung bezilt, finalement nach ëmmer méi huet wéi deen, deen net schaffen geet. A méi Flexibilitéit bei deene Betreuungsstrukturen ass och noutwendeg, well et gëtt eben eng Rei vu Beruffer, déi net zu deenen normalen Aarbechtszäiten ausgeübt ginn. Wa mer d'Betreiungsstrukturen just dann op hunn, wa mir mengen, datt d'Leit géifen a misse schaffen, dann ass zum groussen Deel enger Rei vu Leit domadder am Land net gehollef.

Mir proposéieren och méi eng concertéiert Politik, wat d'Inflatiounsbekämpfung ubelaangt. Mir hätten eis munches eigentlech scho virun zwee, dräi Joer gewünscht, well en Deel vun deem, wat elo nach emol riets a lénks ugekënnegt gëtt, war deemools schonn op der politescher Agenda. Et ass

Mardi,
27 mai 2008

diskutiert ginn an der Tripartite an duerno, fir zum Beispill déi staatlech Kontrakter, déi Kontrakter, déi de Stat mat privaten Entrepreneuren huet, ze desindexéieren. Nun, wann et zwee Joer gedauert huet, bis dat doten dann elo wierklech nach emol an Ugrëff geholl ginn ass, dann hu mer do wäertvoll Zäit verluer.

Et ass och deemools gesot ginn, dass d'Ap-provisionnementsweeër vum Lëtzebuurger Handel missten opgebrach ginn, dass den Handel méi Méiglechkeet misst kréien, fir ze importéieren, dass en dohinner soll importéiere goen, wou d'Wueren och am bëllegste kënnen importéiert ginn, wat jo oft net de Fall ass, well mer iwwer ee speziell Importland mussen importéieren.

Mir mussen eis dann och bewusst sinn, dass, wa mer d'Inflatioun wëlle bekämpfen, dat och geet, andeems mer méi Konkurrenz am Einzelhandel zouloossen. Och dat muss eng Kéier haart gesot ginn, well d'Margé sech nëmmen dann op dat, wat ekonomesch noutwendeg ass, beschränken, wann e Marché genuch Konkurrenz huet.

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, dee Richtungswissel, deem d'Politik virgeholl huet, wat déi öffentlech Präisser ubelaangt. Déi lescht Joren hu mer vun der Regierung a virun allem och vum CSV-Innenminister ëmmer nees héieren, mir mussen öffentlech Déngschtleeschunge käschendekend ubidden.

De jëtzege Innenminister ass uechtert d'Land gezunn an huet gesot, mir sinn iergendwann deemnächst derbäi, dass mer e Waasserpräis vu 4,5 Euro d'Fudder hunn. An elo soll dat alles net méi gellen. Noddeems déi Politik do jorelaang encouragéiert ginn ass vun dëser Regierung a vum CSV-Innenminister, gëtt elo gemaach, wéi wann dat der Däiwel wär a wéi wa mer dat direkt misste si loossen.

Mir wären da frou gewiescht, wann déi Iwwerleeung do éischer gefouert gi wär, wann een net Gemengen encouragéiert hätt, an déi dote Richtung ze goen.

Datselwecht, Här President, stellen ech fest, wann et ëm d'Betreiungsstrukture geet. Elo gëtt gesot, mir mussen d'Betreiung méi bëlleleg maachen. Elo gëtt gesot, d'Präisser an der Crèche sinn och administréiert Präisser, also däreferen déi net no uewen ugepasst ginn.

Wat huet awer de Familljeministère gemaach vun 2007 op 2008? Eng Augmentatioun vun de Betreiwungskäschte vu 6,5%, an ech hu jo virdu gesot, zu wat fir enger reeller Belaaschtung dat fir déi lëtzebuergesch Duerchschnittsfamill réellement gefouert huet.

Nun, do hätte mer eis gewënscht, dass mer éischer emol déi dote Politik hannerfrot hätten, amplaz dass een elo eréischt domadder géif kommen.

A wa mer et méiglech maachen, dass Leit Energie kënnen spueren, och duerch intelligent Modeller an duerch intelligent Virfinanzierungssystemer, dann hëllef och dat net onbedéngt, fir d'Inflatioun ze drécken, mä dass d'Leit éischer mat der Inflatioun a mat héijen Energiepräisser kënnen eens ginn.

Dann ass och vill iwwer selektiv Sozialpolitik Rieds gaangen. A selektiv Sozialpolitik steet an de Programmer vun der Demokratescher Partei, esou wäit ech mech op jidde Fall kann dorunner zréckerënnere. Nu sinn ech jo nach net dee ganzen Historique vun der Partei do aktiv mat derbäi, mä op jidde Fall déi Joren, wou ech mat aktiv derbäi war, hu mer gesot, mir wëllen eng selektiv Sozialpolitik, déi esou ausgesäit, dass deen, dee méi Hëllef brauch, och méi gehollef kriit. Ech si frou, dass elo riets a lénks heibanne lues a lues d'Leit dann awer och emol dat Wuert vun der Selektivitéit an de Mond huelen.

(Interruption)

Wat versti mir, Här President, ënner selektiver Sozialpolitik?

(Interruption)

Mir hunn eppes proposéiert, dass ass e Wunnegeld, e Wunnegeld integréiert an eis Virstellungen zur Familljepolitik, dass soll bezuelt ginn, wa Leit e klengt Akommes hunn a wa Leit Kanner zu hirer Laascht hunn. Et soll ee méi kréien, wann een e klengt Akommes huet, an et soll ee méi kréien, wann ee méi Kanner zu senger Laascht huet. Domadder géife mer wierklech d'Kanneraarmut verhënnert kréien hei am Land, an domat géife mer wierklech évitéiert kréien, dass Leit mat Kanner iwwert d'Grenzen ewech mussen wunne goen. Et wär selektiv, well et kéint een et esou organiséieren, dass dann och wierklech dat, wat een un Hëllef géif ginn, dem Präis vum Wunnen, do wou ee wunnt, ugepasst kéint sinn. An dat

ass eben emol hei am Land däitlech méi wéi am Ausland.

Wann elo gesot gëtt, dass d'Afféierung vun deene Steierkreditter - dat heescht d'Ofschaffung vun engem Abatement an dann e Bonus, dee bezuelt gëtt - selektiv wär, da fannen ech allerdéngs, dass eise Modell vun Wunnegeld nach e bësse méi selektiv ass. Well eise Modell vum Wunnegeld hätt derzou gefouert, dass mer deene Leit, déi virun allem hei am Land wunnen, méi ënnert d'Äerm hätte kënnen gräifen iwwer e Wunnegeld, wéi nees deenen, déi déi aner Sait vun der Grenze vum Land wunnen. Ma neen!

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Ech sinn d'accord, dass hei alles därefer gesot ginn - ech wäert jo nach dorop äntweren -, mä dat doten ass strikt falsch,...

» M. Claude Meisch (DP).- Wat ass da falsch dorunner?

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- ...well ee Wunnegeld net kann op den nationalen Territoire beschränkt sinn. Dat ass en evidente Rechtsprinzip.

» M. Claude Meisch (DP).- Här Statsminister, mir hu jo awer elo schon eng Rei vu Wunnegeldhëlfelefen, ginn déi dann an d'Ausland exportéiert?

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Jo, well nach keen e Prozess gefouert huet. An all Kéiers do, wou et ëm steierlech Hëlfelefe gaangen ass, hu mer all Prozesser verluer. A bei alle Leeschtungen, och bei de Chèque-servicen, wäert Der erliwene, dass dat muss exportabel gemaach ginn.

» M. Claude Meisch (DP).- Do sinn ech jo ganz mat lech d'accord. D'EU-Regelwierk gesäit jo och vir, dass alles wat Sozialhëllef ass, wat eng Steierhëllef ass a wat eng familljepolitesch Hëllef ass, exportabel ass. Et gesäit et awer eben net vir, wat d'Wunnhëllef ubelaangt.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Firwat mussen mer dann de Frontalieren och d'Scholdzënsen bei de Steieren accordéieren?

» M. Claude Meisch (DP).- Mä well dat Steiere sinn, Här Juncker.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Mä et geet awer net duer, dass Dir dat Wunnegeld nennt, fir dass d'ganz Rechtsgemeinschaft international a kontinental seet: Dat doten ass Wunnegeld.

» M. Claude Meisch (DP).- Da kann een awer net soen, dass déi Léisung, déi Der elo proposéiert, besonnesch selektiv ass, well domadder gitt Der deem, deen hei an der Stad wunnt, ganz genau datselwecht, wat Der herno engem muss ginn, deen zu Tréier, zu Diddenewen oder zu Arel wunnt. Mir wëssen awer, dass do de Loyer net iergendzousch téschent 15 an 20 Euro de Metercarré ass, mä dass en do vläicht 8 oder 9 Euro de Metercarré ass.

» Une voix.- Et geet jo guer net ëm de Loyer.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Et geet och net ëm de Loyer.

» M. Claude Meisch (DP).- Duerfir plädéiere mir ebe fir méi selektiv Systemer, déi den Ënnerscheeder...

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Entschëllegt, wann ech do ënnerbriechen. De Stat huet eng ähnlech Regelung agefouert. An de franséische Stat - ech hunn Droit studéiert a Frankräich, wéi aner Kollegeen hei och - ass jo besonnesch rechtsorientéiert, wat säi Rechtsverständnis ubelaangt, an dee gëtt de Frontalieren dat net. Da kucke mer emol, wéi mer - wéi géift Der soen? - dat Spill do dréinen.

» M. Claude Meisch (DP).- Ech bleiwen derbäi, dass mer eis do méi intelligent kéinten uleeën, fir méi selektiv ze sinn, a fir deen...

» Une voix.- D'Fransouse sinn net ëmmer dat richteg Beispill, Här Statsminister.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Jo.

(Interruption)

Den Här Bettel an den Här Meisch awer och net.

» M. Claude Meisch (DP).- Dat sot Dir!

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Den Här Bettel net. Pardon, Här Meisch.

» M. Claude Meisch (DP).- Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass mer Selektivitéit net bis an déi lescht Instanz bei deem dote Modell, dee mer matdroen, Här Juncker, kënnen erëmfannen an dass ee sech do nach méi Gedanke kéint maachen, fir dass een engem, deen hei zu Lëtzebuerg muss wunnen, mat héije Loyeren an héije Kafpräisser, méi kéint hëlfelefen, wéi iergendengem, dee ronderëm wunne geet oder d'office do gewunnt huet. Dat ass an eisen Aen och selektiv Sozialpolitik.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Ech hat gemengt, ech hätt elo grad eng Äntwert dorop ginn.

» M. Claude Meisch (DP).- Fir de Rescht, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer vill al Bekanntes an där Deklaratioun erëmhéieren. Do ware Punkten derbäi, déi hate mer an der Regierungserklärung 2004 héieren; Punkten derbäi, déi bei all Budget opgezielt gi sinn; Punkten derbäi, déi bei all Deklaratioun zur Lag vun der Natioun opgezielt gi sinn. Ganz villes schéngt nach net erleedegt ze sinn, vun deem, wat d'Regierung sech virgeholl huet, well villes steet jo nach um Ordre du jour fir dat lescht Joer vun dëser Legislaturperiode.

Ech wëll do awer och warnen a vläicht eis selwer warnen, dass, wa mir eis elo dat lescht Joer vun der Legislaturperiode ze vill virhuelen, mer awer mussen Suerg droen, dass mer hei am Haus och eng seriö parlamentaresch Aarbecht gemaach kréien. Et därefer net gehaselt ginn. D'Parlament muss seng Aufgab seriö erfëllen. Et kann net esou sinn, dass dräi Méint virum Oflaf vun der Legislaturperiode dann d'Regierung nach mat Wënsch kënn, fir dat Eent an dat Anert ganz schnell gestëmmt ze kréien.

Déi proposéiert Mesuren, wat d'Aarmutsbekämpfung ubelaangt, kënnen mer matdroen. Mir stellen awer fest, dass et eigentlech der Regierung hir Politik elo ass, fir dorunner ze dokteren, fir d'Auswierkung vun hirer Politik vun deene leschte véier Joer eenegermoossen ofzefiederer. Mir brauchen - dat wëll ech nach eng Kéier resuméierend festhalen - och eng aner Sozialpolitik nieft där doter, eng aktivéierend Sozialpolitik, fir Leit an Aarbecht ze kréien, fir Leit selwer d'Méiglechkeet ze ginn, aus hirer Situatioun kënnen erauszeklammen. A mir därefer net higoen, dass mer d'Méit vun dëser Gesellschaft weider iwwer Gebühr strapazéieren.

Mir wëllen awer dëst Joer net nëmmen notzen, fir dat hei am Parlament ze diskutéieren, wat d'Regierung nach dem Parlament alles heihinner gëtt. Neen, mir mussen och kucken, dass mer inhaltlech diskutéieren. An do huet d'Demokratesch Partei awer ganz kloer eng Propositionsavance - wann ech dat emol esou därefer nennen -, wann ech kucken, wat mer déi lescht Jore proposéiert hunn.

Vun deenen 33 Reformproposen - wat den Aarbechtsmaart, de Statsbudget, d'Steierlandschaft an d'Kompetitivitéit vun eisen Entrepreneuren ubelaangt - ugefaangen. Mir hunn eng ganz Rei vu Propositionen ënnerbreet, wéi och d'Statsausgabe kënnen gebremst ginn, wéi se méi lues kéinten uwuessen. Dorënner ebe genau déi vun der selektiver Sozialpolitik.

Mir mussen eis iergendwa jo eng Kéier dee Subventionsdschungel, dee mer hunn, ukucken. Brauche mer deen? Brauche mer en an där Form? Wat muss haut nach subsidiéiert ginn? Wat kënnen mer a Fro stellen?

Mir hunn eng ganz Rei vu Propositionen gemaach, fir Betreiwung och aneschters kënnen ze organiséieren, fir de Leit am Land ze erlaben, ebe Beruff a Famill kënnen ënner een Hutt ze bréngen. Mir hu proposéiert, de Congé parental ze reforméieren, fir dass och do vill méi Pappé kënnen dovunner profitéieren, dass och do Famillje mat mëttlerem an héijem Akommes méi staark dovunner kënnen profitéieren.

Generell bei der Familljepolitik soe mer, dass mer déi Modeller, déi gutt waren am Laf vun deene leschte Jorzéngten, déi awer vläicht haut fir d'21. Jorhonnert net méi dat bréngen, wat se an der Zäit bruecht hunn, sollen a Fro stellen an an nei Modeller sollen iwwergoen.

Mir hu proposéiert, fir Schrëtt fir Schrëtt vun der Familljepolitik, déi geldleschtungsorientéiert ass, eriwirzegegen an eng Familljepolitik, déi sachleschtungsorientéiert ass.

Mir hunn eng ganz Rei vu Reformvirschlëg gemaach, fir den Aarbechtsmaart anesch-

ters ze organiséieren, méi dynamesch ze organiséieren. Ech wëll lech net do all eis Propositionen aus dem gesellschaftspolitesche Beräich opzielen. Ech kann lech awer elo schon drop preparéieren, dass mer deemnächst och wäerten eis nei Iwwerleeungen zur Ëmweltpolitik an zur Bildungspolitik hei proposéieren. An och zu all deem doten - doru wëll ech erënnere - hu mer wéineg héieren an der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun. Dat dote schéngt keng Chantieren ze si vun dëser Regierung.

Wa mer näischt driwwer héieren hunn, da kann dat och domadder zesammenhängen, dass dës Regierung awer eng Politik mécht, déi a wichtegen, an essenziellen Zukunftsfroen hannert zouenen Diere gemaach gëtt. Ech denken un - wéi de Premierminister et genannt huet - dee kleng Rentendéisch, deen d'Parlament an d'Öffentlechkeet net associéiert. Et geet awer do ëm eng vun deenen zentralen Zukunftsfroe vun eisem Land: Wéi organiséiere mer eise Rentensystem esou, dass deen, deen haut fir d'éischt schaffe geet, dee fir d'éischt säi Bäitrag bezilt, d'Garantie huet, dass no 40 Joer Cotisatioun och nach eppes Sënnvolles derbäi erauskënn.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Dir wäert dach net op eemol hei ufänken, d'LSAP och nach wider Erwarten ze kritiséieren!

» M. Claude Meisch (DP).- Wann dat lech erstaunt, mech erstaunt et net, well dat doten ass eng Proposition, déi maache mer zënter dräi Joer.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Et ass gutt, dass Der an der Woch méi équilibréiert gitt, wéi iwwert de Weekend.

(Hilarité)

» M. Claude Meisch (DP).- Dee Rentendéisch do solle mer an der Öffentlechkeet féieren, well mer der Meenung sinn, Här Premierminister, dass mer eng aner Diskussionskultur hei am Land brauchen. Mir brauchen eng aner Sträitkultur. Net eng Sträitkultur, wou mir eis hei vläicht heiansdo an den Hoer hunn, mä eng Sträitkultur, wou no baussen däitlech gëtt, ëm wat et geet, wat d'Erausfuerrung sinn, a wou mer d'Mënschen och op déi noutwendeg Reformen an dësem Land kënnen virbereeden, wou d'Mënschen an dësem Land verstinn, wat fir eng Reformen dass mussen gemaach ginn.

Well et gëtt ganz vill Leit an dësem Land, déi wëlle matschwätzen. Et gëtt ganz vill Leit, déi verstinn an déi wëssen, dass mer Reforme brauchen. Mä wa mer hei maache wéi wann et keng Problemer géif ginn an et kéim just ee Modell a Fro, an déi wichteg Diskussionsone fannen hannert zouenen Diere statt, da brauche mer eis herno net ze wonneren, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Leit am Lëtzebuurger Land net richteg verstinn, ëm wat et da geet.

Mir sollen och nach eng Kéier drun erënnere - an dat ass en Opruff un eis allegueren, wa mer elo Wahlprogrammer fir dat nächst Joer schreiwen -, dass mer et net nach emol däreferen esou mat de Leit maachen, wéi dës Regierung et gemaach huet, déi jo déi allerméiglechste Saachen an hir Wahlprogrammer geschriwwen huet. Wann et ëm d'Kafkraaft gaangen ass; wann et ëm den Index gaangen ass; wann et ëm Steiere gaangen ass; wann et ëm Chômage a Wunne gaangen ass, dann ass all Méiglechlech versprach ginn an alles anescht ass finalement agetratt.

Och vun do, Dir Dammen an Dir Hären, kënnst de Vertrauensverloscht an d'Politik hier an och deem mussen mer entgéintwierken. Duerfir brauche mer eng oppen Diskussioun, eng participativ Diskussioun. Mir brauche méi eng participativ politesch Diskussioun hei am Land, an dovunner war wéineg Ambitioun an der Ried vum Statsminister ze héieren, fir hei Projeten auszuschaffen. Iwwerhaupt ass dat Wuert „Zukunft“ ganz seele virkomm, well villes vun deem, wat proposéiert war, ass finalement just bis op de Stéichdatum vum 7. Juni 2009 gaangen.

Mä dat Land hei, dat leeft och duerno, an et därefer net esou sinn, dass mer just d'Land ad-

ministériere bis dohinner, datt nach eng Rei vu Bonboné verdeelt ginn an datt vill Versprieche gemaach ginn, déi finalement vill Leit wäerten enttäuschen. Duerfir sti mir fir eng grouss Zukunftsdebatt an duerfir solle mer och dat Joer hei nutzen, nieft där viller parlamentarescher Aarbecht.

Ech soen lech Merci.

►►► **Plusieurs voix** - Très bien!

►►► **M. le Président** - Merci, Här Meisch. D'Wuert huet elo de Fraktiounschef vun der LSAP, den honorablen Här Fayot.

►►► **M. Ben Fayot (LSAP)** - Här President, de 7. Juni ass net wäit ewech. Dat ass den Dag, wou dat lescht Joer vun der Legislatur ugeet. Mä et geet selbstverständlech haut net ëm e Bilan, et geet och net ëm e Wahlprogramm, et geet ëm den Ofschluss vum Aarbechtsprogramm vun enger Legislatur.

Dës CSV-LSAP-Regierung ass eng Regierung vun de Reformen. Si huet sech virgeholl, a wichtege Aspekter vun onsem Land Neies ze schafen, an der Aarbechtswelt, an der Ëmwelt, an der Klimapolitik, am Transport, an der sozialer Wirtschaftspolitik, an der Immigratioun an an der Gesellschaftspolitik.

D'Ried vum Statsminister stellt duerfir fir d'ëischt e staarken an noutwendegen Appel un d'Ministeren, un d'Parlament, och un de Statsrot an all déi berodend Gremien duer, déi wichteg Reformprojeten ouni Verzicht ze behandelen, déi dës Koalitioun sech virgeholl huet. Déi Projete sinn oft komplex a politesch brisant.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dës Majoritéit huet gewisen, a weist all Dag, dass se d'politesch Kraaft an d'Duerchsetzungsfäegkeet huet, fir esou Projeten zum Enn ze féieren an doraus gutt Gesetze ze maachen. E gutt Beispill dofir ass den Eenheitsstatut vum Salarat - et ass schonn e puermol hei gesot ginn, ech wëll dat och ënersträichen -, eng Zesummenaarbecht vun CSV- an LSAP-Ministeren.

Dëst ass eng Koalitioun, déi bis zum Schluss vun der Legislatur wierksam a gutt durchdachte Reformgesetze ofschléissen an ëmsetze wëllt. D'Chamber ass mat doran engagéiert. Besonnesch d'Kolleege vun der Koalitioun wëssen, wéi vill Aarbecht doranner stécht. Dat fir ze soen, dass mer elo net u bëlleger Virwahl- oder Parteipolemik interesséiert sinn.

Mir wëllen ons Aarbecht zu Enn féieren. Als Majoritéit hoffe mer dobäi selbstverständlech op d'Zesummenaarbecht vun alle Fraktiounen. D'Liewen, mengen ech, ass bekanntlech kuerz a wat mer haut net maachen, ass muer iwwerhol.

Ech soen och, Här President, dass net onbedéngt alles perfekt ass, wat mer maachen. An duerfir lauschtere mer no, wat u Kritik vun anere Parteien an aus der Gesellschaft kënn.

Ech hu vun der Oppositionssäit dräi Zorte Kritiken héieren, just fir déi ervirzehiewen. Déi eng seet, d'Regierung hätt selwer d'Präisser an d'Luucht gedriwwen an dunn den Index moduléiert. Mir wäerten herno d'ADR mat hirer bekannter Litanei, déi mer schonn e puermol héieren hunn, dozou héieren. Si reprochéiert der Regierung, Sozialofbau bedriwwen ze hunn, besonnesch well den Index zum Deel ausser Kraaft gesat gouf.

Nun huet d'Indexmoduléierung vun 2006, mat verstännegen a responsabele Sozialpartner ausgehandelt, gehollef, d'öffentlech Finanzen erëm an d'Gläichgewicht ze bréngen. Dëst war an ass eng absolut Noutwendegkeet, déi vu kengem heibanne bestridde gétt. Ech hu kee gehéiert, deen dat refuséiert huet.

Bis 2007 war den eigentleche Statsbudget am Defizit. D'Spuermoosname vun der Tripartite 2006 hunn dozou bäigedroen, deen Defizit an e Boni ëmzekéieren, wat elo erlaabt, d'öffentlech Präisser anzefréieren an d'Inflatioun ze bekämpfen.

Och den Index stellt keen a Fro. Dem Statsminister seng Ried, wëll ech hei ënersträichen, enthält e kloert Bekenntnis zur integraler Indexupassung erëm vum 1. Januar 2010 un, wann d'Tripartitegesetz ausgelaf ass. Dat entsprécht deem och, wat d'LSAP

wëllt a wat ons Partei op hirem Kongress zu Wolz am März 2008 verlaangt huet.

Déi zweet Zort Kritik - an der Haaptsaach vun der DP - klot, dass iwwert d'Finanzéierung vun den ugekënnegte Moosname wéineg bekannt ass, näscht bekannt ass. Sécher hu mir d'Suerg vun der Finanzéierung, a besonnesch am Kader vun gesonden öffentleche Finanzen. Et geet net duer ze mengen, de Stat géif am Geld schwammen, wéi dat oft dobausse gesot gétt, wann en haut - 2007 - onerwaarterweis Boni mécht.

De Conseil économique et social huet a sengem Avis fir 2008 seng Rechnung fir d'Recetté vum Stat gemaach an op d'Fragilitéit dovunner higewisen. Et stelle sech munch Froen op der Recettésäit. De Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg, deen un der Basis jo vun onsen Einnahmen ass, ass an der Steierkonkurrenz mat anere Länner vun der Europäescher Unioun. D'Regierung wëllt duerfir d'Kierperschaftssteuer graduell op 25% erofsetzen an den Droit d'apport ofschafen, also wëllentlech op Recetté verzichten. Hei wëll ech soen, dass d'Absicht, fir no der Assiette ze kucken an déi eventuell ze vergrësseren, och ze begrëssen ass.

D'Recetten aus den Accisë maachen ons grouss Suergen. Si wäerten 2008 an an de Joren duerno méi oder wéineger stagnéieren. Bis 2012 musse mer jo bekanntlech d'Accisen op den Diesel opgrond vun europäeschen Décisiounen weider unhiwen. Et ass schonn eng Direktiv ugekënnegt, fir den Différentiel bei den Accisë bis 2016 ganz verschwannen ze doen. Dat géif à terme, no de Berechnunge vum Conseil économique et social, Abousse vu 750 Milliounen a méi ausmaachen.

Wéi mer den Tanktourismus ofbauen, andeem mer e lues an net brutal auslafe loosse, ass nach net erausfonnt ginn. Hei annonciéiert sech e riseg Lach an onsen Einnahmen. A wéi d'Recetten an der Kierperschaftssteuer sech entwëckelen, hänkt sécher vill vun de Finanzmäert of, déi jo bekanntlech licht labil sinn.

Dat alles verlaangt sécher eng wäitsiichteg a virsiichteg Finanzplanung an dat verlaangt virun allem Selektivitéit bei den Ausgaben, anescht gesot prezis Prioritéiten an der Ëmverdeelung an an den Investissementer. Béides verlaangt politesch Kloersicht, a fir d'LSAP stinn dobäi sozial Solidaritéit an nohalteg Moderniséierung vun den Infrastrukture ganz uewen.

Dass elo d'Finanzéierung an d'Schätzung vum soziale Steierpak vun dëser Deklaratioun net virläit, ass ze verstoen. Dës Ried gétt am Mee gehalen. D'Mesuré g'fir 2009 annonciéiert. Villes, wat an de Budget vun 2009 kënn, hänkt vum reellen an erwaarte Wirtschaftswuesstum am Laf vun dësem an dem nächste Joer of.

De Statsminister mécht am Mee 2008 e kloert Bekenntnis fir d'Prioritéiten vun der Regierung. Dat ass dat politesch Signal, de politeschen Engagement am Abléck wou ugefaange gétt, de Budget opzestellen, an et ass dat wat elo zielt.

Eng drëtt Zort Kritik hunn ech vun deene Gréngen héieren. Déi Steierkreditter, wéi zum Beispill d'Zoulag fir d'Deierecht, déi heiteg Allocation de chômage, dat wär eng Dréps op e waarme Steen, net laangfristeg genuch. Besser wär et, soe se, sech nohalteg ëm Alternativen zum Uelech ze bekëmmern, amplaz elo iwwer eng Zoulag d'Uelechmultien nach weider ze fidderen.

Esou Aussoe sinn erstaunlech vun enger Partei, déi emol eng Kéier e Bensinspräis vun 100 Lëtzebuurger Frang propagéiert huet. Keng Regierung a besonnesch keng, déi sozial denkt, ka vun hirer Verpflichtung entbonne ginn, direkt a geziilt ze hëllefen, wann et de Leit un d'Lieweg geet, an zugläich den Equilibre mat dem Klima an Ëmweltschutz ze sichen.

Dës Regierung denkt op ville Pläng an an der Haaptsaach nohalteg a laangfristeg. Dat ass de Fall fir d'Klimaschutzbausteng vum Ëmweltminister grad wéi fir d'Beiméierung vum Energieminister alternativ Energie an Energieeffizienz ze fördern. Vun deenen zéng Kyotobausteng sinn der néng op de Schinnen. Den Ëmweltminister huet dat kloer an der zoustänneger Kommissioun duergeluecht. Dat ass de Fall bei der virsiichteger Haltung vun der Regierung zum Biosprit, bei der Ökologiséierung vum Wunnengsbau, bei der Kyotokompatibilitéit vun öffentlechen Ausschreiwungen. Also kuerz a laangfristeg zugläich handeln, déi kloer Zilsetzungen net aus den Ae verléieren, awer och Kollateralschied net vergiessen, an dann direkt handeln, dat ass, wat dës Regierung mécht.

Här President, d'Politik, déi de Statsminister a senger Ried duergeluecht huet, dréit d'Handschrëft vun den zwou Majoritéitspar-

teien, déi sech der sozialer Solidaritéit an der Moderniséierung vum Land verschriwwen hunn. Ech wëll sécher net den Oppositionsparteie weder de Wëllen zur Reform nach d'Fäegkeet sozial ze handeln ofspriechen. Ech sinn awer der Meenung, dass déi villschichteg a komplex Politik vu sozialer Solidaritéit, gesellschaftspolitescher Moderniséierung an Erneuerung vun den Infrastrukturen haut nëmme vun dëser staarker Koalitioun vun CSV an LSAP gemaach ka ginn. Si beméit sech, keen un Wee stoen ze loossen, pragmatesch Léisunge fir déi reell Problemer vun de Leit unzuebiden an zugläich d'Zukunft virzereeden.

Wann de Statsminister als roude Fuedem duerch seng Ried d'Kohesioun vun der Gesellschaft zitt, dann heescht dat fir ons, dass d'Solidaritéit ënnert de Mënschen an dësem Land e wesentleche Prinzip vun der politescher Aktioun ass. Déi Solidaritéit spillt op verschiddenen Niveauen an dréckt sech op verschidde Manéieren aus. Et ass d'Solidaritéit mat deene Jonken an der Schoul an um Aarbechtsmaart. Et ass d'Solidaritéit mat de Loun- a Gehaltsempfänger, deenen hir Kafkraaft erhalen a verbessert muss ginn, d'Solidaritéit fir der Inflatioun, der Deierecht um Wunnengsmaart, der Deierecht vu Bensin an Hétzes Meeschter ze ginn. Et ass d'Solidaritéit mat deene Leit, ob Elengerzéier oder Mindestlounempfänger mat Kanner, déi un der Grenz vum Wuelstand liewen.

D'Aussoe vum Statsminister sinn e Bekenntnis zu engem wäitgehenden Agréif vun der öffentlecher Hand, fir sozial Solidaritéit, fir sozial Gerechtegkeet ze garantéieren. De Stat soll staark sinn, e soll seng sozial Verantwortung iwwerhuelen.

Här President, vill geet Rieds vun de Gefore fir d'Kafkraaft. Keng Regierung dierf dës Entwëcklung verkennen. Duerfir gétt d'Steiertabell 2009 ëm weider 6% un d'Inflatiounsentwëcklung ugepasst. Dobäi kënn d'Erhéijung vum Abatement vun den Assurancen. Dëst ass gutt an netzelech fir jiddferen, deen - dat Wuert ass schonn oft gebraucht ginn de Mëtteg - zur Mëttschicht zu Lëtzebuerg gehéiert an dee wéinst der Inflatioun, a besonnesch den héije Pétrolspräisser, ënnert der Erosioun vu senger Kafkraaft leit.

Wat d'Inflatioun selwer ugeet, huet d'Regierung d'Apréiere vun den öffentleche Präisser an Taxe verhaangen an hofft, dass d'Gemengen nozéien. D'Inflatiounsbekämpfung ass an enger Optik vu sozialer Solidaritéit gradesou wichteg, wéi d'Ëmverdeelung iwwert d'Steieren oder d'Steierkreditter. Mir wëllen net verheemlechen, dass dat fir d'Gemengeservicer an och staatlech Dénegschter net einfach gétt. D'Regierung an d'Gemengen, zum Deel op de Wonsch vun der Regierung hin, hu säit Joren d'öffentlech Dénegschtleeschunge méi käschteendekend gemaach. Duerfir ass zum Beispill d'Annonce, d'Kannerbetreuung à terme gratis ze maachen, eng Ëmkéier an där Approche.

Ech wëll hei net am Detail op de Kuerf vun de ville selektive Moosnamen agoen, déi an der Ried vum Statsminister beschriwwen ginn. Si sinn an hirer Ausrichtung an Zilsetzung sozial richteg. Si si geméint fir Leit mat klengem Akommes, fir Elengerzéier, fir Famillje mat Kanner. Wichteg ass d'Method.

D'Politik iwwert de Steierkredit ass en Duerchbroch fir eng méi sozial Ëmverdeelung. Et ass eng Politik, déi d'LSAP säit Laangem gefuerdert huet, nämlech fir net nëmme iwwert d'Steieren d'Akommes fir d'Leit alleguer ze erhéien, dat heescht, fir déi, déi Steiere bezuelen, mä och fir déi en Ausgläich ze schafen, déi keng Steiere bezuelen, well hiert Akommes ze kleng ass. Dat si 40% vun de Leit. Dëst ass d'Aléisen och vun Engagementen bei der Tripartite vun 2006, d'Géigeleeschung fir déi Sacrificer, déi duerch d'Indexmoduléierung vun de Sozialpartner akzeptéiert goufen. An där Hisiicht kann een och soen, dass déi Tripartite vun 2006 och do en Duerchbroch mat sech bruecht huet.

Laang Joren, Här President, hu mer ons schwaier domat gedoen, aus politeschen Ursachen an aus techneschen Ursachen. Politesch, well et méi einfach ass, mat der Stränz, amplaz selektiv virzereeden. Steiererlicherunge komme besonnesch der Mëttschicht an den décke Revenuen zégt. Technesch, well et net einfach ass, en onbürokratesche Wee ze fannen, fir Steierkreditter ze definéieren an auszebeuelen.

Mam Kannerbonus ass den Duerchbroch ugaangen. Et war fir d'ëischt de Kannerbonus dëst Joer, mat gläichzäiteger Ofschaffung vun der Steiererlicherunge fir d'Kanner. Dës Mesure huet all Famill mat Kanner betrafft. Et ass eng selektiv geziilt Mesure fir d'Famillje mat Kanner, onofhängeg vum Revenu, also fir jiddferen d'selwecht.

Et geet elo weider mat dem Arbeitnehmerfreibetrag, deen als Steierkredit vun 300 Euro pro Joer fir all Salaré, egal wéi héich de Loun ass, ausbezuelt gétt. Och de Rentefreibetrag gétt als Steierkredit u jiddferen ausbezuelt.

Déi Moosname schreibe sech och an d'Virschléi vum Conseil économique et social an, also vun der Verriedung vun de Sozialpartner. Och d'Caritas mécht ähnlech Virschléi. A sengem Avis zur Lag vu Lëtzebuerg am Joer 2008 freet de Conseil économique et social d'Regierung insgesamt, an hirer Politik fir d'Familljen an d'Kanner méi geziilt virzereeden. Esou sollen d'Leeschunge fir d'Familljen duerch Naturalleeschungen, wéi zum Beispill Chèque garderie, Kantin an esou weider, ergänzt ginn. Och schléit e vir, den Abatement monoparental zum Steierkredit ze maachen, wat jo vum Statsminister ugekënnegt gouf. Dobäi soll dee Bonus monatlech ausbezuelt ginn als Sozialleeschung, net als Steierleeschung considéiert ginn.

D'Gesetz iwwert den „Pacte Logement“ gétt elo geschwé gestëmmt. D'LSAP erwaart sech vill dovunner. Besonnesch och duerch den Engagement vun de Gemengen am Wunnengsbau. Dozou soll e Steierkredit fir d'Scholdzënsen um Eegenheim kommen. Och hei gétt eng steierlech Mesure, déi bis elo nëmme deene profitéiert huet, déi Steiere bezuelen, duerch e Steierkredit ersat, dee jiddferem zeguttkënn.

Mir begrëssen och, dass d'Regierung an der Kannerbetreuung nei Weeër goe wëllt. E massiven Ausbau vu schouleschen a sozialen Ariichtunge fir d'Kanner ass amgaangen. D'LSAP gesäit an enger héich qualifizierter Betreuung e wesentlech Instrument vu Chancégläichheet fir d'Kanner alleguer an en noutwendegen Zousaz vun enger Reformpolitik an der Schoul. Et geet net nëmme drëm, d'Kanner iergendwéi ze versueren, et geet drëm, hinnen an der Fräizäit wéi och no der Schoul eng héichwärtig Hëllefstellung ze offréieren. De Statsminister setzt als laangfristeg Zil d'Gratuitéit vun der Kannerbetreuung. Déi Lat läit héich. Mir ënerstëtzen dëst Zil.

Villes bleift allerdingen nach ze klären, zum Beispill wat d'Finanzéierung ugeet. Et ass virdu scho gesot ginn. Dobäi geet et natierlech net ëm de Stat eleng, mä och d'Gemenge spillen dobäi eng wichteg Roll. Bis mer esou wäit sinn, müssen Tëschenetappe kommen, fir dass mer eis fir all Kanner eng gutt Kannerbetreuung leeschte kënnen. Den „Chèque services“ fir Famillje mat Kanner kann e Mëttel sinn, fir den Zougang an d'Crèche an an d'Maison relais ze ermëglichen. De Syvicol - gétt ons gesot - wëllt esou e Chèque proposéieren, mat deem all Kand siwe Stonne pro Woch an enger Maison relais zegutt hätt. Och bei der Autosteuer gétt en Abatement fir kannerreich Famillje vum 1. Januar 2009 un agefouert. Also e ganze Pak och fir d'Familljen.

Dann nach, Här President, e Wuert zu de Schoulreformen. Dobäi spillt d'Personal natierlech eng besonnesch Roll, a ganz besonnesch och d'Enseignantent. De Statsminister huet keng Ausso iwwert d'Fro vun der Aklässierung vun den Enseignantent aus dem Précolaire an dem Primaire gemaach. Hien huet just gesot, dass keng allgemeng Gehälterrevisioun stattfanne wäert, mä dass d'Regierung, ech zitéieren, „d'Evolution vun den Diplomer, d'Responsabilitéiten an d'Missioun“ wäert an den eenzelne Statscarriären analyséieren. Et ass verständlech, dass am Abléck wou eng Conciliatiounsprozedur leeft, d'Politik sech zréckhält. Et bleift, dass et kruzial fir d'Schoulreformen ass, dass d'Enseignanté mat u Bord bleiwen, fir déi Reformen ëmzesetzen.

Et freet ons och, dass de Regierungschef mat grousser Däitlechkeet kloergemaach huet, dass d'ganz Koalitioun hannert de Reformpläng vun der Educationministesch steet. D'Schoulreforme müssen am Interess vun der Kohesioun vun onsem Land kommen. Kohesioun heescht, dass d'Kanner net nëmme zesummen an d'Schoul ginn, mä dass se och zesumme réusséieren. Mir hätt gär, dass d'öffentlech Schoul zu Lëtzebuerg onst Vollek vu klengem un zesummebréngt. Duerfir muss déi Schoul sech un dat Vollek upassen a jiddferem seng Chance ginn.

Wann op eemol portugisesch oder aner privat Schoulen opginn, kann dës Kohesioun a Fro gestallt ginn. Dat wëlle mer net, mä et geet net duer, dat net ze wëllen. Et muss positiv op esou Erausforderunge reagiert ginn.

Chancégläichheet an der Schoul heescht, dass jiddfer Kand déi Ausbildung kriit, déi senger Fäegkeeten entsprécht. Net jiddferen ka Kontabel oder Affekt sinn, mä jiddferen huet e Recht drop, maximal a positiv gefördert ze ginn, fir dat Bescht aus deem

ze maachen, wat an him stécht, an net duerch e permanenten Échec schonn als Kand op en Ofstellgleis gestallt ze ginn. Duerfir ass d'öffentlech Schoul virun allem och eng solidaresch Schoul, en Instrument vu sozialer Kohesoun.

Mir begrëissen och den héije Stellewäert, deen de Statsminister der Gesondheetspolitik gétt. Mir begrëissen dat, well den zoustännege Minister vun Ufank an eng proaktiv Politik mécht, déi jiddferengem eng qualitativ héich Fleeg garantéiert.

Un der Schnëttstell vu Gesondheetspolitik a sozialer Sécherheet steet d'Fleegeversécherung, déi net méi aus dem Sozialsystem ewechzededen ass. Niewent der quantitativer Explosioun vu Personal a Patiente geet et em eng qualitativ héich stehend Fleeg. Hei soll eng kritesch lwwerpréiwung vun der Qualitéit vun de Leeschtunge geschéien. D'Méischlechkeet, de Versteesdemech fir déi eeler Leit ass dobäi gradesou wichteg wéi kompetent Servicer.

Här President, bei der Aarbecht gétt d'Regierung aller Deregulierungslogik eng kloer Ofso. De Kënnegungsschutz ass ze erhalen, den Akzent op onbefrist Aarbechtsvertrág ze leeën, d'Leiaarbecht ass an hirer Roll als Agliederungsinstrument an den Aarbechtsmaart ze gesinn.

Mir deelen dëse Plädoyer an och de Plädoyer an der Deklaratioun vum Statsminister géint d'Sonndesaarbecht.

Et bleift, dass de Chômage vun den Awunner a besonnesch de Jonken trotz deene villen neien Aarbechtsplazen och weider e Problem ass. Et ass e Problem, well mer et net fäerdeg bréngen, ons Chômeuren op déi nei Aarbechtsplazen ze setzen. Mir därefen ons net vu Konjunkturlach zu Konjunkturlach mat enger méi héijer Sockelaarbechtslosegkeet offannen. D'Léisung läit an enger méiglechst perséinlecher Betreiwung vu jiddfer Eenzelnem an der Adem, wéi se am Gesetz 5611 virgezeechent ass.

Här President, den 3. an de 4. Juli dëst Joer fént déi national Beschäftigungskonferenz statt. Dëst geet op eng Initiativ vum LSAP-Deputéierte John Castegnar zréck. Mir si frou, dass d'Regierung dee Wee mat aschléit.

(Interruption)

Mir erwaarden ons dovunner wichteg Impulser...

(Interruptions)

...a wa méiglech en Aktiounsplang, fir d'Aarbechtslosegkeet nach méi wierksam ze bekämpfen. D'Beschäftigungsinitiativen hunn eng eminent wichtig Roll, fir Mënschen erëm zréck an den normalen Aarbechtsprozess ze bréngen. Dat soll de Projet 5144 regelen, dee jo scho jorelaang am Gespréich ass. Dëse Projet heescht elo „...portant rétablissement du plein emploi“, nodeem dass en als Projet iwwert de Chômage social an d'Welt geschéckt gouf.

Wat schwéier vermëttelbar Langzäitchômeuren ugeet, kann eng gesetzlech Regelung och iwwert d'Économie solidaire Klooerheit schafen, an et wier interessant ze wëssen, ob mer op dësem Plang aktiv wëlle ginn.

Weider Mesurë si fir d'Aarbechtswelt ugekënnegt ginn. Den innerbetriebeche Sozialdialog soll reforméiert ginn. D'Stoltripartite soll zesummentrieden. E Sproochecongé fir d'Arbeitnehmer soll an engem Gesetz geregelt ginn. Mobbing soll sanktionéiert ginn doduerch, dass den Accord tëschent den europäesche Sozialpartner iwwert den Harcèlement moral an d'Violence op der Aarbechtsplaz transposéiert muss ginn. En anere wichtigen Aspekt ass de Stress op der Aarbechtsplaz, wou d'Regierung aktiv soll ginn. D'Unfallversécherung soll reforméiert ginn.

Et gesäit een also, dass och um Plang vun der Aarbecht an den Aarbechtskonditiounen moderniséiert a reforméiert gétt. A mir sinn och dovunner iwwerzeegt, dass dee staarke Sozialdialog, deen Traditioun zu Lëtzebuerg ass, mat de Gewerkschafte vill dozou ka bäidroen, déi richteg Léisungen ze fannen.

Wichtig bleift, mengen ech och, dass an deene Solutiounen e Gläichgewicht tëschent deem, wat gesetzlech festgeluecht gétt, an deem, wat kollektivvertraglech geregelt gétt, erhale bleift. Mir hu bis elo d'Deregulatioun duerch eng sozial verantwortlech Politik zu Lëtzebuerg wäit gehend verënnert.

Déi dräi rezent Arrêtë vum Europäesche Geriichtshaff hu fir grouss Opreegung geseuert, selbstverständlech och nach de Recours vun der Kommissioun géint d'Emsetze vun der Direktiv iwwert den Détachement vu Lëtzebuerg. Et gétt gefaart, dass doduerch de Prinzip vum Ursprungsland, dee jo duerch déi sogenannt Bolkestein-Direktiv agefouert sollt ginn, duerch d'Hannerdier erëmkëent. D'Entsenderichtlinn huet

probéiert, de sozialen Dumping ze verhënnern. Nu bezitt déi Direktiv sech jo nëmmen op de sougenannten Noyau dur vu Gebidder, an alles wat doriwwer erausgeet, ass europawäit net geregelt. Ech wëll dorop méi prezis en Donneschdeg bei dem Lissabon-Vertrag zréckkommen.

(Interruption)

Här President, den Transport ass ee vun de relevante Problemer vun onser Zäit, déi op Mobilitéit schwiert. Déi Problematik hänkt enk mat der Organisatioun vum Land, mat der Landesplanung grad wéi mat dem Op- an Ausbau vun Aktivitéitszonen zesummen.

Ech wollt, wat den Transport ugeet, net nëmmen den Asaz vun der Regierung fir de Schinneverkéier begrëissen, deen definitiv d'Réckgrat vun dem öffentliche Transport hei am Land soll ginn. Dat ass och ee vun deene berühmte Paradigmewissel zu Lëtzebuerg, nodeem dass mer an de 60er Jore systematesch d'Schinnen erausgerappelt hunn an dem Bus an dem Individualverkéier d'Virfahrt ginn hunn.

Ech wollt als Stater eng Lanz fir den Tram an der Stad briechen. Sécher ass den Tram an der Haaptaach eng nationalpolitesch Aufgabe, mā e wäert wichteg Konsequenze fir d'Stad hunn.

Säit Laangem hunn ech a meng Partei an der Stad all d'Initiative fir den Tram an der Stad ënnerstëtzt. Ech hu bedauert, wéi de BTB duerch d'Koalition vun der DP an der CSV an der Stad zu Fall bruecht ginn ass.

Ech halen och der ADR hire Projet Schummer fir net akzeptabel, well ech gären en Tram duerch an net ënnert der Stad hätt. Esou en Tram gétt enger Stad eng nei Nues.

(Interruption)

Gitt emol op Bordeaux, op Stroosbuerg, op Paräis souguer: Egal wou ass den Tram e Motor fir d'Moderniséierung an d'Verschéinerung vu groussen Deeler vun de Stied an och vu Verméischlechung vum Verkéier an de Stied. Mir hunn elo endlech en Accord vu véier Parteien an der Stad an am Stat, fir den Tram fir d'éischt vun der Gare op de Kierchbiert an duerno bis Zeisseng an - wie weess - bis an de Südweste vun der Stater Agglomeratioun ze bauen.

Mir begrëisse ganz ausdrécklech den Engagement vum Transportminister zesumme mam Bauten- a Landesplanungsminister fir déi Viraarbecht, déi do gemaach gouf. Mir hoffen, dass et elo zügeg weidergeet. Mir kënnen ons hei keen neien Échec oder Retard leeschten a géifen ons lächerlech maache mat enger „never ending story“, wann et erëm eng Kéier e Flop géif ginn.

Här President, als Lescht wëll ech eng Partie Gesellschaftsreformen uschwätzen. Während am Sozialen Accorden ënnert de Koalitionspartner ze fanne sinn, ass dat op dësem Gebitt méi problematesch. Bei manche Reformen ass d'CSV méi retizent wéi d'LSAP, woubäi et och an deenen zwou Parteien intern nach Ennerscheeder gétt.

Fir d'éischt wëll ech begrëissen, dass sech lues a lues d'Iwwerzeegung breitmécht, dass et an engem Land vu 480.000 a muer enger hallwer Millioun Awunner op d'laang Weil net méiglech ass, nëmmen d'Halschent vun de Leit um politeschen Décisionsprozess deelhuele ze loossen. Déi europäesche Biergerschaft huet ons e bëssen dobäi gehollef, fir zu där Iwwerzeegung ze kommen. Doduerch kënnen Netlëtzebuerg erëm verschiddene Konditiounen un de Gemengerotswahlen an net Lëtzebuerg Uniounsbierger un den Europawahlen deelhuele.

Op deem Wee wëlle mer mat engem neie Gesetz e puer Schrëtt méi wäit goen, fir d'Openthaltskonditiounen op zwou Joer erofzesetzen an den Délai fir d'Aschreiwten an d'Wielerlëschte bis dräi Méint virun de Wahlen ze verkierzen. Mā nach si mer net am europäeschen Droit commun - dat muss mer wëssen.

De Gesetzesprojet elo iwwert d'Nationalitéit, also déi sougenannt duebel Nationalitéit, huet als Zil, méi Netlëtzebuerg, déi laang hei wunnen a schaffen, oft hiert ganzt Liewe laang, dozou ze bréngen, d'Lëtzebuerg Nationalitéit unzehuelen an doduerch zu volle Bierger mat alle Rechten a Flichten ze ginn, also och mat wielen ze goen, also och politesch matzestëmmen.

Dëst huet d'LSAP scho gefrot, wéi vill anerer nach gezéck hunn. Et bestinn, wéi sengerzäit bei der Bedeegung vun den Ausländer un de Gemengewahlen, vill Ängschten, déi een net iwwerdreiwé soll.

Mā Ängschte si schwéier ze rasonnéieren. Ech erënnere mech wéi 1992 den Däiwel un d'Wand gemoolt gouf, elo géifen d'Portugiesen - fir se net ze nennen - do, wou se 40, 50% vun der Bevëlkerung an enger Gemeng ausmaachen, de Pouvoir iwwerhue-

len an d'Lëtzebuerg hätt näscht méi ze soen. Näscht vun all deem ass geschitt. 16 Joer duerno beméie mer ons nach ëmmer fir déi europäesche Biergerschaft ëmzesetzen, mat méi oder wéineger Succès.

Et wäert net anescht mat der sougenannter duebeler Nationalitéit goen. Mat de Konditiounen, déi méi strikt si wéi am viregten Nationalitéitsgesetz, wäerte mer déi éischt Jore mat zimlecher Sécherheet ënnert der haut schon niddreger Zuel vun Naturalisatiounen leien. Awer: „Der Weg ist das Ziel“ an deem Sënn, dass mer mat deem Gesetz weisen, dass mer en oppent Land sinn, wat sech weiderentwéckelt.

De Premier sot zur Globaliséierung an zu den Ängschten, déi se ervirriift - ech zitieren hien -: Mir därefen elo net ufänken, radikal lokal ze ginn. Dat ass genee dat, wat ech och mengen. E Land, wat fir säi Wuelstand, fir méi wéi d'Halschent vu senger Main-d'œuvre, fir seng Bildung, seng Kultur, bal säi ganze materielle Bedarf vum Ausland ofhänkt, muss an der Kommunikatioun mat de Leit heiheim a mat deenen dobause flexibel a pragmatesch bleiwen.

De Premier huet sech dozou mat deem him eegene rhetoresche Balancement tëschent den zwou Extremen ausgedréckt oder positionéiert: weder kee Lëtzebuergesch nach ze vill Lëtzebuergesch, fir Lëtzebuerg ze ginn. Ganz genee weess wuel nach keen, wou hien drun ass. Muss dann elo en zukünftege Lëtzebuerg héichgescheit politesch Artikelen op Lëtzebuergesch verstoen a kommentéieren kënnen? Oder geet et duer, wéi d'Direktesch vum Centre de Langues vun Beispill an engem Interview gemengt huet, en einfacht Gespréich féieren ze kënnen?

Hei muss ee pragmatesch sinn, éischer no de Leit an der Kommunikatioun ze kucken, wéi no der Ideologie. D'Sprooch - all Sprooch - ass fir d'éischt e Mëttel, fir sech ze verstännege an erëmzefannen, e Kommunikatiounsinstrument. Wann dat fonctionnéiert, da fonctionnéiert och d'Mateneen. Duerfir ass fir ons de Gesetzesprojet iwwert de Sproocheninstitut, deen de Centre de Langues ersetze soll, esou wichteg, well endlech méi Mëttelen, besonnesch fir méi Enseignanten am Lëtzebuergesch, zur Verfügung gestallt ginn. Et huet nämlech kee Sënn, Här President, Aktivismus duerch Gesetzer a Verfassungsartikeler virzetäuschen, wann et dobäi bleift.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Fir d'Zesummeliewen an d'Integratioun ass dat heiten, wat ech elo wëll soen, méi wichtig, wéi vill intellektuell Auseinandersetzungen iwwer Sproochen. Et ass d'Veräinslieden, am Sport, an der Kultur, an der Protection civile, bei de Pompjeeën, bei den Hëllefdschéchter, bei der Jugend: Dat ass gelieft Zesummesen vum de Bierger vum Land.

Jiddferen, deen an engem Quartier oder an enger Uertschaft wunnt, an där vill Ausländer wunnen, weess, dass de Kontakt an de Veräiner geschitt, dass d'Kanner an der öffentlecher Schoul zesummekommen. Iwwerall gétt awer säit e puer Joer d'Noutbrems gezunn, well ganz einfach de Bénévolat ofhëlt a bal keng Fräiwëlleg sech fir d'Veräinsliewe fannen.

Dat huet sécher och mam moderne Liewen ze dinn, mat der Manéier wéi d'Uertschaften evoluieren, mat der Aarbecht vun deem Eenzelen. D'Hëllefdschéchter hunn och schon Alarm geschloen. De Stat kann natierlech hei net alles maachen, awer dach vläicht heiansdo e Coup de pousse ginn; hei e Subsid fir en Animateur, do eng Konventioun fir eng Partie Déngschtleeschungen zur Verfügung stellen, fir d'Veräinslieden op héijem Niveau ze halen an duerch déi Vie associative och den Tissu social zu Lëtzebuerg ze erhalen an auszebauen.

Gesellschaftspolitesch relevant ass och d'Gesetz iwwert d'Integratioun, dat d'Gesetz vun 1993 ersetze soll. Wéi de Statsrot a sengem interessanten Avis zu deem Projet seet, hate mer zu Lëtzebuerg ëmmer eng Approche, fir déi individuell Integratioun ze fördern, am Géigesaz zur Integratioun vu Communautéiten, wéi se an England oder an Holland besteet.

De Statsrot ënnersträicht, dass d'Integratioun e globale Prozess mat villen Elementer ass. Dozou gehéiert sécher eng sproochlech Kenntnis, eng Kenntnis vum Land, eng Participatioun um Liewe vum Land. Integratioun ass e Recht, mā keng Obligatioun an engem fräie Land, wou jiddferen liewe kann, wéi hie wëllt, wann hien dann d'Gesetz respektéiert.

Gradesou relevant ass och d'Gesetz iwwert d'Immigratioun, dat fir d'EU-Ausländer wéi och d'Leit aus den Drëttlänner nei europäesch Regeln ëmsetzt. Europa wëllt a brauch legal Immigratioun, muss sech awer

och géint illegal Immigratioun, déi oft duerch kriminell Machenschaften erbäigefouert gétt, wieren.

Mir hunn och an dëser Legislatur en neit Asylgesetz gestëmmt, wat op dësem schwéiere Gebitt méi Uerdnung a méi Méischlechkeet geschaaft huet. Bekanntlech ass och e Gesetzesprojet iwwert de Centre de rétention ënnerwee, deen noutwendeg ass, fir onse Prisong zu Schraasseg seriö ze entlaaschten.

Här President, och nach e Wuert zu anere Reformen. Fir d'LSAP bleibt d'Reform vun der Scheedung dréngend.

» **Une voix.** - Ech hunn och nach en anert Wuert.

» **Une autre voix.** - Mir gläichen eis awer.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Dozou gehéiert de Rentessplitting, fir deen déi ideal Léisung net fonnt gouf. Elo schléit d'Regierung eng pragmatesch Léisung a Form vun engem Riichtersproch bei jiddfer individuellem Fall vir. De Riichter soll am Fall vun der Scheedung fir d'éischt d'Pensiounsrechter feststellen an d'Schold an där Hisiicht vis-à-vis vun deem anere Partner festleeën. Also, keng gesetzlech an allgemeng gültig Regelung, mā eng pragmatesch Regelung au cas par cas. Wann dat d'Scheedungsreform endlech weiderbréngt, hu mir kee Problem domat. Mā op jidde Fall misst déi Reform bis Enn dës Joers duerch d'Chamber goen.

Ech wëll och am Numm vun der LSAP drop hiweisen, dass eng propper a kohärent Léisung fir esou Problemer déi ass oder op jidde Fall déi kéint sinn, d'Pensiounsrechter insgesamt ze individualiséieren an domat all d'Partner fir hir Altersofsécherung ze responsabliséieren. Duerfir soll dee Partner, dee wéinst der Kannererzéiung seng professionell Aktivitéit ënnerbrécht, encouragéiert ginn, weiderzocotiséieren an dobäi och vum Stat ënnerstëtzt ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Och de Projet iwwert d'Responsabilité parentale fir d'Kanner, d'Responsabilitéit fir déi zwou Partner, déi sech scheeden, ze regelen, ass e wichtige Schrëtt an enger Zäit, wou d'Scheidunge méi heefeg ginn an et meeschtens d'Kanner sinn, déi drénner leiden.

Spéitstens schlussendlech nom Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff, also vun der Cour européenne des droits de l'Homme, besteet am Adoptiounsrecht Handlungsbedarf. Dat gétt eng schwierig Diskussioun, besonnesch och am Hibleck op d'méiglech Adoptioun fir gläichgeschlechtlech Koppelen.

Här President, sécher wäeren nach vill aner Aspekter ze behandelen. Ech denken un d'Kulturpolitik, un d'Entwécklung vun der Fuerschung an un d'Uni. Ech denken och un d'Orientatioun vun der Wirtschaftspolitik, un den Opbau vun neien Entreprises am Zesammenhang mat der Fuerschung an un d'Diversifizierung vun der Économie. Mā d'Orientatioun vun den Aussoe vum Statsminister war dës Kéier fundamental eng sozial.

Et geet drëm ze rassuréieren, de Mënschen ze soen, dass de Stat hir Suerge versteet an dass e wëllt eppes maachen, fir dass se iwwert d'Ronne kommen. D'LSAP ass bereet, mat aller Kraaft dozou bäizedroen, all déi Mesuren a Gesetzer esou schnell wéi méiglech ze beschléissen an ëmzesetzen. Dass dovun d'Leit alleguer, a besonnesch déi, déi vill struwele mussen, fir iwwert d'Ronne ze kommen, wäerte profitéieren, dovunner si mer iwwerzeegt. An duerfir hu mer Vertrauen an dës Regierung an an hir intern Kohesoun a Kraaft am leschte Joer vun der Koalitioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den dësäreigen État de la nation steet ën-

ner engem ganz anere Virzechen, wéi déi vun de leschte Joren. Net, well et dee leschten ass vun der Legislaturperiod, och net, well et eventuell dee leschten ass vun der schwaarz-rouder Koalitioun, an och net, well et eventuell dee leschten ass vum Jean-Claude Juncker, mä well mer um Ufank vun enger neier wirtschafte-, sozial- an ëmwelt-politescher Ära stinn.

An deenen nächste Jorzéngte wäerten d'Konsequenzen an d'Auswirkung vum der Energiekris déi sozioökonomesch Entwécklung dominéieren. Dës Kris wäert bewierken, dass mer fir d'Industrie an d'Verbraucher bannent kierzester Zäit an op breeder Front mussen Alternativen zum Pétrol an doriwwer eraus zu de fossilen Energieträger am Allgemenge fannen.

D'Weltwirtschaft steet virun engem déiwe Strukturwandel, seet den onafhängegen Energy Watch Group an engem rezente Bericht. Dat, wat déi Gréng säit den 90er Jore gebetsmühenhaft opweisen, ass elo amgang an déi konkret Phas anzetrieden, an dat souguer vill méi schnell, wéi mer dat geduecht haten. Duerch déi kolossal wirtschaftlech Entwécklung vu China, Indien an och Russland, ass den Honger no Energie dramatesch geklomm an huet domadder all Zeenarië vun der Energiekris verschäerft.

Dobäi stinn Europa, Amerika a Japan an engem terribelen Dilemma. Eigentlech, wa mer gären hätten oder wëilten, dass déi Kris sech net esou schnell géif entwéckelen, dass mer méi Zäit hätte fir se ze meeschteren, misste mer versichen, de rasante wirtschaftleche Wuesstum vun deene Länner, also China, Indien a Russland, liicht mindestens ofzubremsen. Dass heescht, dass en net esou schnell weidergeet. Mä wa mer dat maachen, zerstéiere mer awer och d'Basis fir eisen eegene wirtschaftleche Wuesstum. Well et ass grad an déi Länner, wou ëmmer méi exportéiert gëtt, an et si grad och déi Mäert, déi maachen, dass mer am Moment méi gelooss wéi fréier op déi amerikanesch Rezessioun kënnen kucken.

D'Lag ass komplizéiert, mä net ouni Chancen a Méiglechkeeten. Ënnert der Bedéngung awer, dass mer éierlech, ouni Tabu a mat Fantasie un d'Problematik eruginn. Nëmme déi Länner, déi dat färdig bréngen wäerten, wäerten d'Kris iwwerstoën, an net nëmme iwwerstoën, mä si wäerte souguer dann zu de Gewinner ginn an dëser Kris. Déijéineg awer, déi de Kapp an de Sand stiechen a sech virmaachen, et kéint een einfach wéi gehabt weidermaachen, déi beléien net nëmme op eng sträflech Aart a Weis hir Bevölkerung, mä déi wäerte bei deem weltwäite Strukturwandel zolidd ënnert d'Rieder geroden.

Mä fir d'éischt emol zrëck op déi virun enger Woch virgestallte Studië vum Energy Watch Group: Dësen onafhängege Grupp setzt sech aus héichkarätegen Experten aus Wirtschaft, Wëssenschaft a Politik zesummen, dorënner zum Beispill Vertrieeder vun der „Deutsche Bank“ oder souguer vun der däitscher Tankstellebranche. Et dréit sech also bei deem Grupp hei gréissten-deels net ëm Leit, déi elo direkt - géif ech emol soen - dem gréng politesche Milieu nostinn, mä wierklech ëm Leit, déi wëssen, vu wat se schwätzen, well et geet zum Deel ëm hir eegen Existenz.

Dëse Grupp stellt regelméisseg Fuerschungsarbeiten zum internationalen Uelechmarkt zesummen. E vergläicht och all national, regional an international erstallte Strukturdaten zur Uelechförderung.

Dës Leit hunn elo an hirer rezenter Studië d'Verfügbarkheet vum Äerduelech bis 2030 ënnersicht, an d'Resultat ass méi wéi be-sergnisserregend. Si ginn dovun aus, dass de weltwäite Fördermaximum fir de Pétrol schon am Joer 2006 mat 81 Milliounen Barrel pro Dag erreicht ginn ass. Säitdeem geet d'Produktioun zrëck, an am Joer 2020, menge se, kéinten nëmme nach 58 Milliounen Barrel den Dag gefördert ginn, dat heescht, bal en Drëttel manner wéi dat, wat mer 2006 gefördert hunn.

De Josef Auer, den Energieexpert vun der „Deutsche Bank Research“, seet - ech zitieren: „Was Erdöl betrifft, liegt die Zukunft schon hinter uns.“

Duerfir ass et och net esou, dass beim Pétrol, esou wéi vill Boursenhändler eis dat elo wëlle wäismaachen a leider, muss ee

feststellen, och ze vill séier vu Politiker an hirer Kuerzsichtegkeet nawell gären ophuelen, déi massiv Präishaussé virun allem der Spekulation zoueschreiwe wäeren.

Neen, et ass dee weltwäit kolossal gesteigerten Energiehonger, kombinéiert mam Enn vun der Steigerung vun de Fördercapacitäten, deen d'Präisser dreift an och weider wäert driewen.

Uelech-Futuren, dat heescht also Finanzderivater am Zesammenhang mam Pétrol, fir Liwwerunge vu Pétrol, déi eréischt a fénnef Joer wäerte sinn, kaschten elo schon 140 Dollar de Barrel, dat heescht, méi wéi den eigentleche Pétrolspräis. An ech brauch jo heibanne kengem ze soen, dass déi Borschten, déi déi Futuren do haut kafe fir dee Präis, net dervun ausginn, dass d'Valeur dovunner a fénnef Joer méi niddreg wär wéi 140 Dollar de Barrel. Dass heescht, eleng un deene Finanzprodukt do gesäit een, wou mer histeieren.

An och wa mer gewësse Spekulationselementer an de Präisser hunn - dass ass iwwer-gens näischt Neits, well ëmmer wann et op de Mäert Verknappung gëtt bei Produkter, da kënnt och en Element Spekulation dran -, esou soll kee sech Hoffnung maachen, dass iergendwann eng sougenannten déck Spekulationsblos géif platzen ass dass dann d'Präisser vum Pétrol, mä doriwwer eraus vun de fossilen Energieträger insgesamt massiv géife falen.

Mir musse souwiso wëssen, dass, och wa mer bei anere fossilen Energieträger nach méi Capacitäten hu wéi beim Pétrol selwer, déi souwiso haut schon zimlech enk un d'Präisser dovun geknäpft sinn.

Duerfir, laut dem Energy Watch Group léisst sech den héijen Uelechpräis absolut realwirtschaftlech erklären, ebe mat der Verknappung vun de Ressourcen. An hei gesi mer duerfir och, wéi enk déi ökologesch Problematik mat der energetescher an domadder mat der wirtschaftlecher a sozialer vun den nächste Jorzéngte verknäpft ass.

Fiwat maachen ech haut am Kader vum État de la nation esou ee laangen Ausfluch an d'Beschreibung vun der Energieproblematik? Mä ganz einfach well all wirtschaftlech, finanziell an och sozial Entwécklung an deenen nächste Joren a Jorzéngte komplett vun den Alternativen an Ausweeër aus dëser Problematik ofhänkt an domadder zesummenhängt.

Huele mer nëmme d'Problematik vun der Inflation, déi jo zolidd Auswirkungen op déi am Moment vill diskutéiert Kafkraaft huet. Mir kënnen hei am Land nach esou vill „good will“-Aktiounen starten an administréiert Präisser afriieren oder Ofkommes mam Handel iwwert d'Präisdeierecht ofschléissen, den iwwergroussen Undeel vun der Inflation kënn duerch d'Energiekris, sougutt direkt wéi och indirekt.

Direkt natierlech duerch déi rasant Präis-entwécklung vum Pétrol an indirekt, well de Gros vun der Wuereproduktioun iwwert déiselwecht Energieform ofgewéckelt gëtt an donc d'Präissteigerung bei de Produkter nëmme ee Weiderréche vun der Produktionsverdeierung duerch steigend Energiepräisser un de Konsument ass.

Mir wësse jo awer, a wat fir enger Gesellschaft an a wat fir enger Ökonomie mer entre-temps liawen. Quasi keng Stocke méi, „just in time“-Liwwerung, Produkter, déi mer vu ganz wäit hierhuelen. Wann ech nëmme d'Stéchwuert vum Transport huelen, dat heescht de Gros vun de Wuere, déi mer vu wäiten Distanzen transportéieren, an d'Käschten, déi domat ze dinn hunn, da muss ee jo wëssen oder dann ass et evident, dass eleng d'Transportkäschten, déi massiv steigen duerch déi verdeiert Pétrolspräisser, sech op dem Präis nidderschloen.

Mä et ass net nëmme beim Transport, och all aner Produktionskäschte steige virun allem de Moment duerch d'Energiekäschten, déi domadder verbonne sinn. An et ass evident, dass déi weidergereicht ginn un de Consommateur.

Duerfir ass et och gradesou kloer, dass zu där extremer Verdeierung, déi mer de Moment hu bei de Liewensmëttel, sécherlech och en Element Spekulation gehéiert an dass et, wéi de Premier richteg gesot huet, extrem verwerflech ass, wann do rücksichtslos a mat Drock spekuléiert gëtt, well mer jo do direkt d'Leit an den Hongerdoud driewen.

Mä trotzdeem, de Gros vun der Präisdeierecht - och do - kënn duerch déi héich Energiepräisser.

An da kënnen mer am Moment jo nach nëmme iwwerglécklech sinn, dass de Pétrol an Dollar gehandelt gëtt an dass den Euro esou gënschteg am Verhältnis zum Dollar gehandelt gëtt.

Deen Dag, wou dat sech erëm korrigéiert - an dat wäert geschéien - an den Dollar erëm op en normaal Mooss par rapport zum Euro zrëckkënn, kréie mer bei dësen Energiepräisser Inflationsspréng, déi et wäerten a sech hunn. An ech wënschen där nächster Regierung, egal wéi se zesummesat ass, vill Freed fir dat mussen ze gérieren!

D'Inflation ass dat gréisstent Gëtt fir d'Kafkraaft. Si zerstéiert am Nu all real Lounerhéijungen, zumools wa se sech op deem héijen Niveau befénnt, wou mer haut sinn, a scho guer net ze schwätzen, wa se sech nach weider wäert steigern.

Duerfir, Här Fayot, wann ech déi gutt gemengte Verduebelung vun der Heizkosten-zoulag an och elo d'Émwandlung dovunner an eng Deierungs-zoulag an deem heite Kontext opwerfen, dann ass et net, well mir der Meenung sinn, dass een dat net soll maachen, an da wäerte mir och kee Problem hunn, dat kënnen matzestëmme, mä ech mengen awer - a mir si jo awer ee Joer virun de Wahlen, an déi Entwécklung hei war viraussehbar an de leschte Joren -, dass mir dat hei besonnesch kritiséieren, well mer soen, déi Aart a Weis, wéi dat diskutéiert gëtt, an déi Vernoléissegung, déi Der op anere Gebidder gemaach hutt, domadder dréckt Der d'Leit, mä Dir maacht hei eigentlech, wéi, wann ee mat esou Hëllef wéi déi do géif kommen, wann dat d'Léisung wär vum Problem.

Dobäi wësse mer alleguerten, dass dat doten effektiv, wéi ech och schon d'lescht Woch gesot hunn, nëmme eng Drëps op ee waarme Steen ass an net doriwwer ewechtäusche kann, dass och dës Regierung beim Fong vum Problem eigentlech versot huet an et net färdig bruecht huet, nei Jalonen ze setzen.

Ech brauch lech jo nëmme drun ze erënnere, wéi laang Der gebraucht hutt bei deenen neien Instrumenter an Aidë fir d'alternativ Energien, ier Der déi emgesat hutt. Wéi laang Der gedoktert hutt an e ganze Marché am Onkloere gelooss hutt, ier Der dat hikritt hutt.

Duerfir si mer och der fester Iwwerzeugung, dass dat do vläicht kuerzfristeg eng gutt Saach ass, mä et vill méi wichteg ass, dass mer de Leit hëllef, dass se Haiser hunn, wou manner Energie verbraucht gëtt, déi besser isoléiert sinn. Dass heescht, dass mer méi energieeffizient ginn, well nëmme dass ass herno d'Léisung vum Problem, fir dass d'Leit net mussen ëmmer méi vun hirem Revenu an d'Energiekäschte stiechen.

De Kampf géint d'Inflation ass duerfir an deene kommende Joren enk verbonne mam Kampf géint d'Energiekris. A fir dës Kampf ze gewannen, gëtt et nëmme zwou Méiglechkeeten, déi wierklech effikass sinn: éischters, Energie spueren, an zweetens, déi massiv Entwécklung vun Energieeffizienz-techniken, den alternativen an erneuerbaren Energien.

Nëmme eng nei industriell Revolution an deem Sënn wäert eis aus der Pétrolsfal erausféieren a wäert eis enorm schwierig a grouss wirtschaftlech a sozial Konflikter an deenen nächste Joren a Jorzéngten erspueren.

Mir Gréng ginn duerfir och net midd drop hinweisen, dass mer riskéieren dës industriell Revolution, déi elo uleef, ze verpassen, wa mer eis a Selbstgefällgkeet üben a mengen, zu Lëtzebuerg kéinte mer weider all Problemer mam Scheckheft léisen.

Wa mer elo de Courage hunn, de Courage opbréngen, eis hei endlech kreativ a couragéiert anzubringen, da si mer zouversichtlech, dass grad eist kleng Land mat sengen iwwerschaubare Strukturen sech mobiliséieren léisst fir dee Strukturwandel.

Mir bedauern, dass d'Regierung elo - ee Joer virun de Wahlen - eréischt een Aktionsplan fir Ecotechnologien ukënnegt. Woubäi mer nach net emol wëssen, wat dann den Inhalt dovunner soll sinn oder ass a wéi en an a wat fir enger Form dës soll emgesat ginn.

Egal wéi, den Aktionsplan als solches ass de richtige Wee, mä mir musse kucken, dass mer eppes doraus maachen, a wa mer eppes doraus maachen, kënnen mer zwou Mécken op ee Schlag schloen: éischters, de fénnefte Gank aleen, fir géint d'Energiekris virzegoen, an zweetens, nei Betriber an d'Land ze kréien an nei Secteuren opzebauen, mat enger héijer Plus-value fir eist Land, an domadder och mat neien, héich qualifizierten Aarbechtsplazen.

Fir dass dës Ganz geléngt, kéinte mer souguer op eise Kärwirtschaftssektor zrëckgräfen, de Finanzsektor. Grad well déi dote wirtschaftlech Aktivitéiten an de kommende Jorzéngte wäerte boomen, kéint eis Finanzfongenindustrie mathëllef, Lët-

zebuerg an deene Beräicher zum Duerchbroch ze verhëlfe.

Deementspriechend Iwwerleeunge gi jo, Gott sei Dank, och am Finanzsektor selwer gefouert, wéi meng Gespriecher mat Responsabelen an deene leschte Méint mer gewisen hunn.

Datt mer frou sinn, dass mer de Finanzsektor hunn, dass deelt all Mënsch heibannen. Mä gradesou daitlech misst et eis ginn, oder jiddferengem heibanne ginn oder sinn, dass mer einfach ze vill ofhängeg vun dësem Sektor sinn an dass mer mussen aner Standbeener schafen.

Wéi mer an deene leschten aacht Joer mat ëmmerhin zwou zolitten internationale Finanzkris konnte gesinn, mécht déi extrem ofhängegkeet eenzeng an eleng vun dësem Sektor eist Land besonnesch vulnérabel. Keen aner Land ass nëmme vun engem Sektor ofhängeg, an zumools nach vun engem, deen esou volatil ass, wéi de Finanzsektor. An zumools nach keen aner kleng Land, wat a sengem interne Marché iwwerhaupt keng Méiglechkeeten huet, fir ekonomesch ze handelen.

Dës ass iwwerengs och eng vun den zentralen Erklärungen, firwat et fir d'Politik ëmmer méi schwierig gëtt, fir finanziell Provisiounen zu Lëtzebuerg ze maachen. Dës erkläert och déi politesche Achterbahnfahrt vun dëser Regierung am Finanzberäich. Dass, wat dës Joer richteg ass, kann dat nächst oder iwwernächst Joer schon erëm total falsch sinn.

Nëmme zur Erënnere e puer Zuelen: 2000 hate mer hei am Land ee Wirtschaftswuesstum vu bal 9% a 40 Milliarden aler Frang budgetär Plus-walen. 2001 hu mer en Ofsturz op ënner 2% Wirtschaftswuesstum kritt, a well den Abroch vum Wirtschaftswuesstum, aus steiertechnesche Grënn, ëmmer mat zwou Joer Verspéidung antrëtt, ass déi nei schwaarz-rout Regierung duerch hiren neien, ale Premier- a Finanzminister am Oktober 2005 gezwonge ginn, eng Schweess- an Tréineried mat massiven Austeritéitsappeller ze halen.

Mä scho während den Tripartiteverhandlungen huet sech ëmmer méi erausgeschlied, dass de Finanzsektor sech géif zolidd erhuelen - d'Boursen hunn erëm geboomt -, an dass deementspriechend déi finanziell Einnahmequelle vum Stat erëm géife sprudelen. Resultat: D'Budgetprovisiounen bei de Recettë fir d'Joer 2000 louche voll derneft.

Jee nodeem awer wéi déi nächste Méint sech elo wäerte weiterentwéckelen, kéint dës Achterbahn och gläich erëm weidergoen, mä dës kéier no ënnen, an déi aner Richtung. Genausou schnell, wéi se ufanks oder Métt vun dësem Joerzéngt erëm no uewe gewisen huet.

Duerfir bleiwe mer bei der Ried vum Premier och finanzpolitesch total um Dréchnen. Och wann hei eng ganz Rei, och interessant, Pisten - ech kommen nach op déi ze schwätzen, zum Beispill an der Sozialpolitik - opgezielt ginn, sou feelt et eis bei deem gewaltigen Ausgabeprogramm total un Zuelen.

Mir hunn a kengem Saz gesot kritt, wéi déi Steierreduktiounen, Sozialausgaben, héich öffentlech Investitionsprogrammer da solle géigefinanzéiert ginn. A wann ee sech d'Investitionsfongen, also eis eege Fongen am Pluriannuell bis 2009, bis 2010 ukuckt, da gesäit ee jo, dass mer haut do scho Finanzzéierungsschwierigkeete kréie bei deene Projeten, déi mer an der Vergaangenheet décidéiert hunn. Guer net ze schwätze vun deenen, déi hei elo ugekënnegt gi sinn, wat der jo lauter sinn, déi op d'Zukunft opgebaut sinn. Duerfir wësst mer gär, wéi d'Géigefinanzéierungen do sinn.

Déi gesamt Wonschlëscht, déi mer d'lescht Woch hei opgezielt kritt hunn, ass also net mat Zuele beluecht. Ech huelen duerfir dem Premier och net of, dass dat just nëmme war, well en d'Öffentlechkeet net wollt mat Zuelen erschloen, wéi hien eis dat hei d'lescht Woch wollt erklären, mä ech behaupten, dass déi ganz Mesuren nach iwwerhaupt net duerchgereicht sinn.

Déi Gréng verlaangen dat awer dréngend, a mir hätte gären, dass mer - am Sënn vun enger uerdentlecher parlamentarescher Aarbecht zur Opstellung vum Budget fir d'Joer 2009 - dës Berechnungen nach bis de Summer kréien. Ech hoffe jo net, dass mer eréischt am Oktober hei mat Zuele beliwert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Numm vu menger Fraktioun elo nach sechs Chantierë beschreiwen, déi eiser Meenung no fir eist Land an de kommende Jore vun zentraler Bedeitung sinn.

Éischters, de Kampf géint d'Klima- an d'Energiekris. Den Ament huet een d'Im-

pressioun, datt dës Regierung ugesiichts vun dëser Erausfuorderung e bësschen erstarrt, wéi d'Kanéngche virun der Schlaang, dosëtz. Déi elo ugekënnegt Mesurë si beschtefalls wéi wann ee géif versichen, d'Haus, wat total a Brand steet, mam Gaardeschlauch ze läschen.

Mir verlaangen, datt dréngend een nationale ronnen Dësch agesat gëtt, wou niewent de politesche Kräften all wirtschaftlech a sozial relevant Kräfte vertrauede sinn. Dëse ronnen Dësch soll d'Méiglechkeet kréien, fir sech mat nationalen an internationalen Experten ze ëmginn, an e soll zum Zil hunn, bannent kuerzer Zäit dee vun der Regierung ugekënnegten Aktionsplang fir Ecotechnologien mat Liewen ze fëllen.

De Kampf géint d'Klima- an d'Energiekris brauch eng national, kollektiv Ustrengung. Mä si ass derwäert, well si mécht eis dann zu Gewënnner, an net zu de Verlëierer vun där Kris.

Mir brauchen och eng verdëiften Analys an Diskussioun iwwert eise Steiersystem. D'Steiere sinn do, fir dem Stat, der Kollektivitéit finanziell Mëttelen ze verschafen, fir am Interessi vun d'ärselwechter öffentlech Infrastrukturen an Déngschtleeschungen ze schafen. D'Steiere sinn och do, fir matzehlëfen, datt de gesellschaftlechen a wirtschaftleche Räichum méi gerecht verdeelt gëtt. De Steiersystem ass eent vun de beschte maartwirtschaftlechen Instrumenter, fir lenkend par rapport zu de Produzenten a Verbraucher ze wierken.

Grad déi leschte Funktioun vum Steiersystem muss an hirer voller Bedeitung beim wirtschaftleche Strukturwandel zur Geltung kommen. Mir wëssen nach net genau, wat d'Regierung bei der Betriebsbesteuerung fir déi nächste Jore wëlle huet, ausser datt ugekënnegt ginn ass, datt mer ëm ronn 4% wëlle bei der Belaaschtung erofgoen. Mä grad do kéint ee jo emol beispillsweis usetzen, andeem een, amplaz einfach ëmmer nëmmen d'Steierbarëmen no ënnen ze schrauwen, Iwwerleeungen a Richtung vun engem wirtschaftleche Strukturwandel erabrëngt. E Beispill wär, datt mer géifen och emol do iwwer Crédits d'impôt nodenken, amplaz iwwer Erofsetze vu Steierbarëmen. Zum Beispill e Crédit d'impôt zugonschte vun Ecotechnologien - fir déi nëmmen erauszesträichen.

Mir sinn och iwwerrascht, datt d'Regierung - ech weess net, wie se bewoen huet, dat ze maachen - eis eng Etüd hannerluecht huet, iwwert déi mer jo dann nach vill Gespréich kréien an deenen nächste Méint, iwwert déi sougenannten „flat tax“, awer par contre beispillsweis iwwert déi ekologesch Steierreform, déi scho laang an der Diskussioun ass, keng Etüd gemaach ginn ass.

Mir hätten et méi sënnvoll fonnt, wann dorüwer hei eng Etüd hannerluecht gi wär wéi iwwert déi berühmten „flat tax“. Mä mir kréie

jo dann nach an deenen nächste Méint, ech hoffen net nëmmen an der Finanzkommissioun, mä och eng Kéier an der Plénière hei eng Debatt dorüwer, a wann dat net esou sollt sinn, da wäerte mir derfir suergen, datt se stattfënn, well et geet jo och dorëms, datt emol jiddferee sech eng Kéier bekennt, och en vue vun 2009, wat en da wierklech wëlle huet an déi Richtung.

Zweete Punkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: eng nei Mobilitéit errechen. Am Moment bewege mer eis voll an d'Richtung vun der Immobilitéit, wa mer näischt vun de Feeler oder un de Feeler vun de vergangenen 20 Joer änneren.

Mir hate jo gemengt, zwar net mir als Gréng, mä vill heibannen, mir kéinten duerch ëmmer méi kostspilleg an nei Stroossen eleng all eis Mobilitéitsproblemer léisen. Wat ee fatalen Iertum!

Elo musse mer eng finanziell a gesellschaftlech Kraaftustrengung maachen, fir dësen Iertum ze korrigéieren, wat awer net wäert esou einfach ginn. Bréngt mer dat net fäerdig, dann hu mer en duebele Problem: Éischtens spillen d'Fortbewegungsmëttelen eng zentral Roll beim Auswee aus der Energie- a Klimakris, an zweetens riskéiert Lëtzebuerg duerch seng ganz spezifesch ekonomesch an Aarbechtsmaarsituatioun, déi kolossal Steigerungsraten, déi domadder verbonne si beim Individualverkéier, net méi ze packen.

Just nëmmen ee Beispill. An der Konventioun, déi de Landesplanungsministère mat der Stad Lëtzebuerg a mat de Randgemeinden am Südweste vun der Stad gemaach huet, ass eng Verkéiersstudie vun engem Büro erstallt ginn, déi virausseet, datt, wa mer un der Mobilitéit an an der Mobilitéit näischt änneren, ugesiichts dem Wuessstumspotenzial an der Region de Verkéier vun haut 450.000 op 650.000 Autosbeweugung bis 2020 wäert klammen. Dat heescht bannent deenen nächsten zwielef Joer. Dat ass e kuerzen Zäitraum.

Stellt lech emol nëmmen eng Steigerung vir vu 50% vun den Autosbeweugungen op eise Stroosse bannent deenen nächsten zwielef Joer! Rechent lech dat emol aus, wéi vill datt dat op d'Joer, souguer op de Mount entre-temps ass, da verstitt Der a kënnt Der lech vläicht erklären, firwat datt vu Mount zu Mount méi ënnert der Verkéierslaascht do-bausse gestöhnt gëtt. Ech brauch natierlech kengem auszemolen, datt bei deenen Zuelen den definitiven Zoustand vun der Immobilitéit erreecht wär.

Am Rescht vum Land gesäit et awer net vill besser aus. Wann Der d'Zuele kuckt, a mir kréie jo elo muer - oder ass et iwwermuer? - an der Chamberskommissioun vum Landesplanungsministère déi nei adaptéiert Zuele vum IVL virgeluecht, an déi Zuelen, déi ech aus anere Studien hu par rapport zum Rescht vum Land, déi soe mer, datt

ech mer scho kann denken, wat en Donneschdeg wäert der Chamber matgedeelt ginn, nämlech datt all déi Strukturdaten, déi mer als Viraussetzung beim IVL haten, fir zum Beispill de Verkéier ze berechnen, landeswäit largement dépasséiert sinn.

Duerfir geet et och net nëmmen dorëms, ze diskutéieren natierlech iwwert d'Verkéiersproblematik am Zentrum vum Land, och wa se do am gravierendsten de Moment effektiv ass. Mä och de Rescht vum Land, de Süden zum Beispill, d'Broochen, ass betraff.

Mä ech hoffe jo, datt mer am Süde par rapport zu de Broochen net déi nämlech Feeler maachen, wéi se am Zentrum effektiv gemaach gi sinn, nämlech andeem mer fir d'éischt déi Brooche wirtschaftlech entwéckelen - wat mer jo all wëllen -, alles lafe loossen, haaptsächlech och do virangeg dann awer op den Individualverkéier setzen an eis an déi nämlech Impasse erasteieren, wéi mer se am Zentrum hunn. Do hu mer elo nach d'Chance an d'Zäit, fir vun Ufank un aner Weeër ze goen. Da kommt, mir baue se vun Ufank u mat an.

Mir hunn och duerfir mat engem gudden Deel vun de Mesuren, déi am „mobil 2020“ drastinn, weineg Problemer. Déi meescht si jo och souwisou keng nei Propositionen, déi do gemaach ginn. D'Gares périphériques, nei Zuchstrecken - zum Beispill d'Verduebelung vun der Beetebuerger Streck -, den Tram an der Stad an dorüwer eraus an esou weider, alles dat si Saachen, déi scho laang an der Diskussioun sinn.

Dat eenzegt neit Element, wou endlech elo emol e Konsens effektiv besteet, dat ass am Fong den Tram am Zentrum vum Land. Déi aner Mesuren, déi si jo scho laang decidéiert ginn. Mä bei der Ëmsetzung dovunner hapert et awer ganz staark. Déi geet eis einfach vill ze lues.

Mir mengen och, datt bei der Ëmsetzung vun esou gigantesche Projeten, sief dat déi Gares périphériques wéi och aner Saachen, mer nei Weeër musse goen, fir déi Saachen ze bauen, fir net ze soen, bauen ze loossen. Wa mer weider do nëmmen de Stat, déi aktuell staatlech schwéierfällig Weeër gesinn, da komme mer deem Ganzen net no an da kréie mer déi Infrastrukturen do net séier genuch gebaut.

Et geet och net duer, bei engem Wuessstumspotenzial, wéi mer en haut hunn, fir eis zefridden ze gi mat deem, wat mer haut gemaach hunn. Ech wëll nëmme just nach eng Kéier drun erënneren, et sinn elo scho bal zéng Joer hier, do hate mer eis en Zil fixéiert vun engem „modal split“ vu 75/25. Mir sinn nach wäit dovunner ewech!

Fir deen ze errechen, musse mer zum Beispill am Zentrum op en „modal split“ komme vu 60/40. Also, et muss ee sech emol am Kapp an och um Pabeier ukucken, wat dat bedeit. Mir sinn awer nach net vill do weiderkomm.

Wann ech awer d'Entwécklung kucke vun eiser Ekonomie an d'Schafung vun den Aarbechtsplaze pro Joer, dat heescht, dee Wuessstumspotenzial, dee reell do ass, an dat weiderdenke bis iwwer 2020 eraus, bis 2030, wann dat an deem nämlechte Rhythmus soll virgoen, an dat ass jo anscheinend de Wunsch vun der Politik - well wann ech liesen, wat mer, sief et an der Lissabon-Strategie zum Beschte ginn oder an anere Pabeieren, dann ass dat jo eisen erkläerte Wunsch -, da soen ech lech, da geet weder „mobil 2020“ nach dat, wat mer elo schonn do droppet ass hunn, duer. Da musse mer nach vill méi e grouse Kraaftakt maachen. Mir musse dann d'Capacitéite virun allem vum schinnegebundene Verkéier, sougutt Zuch wéi Tram, weider zolidd erhéien, wäit iwwert déi Projeten eraus, déi mer haut schonn decidéiert hunn.

Duerfir musse mer schnell an effikass handelen. An all déi grouse Infrastrukturprojeten am Beräich vum öffentlechen Transport musse rapid ëmgesat ginn. Hei bleift keng Zäit méi fir Gespills oder parteipolitesch Geplänke.

D'Mobilitéit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dovun si mir Gréng fest iwwerzeegt, a virun allem den Ausbau vun den öffentleche Verkéiersmëttelen hei am Land, gëtt en zentraalt Element fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg. Wa mer dee Kraaftakt do net packen an deenen nächsten 20 Joer, da wäerte mer déi wirtschaftlech Ausbaufäegkeet vun dësem Land a Fro stellen.

Drëtte Punkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Mir brauchen eng Fuerschungsa Bildungssoffensiv. Eise Schoulsystem huet e grouse Problem. Net well et géif um Engagement beim Léierpersonal feelen, mä well de System als solchen net méi un d'Realitéit an eiser Gesellschaft ugepasst ass.

Wann op eemol déi gréissten auslännesch Communautéit am Land ufänkt, sech selwer ze organiséieren, well se net weider wëllt nokucken, wéi hir Kanner zu de Verlëierer an eise System ginn, wann esou e Projet wéi „Eis Schoul“ iwwer 700 Demandë fir 90 Plaze krit, ouni datt dës Mënschen iwwerhaapt am Detail kloer ass, wat de Projet da genau duerstellt, dann deit dat op e grouse Vertrauensverloscht par rapport zu eiser öffentlecher Schoul hin.

Dat gefält eis awer guer net. Well déi Gréng sinn der Meenung, datt grad déi öffentlech Schoul d'Réckgrat muss si vun der gesellschaftlecher Erzéiung an datt grad déi öffentlech Schoul muss de Garant si fir Quali-



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

téit a fir Erfollegswärter an eiser Gesellschaft.

Eis kosmopolitesch Lëtzebuerger Gesellschaft brauch duerfir eng öffentlech Schoul, déi dem Wandel an der Gesellschaft, neie pedagogesche Formen a Méiglechkeete Rechnung dréit. Mir mussen eis och Froe stellen iwwert den Trilinguismus an eiser Schoul. Wann ee wëllt, dass mer eng Schoul vun der Réussite an net vum Échec kréien, da mussen mer endlech dem Fait Rechnung droen, dass mer an eisem Land déi ënnerschiedlechste sproochlech a kulturell Viraussetzung virfannen. Virun allem an eisem Schoulsystem.

Eng Rei Reformensätz vun dëser Regierung ginn an déi richteg Richtung, mä si sinn eis nach ze onkomplett an ze zögerlech. Mir wäerten an deenen nächste Wochen a Méint verstärkt eis Virschléi op den Dësch leeën.

D'Fuerschungstrennung vun der Regierung fannen eis voll Ënnerstützung. Mir bedauern awer och hei, dass nach ëmmer kee präzise Fahrplang virläit, op wéi enge Gebidder eis Prioritéite leien, wou mer eis Schwéierpunkte gesinn a wéi mer déi an der Praxis wëllen erreechen.

Mir haten eng Interpellatioun an dësem Parlament, dat ass schonn erëm laang hier, wou mer doriwier diskutéiert hunn, wou mer versprach kritt hu vun der Regierung. Bis haut ass dat net de Fall. Mir bedauern dat.

Véierte Punkt, Här President, d'Jugendarbeitslosigkeit bekämpfen. Dee banale Satz: All Chômeur ass een ze vill!, mat deem si mer all d'accord an deen ënnerschreiwe mer och gären esou vill wéi méiglech. Mä, Här President, grad bei de jonken Arbeitslosen ënner 25 Joer deet de Fait, keng Arbeit ze hunn oder ze fannen, besonnesch wéi. Iwwer 16% vun eise Chômeure si Jonker ënner 25 Joer. Dat ass an däerf och ni akzeptabel ginn. Grad dës jonk Leit ginn als Verléierer vun eiser Gesellschaft duerno ganz schnell zum grusse Problem fir déiselwecht.

Sécher, Jugendarbeitslosigkeit huet vill mat Échec am Schoulsystem ze dinn. Mä si huet och vill ze di mat schlechter Berufsorientierung. A si huet vill ze di mat schlechter Virbereedung op den Arbeitsmarkt. Vill ze vill verlossen der am Moment eis Schoul zwar mat vill Wëssen, wat se agebläut kritt hunn, mä si kënnen hiert Wëssen net herno an der Praxis wenden.

Dann huet dës Jugendchômage och mat schlechter Arbeitsvermittlung ze dinn. Dat heescht mam Fait, dass déi berühmte Reform vun der Adem hin zu engem modernen Arbeitsmarktvermittler nach ëmmer net vollzunn ass. Wéi vill Jorzéngte wëlle mer nach doriwier diskutéieren?!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dem Mea Culpa vum Statsminister iwwert d'Nidderlag am Beräich Logement d'lescht Joer, ass d'Scheitere bei der Bekämpfung vun der Jugendarbeitslosigkeit ee weideren zentrale Politikberäich, wou esou ee Mea Culpa misst ustoen.

Fënnefte Punkt: Mir mussen Berufswelt a Famill zesummebréngen. Mir hunn nach ëmmer eng vun deene schlechteste Fraenerwerbsquoten an der Europäescher Unioun. Mir leeschten eis de Luxus, fir dee gréissten einheimische Potenzial vu Beschäftegten einfach broochleien ze loossen. Aus villerlee Hisiicht ass dat katastrofal. Aus Grënn vu Landesplanung, well wa mer och nëmmen unnähernd den IVL-Awunnerzenario erreeche wëllen, dee jo soll de Grenzpendler um Arbeitsmarkt entgéintwierken, dann ass do dat gréissten an direkt verfügbare Potenzial, ier mer op zousätzlech Imigratioun setzen.

Jo?

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*. - Däerf ech just eng Remarque dozou maachen, Här Bausch? Mir sinn, bei de Fraen tëschent 25 a 64 Joer, besser wéi déi meescht europäesch Länner, mä et ass viru 25 an no 64 Joer, wou mer méi schlecht sinn. An dat bréngt déi gesamten Zuel no ënnen. Bei de Leit ënner 25 Joer hätte mer jo eigentlech gären, dass se méiglechst laang géife léieren, a mir hunn natierlech e Problem, dass

d'Leit, Fraen a Männer, bei eis ze fréi vum Arbeitsmarkt fortginn. Mä ech sinn emol frou, dass mer wéinstens déi Tranche tëschent 25 a 64 Joer an d'Luucht, an iwwert den europäeschen Niveau, kritt hunn.

» M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - Dat ännert näischt drun, Madame Ministesch, dass et, eischtens, duerfir Erklärungen gëtt, fiwat dat bei deenen Eischten a Leschten esou ass, an dass, zweetens, wann een d'Gesamtliewensdauer kuckt, mer am europäeschen Duerchschnitt awer nach ëmmer schlecht dostinn.

Mir mengen och duerfir, dass et bedéngt, dass mer eis Familljepolitik zolidd mussen iwwerdenken, fir dass Beruff a Famill besser kënnen matenee vereinbart ginn. D'Schafe vun erschwéngleche Kannerbetrieungsstrukture muss och zur Top-Prioritéit an deenen nächste Jore ginn. Fir dass dat awer ka geschéien, brauche mer e Paradigmewiesel an der Familljepolitik. Manner allgemeng Geldleeschungen, an duerfir awer méi Serviceleeschungen. Virun allem déi, déi et wierklech brauchen an eiser Gesellschaft, sollen zousätzlech vu Geldleeschungen profitieren.

An deem Sënn...

Gelift?

(*Interruption*)

Neen, mir hu jo zwou verschidde Kategorien. Et gëtt Leit, do geet et net duer, wa mer familljepolitesch soen, mir ginn deene Chèques services, fir dass se sech zum Beispill Kannerbetrieungsstrukture leeschte kënnen, well déi hu jo awer nach e generelle Problem an hirem Stot, wa se vill Kanner hunn. An ech mengen, dass et fir eis kloer ass, dass mer och do mussen - aus soziale Grënn - ëmmer u Geldleeschungen festhalten. Mä déi solle wierklech op déi Kategorie cibléiert ginn.

An deem Sënn féint d'Iddi, fir am plaz vum massiven, breede Kannergeldherhijungen e Chèque service fir Kannerbetreuung anzeféieren, eis Zoustëmmung. Mä och hei mussen mer der Regierung de Virwurf maachen, dass se elo, ee Joer virun de Wahlen, mat esou engem Element usetzt. Och hei vermësse mer säit Joren eng Gesamtstrategie vun der Regierung, déi eis géif opweisen, wéi een dann elo zu där op eemol entdeckte laangfristeger a gratis Kannerbetreuung fir jiddferree soll kommen.

Ech wëll awer hei drun erënnere - an ech weess jo, dass mer um Niveau vun de Gemengen nach virun engem Joer aner Saachen diskutéiert hunn, dass nach virun net esou laanger Zäit mat de Gemenge verhandelt an diskutéiert ginn ass, dass d'Präisser fir d'Maisons relais sollen eropgesat gi fir d'Betreiung. Wann dat elo net méi richteg ass, da begrëisse mir dat.

Mä mir stelle fest, dass dat ee Joer virun de Wahlen entdeckt gëtt, an dat gëtt deem Ganzen e bëssen e komeschen Arrière-goût, wou mer eis Froe stellen. Mir hätte léiweger gehat, dës Regierung hätt dat eischter ugefaangen, well se jo iwwregens och mat deem Usproch ugetratt ass. Wann een hire Koalitionsaccord liest, war eigentlech dat, wat elo um Schluss decidéiert gëtt, zu engem groussen Deel och schonn an den Ambitiounen vun dëser Koalitioun.

Sechste Punkt, Här President, eng positiv Integratiounspolitik maachen. Mir sinn net méi wäit vun der 50/50-Logik ewech, wat d'Verhältnis vun Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger ubelaangt. An där Gemeng, wou ech an der Responsabilitéit sinn, sinn d'Netlëtzebuerger schonn an der Majoritéit. Mir wëssen och alleguer heibannen, dass dat eng Situatioun ass, déi mer all wollten.

(*Interruption*)

Déi mer all wollten, Här Jaerling.

Mir wëssen, dass dat eng Situatioun ass, déi mer all wollten, all heibannen, well et déi eenzeg Méiglechkeet war an och wäert bleiwen, fir dass eisen ekonomeschen a soziale Modell och kann dréinen. Duerfir solle mer net liichtfankeg ufänken, mat der Integratiouns- an Imigratiounspolitik aus kuerzsiichteger politeschen Iwwerleungen eraus ze spillen.

Jo, zënter Enn den 80er Joren hunn déi respektiv Regierungen an der Integratiounspolitik versot. Jo, et ass sech ze wéineg Gedanke gemaach ginn iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch als Bindeglied a Kommunikatiounsmittel hei am Land. Jo, de Congé linguistique ass iwwerfällig. Jo, mir hätte scho laang misse sougutt finanziell wéi och organisatiounell derfir suergen, dass déi Leit, déi mer bei eis ruffen, well mer se jo brauchen hei am Land, och eng Chance kréien, fir eis Sprooch ze léieren.

Déi Gréng hu schonn Enn den 90er Joren hei parlamentaresch Initiative geholl an och

Sommaire des séances publiques N^{os} 38, 39 et 40

Communication	page 481
Question avec débat N°30 de M. Jacques-Yves Henckes - Création d'un Laboratoire National de Médecine Légale et de Police Scientifique	pages 481-482
5595 - Proposition de révision de l'article 10 de la Constitution et	
5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1 ^{er} de la Constitution	pages 482-489
5731 - Projet de loi relatif à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement et	
5735 - Projet de loi portant approbation du Protocole à la Convention sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, relatif à l'évaluation stratégique environnementale, fait à Kiev (Ukraine), le 21 mai 2003	pages 489-492
5826 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux de renouvellement des infrastructures d'élimination des déchets ménagers et assimilés du SIDOR	pages 492-494
